n°10A/2025








# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 5.12.2025

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Loullingen,
conseillère LSAP


Walter Berettini,
conseiller LSAP


Roby Goergen,
conseiller LSAP


Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP


Diogo Costa,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Claude Martini,
conseiller CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng


Marc Meyer,
conseiller DP


Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR


Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: C. Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°10A/2025 - Parution: février 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 4

**1. Correspondance** **7**

**2. Finances** **7**

2.1. Présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2025 et du budget initial de l'exercice 2026
2.2. Approbation de la convention avec Mesdames Patricia Terreri, Marie-Rose Frantz-Terreri et Christiane Stutz-Terreri concernant des projets de protection de la nature
2.3. Approbation du 1er avenant au contrat de louage avec le Corps grand-ducal d'incendie et de secours CGDIS portant mise à disposition de biens immeubles au Centre d'Incendie et de Secours de Dudelange
2.4. Acquisition d'une emprise – approbation d'un acte de vente notarié avec le consorts Reuter au sujet d'une parcelle de terrain sise rue Tattenberg
2.5. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la chaudière au restaurant Parc Le'h
2.6. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement des plafonds et à l'installation d'une extraction à la maison relais Strutzbierg
2.7. Approbation du devis estimatif relatif au compartimentage des cages d'escaliers à l'école Deich
2.8. Approbation du devis estimatif relatif à la pose d'un vitrage de sécurité sur le guichet de l'accueil à l'Hôtel de Ville
2.9. Approbation du devis remanié relatif au raclage et à la réfection de diverses rues
2.10. Approbation du devis remanié relatif à la démolition et la construction de l'asile pour animaux, sis 45, rue de la Forêt
2.11. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement de deux locaux de l'Ecole régionale de musique au Centre culturel régional
2.12. Allocation de subsides extraordinaires

**3. Enseignement musical** **39**

Approbation de l'organisation scolaire de l'enseignement musical pour l'année scolaire 2025-2026 – 2e délibération

**4. Office social** **43**

Présentation du rapport d'activité de l'exercice 2024 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2025 et du budget initial de l'exercice 2026

**5. Nucléaire et énergies renouvelables** **53**

Résolution relative à la sortie du nucléaire et au développement des énergies renouvelables

**6. Personnel** **58**

Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique (gestion et maintien du patrimoine – travaux publics)

**7. Questions au collège des bourgmestre et échevins** **59**

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception des points numéros 5 et 6 de l'ordre du jour), échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Messieurs Walter Berettini (à l'exception du point numéro 2.5 de l'ordre du jour), Diogo Costa (à l'exception des points numéro 2.4 et 2.5 de l'ordre du jour) ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler (à l'exception du point numéro 2.2 de l'ordre du jour), Roby Goergen (à l'exception du point numéro 2.2 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo (à l'exception du point numéro 2.2 de l'ordre du jour) ; Monsieur Yves Steffen (à l'exception du point numéro 2.7 de l'ordre du jour) ; Madame Carole Thoma, (à l'exception du point numéro 2.4 de l'ordre du jour) conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.

**1 – Correspondance**

Il n'y a pas de correspondance à l'attention du conseil communal.

**2 – Finances**

Le conseil communal approuve unanimement toutes les décisions suivantes inscrites au point numéro 2 de l'ordre du jour – Finances, à l'exception toutefois du point numéro 2.10.

2.1 Budget rectifié de l'exercice 2025 et du budget initial de l'exercice 2026 - Les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2025 et le projet de budget de l'exercice 2026. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du conseil communal du 12 décembre 2025. Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date.Les deux tableaux synthétiques (Tableau « A » et Tableau « B » à la page 6, issus du document budgétaire) permettent de visualiser l'évolution du budget rectifié de l'exercice 2025 par rapport aux prévisions budgétaires initiales et des prévisions budgétaires de l'exercice 2026 par rapport au budget rectifié 2025.

2.2 la convention du 21 novembre 2025 avec Mesdames Patricia Terreri, Marie-Rose Frantz-Terreri et Christiane Stutz-Terreri, autorisant la Ville de Dudelange à planter et entretenir 12 arbres fruitiers et à installer une clôture de pâturage sur un terrain au lieu-dit « Im Wald ». Le projet, mis en oeuvre par le SICONA Sud-Ouest, vise à préserver la faune et la flore, à mettre en réseau les habitats et améliorer le paysage, et bénéficie d'un cofinancement de 90 % via le Fonds pour la protection de l'environnement. Les crédits nécessaires sont prévus dans le budget communal 2025 et le projet de budget 2026 ;

2.3 le 1er avenant du 27 novembre 2025au contrat de louage conclu avec le Corps grand-ducal d'incendie et de secours CGDIS pour la mise à disposition de biens immeubles du Centre d'Incendie et de Secours de Dudelange. Cet avenant adapte le contrat initial de 2020 afin de tenir compte de travaux de rénovation, de l'aménagement d'une buanderie et de la réorganisation des emplacements de stationnement au garage communal ;

2.4 l'acte de vente notarié avec les consorts Reuter au sujet de l'acquisition de deux emprises sises rue Tattenberg ;

2.5 le devis du 17 novembre 2025 du service Technique du bâtiment, d'un montant de 40'000,- € ttc, relatif au remplacement de la chaudière du restaurant Parc Lé'h. Cette décision est motivée par la vétusté de l'installation existante et vise à améliorer la fiabilité, la performance énergétique, la sécurité et le confort. Les crédits nécessaires sont prévus au budget communal extraordinaire de l'exercice 2026 ;

2.6 le devis du service Entretien des bâtiments communaux, d'un montant de 70'000,- € ttc, relatif au renouvellement des plafonds et à l'installation d'une extraction à la maison relais Strutzbierg. Les travaux visent à remédier aux dégâts causés par l'humidité et à équiper la cantine d'une extraction adaptée. Les crédits nécessaires sont prévus au budget communal extraordinaire de l'exercice 2026 ;

2.7 le devis du service Entretien des bâtiments communaux, d'un montant de 100'000,- € ttc, relatif au compartimentage des cages d'escaliers de l'école Deich Les travaux visent à améliorer la sécurité incendie et à garantir l'évacuation conforme des étages. Les crédits nécessaires sont prévus au budget communal extraordinaire de l'exercice 2026 ;

2.8 le devis du service Entretien des bâtiments communaux, d'un montant de 12'000,- € ttc, relatif à la pose d'un vitrage de sécurité au guichet de l'accueil de l'Hôtel de Ville. Cette mesure vise à améliorer les conditions de travail et de sécurité. Les crédits nécessaires sont prévus au budget communal extraordinaire de l'exercice 2026 ;

2.9 le devis remanié du 3 novembre 2025, d'un montant de 735'000,- € ttc, relatif au raclage et à la réfection de diverses rues à Dudelange. Cette adaptation tient compte de l'avancement des travaux (85 % réalisés) ainsi que de la révision des prix liée à l'évolution des coûts des matériaux et de la main-d'oeuvre. Les crédits nécessaires sont disponibles au budget communal extraordinaire de l'exercice 2025 ;

2.10 par 14 voix pour (LSAP, Déi Gréng, ADR, DP) et 5 voix contre (CSV, Déi Lénk), le devis remanié du 11 novembre 2025, d'un montant de 8'810'000,- € ttc, relatif à la démolition et à la construction de l'asile pour animaux, sis 45, rue de la Forêt à Dudelange. Cette révision du devis, initialement approuvé en 2021, est rendue nécessaire par la hausse significative des coûts des matériaux et des ser-

vices, liée au contexte économique et aux perturbations des chaînes d'approvisionnement, afin de garantir la réalisation du projet conformément aux exigences techniques, sécuritaires et environnementales ;

2.11 le devis du 14 novembre 2025 établi par le bureau carvalhoarchitects s.à r.l., d'un montant de 80'000,- € ttc, relatif au réaménagement de deux locaux de l'Ecole régionale de musique au Centre culturel. Les travaux visent à créer des postes de travail supplémentaires ainsi qu'un guichet d'accueil, afin d'améliorer l'accueil des parents et les conditions de travail. Les crédits nécessaires sont prévus au budget communal extraordinaire de l'exercice 2026 ;

2.12 l'allocation des subsides extraordinaires suivants : 2'692,64- € au groupe de scouts/guides « les peaux rouges » - FNEL - Dudelange a.s.b.l. dans le cadre de la rénovation du home « Um Roudebierg » ; 5'364,- € à l'association Amicale des Enrôlés de Force dans le cadre de la prise en charge des frais émanant des ouvertures du musée pour l'année 2026.

**3 – École régionale de musique de la Ville de Dudelange**

Unanimement est approuvée l'organisation scolaire en 2e délibération et détaillée de l'année scolaire 2025/2026 de l'école régionale de musique de Dudelange. Ci-après quelques chiffres clefs : 1'225 élèves inscrits dans des cours individuels, 1'415 élèves inscrits dans des cours collectifs, 378 cours de musique de chambre et ensembles, 63 enseignants. Les cours sont dispensés à Dudelange, Bettembourg, Roeser, Weiler-la-Tour et Kayl/Tétange.

**4 – Office social**

Après la présentation du rapport d'activité de l'exercice 2024, le conseil communal avalise avec toutes les voix le budget rectifié de l'exercice 2025 et le budget initial de l'exercice 2026 de l'Office social de Dudelange.

**5 – Résolution relative à la sortie du nucléaire et au développement des énergies renouvelables**

Le conseil communal adopte à l'unanimité la résolution réaffirmant sa ferme opposition à l'énergie nucléaire et, en particulier, à toute prolongation de la durée de vie de la centrale nucléaire de Cattenom ainsi qu'à la construction de nouvelles unités nucléaires dans les pays voisins.

Le conseil communal rappelle que cette position s'inscrit dans la continuité historique des engagements de la Ville, depuis 1979, pour protéger la santé publique, la sécurité des citoyens et l'environnement, en contestant juridiquement et politiquement les autorisations et activités liées à la centrale.

Les motifs avancés incluent : les risques technologiques majeurs liés au vieillissement des réacteurs et à la corrosion sous contrainte, non résolus à ce jour, les accidents graves passés (Three Mile Island, Tchernobyl, Fukushima) et la difficulté de garantir une sûreté absolue, les déchets radioactifs dont la gestion sûre et définitive n'est pas assurée, transférant des risques et coûts aux générations futures, les effets du changement climatique, qui aggravent les difficultés de refroidissement des réacteurs et les risques pour les écosystèmes aquatiques et les coûts financiers considérables mobilisés par le nucléaire, qui pourraient être affectés à des solutions énergétiques durables et renouvelables.

Le conseil communal souligne également que la prolongation de Cattenom n'a pas fait l'objet d'une étude d'impact environnemental transfrontalière, contrairement aux obligations internationales et au principe de coopération entre États voisins. Il rappelle l'importance d'une coopération transfrontalière renforcée avec les communes allemandes et luxembourgeoises dans l'Alliance contre l'énergie nucléaire.

Enfin, le conseil communal décide de soutenir le développement des énergies renouvelables locales (solaire, éolien, biogaz, géothermie, réseaux de chaleur, électromobilité) et l'efficacité énergétique, de participer activement aux consultations publiques et recours juridiques liés à Cattenom, d'informer et de sensibiliser la population sur les risques nucléaires et les alternatives énergétiques et de mandater le bourgmestre ou son délégué pour représenter la Ville dans les dialogues avec les autorités nationales, européennes et au sein de l'Alliance des communes.

Cette résolution affirme clairement que la politique énergétique du Luxembourg doit être guidée par la précaution, la durabilité et la justice intergénérationnelle, en s'éloignant de toute dépendance au nucléaire et en favorisant une transition énergétique sécurisée et respectueuse du climat

**6 – Personnel**

Le conseil communal marque unanimement son accord à la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, dans la fonction du technicien, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique pour les besoins du département technique, service gestion et maintien du patrimoine, travaux publics.

**7 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins : Déi Gréng – extension de la ligne ferroviaire Bettembourg – Volmerange-les-Mines ; Déi Lénk – commission des loyers ; Déi Lénk – langue véhiculaire utilisée notamment dans les séances du conseil communal et dans les rapports ; Déi Lénk – législation sur les marchés publics ; LSAP – implantation et avenir d'un Centre des Jeunes dans le cadre du projet NeiSchmelz.

Conformément aux dispositions de la loi communale modifiée, le collège des bourgmestre et échevins décide de répondre par écrit aux questions posées dans un délai d'un mois à compter de leur dépôt.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

# TABLEAU « A »

## RECAPITULATIF DU BUDGET RECTIFIE DE L'EXERCICE 2025

### - Budget initial 2026 comparé au Budget rectifié 2025 -

| | Budget initial 2025 | | Budget rectifié 2025 | |
|---|---|---|---|---|
| | ordinaire | Extraordinaire | ordinaire | extraordinaire |
| total des recettes | 151.649.830,00 | 45.929.487,00 | 156.913.346,47 | 46.643.317,46 |
| total des dépenses | 144.482.203,88 | 56.871.339,77 | 147.257.865,44 | 53.871.411,29 |
| boni propre à l'exercice | 7.167.626,12 | | 9.655.481,03 | |
| mali propre à l'exercice | | 10.941.852,77 | | 7.228.093,83 |
| boni budget rectifié / compte 2024 | 7.295.992,08 | | 11.929.666,88 | |
| mali budget rectifié / compte 2024 | | | | 0,00 |
| boni général | 14.463.618,20 | | 21.585.147,91 | |
| mali général | | 10.941.852,77 | | 7.228.093,83 |
| transfert ordinaire – extraordinaire | -10.941.852,77 | 10.941.852,77 | -7.228.093,83 | 7.228.093,83 |
| boni définitif | 3.521.765,43 | | 14.357.054,08 | |
| mali définitif | | | | |

| Service ordinaire<br>Δ entre Initial 2025 et Rectifié 2026 | | |
|---|---|---|
| | Δ en montant | Δ en % |
| recettes ordinaires | 5.263.516,47 | 3,47% |
| dépenses ordinaires | 2.775.661,56 | 1,92% |
| impact sur le boni propre à l'exercice | 2.487.854,91 | 34,71% |

**Remarque R2025:**

Recettes ordinaires:
3.016.046,04 Restitution du fonds de péréquation

Dépenses ordinaires:
3.000.000,00 Dotation fonds de réserve
2.165.410,00 Transfert des cautions vers compte auxiliaire

# TABLEAU « B »

## RECAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2026

### - Budget rectifié 2025 comparé au Budget initial 2026 -

| | Budget rectifié 2025 | | Budget initial 2026 | |
|---|---|---|---|---|
| | ordinaire | extraordinaire | ordinaire | extraordinaire |
| total des recettes | 156.913.346,47 | 46.643.317,46 | 159.002.982,16 | 43.177.596,31 |
| total des dépenses | 147.257.865,44 | 53.871.411,29 | 154.104.848,60 | 59.280.379,24 |
| boni propre à l'exercice | 9.655.481,03 | | 4.898.133,56 | |
| mali propre à l'exercice | | 7.228.093,83 | | 16.102.782,93 |
| boni compte 2024 / rectifié 2025 | 11.929.666,88 | | 14.357.054,08 | |
| mali compte 2024 / rectifié 2025 | | | | |
| boni général | 21.585.147,91 | | 19.255.187,64 | |
| mali général | | 7.228.093,83 | | 16.102.782,93 |
| transfert ordinaire – extraordinaire | -7.228.093,83 | 7.228.093,83 | -16.102.782,93 | 16.102.782,93 |
| boni définitif | 14.357.054,08 | | 3.152.404,71 | |
| mali définitif | | | | |

| Service ordinaire<br>Δ entre Rectifié 2025 et Initial 2026 | | |
|---|---|---|
| | Δ en montant | Δ en % |
| recettes ordinaires | 2.089.635,69 | 1,33% |
| dépenses ordinaires | 6.846.983,16 | 4,65% |
| impact sur le boni propre à l'exercice | -4.757.347,47 | -49,27% |

**Remarque R2025:**

Recettes ordinaires:
3.016.046,04 Restitution du fonds de péréquation

Dépenses ordinaires:
3.000.000,00 Dotation fonds de réserve
2.165.410,00 Transfert des cautions vers compte auxiliaire

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 5.12.2025



## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et ass pünktlech aacht Auer. Ech begréissen Iech hei an dëser Gemengerotssitzung, wou et ëm d'Presentatioun vum Budget rectifié 2025 a vum Initial 2026 geet. Ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press an och d'Mataarbechterinnen an der Mataarbechter vun eise Servicer. Ech mengen Dir wësst, dass den Dag vun haut, do geet et wéi gesot ëm d'Presentatioun vum Rectifié 2025 a vum Initial 2026 hei vum Schäfferot. Dann duerno den normalen Ordre du jour an dann, wéi gesot, d'nächst Woch, den nächste Freideg ass dann d'Stellungnam, d'Diskussioun vun de Gemengerotsmemberen, vun de Conseillere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun an da schlussendlech de Vott. Also zwee gutt gefëllte Freideger, déi eis hei als Diddelenger Gemengerot beschäftege wäerten.

## 2. FINANCES

**2.1. Presentatioun an Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2025 a vum Budget initial vum Exercice 2026**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, ech géif dann ufänke mat der Presentatioun ronderëm de Budget. Zu Ärer Dispositioun als Gemengerotsmemberen, do stinn d'Circulaire budgétaire, d'Budgetsdokument en tant que tel an och de Rapport vun der Finanzkommissioun vum 1. Dezember. An Dir gesitt och, dass mer eng Powerpoint-Presentatioun, wéi och all déi lescht Jore gemaach hunn, fir dat natierlech och nach besser ze veranschaulechen. Virop wéilt ech awer eisem Comptabel, dem Pascal Poull a sengem Service, senger ganzer Ekipp Merci soe fir déi ganz Viraarbecht hei ronderëm de Budget. Et ware wéi gewinnt intensiv Wochen, fir de Budget opzestellen an et ass ëmmer erëm eng Erausfuerderung. An e Merci geet awer och un eis verschidde Gemengeservicer a Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi eis bei der Opstellung vum Budget begleet hunn an och beroden hunn.

D'Circulaire budgétaire vum Oktober 2025 fir d'Joer 2026 gëtt eis eng Rei Virgaben a bezitt sech natierlech op de Staatskont vum Joer 2024, mat emol méi héich an emol manner Variatioune wat d'Gewerbesteier an de Fonds de dotation globale des communes ugeet. A fir eise Budget hu mer eis natierlech un déi dote Virgabe gehalen, bei der Gewerbesteier am Rectifié ass et 10,6 %. Am Initial 2026 ass et 12,4 % par rapport zum Kont 2024 a beim FDGC ass et am Rectifié 2,7 % a beim Initial 7,2 % och all Kéiers beim Kont 2024.Den nationale Kader, Dir wësst et, an deem sech Lëtzebuerg an och déi honnert Gemenge beweegen, bon, dee bleift ugespaant. D'ekonomesch an d'budgetär Perspektiven zu Lëtzebuerg bleiwen onsécher an och fragil.
Et ginn, an dat wësst Der och, wirtschaftlech a geopolitesch Tensiounen, sief et nach duerch den unhalende Krich an der Ukrain an awer och ronderëm d'Zolltariffer zwëschent Amerika an der Europäescher Unioun, trotz Accord.

An zu Lëtzebuerg, laut de leschte Perspektiven, respektiv Propose vum Statec, mee net nëmme vum Statec, läit de Wuesstem fir 2026 bei 2 %. De Chômage, dee pendelt sech bei 6 % an. Den Emploi wiisst moderat 1,5 %. D'Energiepräisser, dat hutt Der matkritt, déi ginn 2026 erof. Et fält eng Indextranche am drëtten, véierten Trimester 2026. D'Logementsproblematik bleift bestoen, d'Reprise am Bausecteur bleift net evident, d'Kafkraaft geet liicht erop an d'Inegalitéiten an den Aarmutsrisiko bleiwe bestoen, virun allem bei de Kanner. An dat weist jo och de leschte Rapport Travail et cohésion sociale, deen de Statec presentéiert huet. Dat sommairement als Toile de fond. An duerfir bleift et och wichteg, dass mer als Gemeng antizyklesch handelen an dat maache mer och weider, wéi och déi Jore virdru. Beduecht, mee entscheedend a weeweisend.

De Budget rectifié vu 2025, wat sinn do d'Eckdaten? Wann ee gesäit am Ordinaire hu mer Recettë vun 156.913.346,47. Mir hunn Depensë vun 147.257.865,44. Dat gëtt eis ee Boni vun 9.655.481,08. D'Recetten am Extraordinaire 46.643.317,46 an d'Depensen 53.871.411,29. Dat gëtt eis e Mali vu 7.228.093,83. Mir hu jo am Fong de Boni vum Kont 2024. Dat sinn 11.929.666,88. Wa mer do de Mali dovunner ofzéien, da komme mer op en definitive Boni vu 14.357.054,08. Dat ass e Plus vun 11,3 Milliounen Euro par rapport zum Boni, dee mer am Initial haten. An deen hutt Der och virun Iech leien, dat sinn déi 3.521.765,43. Wat fënnt een elo am Budget rectifié erëm? Wëssend, dass mer natierlech schonn deen heite Boni och, deen definitive Boni vun deene 14,3 Milliounen an natierlech am Initial 2026 eriwwerhuelen. Wat fanne mer am Rectifié 2025 erëm? Klassesch, de Restanten, dat sinn déi ronn 569.000 Euro, déi mer am Rectifié erëmfannen. Am Rectifié 2024 waren et nach 744.483. Also ass et zimmlech vill erofgaangen. Mir haten et jo och hei am Gemengerot. De Montant vun de Schëldner vis-à-vis vun der Gemeng hëlt also of. Dat ass positiv. Et ass an et bleift eng Recette, déi opsteet an déi de Receveur och weider, nodeems den Aval hei vum Gemengerot kritt huet, och deementspriechend muss andreiwen. D'Gewerbesteier beleeft sech op 2,7 Milliounen. Den FDGC op 96,8. An den Impôt foncier op 1,1.

Souwuel am Rectifié 2025 als Recette an awer och als Depense, ass comptabelméisseg eng Nulloperatioun. Dir wësst, dass de Fonds de péréquation conjonctural ofgeschaf gouf duerch d'Gesetz, dat mer an der Chamber gestëmmt hunn. An effektiv déi 3 Milliounen huele mer op als

Recette an awer och als Depense a gi se weider klassesch an eis Reserv. Soudass déi generell eebe bei 9 Millioune bleift. Soss um Niveau vun de Recettë bleiwen d'Contributioune vum Staat bei Fonctionnementsfraise ronderëm Maison relais, Crèche an och deementspriechend Musekschoul. Bei den Depensen, am September hate mer keng Liste modificative. A mir haten am Initial fir d'Festivitéite ronderëm den Trounwiessel e Montant agesat an hei gestëmmt vun enger hallwer Millioun. Am Rectifié fannt Der déi 325.000 Euro erëm. Wéi gesot, dat ass och en neie Moment gewiescht par rapport zum leschte Joer. D'Annuitéiten am Rectifié 2025 belafe sech op 7,1 Milliounen Euro. Am Initial hate mer der 8,5 Milliounen, dat heescht 1,4 Milliounen Euro manner.

Firwat ginn déi erof? Majo dat ass am Fong, well d'finanziell Belaaschtung generell erofgeet, well mer 2025 statt de 25 Milliounen Emprunt  nëmmen 20 Milliounen Emprunt gebraucht hunn. A well mer jo och am Joer 2024 och just en Emprunt opgeholl hu vun 20 Milliounen Euro statt den initial theoretesch geplangten 43 Milliounen Euro. Am ordinäre Beräich ginn also d'Recetten ëm 3,47 % erop an d'Depensen ëm 1,92%. An Extraordinaire, do hu mer um Niveau vun de Recetten deen Emprunt vun deenen 20 Milliounen drastoen, statt deene 25. An natierlech, nieft dem Emprunt, déi staatlech Subside ronderëm d'Projeten, déi och effektiv mat Contributioune vum Staat gebonne sinn.
Awer natierlech, wéi gesot, och Verschibunge par rapport zu den Ausschreiwunge respektiv och zum initiale Rectifié. Dat fënnt een och an den Depensen erëm.

Depensen. Wéi gesot, am Extraordinaire, déi Projeten, déi komme prinzipiell gutt virun. Mir hunn e puer Reporten. Mir hunn d'Bogenhalle, 300.000 Euro, déi mer agesat hunn, och am Rectifié, well déi am Initial net virgesi war. A generell schléisse mer de Budget rectifié 2025 mat engem Boni also vu 14,3 Milliounen of. Dat ass, wéi gesot, eng positiv Ausgangsbasis fir den Initial 2026. Generell ass et och gutt par rapport zum Boni consolidé. An deene leschten dräi Joer ass de consolidéierte Boni geklommen, deen huet zougeholl. An dat ass, mengen ech, net onwichteg, wann een all Kéiers och de Budget N+1 plangt. Wann ech et op den Initial 2026 aginn, an do kann ee vläicht eng Kéier zréckgoen, dass een de Budget 25 visualiséiere kann.

Do gesitt Der am Niveau vun de Recetten am ordinäre Beräich, do hu mer 159.002.982,16. An den Depensen, do hu mer 154.104.848,6. Dat gëtt eis e Boni am ordinäre Beräich vu  4.898.133,56. D'Recetten, dat sinn 43.177.596,31 am extraordinäre Beräich. An d'Depensen, 59.280.379,24. Well mer do effektiv dann och de Boni vum Joer 2025 am Rectifié mat eriwwerhuelen an och dann de Mali ofzéie vun deene 16,1 Milliounen, da komme mer op en definitiven initiale Boni fir d'Joer 2026 vun 3.152.404,71.

Wat ass de Budget 2026? De Budget, deen hei de Schäfferot presentéiert, deen dës Majoritéit presentéiert, ass e Budget vun der Proximitéit a vun der sozialer Kohäsioun. Et ass e Budget fir d'Leit, e Budget fir d'Diddelenger Biergerinnen a Bierger generatiounsiwwergräifend. D'Gemeng ass am Alldag mat hiren ëffentleche Servicer an hirer Qualitéit present. Mee et geet och ëm d'Infrastrukturen, déi d'Leit am Alldag virun allem benotzen. Diddeleng entwéckelt sech weider, bleift net stoen, bleift dynamesch a verschreift sech kengem Stëllstand. An de Wandel vun Diddeleng vollzitt sech also weider. An dëse Budget dréit deemno och de groussen Erausfuerderunge Rechnung mat engem dach resolutten Invest an Infrastrukturen, déi engersäits dréngend gebraucht ginn an anerersäits déi Infrastrukturen, déi stänneg beusprocht ginn. Et ass e Budget, dee sech also resolut och un de Besoine vun haut muer an iwwermuer orientéiert. Diddeleng soll progressiv an innovativ bleiwen. An do gëllt et Léisungen ze fannen. An do setzt de Budget och un.

Proximitéit heescht fir eis Gemeng, Déngschter, déi no um Bierger sinn, zougänglech ze halen. Dat ass eeben d'Notioun vum Service public, an och dat als Verwaltung. Mee et och an der Planung duerchzezéien. Dofir läit d'Prioritéit vum Invest och op dat Noutwendegst, keen Nice-to-have. Mat ganz iwwerluechten a vernënftege Choixen, mat engem Fokus ëmmer erëm op d'Finanzsituatioun, engersäits antizyklesch handelen, anerersäits d'Finanzen definitiv samt hiren Impakt ronderëm eis Finanzkraaft net aus den Ae verléieren. An och do eng virsiichteg Finanzgestioun. A mir sinn hei zu Lëtzebuerg respektiv an de Gemengen hei zu Lëtzebuerg net esou wéi an engem rezenten Artikel, deen ech virun dräi Deeg an enger belscher Zeitung am Echo konnt liesen. Dee seet « Les communes wallonnes - bombe à retardement pour les finances belges. Les communes wallonnes vont-elles ébranler les finances de la Belgique? » Do gëtt vun engem Plan d'urgence geschwat. Do gëtt geschwat vu Gemengen, déi ënner Perfusioun sinn. Et gëtt geschwat vun enger Descente aux enfers. Et gëtt geschwat vun engem Plan oxygène. An et gëtt dovunner geschwat, dass de soziale Kontrakt, deen d'Gemenge mat de Biergerinnen a Bierger hunn an och mam private Secteur um Niveau vun den Invester hunn, dass deen deementspriechend à risque ass.

Wann een effektiv d'Zuele kuckt am Kader vun der Circulaire an och déi Invester, déi generell d'Gemengen tätegen, si mer hei zu Lëtzebuerg respektiv hei zu Diddeleng net. A mir wäerten dofir och de Proximitéitsgedanken an déi sozial Kohäsioun och deementspriechend héichhalen. Kee Réckgang, am Géigendeel. Investitiounen op deene Plazen, wou d'Bierger an hirem Alldag domat befaasst sinn, déi effektiv och zu enger weiderer gudder Liewensqualitéit bäidroen, déi wäerte mer do tätegen. An d'Bestriewung ass am Fong déi, dass mer eng ganz modern, zougänglech a mënschlech Gemeng bleiwen. Also e Budget vun der Proximitéit an e Budget fir d'Leit. A wat fënnt een deementspriechend an deem Budget 2026 erëm? Bon, engersäits natierlech eis Reserven, ech hunn et virdru gesot, vu ronn 9,5 Milliounen Euro. Déi wäerte mer 2026 weider net untaaschten. Déi Mouk ass wichteg, déi Mouk bleift. Am ordinäre Beräich: staatlech Dotatiounen, d'Gewerbesteier 2,7 Milliounen Euro, den Impôt foncier 1,1 Millioun an den FDGC 101,1 Millioun Euro. Da sinn d'Gemengentaxen an d'staatlech Contributiounen. Wéi gesot, déi maachen insgesamt 34 % aus. Dat, wat ech virdru gesot hunn, mécht 66 % aus. Bei der Gewerbesteier, beim ICC, hu mer, ech hat dat virdru vergiess ze soen, souwuel am Rectifié wéi och am Initial 200.000 Euro manner dra gesat als Principe

de prudence. Eebe well bei der Gewerbesteier ëmmer eng gewësse Volatilitéit ass. A wat d'Gemengentaxen am Joer 2026 ugeet, wäert keng Erhéijung stattfannen.

Wat mer awer och an de Recetten erëmfannen, ass eng liicht Hausse vun de staatleche Kontributioune ronderëm déi Déngschtleeschtungen, déi mer fir de Staat maachen. Bei den extraordinäre Recetten zu den 43,1 Milliounen Euro, do gehéieren, wéi gesot, engersäits déi staatlech Subsiden zu de liéierte Projete ronderëm Schoul, Crèche, Maison relais, also Kannerbetreiung, Logement, Sport, Ëmweltberäich. Wéi gesot, dat ass dee Volet. An dann en Emprunt, emol viraussiichtlech, theoreetesch 27 Milliounen hu mer ageschriwwen. Ob mer se brauchen, dat gesi mer ganz kloer nom definitive Kont vum Joer 2025. Wéi gesot, meng éischt Remark ass, dass jo d'Gesamtschold op den 31.12.2026, wa mer déi Emprunte géifen zéien, sech op 110 Millioune géif bezéien. Mee dat ass reng theoreetesch. Si hätten och sollten, wéi mer den Initial 2025 presentéiert hunn, op den 31.12.2025 bei 100 Milliounen Euro leien, wou et finalement bei 90,5 Milliounen ass, well mer eebe manner Emprunte gezunn hunn 2024 wéi och 2025, wéi dat wat initial virgesi war. Dat ass meng éischt Remark.

Meng zweet Remark ass, ech schléisse mech och generell, an dat mierke mer och hei zu Diddeleng, wéi och an deenen anere Gespréicher, déi mer mat anere Kolleegen. Buergermeeschteren hunn, de Remarke vum Syvicol ronderëm d'Gemengefinanzen an d'Opstellung vun de Budgete ronderëm d'staatlech Subsiden un. Mir ginn eis net midd als Vertrieder vum Gemengesecteur ronderëm d'staatlech Subsiden, mir ginn eis net midd ze betounen a gebetsmühlenaarteg ze ënnersträichen, wéi wichteg dass et ass, dass de Staat net nëmmen éischtens d'Héicht vun de Subsiden un d'Deierecht upasst, deemno och un d'Realitéit adaptéiert par rapport zu senge Montanten an zu sengen Tauxen, mee och eng Harmoniséierung bei dem Ausbezuele vun de Subsiden, vun de Ministèrë wichteg ass, fir och de Gemengen ëmmer erëm och déi néideg Liquiditéiten ze garantéiere bei den Invester an Infrastrukturprojeten, déi se tätegen.

An déi drëtt Remark, den Emprunt ass ëmmer och en lien mam Investvolumen, deen ee mécht. Ech kommen och duerno dorop zréck. D'Depensen am ordinäre Beräich, fir kuerz dorop anzegoen. Engersäits eis Contributioun am Kader vum Fonds pour l'emploi, gesetzlech jo nei gereegelt ginn, sougenannten Impôt de solidarité, dee mer bezuelen. Dee schléit mat 369.000 Euro zu Buch. Do fannt Der jo och dee ganze savanten Rechemodus an der Circulaire budgétaire. Dann eis Contributioun zur ziviller Sécherheet, dem CGDIS, déi gëtt jo och no engem neie Rechenmodus festgehalen. Do bezuele mer 416.385 Euro, och an der Circulaire, do gëtt drop higewisen. Dann d'Ausbezuele vun eisem Congé politique un eis Diddelenger Gewielten. Dat si 594.000 Euro. A wéi gesot, mam theoreteschen Emprunt vu 27 Millioune schreiwe mer och eng hallef Annuitéit an, och esou wéi d'Virgabe vun der Circulaire budgétaire sinn. Deemno belafe sech eis Gesamtannuitéiten op 8,7 Milliounen Euro. Si sollte schonn am Initial 2025, iwwer 8 Millioune sinn, si schlussendlech op 7 Milliounen zréckgefall, wéi gesot, well mer manner Emprunte gezunn hunn, wéi virgesi war.

A fir 2026 beleeft sech de Ratio, de Rapport tëschent den Annuitéiten an denen ordinäre Recettë ronderëm 5,5 %. Mir leien also gutt ënnert de virgeschriwwene 15 %. Och a puncto Solidaritéit behale mer eis Ausgabe bäi. Sief et bei der internationaler Solidaritéit ronderëm eis Demandeurs de protection internationale ronderëm d'DPIen, ronderëm d'Flüchtlingen aus der Ukrain an Zesummenaarbecht mam ONA. Sief et awer och bei der lokaler Solidaritéit ronderëm d'Allocation de vie chère 1,5 Milliounen. A awer och d'Ausféierung vun engem Punkt aus eisem Plan local Santé, dee mer jo och hei am Gemengerot presentéiert haten.

En neie Projet, mat enger Depense vu 60.000 Euro, eng weider Sozialausgab, am soziale Beräich ofgewéckelt, och mam Office social. Dass am Fong all Menage, wou d'Allocation de vie chère kritt an déi e Kand hunn, dat an engem federéierte Sportsveräin ass, kritt 150 Euro, wéi gesot, pro Kand, pro Stot, fir grad eeben de vulnerabele Stéit kënnen hei ënnert d'Äerm ze gräifen, eeben och well déi gewësse Kanneraarmut och ass. An ech mengen, dass dat och ganz kloert soziaalt Zeechen ass, an ech mengen d'Kolleegen hei am Schäfferot wäerten herno méi am Detail nach kënnen drop agoen.

Dann d'Invest weider an den Diddelenger Commerce. Mat eisem neie City Manager wäerte mer och eis Efforte weiderféiere fir d'Geschäftswelt, eise Stadkär weider ze ënnerstëtzen. D'Attraktivitéit iwwer Standuertspolitik bleift weider am Fokus a mir wäerten och do weider kollektiv Initiativen, déi eis Geschäftsleit huele ronderëm d'lokal ekonomesch Kohäsioun, déi wëll gestäerkt ginn, déi wäerte mer och weider matdroen, respektiv awer och d'Resilienz an d'Professionalisatioun vun der Geschäftswelt ronderëm och d'urban Identitéit. Dofir behale mer och déi 120.000 Euro bäi. An an deem Kader bleift och de Geschäftsverband eise privilegiéierte Partner.

D'Chaire fir Geschichts- a Migratiounsfuerschung, déi jo 2025 ugelaf ass, 2026 wäerten eng Rei Publikatiounen, wëssenschaftlech Publikatiounen erauskommen, ënner anerem och iwwer Diddeleng. Do wäerten och Eventer hei zu Diddeleng stattfannen. An och elo scho kann een am Centre Doc eng Ausstellung gesinn iwwert d'Ostarbeiterinnen, e Bestanddeel also och vun eiser Chaire. An och do behale mer eis 200.000 Euro, wéi gesot, bäi.

2026 wäerte mer och eise Plan local de sécurité virstellen an der Sécherheetskommissioun an och hei am Gemengerot. An duerno an der Ëffentlechkeet an och an der Press. A wäerten natierlech och d'Police begleeden an hirer Evaluatioun ronderëm d'Asetze vun enger Unité de Police locale. De Plan local Santé, ech hat et virdrun ugeschwat, wou och scho Punkten 2025 ëmgesat goufen, wäert och 2026 weidergefouert ginn, an och dat mam Support vum Gesondheetsministère.

D'Stad Diddeleng ass och, ech mengen Dir wësst et, Arbeitgeber am ëffentleche Secteur. Mir sinn awer och Formateur. Aktuell schaffen 800 Leit fir d'Gemeng. 53 % Fraen, 47 % Männer. A mir bilden natierlech och Apprentien aus a ganz verschidde Beräicher. Dat ass eng Roll, déi mer als Gemeng bewosst a resolut anhuelen an och wouerhuelen. An et

bleift och eis Bestriewung e qualitativ gudden ëffentlechen Déngscht eisen Awunnerinnen an Awunner unzebidden. Dat maache mer och zesumme mat eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi och, wéi gesot, reegelméisseg a Formatioune ginn, fir och dat kënnen ëmzesetzen an och fir eis kënnen ze begleede vum administrative Projet zum politesche Projet. Dofir geet och d'Masse salariale 2026 ëm 5,5 Milliounen Euro erop, virun allem duerch d'Biennalen, duerch den Accord salarial an der Fonction publique, deen ausgehandelt gouf, duerch den neie Südaarbechterkollektivvertrag, dee mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn an och duerch d'Asetze vun enger Indextranche. Nei Poste belafe sech op 0,9 Milliounen Euro. Brutto leie mer also ëmmerhin, wéi och déi Jore virdru, bei 55-56 %, netto bei 40-41 %. Et goufen Zäiten do louche mer, wéi gesot, am Netto ronderëm 45 %. Mir behalen also weider hei de Fouss beim Mol, stäerken awer eis Servicer kloer weider. An och an deem Spektrum verlafen och eng Rei nei Initiativen, déi eisen Aarbechtspsycholog och geholl huet.

Wéi gesot, mir investéieren 2026 59,2 Milliounen am extraordinäre Beräich, wann ech elo op d'Invest- an Infrastrukturprojete kommen. Dovu sinn 3,9 Milliounen an nei Projeten. An anere Wierder 6,6 % fléissen an nei Projeten. Deemno 93,4 % a besteeënd Projeten. De Fokus läit also kloer op der Ëmsetzung a Fäerdegstellung vun entaméierten Infrastrukturprojeten a verschidde Beräicher. Wat sinn déi Beräicher? Bon, fir de Gemengerot an d'Ëffentlechkeet si et keng Onbekannter, well se vun hei aus schonn am Gemengerot de politeschen Aval kruten. Ech ginn eng Kéier kuerz drop an. Just fir awer ze soen, déi Invester déi mer tätegen, iwwergeeuerdent am Schoulberäich 9,3 Milliounen Euro. An der Kannerbetreiung, Maison relais, Crèche 3,6 Milliounen Euro. Am Logement abordable 6,6 Milliounen Euro. Am Ëmweltberäich 1 Millioun Euro. Am Sport 7,6 Milliounen Euro. Reamenagement vun der Butschebuerger Strooss 3,9 Milliounen Euro. NeiSchmelz 4,1 Milliounen Euro. Route de Thionville 0,7 Milliounen Euro. Dat e bëssen als klengen Tour d'horizon.

An déi Projete mengen ech, déi hei gestëmmt goufen an déi en cours sinn, fir se just ze ernimmen. Neibau ronderëm d'Schoul Balzeng an d'Renovatioun vum Brill, Crèche a Bëlleg. Logementsprojeten an der Rue Nic Bodry, an der Lëtzebuerger Strooss, an der Rue de la Paix, an der Rue des Champs. Dat si Projeten déi en cours sinn. D'Photovoltaikanlag um Centre sportif René Hartmann, de Sportkomplex Kennedy an d'Gradinen um Nosbam. Eise Gestion et maintien du patrimoine, deen am Fréijoer wäert ageweit ginn a wou ufanks dës Joers wäert den Demenagement stattfannen. An eist regionaalt Déierenasyl, dat och am Fréijoer 2026 wäert fäerdeg ginn. All dat si Projeten, déi sech der Proximitéit verschreiwen. An Dir wësst och, dass dës Projeten, wéi gesot, generatiounsiwwergräifend sinn, haut fir muer an iwwermuer.

Wann ech elo kuerz op meng Ressorten aginn, dat ass engersäits den Urbanismus. Do hu mer natierlech eng Rei Modifikatiounen um Niveau vum PAG gemaach. Dat gëtt weider ëmgesat ronderëm de Prinzip och vun den Tiny Haiser. Do wäerte mer eng Rei Projeten och nach am Laf vum Joer stëmmen, respektiv och eng Rei PAPen, déi ëmgesat wäerte ginn. Verschiddener, déi schonn an der Prozedur sinn. Anerer, déi an d'Prozedur kommen. D'Strategiepabeier Diddeleng 2035, wou mer finaliséieren, fir mengen ech laangfristeg, koordinéiert an iwwergräifend Planungssécherheet eis ze ginn a puncto Kannerbetreiung a Sportinfrastrukturen an och d'weider Ëmsetzung vum Plan Action Logement vum PAL Quartier NeiSchmelz, d'Sanéierungsaarbechten, déi komme gutt virun. Do hu mer och fir d'Planung 160.000 Euro agesat. Natierlech d'Reseausaarbechte gi weider. D'Planung awer och vun der Schoul 500.000. An natierlech och mat de staatleche Servicer, mat Bâtiments publics, plange mer weider ronderëm d'Policegebai a ronderëm d'Gebailechkeete vum Enseignement, vum Ministère de l'Éducation nationale a vum Finanzministère.

D'national Zonen och do an Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère, d'Entwécklung ronderëm Wolser a Koibestrachen, wou de Wirtschaftsministère Gestionnaire ass an och d'Acquisitioun gemaach huet vun enger ganz Rei Terrainen. 2026 wäerte mer och gemeinsam Reuniounen hu ronderëm eise gemeinsamen Zenter, CGDIS-Kategorie 4 Diddeleng-Beetebuerg beim Husky Wolser. De Projet ass op de Schinnen. D'Planung wäerte mer gemeinsam ugoen tëschent de politesche Responsabelen, de Professionellen, de Benevollen an den Amicallen. De Projet ass op der Schinn. A virun engem knappe Mount hate mer jo en exzellente Kickoff-Meeting och mat der nationaler Direktioun vum CGDIS an och mat der Süddirektioun.

Eis Gemengenatelieren, den Neibau, deen ass, dat hat ech virdru gesot, quasi fäerdeg, kann am Fréijoer ageweit ginn. An Ufank 2026 ass d'Gebai operationell. Eise Fuerpark op der Gemeng duerch den alldeeglechen Asaz muss och reegelméisseg ersat ginn. All Joers fënnt een hei och en Deel Budget erëm. Schléit mat 1 Millioun zu Buch. An dovu si 0,5 Milliounen, fir eisen neie Müllwon. Mir haten d'lescht Joer e Kredit agesat fir d'Ausschreiwung kënne virun ze dreiwen. Haut, wéi gesot, 2026 wäerte mer d'Acquisitioun maachen. E bësse méi kleng Projeten, déi awer och komme wäerten. Mir wäerten de Remanagement maache vun eisem Hochzäitssall, 75.000 Euro an och neie Mobilier. Ech mengen dat ass net onwichteg fir e wichtegen Dag am Liewe vun enger Koppel.

Am Guichet d'accueil, an der Receptioun vun der Entrée vun der Gemeng, maache mer e Vitrage de sécurité. Dëst leider, ech mengen dat musse mer maachen, well effektiv zimmlech reegelméisseg awer verbal an aggressiivt Verhale vu verschiddene Biergerinnen a Bierger vis-à-vis vun eisem Personal sinn. An dëst hëlleft hinnen, well grad si en première ligne sinn an oft déi éischt Ulafstell sinn an net solle weider de Blitzableiter a Fräiwëld si vu verschiddene Biergerinnen a Bierger. Dofir hu mer och hei de Kredit virgesi vun 12.000 Euro. Mir wäerten och am Laf vum Dag nach drop zréckkommen.

Dann e Masterplang entwéckele mer fir eise Site an der Rue de l'Abattoir, wou eis Gestion de Maintien du Patrimoine ass, de GMP, fir eng mëttel- a längerfristeg Entwécklung um Site vun der Rue de l'Abattoir. An och, mengen ech, ze kucke wéi mer eis Sitten opstellen, eis Servicer opstellen am Kader vun der Entwécklung vun NeiSchmelz, well och

do eise GMP sech virun nei Erausfuerderunge wäert deementspriechend stellen. Dat effektiv zu deene méi kleng Projeten.

Ofschléissend och nach e Punkt zu eise Gemengesyndikater. Déi schloen am ordinären an am extraordinäre Beräich mat 11,6 Milliounen zu Buch. De STEP eleng 7,7 Milliounen Euro. An och bei eise Gemengesyndikater ass et wichteg, d'Finanzen am Aen ze behalen, well se och eng gewëssen Eegendynamik hunn. A mengen ech, et ass awer och wichteg, dass hei och de Gemengerot e gewësse Contrôle behält an net effektiv, dass dat sech deementspriechend entwutscht. Mee, mengen ech, och hei d'Contributioun vun de Syndikater sinn och wichteg. Dat war et, wat mäin Deel ugeet iwwert déi generell Finanzsituatioun hei zu Diddeleng aus Helikoptervue an e bësse méi eng vertikal Approche. An ech ginn hei d'Wuert weider un d'Kolleege vum Schäfferot an hei dann den éischte Schäffen, de Loris Spina. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen, Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Fir d'éischt emol natierlech och vu menger Säit, dem Pascal Poull a sengem Service e grousse Merci an alleguerten deenen anere Servicer vun der Stad Diddeleng, déi hei zesummen un deem komplexen Dossier geschafft hunn, soudass mir et heibannen awer plus ou moins kloer duergestallt kréien.

Ech fänke ganz uewen am Alphabet un, also bal, beim B, d'Biergerbedeelegung. Spéitstens bei der leschter interregionaler Konferenz, déi mer hei zu Diddeleng haten, ass wierklech kloer erauskomm, dass mer eng gewësse Virreiderroll an deem Beräich hunn, am Beräich vun der Participation citoyenne. An an deem Elan, an deem Sënn soll et och 2026 weidergoen. Dofir musse mer natierlech investéieren an déi verschidden Outilen, ënner anerem d'Plattform. Dat ass ee Moyen de communication nieft dem Pabeier. D'Kommunikatiounsstrategie, ech mengen dat ass och an där Konferenz erauskomme vun allen Acteuren, ass enorm wichteg an dësem Beräich. Do ass et ëmsou méi wichteg, geziilt ze kommunizéieren, fir datt eis Biergerinnen a Bierger verstinn, firwat et wichteg ass sech ze engagéieren an awer och firwat et sech lount matzemaachen. An de Kader soll esou verständlech wéi méiglech sinn. Dat gëllt natierlech och fir déi drëtt Editioun vum Budget participatif, wou mer och e bëssen um Kader gebastelt hunn, fir deen no eisen éischten Erfarungen eeben unzepassen.

Dat selwecht gëllt fir de Biergerrot an de Biergerpanel. Dat wäert 2026 a Form vun engem Tandem stattfannen. Dat heescht, dass mer de Biergerrot virschalten, fir dass mer den Inhalt vum Biergerpanel nach e bësse méi geziilt kënnen ausschaffen, bezéiungsweis och d'Froen deementspriechend nach kënne verbessert ginn. Kannergemengerot, Jugendgemengerot wäerten natierlech fortgefouert ginn. Well esou natierlech ass et net. Et muss een Encadrante fannen, déi bereet sinn, sech do ze investéieren. Deementspriechend och vun dëser Säit nach eng Kéier e grousse Merci un déi.



Ganz frou sinn ech, dass mer eng Soirée Demokratie kënnen zesumme mam Spektrum 87 hei zu Diddeleng organiséieren. Dat versprécht och e ganz liewegen Debat ze ginn.

Jo, Sport, Kommunikatioun, Biergerbedeelegung, och do natierlech vill Austausch mat deene verschiddenen Acteuren um Terrain. Eis Diddelenger Sportswelt, déi ganz aktiv ass. Diddeleng wiisst. Mir hunn et héieren. Eis Veräiner schaffe gutt. Deementspriechend kréie se méi Memberen. Deementspriechend kréie mir als Gemeng méi Demandë fir d'Trainingsplagen. Den Niveau vun den Infrastrukturen do héichzehalen, dat fënnt een och an dësem Budgetsdokument erëm, bleift eng reegelméisseg Erausfuerderung. Wann ee bedenkt, dass mer 2025, also dëst Joer op tëschent 47.000 an 48.000 Sportstonne wäerte kommen, dat ass schonn en impressionnante Chiffer, 47.000 Stonne Sport zu Diddeleng. Deementspriechend ass ze verstoen, dass déi Erausfuerderung un eis Infrastrukturen héich bleift. D'Sportler*innenéierung, d'lescht Joer hate mer dat fir d'éischt gemaach, dass mer extra Laureaten ernimmt a geéiert hunn. Dat, mengen ech, ass gutt ukomm. Wäerte mer deementspriechend och bäibehalen.

Masterplan Meyer gëtt weidergeschafft. Do geet ganz vill Zäit drop am Moment, fir de Kontakt mat deene séllege Proprietären opzehuelen a mat deenen ze negociéieren.
Jo, de Chantier ronderëm d'Indoor- d'Liichtathletikshal an d'Tennishal um Kennedy ass voll amgaangen. D'Demolitioun an d'Depollutioun hu mer hannert eis. An elo hu mer do nach 3 Millioune virgesi fir d'nächst Joer den Opbau.
Da gi mer weider, sprange mer weider op den Nosbam, wou d'Soumissioun, Dir wësst et, huet misse leider annuléiert ginn. Do hu mer e bëssen d'Zäit agebéisst. Deementspriechend si mer awer frou, dass mer nach Kreditter festgeluecht hunn an eisem Budget oder proposéieren, fir dat awer d'nächst Joer ze realiséieren.

An och de Projet mat der neier Buvette ronderëm de Stade Nosbam, bezéiungsweis och de Gymnase an d'Vestiairë wäerten d'nächst Joer an Ugrëff geholl ginn. Alles dat, natierlech, wéi een dat bei eis gewinnt ass am Austausch mam Veräin, déi ëmmer woussten, firwat dat ee méi séier oder dat anert méi lues konnt realiséiert ginn. A mir hu mat hinnen deen nächste Schrëtt, och den nächsten Timing dann och zesumme festgehalen. Schwiereg bei esou Chantiere wéi déi doten, dat ass natierlech d'Komplexitéit an d'Envergure vum Projet, awer kënnt nach dobäi, dass et wärend dem Spillbetrib stattfënnt. Dat heescht, d'Traininge fanne statt, déi verschidden Eventer an awer och Kompetitioune fanne statt. Dat mécht sécherlech de Chantier net

méi schnell an och méi einfach.

Ganz frou si mer, dass mer och eng aktiv LASEP-Sektioun hunn. Dëst Joer hate mer iwwer 150 Kanner, déi sech do aktiv dru bedeelegt hunn an déi sinn encadréiert gi vun zwielef Dirigeanten. Natierlech och deenen e grousse Merci. Säit Juni hu mer e Sportskoordinator hei zu Diddeleng. Deen ass amgaangen de Kontakt mat de Veräiner, bezéiungsweis den Iwwerbléck sech ze verschafe mat deene verschiddenen Infrastrukturen. Déi Analys, déi leeft. 2026 huet sech schonn eng ganz Rei vu Projeten och nach ugekënnegt, bezéiungsweis 2025. Ganz oft mat interne Servicer, awer och emol mat externen Acteuren. Ech wëll just do d'Beweegungskaart ernimmen oder awer och déi verschidden Aktioune ronderëm d'Ënnerstëtzung vum Benevolat. Viru kuerzem hate mer den Inaps hei zu Diddeleng op Besuch.

Och mam Lycée e flotte Projet „Next Gen Fitness Games“ mam eisem lokale Lycée. Dat versprécht och ganz flott ze ginn. Natierlech hëlleft hien och an der d'Stratégie de développement vun eise Sport- an educative Strukturen hei zu Diddeleng. An, mir hunn et och virdru scho vum Buergermeeschter héieren, e ganz flotten, sensibelen a wichtege Projet, dee vun den Enfants en situation de précarité, wou mer zesumme mat der Santé scolaire an dem Office social do e Projet op d'Bee setze fir d'nächst Joer fir de Kanner nécessiteux, an där ginn et der leider och zu Diddeleng ze vill, ze hëllefen déi Memberskaarten ze finanzéieren oder matzefinanzéieren, déi awer mëttlerweil e gewëssene Montant hunn, well d'Veräiner eebe vill a gutt leeschte mussen a wëllen.

Jo, d'Ënnerstëtzung, dat bréngt mech dann op d'Subsides ordinaires. Do ass Iech opgefall, dass mer 50 % erhéicht hunn, eist Däppen. Et leeft aktuell en aktiven an dynameschen Aarbechtsgrupp do ronderëm, wou mer probéiere sämtleche Veräiner zu Diddeleng, net nëmmen de Sport, mee och d'Scouten, all déi aner Diddelenger Associatiounen, wéi awer och d'Quartierskommiteeën oder Radio Diddeleng, fir nëmmen déi ze nennen, finanziell e bësse méi ënnert d'Äerm ze gräifen. Ech mengen, dass mer do och Ufank des Joers e konkluanten neie Schlëssel wäerte presentéieren. Dir wësst et, déi finanziell Ënnerstëtzung ass eng vu villen Ënnerstëtzungen, déi d'Veräinswelt hei zu Diddeleng kritt, niewent deenen Infrastrukturen, déi mer elo schonn e puer Mol héieren hunn, an awer och déi logistesch Ënnerstëtzung. An dann an enger zweeter Phas, wann de Sportsministère de Qualité plus wäert reforméiert hunn, da wäerte mer eis do an iergendenger Form drunhänken.

Jo, d'Budgetsried ass och ëmmer e bëssen de Moment vu verschidde Statistiken. Ech wëll Iech dann och do net virenthalen, dass mer an der Schwämm Hartmann dëst Joer 40.000 Schwëmmerinnen a Schwëmmer gezielt hunn. Dat si Privatleit, dat sinn eis Schoulen, dat sinn d'Veräiner an och Maison relaisen. An der oppener Schwämm hate mer iwwer 75.000 Entréeën, wat och e flotte Chiffer ass. Bei de Recetten am Sport gesi mer natierlech eise Partner de Lycée fanne mer do rëm, bezéiungsweis och de Sportsministère, dee bei verschiddenen aussergewéinleche Projete finanziell eis ënnerstëtzt. Also et kritt ee ganz kloer mat, dass do op eise Sportservice och ganz vill sportlech Erausfuerderunge fir 2026 op si waarden. A si sinn natierlech motivéiert a kompetent, sech deem entgéintzehuelen.

Kultur gëtt natierlech weiderhi groussgeschriwwen hei zu Diddeleng. 2025 hate mer natierlech erëm en héichqualitative Programm an eisem Kulturzenter Opderschmelz an eisen zwee Centres d'art ze verzeechnen. Do dobäi ass nach den ominéisen Trounwiessel dobäikomm, deen awer wierklech méi wéi gelonge war. Dat war eng flott Vitrinn, déi mer do haten als Diddeleng. Zemools deen inklusiven Aspekt huet d'Leit immens beréiert. An och d'Authentizitéit vun der Diddelenger Séil war ze spieren an ze gesinn.

Och hei vläicht e puer Zuelen: 2025 hate mer 325 Deeg op. Wuelverstane fir den Accueil vu kulturellen Eventer. Am August ass am Prinzip zou. An och ronderëm d'Feierdeeg. Déi Deeg notze mer dann, fir verschiddene Maintenance-Aarbechten ze maachen. Deementspriechend hu mer nach 11 Méint, wou den Occupatiounstaux op héijen 89 % läit.
U sech kann een all Dag, praktesch all Dag hei zu Diddeleng e kulturellt Event erliewen. Mir haten zesummegezielt 27300 Visiteuren. Dovunner si 1700 gratis Entréeë vun Diddelenger Schoulen a Kanner aus eise Schoulen ervirzehiewen. An da kommen och nach ronn 1000 Kanner ënner 12 Joer, déi hir Eltere bei verschidden Eventer begleet hunn.
Eis Centres d'Arts lafen och gutt. Do hu mer an deene verschidden Expoen 200 bis 250 Visiteuren ze zielen. Erwänenswäert ass och, dass mer 66 % vun deenen Artisten, déi zu Diddeleng opgetruede sinn hei als national Artiste gesinn. Dat heescht do gi mer eisem Rôle als Acteur public fir déi Lëtzebuergesch Zeen ze ënnerstëtzen, méi wéi gerecht. Spannend ass et och, dass mer 13 Residenze mat 65 Kënschtlerinnen a Kënschtler hei zu Diddeleng haten.

Wat wäert eis elo 2026 erwaarden? Majo, den Zeltik feiert seng 30 Joer. Dat gëtt bestëmmt erëm eng ganz flott a spannend Editioun. A mir wäerten och am Oktober, den Datum vum Jazzfestival ass verréckelt ginn, dat heescht, mir ginn an den Oktober a mir kommen och e bësse méi no. Dat heescht eng Rei vun Aktivitéiten a Concerte wäerten hei am Zentrum stattfannen. An dat alles natierlech ouni eis renomméiert Qualitéit, déi drënner wäert leiden. Den USINA kritt do och e bëssen en neit Gesiicht. Dee fënnt nach op engem Dag statt. Do huet sech erausgeschielt, dass deen Dag ronderëm d'Familljenaktivitéiten u sech ganz gutt ukënnt bei de Leit. Deementspriechend maache mer verschidde Concerten a weiderhin awer och wäerte mer Workshoppe fir a mat de Familljen organiséieren.

D'Fête de la musique, dovunner gi mer aus, dass do dee meeschte Public wäert kommen. Mer rechnen erëm mat 20.000 bis 25.000 Visiteuren, wat sécherlech eng gréisser Erausfuerderung op méi Niveaue wäert sinn. An de Moie gëtt dann och annoncéiert, dass de Gavin James den éischten Headliner ass. Lo wësst Der dat och. Natierlech wäert och soss 2026 e grousse Cru ginn. Eng ganz Rei vun interessanten Artistinnen an Artiste wäerten op Diddeleng Besuch maachen. Ech wëll elo net onbedéngt déi verschidden Nimm erwänen, fir e bëssen Zäit ze gewannen. Och, nichtdestotrotz, wëll ech awer drun erënneren, dass eis

Harmonie Forge du Sud 50 Joer wäert feieren. An dat gëtt zesummen Opderschmelz natierlech grouss gefeiert.

Och déi Klengste wäerten zu hirem komme mat enger Rei vun Aktivitéiten. Awer och de Kanner- a Jugend-Bicherdag wäert natierlech net feelen. Bei de Recetten si mer am Fong och mat der Evolutioun déi lescht Jore ganz, ganz zefridden. Sponsoring hëlt zou. An och d'Locatioun vun de Säll, wéi och déi bezuelten Entréeë steige reegelméisseg. Bei de Recettë kréie mer natierlech och vum Ministère des Cultures kréie mer als Musterschüler natierlech och déi verschidde Subventiounen.

De Kulturentwécklungsplang mat eisen dräi externe Beroder, dee geet Richtung Schluss. Deementspriechend schaffe mer elo Ufanks 2026 mat hinnen un dem Verschrëftleche vun dësem Dokument, wat sécherlech eng wichteg Roll an der kultureller Zukunft hei an der Diddelenger Kulturzeen wäert hunn. De Kulturpass gëtt weiderhin iwwerall bei allen eisen Aktivitéiten ugebueden. Deementspriechend kënne mer eis op 2026, wat d'Kultur ubelaangt, freeën. Well, Dir wësst et, do wou opderchmelz drop steet, do ass och opderschmelz dran.

E weideren Acteur an eiser Kulturpolitik ass déi regional Bibliothéik. Do si mer natierlech nach Member am nationale BIP-Reseau an och am E-Books-Projet schaffe mer weider drun. Et ass Iech opgefall, dass mer Aussënnerunge virgeholl hunn. Fir e gudden Zweck hu mer do verschidde Venten organiséiert. Mëttlerweil si mer op 36.600 Titren. De Bestand vun den digitale Medien ass och ëm déi 20.000 Euro. Deen neie Projet MéNuLu, deen huet mat 20.000 Filmer, Serien an Dokumenter fir ze streamen och säin Erfolleg. A Mangaen hunn de Wee an eis Bibliothéik fonnt, mat 70 Bänn, wat och eng nei Clientèle, soen ech emol, domadder unzitt.

Weiderhi schaffe mer ganz vill mat Schoulen a Maison relaisen a Crèchen hei zu Diddeleng zesummen. Mir hu quasi all Woch eng Ekipp vu Butzen an der Bibliothéik op Besuch. Samsdes moies gëtt et natierlech reegelméisseg Workshoppe fir Kleng a Grouss. Aktivitéiten an Eventer sinn natierlech de Kanner-Bicher-Dag, déi ervirzehiewe sinn, d'Nuecht vun de Bibliothéiken, verschidde Schreifatelieren an, wéi gesot, och Manga-Atelieren. Ganz flott wäert et och gi ronderëm d'Eventer an d'Aktivitéite vum Gebuertsdag vum Jane Austen. Ënner anerem hu mer do mam Yves Steichen vum CNA eng flott Produktioun.

E weideren Acteur, deen ënnerstëtzt gëtt, mir hunn et och scho vum Buergermeeschter héieren, dat ass eise Centre Doc am Quartier Italien. Am Moment léift eeben déi Ausstellung OST. An duerno wäert et da weidergoe mat enger spannender Ausstellung iwwert d'Bedeelegung vun eisen Diddelenger bei de Brigades internationales. Ech sinn och iwwerzeegt, dass et vun engem Martine bei dat anert Martine, mat der Kulturkommissioun wäerte mer weiderhi gutt zesumme schaffen. Also d'Dynamik an d'Energie ass all Dag ze spieren, wann ee sech mam Martine zesummen deet, deementspriechend freeë mer eis do. A wéi Der et och an de Chiffere gesitt, gëtt d'Kultur weider mat méi wéi zéng Prozent vun eisem Budget ënnerstëtzt. Dat weist wéi eescht mer dat hei zu Diddeleng huelen.

Jo, sou wéi heibannen, do wou vill a gutt geschafft gëtt, soll och vill a gutt gefeiert ginn. Deementspriechend ass et wichteg, dass mer d'Leit zesummebréngen, hinnen eppes bidden, dass si sollen e gudde Moment verbréngen. Natierlech um Sportlechen, Kulturelle gëllt dat, awer och um Volet vun de Fester an Eventer. Ech mengen dat zeechent eis zu Diddeleng och aus, dass mer verschidden Traditiounen héichhalen. Gëschter Owend war nees esou e flotte Moment, an och reegelméisseg nei Impulser do gesat ginn. Fir déi verschiddene Budgeten do anzehalen, ass se méi wéi eng Erausfuerderung, wëssend dass och hei d'Kommunikatioun e wichtege Rôle spillt. D'Sécherheet ronderëm esou Eventer och ëmmer muss präsent sinn, an dat alles kascht.

Weiderhi bleiwe mer awer och 2026 gären eng lieweg an attraktiv Stad. D'Butscheberger Buergfest ass a bleift fest verankert. Eis verschidde Mäert a Kiermesse sinn Traditiounen, déi mer net méi wëllen opginn. De Sweet Event, dee fënnt wärend engem Weekend statt. Dat erméiglecht eis, dass mer vläicht méi attraktiv Stänn kréien, well déi sech eebe léiwer wëllen zwee Deeg installéiere wéi bei engem Dag op- an ofzeriichten.

De Summer Spill a Spaass awer och de Kleesercherserëmzuch, wéi mer konnte feststellen huet dëst Joer extreem gutt fonctionéiert an an deem Elan soll et wannechgelift weidergoen. Den alternative Maart fënnt eemol statt, am Plaz am Duerf, wou d'Buschtawe jo verréckelt gi sinn, dass mer eis do kënnen e bësse méi ausbreeden. Den Eat, Beat and Culture fënnt net méi statt, well mer eeben do iwwert d'Joren eng Analys gemaach hunn a mer och kucke wat regional an deem Kader ugebuede ginn ass déi lescht Jore mat anere Budgeten, mat externe Partner maachen aner Stied dat. Deementspriechend war mer der Meenung, dass mer den Eat, Beat and Culture net méi sollten hei zu Diddeleng ubidden. Par contre huet den Hobbymaart immens Interesse a Succès, dass mer dofir och decidéiert hunn en zweeten ze organiséieren. Am Extraordinaire fannt Der eng nei Bün fir 60.000 Euro erëm, déi engersäits einfachen an hydrauleschen Opbau erlaabt an op vill verschidden Eventer soll a kann agesat ginn.

Jo, d'Loyerskommissioun ass dëst Joer offiziell net zesummekomm. Mir haten eng Rei, eng knapp Dose Gespréicher, sief et per Telefon, sief et per Mail an do huet eise fläissege Sekretär, den Yves Goergen, deem ech och nach e grousse Merci hei wëll soen, am Austausch mat mir dat ëmmer esou konnte klären a glätten, dass d'Kommissioun net huet missen aberuff ginn. Nichtsdestotrotz hu mer awer nach am Moment en aktuellen Dossier, wou mer net sécher wëssen, wou deen da wäert endegen.

Jo, d'Syndikater sinn ugeschwat ginn. Ech vertrieden eis Gemeng ënner anerem beim Waassersyndikat SES. Do geet de Waasserpräis liicht an d'Luucht op 1,96. Dat ass och do am Comité unanime ugeholl ginn, wëssend dass de Budget sech do zesummesetzt, virun allem vun den Depensë ronderëm de SEBES an awer och d'Personalkäschten. De Rescht vum Budget geet do op d'Instand an



d'Modernisatioun vum Reseau hir. Ier ech dann d'Wuert weiderginn, wëll ech dann awer nach eng Kéier soen, dass ech wierklech frou war, konnten hei eng Rei vu Punkten opzezielen, déi bei 2026 wäerte bäidroen, dass mer zu Diddeleng eeben nach déi Dynamik hei behalen, déi mer hunn, dass mer weiderhin eng kulturell a sportlech Héichburg wäerte bleiwen. Et wäert weiderhi méi wéi eppes lass sinn hei zu Diddeleng, wou jiddereen op seng Käschte kënnt an de Wee sech op Diddeleng ganz sécher wäert lounen. Ausserdeem ginn et vill Méiglechkeeten aktiv matzeschaffen a matzedenken. Alles dat mat gesondem Mënscheverstand a respektvollem Ëmgang mat de Gelder. Wat wëll ee méi? Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools merci fir d'Wuert. Ech wäert dann och elo op meng Beräicher agoen, wou ech Ressortschäffe sinn. Dofir géif ech ufänke mam Extraordinaire beim Enseignement. Ech mengen dat ass ëmmer eppes, wou mer all Joer ganz vill investéieren. Dir wësst, datt mer an deene leschte Joren d'Mise en conformité gemaach hu vum Brill. Dat ass elo ofgeschloss. Mir wäerten awer och, fir d'nächst Joer hu mer e Budget agesat fir e Reamenagement vun der Bibliothéik an och zwee Salle d'appuis ze installéieren. Do ginn d'Preparatiounen 2025 gemaach. An de Projet wäert 2027 realiséiert ginn. Ech wëll do soen, dat ass kee bëllege Projet. Dat ass schonn e Projet, dee Geld kascht, well mir hunn do natierlech d'Oplagen, well dat Gebai jo geschützt ass. A mir mussen do alles am Brandschutzglas maachen. Dofir gëtt dat och méi en deiere Projet. Mir wäerten awer och do Subside beim Ministère ufroen. Dat schaaft eis natierlech zousätzleche Schoulraum. Ech mengen, dee brauche mer onbedéngt iwwerall.

Dir wësst et, de Ministère huet et ugekënnegt, Projet Alpha steet virun der Dier. Mir wäerten dëst 2026/2027 ulafen hei an all eise Schoulen. Dofir ass all Sall, dee mer méi hunn, ass natierlech eng Ënnerstëtzung, fir dee Projet och kënnen duerchzezéien. Mir sinn zwar an all Gebai relativ gutt, mir hunn d'Gebaier gepréift, trotzdeem all Raum, dee bäikënnt, ass natierlech e Plus.

Bon, da géif ech och op de Budget vun der Lenkeschléi agoen. Do fannt Der erëm, datt mer déi zwou Piazzaen an der Lenkeschléi wëllen zoumaachen. Och dat schaaft zousätzleche Raum. Firwat maache mer et? Majo wann d'Klasse mussen dedoubléiert ginn, ass et ganz wichteg, datt mer méi Säll hunn. Mir haten do ëmmer nëmmen ee geplangt, ee Cycle geplangt. An elo weisen d'Zuelen an déi Richtung, datt do awer nach méi Kanner solle kommen.

De Budget Balzeng ass schonn ugeschwat ginn. Ech mengen och dee fannt Der erëm, dee wäert eis déi nächst Joren och nach ganz vill begleeden. Wäert och nach eng Rei Suen natierlech kaschten. Mee 2025, mir hu jo ugefaangen ofzerappen. A mir wäerten dann elo 2026 den Neibau starten.

An dann éischt Budgeten NeiSchmelz. Et mengt ee vläicht dat wär e bësse fréi. Muss ech awer soen, ass net ze fréi. Och do si mer an der Planung. Mir hunn natierlech emol e Raumprogramm opgestallt. Wéi vill Kanner kommen dohin a wéi grouss muss dat Gebai sinn? Well d'Gebai soll schonn am Joer 2032 fäerdeg sinn. Fir d'Rentrée 26/27, dat wëll ech awer elo scho soen, do wäerte mer och scho verschidde Ressort-Ännerunge virhuelen, fir d'Gebai vum Deich a vum Strutzbierg ze entlaaschten. Well spéitstens 28/29 wäerten déi éischt Kanner op NeiSchmelz kommen, an da brauche mer natierlech och eng Plaz an der Schoul fir déi.

Weider Aarbechte sinn de Compartimentage um Deich. Ech mengen dat ass eng Mesure de sécurité, déi mer onbedéngt musse maachen. Déi fannt Der rëm. D'Elektresch um Strutzbierg hate mer 2025 schonn dran a wäert elo 2026 realiséiert ginn, souwéi och d'Stützmauer, wou mer den Devis hei scho gestëmmt hunn. Flott. An dat ass e ganz flotte Projet, deen ech och derwäert fannen, datt mer deen an de Budget ageschriwwen hunn, dat ass de Schoulhaff vum Brill. Ech mengen Dir kennt en alleguerten. Mir wäerten deen nei amenagéieren, méi naturno, sou wéi mer och déi aner nei amenagéiert hunn, méi Spillméiglechkeeten. An ech muss soen, virun allem manner Bëton. Dat ass eppes, wat ganz wichteg an deem Schoulhaff ass. An dës Aarbechte wäerten 2027 ufänken.

D'Gaffelt, e klenge Projet, mee trotzdeem e ganz flotte Projet. Do wäerte mer och kleng Aarbechte maachen. An zwar wäerte mer ënnert dem Preau Sëtzgeleeënheeten amenagéieren, fir och méi Aktivitéiten dobausse kënnen ze maachen. E gréngt Klassenzëmmer an e Schoulgaart. An dat Ganzt gëtt dann zesumme mat eisem CIGL installéiert. Mir haten do scho Reunioune mam Aarbechtsgrupp. Also et gëtt e ganz flotte Projet.

Eppes, wat weider am Extraordinaire natierlech spillt, dat ass eis informatescht Material an de Schoulen. Och hei musse mer neit Material kafen. An do gëtt et en Aarbechtsgrupp, eise Service Informatique, d'Regionaldirektioun an de Service Enseignement. Mir wäerten e Gesamtkonzept maachen, fir datt mer all eis Schoule gutt ekipéiert kréien. D'Mise en conformité vun eise Schoulhäff, ech mengen d'Spillplazen, dat ass eppes, wat ëmmer all Joer drasteet. Mir wäerten och dat viruféieren.

E puer Saachen am Ordinaire. Déi meescht Budgete bleiwen d'selwecht, wat awer an d'Luucht geet, an dat wollt ech och dofir ernimmen, dat ass Sportsmaterial. Éischtens gëtt d'Material net méi bëlleg. Dat ass ganz kloer. Mee virun allem ginn awer och ëmmer méi spezifesch Saache gefrot. An duerfir gi mer do liicht an d'Luucht. Schoulbicher, och Bicher ginn net méi bëlleg. Mee do ass et awer ganz kloer, datt de Projet Alpha kënnt. An do wäerte fir 2026 natierlech och nei Schoulbicher kommen. Weider Budgeten, déi mer zur Verfügung stellen, Kolonien, Excursiounen,

Schoulgäert, also alles dat, Aktivitéite ronderëm d'Schoul. De Budget Sécurité à l'école, dat ass virun allem e Budget, wou sécher Schoul, Éischt-Hëllefscoursë maache mer och an deem Kader fir eis Enseignanten. An de séchere Schoulwee, do wëll ech soen, datt mer eng Reunioun haten, an elo zesumme mat den Delegéierte vun de Schoulen an och dem Léierpersonal Aktioune wäerte ronderëm d'Schoule starten, fir datt d'Eltere manner dohinner komme mam Auto.

D'Beweegungskaart, ech mengen de Loris hat et scho gesot, mir sinn amgaang déi auszeschaffen. Ass natierlech e flotten Outil, dee mer kréien, fir datt ee gesäit, datt een net ëmmer muss nëmmen an enger Turnhal turnen, mee datt awer mir hei zu Diddeleng wierklech eng breet Panoplie hu vun Aktivitéiten, Beweegungsaktivitéiten, déi ee kann dobausse maachen.

D'Strategie 2035, och déi fannen Der erëm, do wäerte mer Iech Mëtt dës Joers och kënnen éischt Resultater presentéieren.

D'Santé scolaire, nach eng Kéier ganz kuerz. Ech mengen do ass kee Frang ze vill investéiert. Mir sinn immens frou, datt mer si hei zu Diddeleng hunn a si leeschten och wierklech eng ganz gutt Aarbecht an eise Schoulen.

Dann zu de Crèchen. Och do den Extraordinaire. Dir wësst, datt mer och hei erëm eng Kéier Kreditter ageschriwwen hunn. D'lescht Joer hate mer en Terrain kaaft, fir d'Crèche a Bëlleg ze bauen. An dëst Joer wäerte mer déi éischt Tranche virgesi fir d'Constructioun vun der Crèche a Bëlleg. Natierlech gutt investéiert Suen. Firwat? Majo mat 44 Plaze kënne mer natierlech méi Kanner ophuelen, wat de Familljen awer zegutt kënnt. Well Dir wësst, datt d'Familljen heiansdo duerch d'Kannerbetreiung a ganz schwiereg finanziell Situatioune kommen. Duerfir ass dat natierlech en Invest, deen eis ganz wichteg ass.

An dann e flotte Projet, vun deem mer scho méi laang schwätzen, dat ass d'Bëschcrèche an der Waldschoul. Ech wollt elo soen, datt den ONE erausgeplënnert ass, oder erausplënnert elo de 15. Dezember. Dat Lokal ënne wäert fräi ginn. Mir wäerten dëst Joer préiwen, wat mer musse maache fir eng Mise en conformité ze maachen, fir alles Noutwendeges ze installéieren. An da wäerte mer 2027 dann och do d'Aarbechten ufänken.

E bëssen zum Ordinären. Do gesäit ee virun allem, datt d'Restauratioun awer och de Matériel pédagogique an de Mobilier an d'Luucht geet. Firwat? Majo mir hunn déi dräi Crèchë voll ausgelaascht, ausser e puer Reserven, déi mer hu fir Urgencen. An da brauche mer eebe méi Menüen a bezuele mer méi Geld dofir.

Bon, dann zu de Maison relaise beim Extraordinaire. Mir haten d'Maison relais Butschebuerg schonn dran d'lescht Joer, en Deel. Mir hunn elo och e Raumprogramm ausgeschafft zesumme mat der Schoul, mee awer och mat der Maison relais, mam Personal. A mir hunn e Cahier de charge op d'Bee gestallt. A mir wäerten Iech deen och am Laf vum Joer 2026 kënne virstellen.

Bon, do doniewent maache mer de Plaffong am Strutzbierg, mat enger Entlüftung. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck. Dir wësst, datt dat e Punkt um Ordre du jour ass. Och dat muss gemaach ginn.

An da brauche mer e Minibus, en neien, an der Maison relais. Ech wëll awer do soe firwat. Mir maache ganz vill Transporter mëttlerweil, och fir d'Musekschoul oder och Summer School. Ech mengen do komme ganz vill Transporter ëmmer, dofir brauche mer déi. D'Vakanzenaktivitéiten, och dat ass eppes, wou mer vill Transporter musse maachen. Dofir géife mer och do investéieren.

Budget ordinaire, och hei ass et, wéi bei der Crèche, d'Restauratioun, de Matériel pédagogique, alles dat geet an d'Luucht. Dir wësst, firwat. Mir hunn am Brill déi nei Maison relais installéiert. Mir haten do bis elo 35 Plazen um Balzeng. Mir hunn déi elo eriwwergeholl an de Briller Container a mir hunn elo 84 Plazen. Esou, dass och do natierlech alles an d'Luucht geet. Och d'Personalkäschte ginn an d'Luucht. Mee ech mengen et ass awer positiv, well mir konnten eng Rei Plaze méi ubidden, a mir hunn eng méi kleng Waardelëscht.

En anere Budget ass natierlech déi Consultance HACCP, d'Hygiène alimentaire, d'Consultance diététique. Ech menge mir hunn ëmmer méi Kanner mat Allergien. An do ass et och ganz wichteg, dass mer déi Consultance hunn.

Vakanzenaktivitéiten, do sprenge mer de Kader. Mir leie bei iwwer 500 Kanner all Woch. Et sinn dräi Wochen an et sinn iwwerall ëmmer iwwer 500 Kanner an deenen Aktivitéiten. Projet Makerspace, Wildnispedagogik, alles dat leeft virun. En neie Projet, dee mer awer hunn, ass Bauerenhaff, also Ausflich op e Bauerenhaff. Dat wäerte mer elo dëst Joer ufänken. Dat ass ganz flott, wann d'Kanner kënnen en Dag op e Bauerenhaff goen.

D'Famill, an ech hunn et jo eigentlech scho gesot, d'Crèchen ugeschwat. Dat hëlleft de Familljen am Alldag virun allem. Mee ech wëll awer och e bëssen op d'Fräizäit agoen. Hei zu Diddeleng ass et mat der Famill ganz flott, wann ee wëll Aktivitéite maachen, mir bidde ganz vill un. Och hei wäerte mer weider investéieren. Mir wäerte 26 Spillplazen an der Suebelkaul an an der Waldschoul reamenagéieren. Natierlech d'Mise en conformité vun eise Spillplazen. Ech mengen et ass eis wichteg, datt mer dee Label Sécher Spillplazen hunn.

A wéi gesot, d'Ugebuet zu Diddeleng ass villfälteg. Mir bidden awer och niewent den Aktivitéiten, déi ee mat de Kanner ka maachen, Berodung hunn. Dëst duerch Bébé+, déi hunn 42 Familljen dëst Joer begleet. D'Eltereschoul schaffe mer natierlech weider. Planning familial, och dat ass e Partner vun eis an dee këmmert sech haaptsächlech ëm Jugendlecher. En neie Service, an do sinn ech och ganz frou driwwer, datt mer deen elo op Diddeleng wäerte kréien, dat ass en Eltereforum. Mir hate bis elo den Eltereforum net hei zu Diddeleng. Och dat wäert an Zukunft eng wichteg Ulafstell fir d'Elteren an d'Familljen sinn.

Service Jeunesse, Famille a Senior kënnt dobäi. Ech mengen do si mer amgaangen eng nei Persoun ze rekrutéieren. Dir wësst, datt déi aner Persoun fortgaangen ass. Och dat wëlle mer weiderféieren. Déi steet natierlech fir Hëllef a Berodung fir d'Familljen zur Verfügung, awer ass och Uspriechpartner fir all Zort Sozialpartner, mat deene mer schaffen. Voilà.

An da wäerte mer dëst Joer eng Kéier zwee Leit an eng Formatioun fir Babysittercoursë schécken. Dat heescht, mir kënnen an Zukunft Babysittercoursë hei selwer d'Leit ausbilden. Ech mengen och dat ass eng grouss Hëllef fir d'Elteren, wa se kënnen op en ausgebilte Babysitter zréckgräifen. Hausaufgabenhëllef a weider flott Projete fannt Der natierlech am Budget rëm. Dofir mengen ech kann herno vläicht och d'Presidentin vun der Familljekommissioun nach eng Kéier kuerz drop agoen.

Jugend. Ech mengen och hei ginn ech fir d'éischt op den Extraordinaire an. Do hutt Der gesinn, mir hu Kreditter ageschriwwe fir eng Etüd, fir d'Mise en conformité vum bestoende Gebai vun eisem Jugendhaus oder enger Extensioun. Ech mengen alles dat wëlle mer préiwen. Mir préiwen awer och schonn, wat sinn d'Besoinen op NeiSchmelz? Och alles dat ass an där Etüd mat dran, dofir ass déi Etüd och e bësse méi héich.

D'Jugendhaus, e puer Zuelen. Ech mengen hei gëtt ganz vill Aarbecht geleescht. 2025 hate mer 61 Aktivitéiten am Indoor-Beräich a 47 Aktivitéiten am Outdoor-Beräich. De Jugendsummer ware 426 Inscriptiounen. Mir haten 1880 Stonnen op a mir hate 6283 Visitten an deem klengen Haus. Also ech mengen dat ass scho ganz opwenneg.

De Festival des Cabanes, och do hu mer matgemaach. An déi Cabane wäert am Fréijoer an de Mayrischpark stoe kommen.

Den Outreacher huet 21 Jonker begleet. Dovunner sinn der 19 duerch passend Berodung zréck an d'Schoul, maachen eng Ausbildung oder e Service volontaire. Bon, d'Collaboratioun vum Jugendhaus mam Lycée ass exzellent souwéi och mat der Maison relais. Och hei lafe weider Projeten.

Dann, wësst Der et, säit Oktober hu mer den SNJ hei zu Diddeleng um Terrain. Si bidden Atelieren un. An do si scho ganz vill Jonker, déi an dësen Ateliere participéieren. D'Ouverture vum SNJ, d'offiziell Ouverture wäert awer eréischt am Januar sinn.

Dann, wat och nei ass am Budget, dat ass den Interrailpass, dee Bong, dee mer deene Jonke ginn, déi am Laf vun 2025 18 Joer kruten. Subside fir Studenten. Ech mengen och dat huet grousse Succès. Dir wësst et, do hu mer all Joer ganz vill Leit.

An da wëll ech eppes ernimmen, och eng Ënnerstëtzung fir Jonker. Dat sinn eis Studentenjobs, déi mer ubidde wärend de Vakanzen, wou déi Jonk da kënne 14 Deeg bei eis schaffe kommen. Ech mengen och dat ass eng grouss Ënnerstëtzung.

Leschte Volet: Informatik. Ech mengen Dir wësst alleguer heibannen, datt dat eppes ass, wat ganz schnell a rapid sech entwéckelt, sief dat vum Material, wou en Handy, dee fënnef Joer huet, scho kann ofgeschaaft ginn. Ech mengen duerfir musse mer ëmmer dauernd nei investéieren. Mee och d'Softwaren entwéckele sech ganz rapid. An duerfir hu mer och dëst Joer erëm Budget agesat fir d'Acquisitioune vun neiem Material. Dobäi kënnt awer och, Dir wësst, mir hunn en neit Gebai, de GMP, och dat muss ausgestatt ginn, duerfir dëse Budget.

Weider grouss Projeten, déi am Lafe sinn, natierlech schonn. Dat ass NIS2-Konformitéit, wou virun allem d'Sécherheet eng grouss Roll spillt. Dat bedeit natierlech Tester vun eiser bestoender Infrastruktur, awer och de Renforcement vun eisem Glasfaserreseau. An da ganz wichteg ass, an dat wäerte mer och dëst Joer ugoen, dat fannt Der och am Budget erëm, dat ass deen zweete Backup. Ech menge mir mussen iwwerall en zweete Backup hunn. Dat ass virun allem, wann eppes geschitt, datt eis Donnéeën net all verluer ginn. D'Schoulen, hat ech Iech gesot, déi ekipéiere mer.

An da géif ech nach eng Kéier op de SIGI agoen. Och dat, déi Budgete fannt Der erëm. Dat hate mer och an der Finanzkommissioun ugeschwat. Do gi virun allem d'Microsoft-Lizenzen an d'Luucht. Éischtens, well se vill méi deier ginn, muss ech éischtens soen. Dat Zweet ass, mir hunn natierlech och méi Mataarbechter. An duerfir geet dat natierlech an d'Luucht. Mir wëssen awer och, dass deen anere Posten erofgeet, de Location des logiciels, dee geet erof. An duerfir fannt Der och hei méi Budget op deem Posten. A well mer alles zentraliséiert op engem Posten hunn an net méi an deene verschiddene Servicer.

Erspuernisser maache mer bei der Telefonszentral. Do hu mer elo nëmmen nach eng Zentral. Dat erspuert eis natierlech ganz vill Käschten. Dat sinn 120.000 Euro. An d'Softwaren, och hei hu mer nëmmen nach ee Kontrakt. An dat sinn 180.000 Euro Erspuernisser.

An dann nach Cours informatiques. Och hei, déi maache mer weider. 15 Course si virgesi fir 2026 an 171 Leit ageschriwwen. Voilà. Ech mengen de Rescht, d'Detailer, déi fannt Der am Budget rëm. Ech wëll natierlech och dem Pascal Poull Merci soe fir déi gutt Aarbecht an awer och all de Leit aus de Servicer, mat deenen ech ëmmer schaffen. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Ech fänken dann traditiounsgeméiss mat mengen zwee gréisste Ressorten un. Dat ass dat alles, wat d'Soziales, Beschäftegung a Chancëgläichheet, a Logement abordable respektiv den Environnement.



Ech fänken dann u mam Soziales, Beschäftegung a Chancëgläichheet, Logement abordable. Dir wësst, Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet si Grondwäerter hei zu Diddeleng a vun der LSAP. D'Lutte géint d'Aarmut, d'sozial Onsécherheet an d'Ënnerstëtzung fir eis Matbierger a schwieregen Zäite sinn eng vun de Prioritéite vun der LSAP. Mir hunn hei zu Diddeleng am soziale Beräich sechs Pilieren. Dat ass den Office Social, dat ass de Service Emploi, de CIGL, eise Service à l'égalité des chances et la non-discrimination, eise Service Logement an d'Gestion locative sociale, d'GLS.

D'Maison sociale, wou ënner anerem eis ONIS-ARIS-Leit schaffen a wou eisen Office Social doheem ass. D'Roll vun den Office sociauxen ass wichteg an eiser Gesellschaft an dréit zu enger Cohésion sociale bäi. D'Office sociauxen hunn déi nobel Aufgab, all de Bierger ze hëllefen, fir sech am Dschungel vun deene sozialen Demarchen erëmzefannen. Och wann d'Aide sociale vun den Office sociauxen à titre subsidiaire ass, si se oft déi éischt Ulafstell fir Leit, déi Hëllef brauchen. Den Office social soll eng Ulafstell si fir all Bierger, egal wéi hir familiär oder sozioekonomesch Situatioun ass, a wou zesumme gekuckt gëtt, eng Äntwert op hir Froen a Problemer ze fannen. Mir stellen awer och fest, datt ëmmer méi Leit sech un d'Office sociauxe wenden, an hei zu Diddeleng hunn am Joer 2024 fir d'éischt méi wéi 10 % vun de Menagen sech un den Office social gewannt. D'Gemeng ass sech hirer Responsabilitéit hei och bewosst an huet doranner ënner anerem an Héicht vun 1.105.367 Euro Allocation compensatoire ausbezuelt, se huet an Héicht vu 64.913 Euro Primes d'énergie ausbezuelt a se huet 27.700 Euro Allocations scolaires ausbezuelt. A fir dëst Joer hate mer am Budget dann 1,5 Millioune virgesinn.

Wat den Office social ugeet, hunn d'Secours financiers betreffend d'Gesondheet zu Diddeleng d'lescht Joer d'Secours financiers betreffend de Logement iwwertraff. Ech ginn hei net méi an den Detail vum Office social an. Dir wësst, mir hunn de Mëtten nach de Chargé an de President vum Office social hei op Besuch, wou mer dat wäerten da ganz genee am Detail eng Kéier alles analyséieren an ausdiskutéieren.

De Service Emploi. D'Gemeng Diddeleng ass nach ëmmer déi eenzeg Gemeng, an dorop sinn ech houfreg, hei am Land, déi e Service Emploi ubitt. De Service Emploi ass eng Berodungsstell fir Leit, déi eng Aarbecht sichen. Eise Service Emploi betreit awer och eis Initiative sociale an eis Léiermeedercher a Léierbouwen. Mir hunn am Service Emploi dräi haaptamtlech Mataarbechter schaffen.

Eise CIGL, d'Haaptaufgab vum CIGL ass nach ëmmer Leit ouni Aarbecht eng nei Perspektiv ze ginn. Beim CIGL kréien d'Leit eng Aarbecht ugebueden a Weiderbildungsméiglechkeeten, fir nees op den éischten Aarbechtsmarché zréckzekommen. Duerch de CIGL kréien d'Diddelenger Bierger awer och zwou flott a gutt Déngschtleeschtungen ugebueden, de Coup de main an eise Recycler. Mer haten d'lescht Joer am Recycler 229 Interventiounen a fir de Coup de main, d'Proximitéit, 755.

De Service à l'égalité des chances et la non-discrimination, zënter der Grënnung vun dësem Service huet e sech permanent weiderentwéckelt. De Fokus louch ursprénglech ënner anerem op Fraerechter, Work-Life-Balance, Gesondheet an Hëllef fir Fraen an Noutsituatiounen. Haut ass Gläichstellung e vill méi breet, transversaalt Theema, dat all Liewensberäicher betrëfft. An zënter 2021 gehéiert och d'Fuerderung vun LGBTIQA-Plus-Rechter, ech muss kucken, dass ech kee Buschtaf vergiess hunn, zu hire Missiounen.
De Logement abordable, de Wunnengsbau zu Diddeleng, deen huet och zwee Pilieren. Et ass eise Service Logement an et ass d'Gestion locative sociale, d'GLS. An d'GLS huet aktuell 53 Logementer zur Verfügung fir d'Leit.

De Service Logement vun der Gemeng huet aktuell 61 Wunnengen. A geplangt fir déi nächst Jore sinn, ënner anerem, 12 Wunnunitéite fir plus minus 40 Leit an der Rue Nic-Bodry. Dat misst och 2026 fäerdeggestallt ginn. 4 Wunnunitéite fir 21 Leit an der Rue des Champs. 3 Wunnunitéite fir 16 Leit an der Lëtzebuerger Strooss. Een Eefamilljenhaus fir 5 Leit an der Rue de la Paix. A 4 Wunnunitéite fir 22 Leit an 1 Tiny House am Projet Eecherdal. Dir gesitt, mir investéiere massiv an de Logement abordabel an deenen nächste Joren.

Ëmwelt, Naturschutz an Energie. Wéi ech vun eise Servicer alles kritt hu vu Material, do hat ech en Dokument vu bal 70 Säiten. Mee ech ginn dovun aus, dass ech Iech déi 70 Säiten elo hei net wäert kënne virdroen. Da probéieren ech sou eng ganz kleng Light-Faassung ze maachen. Ech fänken nu mat engem Réckbléck op 2025. An ech wëll mol gär d'Routinenaarbechte vun deem Servicer ervirstéichen, well déi geet méiglechst an deem Gewulls mat deene ville Projeten ënner. Dat heescht d'Berodunge vun de Bierger, soit iwwert Telefon, E-Mail oder perséinlech am Gréngen Haus. Froen zum Offall, Energie, Subventiounen an esou weider. D'Opstelle vum Offallkalenner, Reklamatioune wéinst dem Kaméidi, Commodo-Incommodo-Dossieren, Traitement vun Demandë vu Subventiounen, Duerchféierung vu Sensibiliséierungsaktiounen, zum Beispill „Nachhaltigkeit macht Schule". Begleedung vun anere Servicer, Sammele vun Donnéeë fir de Klima- an Naturpakt, Deelhuelen un interkommunalen Aarbechtsgruppen.

Wann ech op d'Projeten an d'Eventer, déi mer realiséiert hunn 2025 zréckkommen, kann ech soen, dass mer

den Heckekadaster fäerdeggestallt hunn an aktualiséiert hunn, d'Kartéierung vun all den ëffentleche Gréngflächen an d'Erstelle vun engem Gréngflächemanagementplang ass fäerdeggestallt ginn, Erstelle vun engem Stadbegrëngungskonzept, Satellitteprojet am Kader vun der LUGA, Managementkonzept fir de Kueben, de Léierguart mat de Schoulen Deich a Lénkeschléi fir de Kanner eng Aféierung un d'Uleeë vun engem Guart ze ginn, Monitoring vun der Eichenprozessionsspinner am Parc Lé'h, d'Commande vun neie Stock-Cuppen fir de Service Fêtes et manifestations, d'Organisatioun an d'Realisatioun vun engem Repair-Café, d'Organisatioun och vum Floumaart a vum faire Frühstück, d'Organisatioun vum Dag vum Bam, d'Organisatioun vun engem Workshop Fassadebegrünung mam Ökozenter Pafendall a Sicona, d'Elaboratioun a Begleedung vun der Campagne Zero Mégots mam Lycée Nic-Biever an och d'Participatioun vun der Campagne Go Go Vëlo. Finanziell Ënnerstëtzung vum Reparatiounsatelier fir Vëloen am vewa, organiséiert vum Vëlo Diddeleng. Tiny Forest si mer nach ëmmer amgaang ze kucke fir eng gëeegent Plaz ze kréien. Dat ass net esou einfach. Budget participatif, Kompostsammelstell am ëffentleche Raum an Eng Stëmm fir d'Natur. A bis Enn November 2025 goufe 595 Demandë subventionéiert an Héicht vu 724.000 Euro. Och déi Demanden huet eis Gréngt Haus alles traitéiert.

Ausbléck op 2026, och am Telegramm-Stil: Weiderféierung vum Stadbegréngungskonzept, Klimawandelupassung, Sensibiliséierung vun den Awunner, an do hu mer eppes ganz Neies hei zu Diddeleng d'nächst Joer, eng Klimakiste. Dat ass eng Aart Container mat Planzen a Schiet, an deem d'Awunner am Summer spiere kënnen, wéi en Afloss Planzen a Schiet op d'Wuelbefannen huet. D'Opriichte vum Container gëtt vun enger Kommunikatiounscampagne begleet. An dëse Projet kann een ëmmer nees op verschidde Plazen opriichten an ofrappen. De Projet gëtt dann och iwwert de Klimapaktfong finanzéiert.

An dann eis Campagne Musterhaus an der Rue de la Paix. Dir wësst, dass mer do als Gemeng den Eefamilljenhaus kaaft hu fir Logement abordabel. Dat gëtt ganz renovéiert. Et handelt sech heibäi ëm eng energeetesch an eng ökologesch Renovatioun, déi duerch eng Kommunikatiounscampagne och begleet gëtt, fir den Awunner effektiv ze weise vum Ufank bis zum Schluss, wéi eng Renovatioun ausgesäit oder ofleeft. Dëse Projet gëtt och vum Ëmweltministère iwwert den Ëmweltfong co-finanzéiert.

An dann d'Aktualiséierung vun eisem Subventiounsreglement un déi national Gesetzgeebung. An d'Integratioun vu Klimawandelupassungstheeme gi behandelt. Klimapakt dëst Joer, also 2026, d'nächst Joer, do steet de Re-Audit fir Gold am Fokus. An och do ginn d'Aarbechten am Kader vum Klimapakt weidergefouert.

De Convent of Mayors, den Aktiounsplang, dat heescht den Nohaltegkeets-Masterplang, gëtt iwwerpréift an aktualiséiert. An och den Naturpakt, do wäerten 2026 verstäerkt Mesuren ëmgesat ginn, wou mer dann och 2027 wäerten an en Audit goen. Am Moment sti mer jo bei Bronze bei 52 %.

An all Photovoltaikanlag René Hartmann gëtt duerch eng méi grouss a performant Anlag ersat. An och dee Projet gëtt iwwer de Klimapaktfong finanzéiert. Dat sinn am Telegramm-Stil d'Highlights vum Ëmwelt- an Naturschutzprogramm fir 2026.

Da kommen ech bei d'Senioren. Dir wësst, d'Diddeleng huet e gudden Ambiente, fir dass sech eis eeler Matbierger kënne wuelfillen an och e Liewe kënnen an der Gemeinschaft an der Autonomie kënne féieren. Am Telegramm-Stil alles, wat mer hei zu Diddeleng ubidde fir déi eeler Leit: Club Aktiv+, de Senior+, de Flexbus, Repas sur roues, Tele-Alarm, CIGL, Coursen Handy an Internetstuff, Fitnessparcours am Schnauzelach an nei fir 2026, de Projet Supersenior, en intergenerationellen Nohëllef-Service, organiséiert zesumme mam Mouvement pour l'égalité des chances.
Gas, Waasser, Kanalisatioun. Och do gëtt ganz konsequent weidergeschafft mat all eisen Efforten, déi méiglech sinn. Eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut.

An dann nach e Wuert zu eise Syndikater. Et ass scho gesot ginn, d'Syndikater, de Sicona klammeren ech elo hei aus, deem seng budgetär Enveloppe ass awer net grad dramatesch. Mee Step, Minettkompost, Sidor, effektiv, do klammen d'Montanten ëmmer. An et ass ganz normal, wat méi méi Leit hei wunne kommen an déi Gemengen, déi do Member sinn an deene Syndikater, ass natierlech och de Budget deen deementspriechend wiisst. An och déi Anlage mussen alleguerte permanent moderniséiert ginn, renovéiert ginn. An ech hunn Iech do scho gesot, de STEP-Budget wäert och an deenen nächste Joer klammen, vu dass mer jo amgaange sinn, alles ze plangen. An 2027 wäerten dann do och déi éischt Baggeren urappen, dass déi Anlag vum STEP, déi Kläranlag, dass déi renovéiert gëtt, vergréissert gëtt. A virun allem eng véiert Stuf gëtt bäigebaut. Alles dat schléit leider Gottes an d'Geld.

An da wëll ech awer nach e Wuert zu der Proprietéit an Hygiène soen, dass mer hei all Dag zu Diddeleng plus-minus 40 Leit am Asaz hunn, fir eng Proprietéit hei zu Diddeleng ze garantéieren. A selbstverständlech ginn och Sensibiliséierungscampagnen, de richtege Reflex a Zéro Mégots weidergefouert. Voilà, dat war am Telegramm-Stil alles wat menge Ressorte betrëfft. An da freeën ech mech op d'Diskussioun den nächste Freideg.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci fir d'Wuert. Dir hutt elo schonn ee ganz Koup Informatiounen zum Rectifié an och zum Budget kritt. Dir wësst, datt ech Iech ni mat Zuele wäert erschloen, well Der déi alleguerten an Ärem Budgetsdokument zréckfannt. Ech probéiere kuerz op meng Ressorten anzegoen. An ech weess, datt meng Fraktiounskolleeginnen a -kolleegen, déi jo d'Presidence vun eenzelne Kommissiounen hunn, och nach wäerten op Saachen agoen, déi a menge Ressorte leien.



Fänke mer u bei der Mobilitéit, méi genau bei eisem ënnerierdesche Parking am Duerf. Do ass een Deel vum Material, wat muss ersat ginn, well dat eeben net méi den haitegen Technologien entsprécht. Eis Techniker waren op der Plaz. Déi hunn dat och alles getest. Et gouf eng Lëscht mat Stécker erstallt, déi mussen ersat ginn. An dat maache mer och elo. An de Pascal Poull huet virdrun de Rapport vun der Finanzkommissioun verdeelt. An do hunn ech gesinn, do war och schonn eng Fro dozou komm. Do fannt Der dann och nach Detailer dozou.

Mir hunn den Ausbau vun den Elektroborne weidergedriwwen. Och dat maache mer d'nächst Joer. 2026 soll och endlech eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat kommen. Allerdéngs wësse mer do de Montant nach net. Dee soll Ufank 2026 awer bekannt ginn.

D'CFL wäert och hire Flex, déi Autoen, déi mer hunn hei zu Diddeleng weiderféieren, well déi dräi Autoen e ganz, ganz grousse Succès haten.

Da kommen ech scho bei den TICE. Ech mengen Dir wësst et, mir haten déi lescht, d'lescht Joer an dëst Joer e puermol hei iwwert den TICE geschwat, thematiséiert an diskutéiert. Déi leschte Kéier war dat Enn September, wou mer hei d'Konventioun gestëmmt hunn an Uwiesenheet och vun engem Member vum Ministère a vum Direkter vum TICE. Dofir brauch ech elo net méi an d'Detailer ze goen.
Dir wësst, datt 2026 en Iwwergangsjoer wäert sinn, wou déi zwee Projets de loi, dat heescht d'Finanzéierungsgesetz an och d'Gesetz vum Syndicat Mixte musse gestëmmt ginn an der Chamber, fir datt mer eebe kënnen als neie Syndicat Mixte lassleeën. An dann natierlech musse mer och nach eng Kéier an de Gemengerot komme fir d'Statuten. An de Budget vum TICE, deen ass unanime och gestëmmt ginn den 13. November. Dir hutt och vläicht gemierkt, datt zënter e Mëttwoch de Staat zesummen och mam TICE amgaang ass eng Infocampagne ze maachen, fir déi nei Fahrpläng alles ze promouvéieren. Do kënnt nach esou munches no. Wann allerdéngs elo schonn Där oder d'Leit dobausse Froen hunn, dann zéckt net beim TICE oder respektiv och bei der Mobilitéit.lu ze telefonéieren, ze schreiwen oder Iech ze informéieren. Mee keng Angscht, do kënnt nach esou munches un Informatiounen no. E Mëttwoch war eebe just de Startschoss.

Och de Flexbus, dee fonctionéiert gutt. Dat ass ee Bus fir d'Diddelenger iwwer 60 Joer. Déi gëtt mat engem Elektrogefier gefuer an och dat wäerte mer weiderfueren.

Mer hunn 2023 jo och déi nei Linn agefouert, den Dudbus 1, den de Quartier Vallée an d'Rue des Chambres matenee verbënnt. Do gi reegelméisseg Zielunge gemaach. An do hate mer pro Woch ronn 610 Biergerinnen a Bierger, déi dovunner Gebrauch gemaach hunn. An op engem Donneschden, wou Maart ass, si mer souguer bis op 200 Passagéier an där Linn komm.

D'Citybusser, déi nei Citybusser, soen ech einfach elo mol, den 8, 9 an 10 an dann och den Dudbus, vun deem ech elo just geschwat hunn, déi sinn natierlech elo an engem Budgetsartikel opgelëscht. Och do ginn ech net méi an d'Detailer, well dat hu mer déi lescht Kéier am September och hei thematiséiert, datt Emile Weber déi Ausschreiwung gewonnen huet.

Dann hu mer och erëm weider an eis Bushaisecher investéiert. Dir wësst, datt mer do déi reegelméisseg ersetzen an dat dat der solle si mat enger Photovoltaikanlag an engem gréngen Daach. Mir hunn der aktuell därer 15 hei zu Diddeleng a mir sollen 2026 natierlech weider dorunner schaffen, fir méi aler ze ersetzen oder do, wou et néideg ass, een ze ersetzen.

2019 schonn hu mer ugefaangen all eis Foussgängersträifen op de Leescht ze huelen, fir datt se natierlech sécher sinn, datt se gutt beliicht sinn, behënnertegerecht sinn an natierlech de Virschléi vun der staatlecher Verkéierskommissioun, der Ponts & Chaussée an och ADAPTH, déi déi virginn, gerecht ginn. An do wäerte mer 2026 och mat der zweeter Phas da weiderfueren. Och dat war schonn Theema an engem Gemengerot hei.

Mir schaffe weider un eisem Vëlosreseau. Do ass an de leschte Jore scho ganz vill geschitt. A mir wäerten natierlech 2026 do och weiderfueren, och wat de Marquage oder d'Beschëlderung ugeet. 2025 goufen d'Iwwergäng an der Fleming-Pierre-Kréier, sou wéi hei bei der Gemeng an am Schwaarze Wee, mat engem roude Belag gemaach. Mir hunn och dofir weider e Budget virgesinn. Well mer awer natierlech net alles kënne matenee maachen, wäerte mer ufänke mat deene Vëlosweeër, déi an enger Zon 30 sinn a mat deenen, wou een am Contre-sens an den Einbane ka fueren.

Fir de Mobilitéitsdag hate mer eng Visitt vun Diddeleng per Vëlo ausgeschafft. Déi biede mer d'nächst Joer och nach eng Kéier un. An deen Tour ass iwwregens vum ORT Süden opgeholl ginn, sou datt d'Touristen och kënne bei eis ufroe fir Diddeleng per Vëlo ze entdecken.

2026, wat hu mer do um Programm? Bon, de Chantier vum gemeinsamen Iwwergang Trottoir traversant an der Rue

Lentz-Rue Edison. Dee soll nom Congé collectif lassgoen. Déi nächst Etapp wär dann de gemeinsamen Iwwergang an der Route de Zoufftgen bei der Rue des Genêts Kräizbierg, also net ganz wäit vun der Fondatioun Kräizbierg ewech. Hei gëtt den Zebrasträifen dann och verréckelt an den Trottoir méi breet, fir e Chemin mixte an eng Vëlosverbindung zwëschent dem Quartier Hansendall an dem Quartier Lenkeschléi ze schafen. Dat hu mer ganz dacks diskutéiert an elo gëtt dat dann och Realitéit.

De Vëloswee Route Luxembourg soll bis Rue Jean Simon weidergefouert ginn, fir eng besser Verbindung eeben op d'national Vëlospist vu Beetebuerg op Diddeleng ze gewäerleeschten. De Chantier an der Lëtzebuerger Strooss, dat ass zwëschent der Rue Abbé Lemire an der Rue Jean Simon, dee gëtt als leschte realiséiert, sous condition, datt mer bis dohinner d'Permission de voirie hunn. Aktuell dauert et an deem Dossier nämlech ganz, ganz laang. An d'Ponts et Chaussées, déi hale sech, ech géif et emol soen, mat Klengegkeeten op. Zum Beispill freet d'Ponts et Chaussées hei bei engem Passage combiné e spezielle Bouton poussoir fir Vëlosfuerer. Also e Bouton poussoir ass, datt der kënnt drécken, fir datt et gréng gëtt. Déi froen do e spezielle fir d'Vëlosfuerer op engem separate Poteau ze maachen. Do hu mer dat dann esou och eraginn. Elo krute mer dann awer d'Permission de voirie rëm op Äis geluecht. Well dee Poteau, wou elo de Bouton poussoir drop ass, dee si jo selwer gefrot hunn, deen ass elo ze geféierlech, an dee kéint vun engem Auto mat ewechgeholl ginn. Bon, ech mengen et wär gutt, datt se sech géifen eens ginn, fir datt mer dann och mat deem dote Projet kënne weiderfueren. Mee wéi gesot, et ass souwisou dee leschte Projet. A bis dohinner wäerte mer jo dann hoffentlech alles zesummenhunn. Mir hu méi dacks iwwert esou Klengegkeeten hei scho rieds gehat, dat gefält kengem. Mee meeschtens si mer awer ëmmer zu engem gudden Enn komm. An dat ginn ech och hei dovunner aus.

Mir hu jo och dëst Joer ugefaange gehat en definitive Chemin mixte Foussgänger-Vëlo an der Mayrisch de St. Hubert ze studéieren. Den Avant-projet sommaire, deen ass ausgeschafft. An d'Etüde fir de Projet détaillé, déi sinn och lancéiert. Mir hunn en an der Verkéierskommissioun scho virgestallt. 2026 soll dann och de Projet détaillé an de Soumissiounsdossier ausgeschafft ginn. 2027 wëlle mer mat der Exekutioun ukommen. Natierlech nëmmen dann, wa mer net erëm mussen eis mat esou Klengegkeeten ophalen, wéi bei deem Projet virdru, a wa mer bis dohinner alleguerten d'Autorisatiounen dann zesummen hunn.

De Vëlosummer, do  wäerte mer och erëm dobäi sinn. 2026 huet de Staat den Datum festgeluecht op den 18.07. bis de 16.08. Dir wësst, mir leenen deen Datum net selwer fest. Dat ass e Projet vun der Ekonomie an dem Tourismusministère.

Jo, mat ProVëlo hu mer och dëst Joer erëm e Cours ugebuede fir Persounen, déi net Vëlo fuere kënnen. Och dat wäerte mer den nächste Juni erëm ubidden.

Wann ech scho bei deene Vëlosweeër sinn, da wësst Der, datt mer 2025 endlech och hei am Park Lé'h konnten dee Wee beliichten, mat Beweegungsmelderen an LED. Dee Projet, dee gouf jo och hei virgestallt a gestëmmt. A mir si frou, datt mer no fënnef Joer, wou mer der „just" ënner Gänseféisercher, véier op d'Autorisatioune gewaart hunn, dëst dann endlech realiséiert hunn, well säit Ufank November, just zur Saison, wou et ufänkt däischter ze ginn oder däischter ass, ginn déi Luuchten.

Dann huet eise Service och gekuckt dëst Joer weiderhi wou nach Vëlosstännere feelen. Mir hunn do eng Partie bäigesat. Wann nach Plaze sinn, wou Der mengt, datt der feelen, da wësst Der, rufft eng Kéier kuerz an der Circulatioun un an da rëschte mer do no. Mir hunn och zousätzlech op dräi Plazen iwwerdeckte Vëlosstänneren higestallt. Een zum Beispill hei hannert der Gemeng. Ech mengen deen hutt Der scho bemierkt. A fir 2026 ass dann natierlech och geplangt do weiderzefueren. Do soll och endlech dee vill gefrote beim Centre culturel Opderschmelz CNA kommen. Da bei der Schoul Ribeschpont, der Gafelt a beim administrative Gebai vum GMP. A bei der Sportshal op der Säit Rue Nic Biever a Michel Rodange, do kënnt en Iwwerdaach un d'Mauer. Do brauche mer kee ganzt Haischen ze setzen. Dat ass elo mol dat fir 2026, wat geplangt ass. Dir wësst ëmmer, do kënnen nach e puer Verschibunge kommen.

VëlOK, do hu mer 2025 zwou nei Statioune gebaut. Fir 2026 hu mer wëlles, elo mol besteeënd Statiounen auszebauen, respektiv och ze reparéieren, well se an d'Jore komm sinn. 2025 war op Demande vum CIGL Esch, déi de Projet geréiert, sollte 15 Vëloen ersat ginn an 10 neier bäikommen. Déi sinn allerdéngs nach net geliwwert ginn. 2026 sollt de Rescht vun den eelere Modellen, dat heescht dat sinn der nach eng Kéier 10, ersat ginn. An da wäre mer erëm gutt, wann dann alles bis geliwwert ass.

Zu eiser SUMP, de Sustainable Urban Mobility Plan, den Nohaltegkeetsplang fir d'Mobilitéit an der Gemeng, deen hu mer jo 2023 ofgeschloss gehat. Ech sot eng Kéier hei, datt déi Broschür SUMP elo den technesche Servicer hir nei Bibel soll sinn. Si solle versichen, an dat maachen se och, all nei Stroossen no de Recommandatioune vun der SUMP ze plangen an natierlech och ze bauen. Zousätzlech baséieren se sech awer och op déi nei Mobilitéitskonzepter vum Ministère, dat heescht de Plan national de la mobilité 2035. Dëst Joer ass den Aarbechtsgrupp SUMP och erëm zesumme geruff ginn, fir en éischte Bilan eeben no zwee Joer ze maachen, souwéi dat virgesinn ass. An 2026 soll den Dossier en digitalen Update kréien, mat engem Bilan eeben, wat déi lescht zwee Joer geschitt ass an nodeems d'Membere vum Aarbechtsgrupp dann och konnten hire Feedback eraginn.

Eis Servicer, déi wëlle mat der neier Broschür vum Mobilitéitsministère, déi heescht Apaisement de la circulation, e Plan de mobilité fir eis Gemeng erstellen. Déi Etüd soll 2026 gemaach ginn. An soubal se fäerdeg ass, wäert dat dann natierlech an der Verkéierskommissioun virgestallt ginn. Et soll eng Kaart erstallt gi mat de Konfliktpunkter hei zu Diddeleng. An duerno soll gekuckt ginn, pro Wunnquartier, wéi een dee motoriséierten Trafick besser ka féieren, am beschten iwwer d'Haaptachsen, amplaz datt se duerch d'Wunnquartiere fueren.

An Zukunft sollen dann och all eis nei Stroosseprojeten no de Consignen aus där Broschür vum Mobilitéitsministère entwéckelt ginn. Einfach als klengt Beispill, wat do dra steet, fir déi Leit, wou d'Broschür net kennen. Do gëtt zum Beispill definéiert, wéi een d'Stroosse ka gestalten, datt se zur Vitessreduktioun bäidroen, soudatt een herno eeben net muss no 20 oder 30 Joer norëschten. Dir wësst, mir hunn eigentlech als Gemeng kee groussen Afloss op déi gefuere Vitess. Dofir hu mer déi Vitessanzeigen opgestallt, fir datt d'Leit emol iwwerhaapt gesinn, mat wéi vill se fueren. Mir hunn där aktuell 25 Stéck. Et sinn der dëst Joer zwee nach bäikomm gewiescht. An 2026 wäerte mer awer déi Modeller vun 2019 mussen ersetzen, well déi eeben hiren Déngscht net méi leeschten.

Wann ech da bei der Sécherheet sinn, Dir wësst, datt mer an der Niddeschgaasss dëst Joer zweemol eng Sensibilisatiounscampagne gemaach hu fir d'Vitess ze reduzéieren. Eng Kéier mat den Awunner aus dem CIPA, deenen ech vun hei aus wëll e grousse Merci soen. Et war fir si ganz flott, mee et war awer och fir eis ganz flott. An elo rezent am November mat zwou Schoulklassen an Zesummenaarbecht awer och mat der Police. An och deenen alleguerte wéilt ech e grousse Merci soen. Dat war beim Why Not, wou se eng Vitesskontroll konnte maachen an d'Kanner ware ganz begeeschtert, well d'Police hinnen eeben déi Vitesspistoul an de Grapp ginn huet a se selwer konnte moossen.
D'Police mécht dann awer och mat hirem Service Instruction routière Visitten an de jeeweilege Grondschoulen, fir d'Kanner op d'Sécherheet am Verkéier opmierksam ze maachen an opzeklären. 2026 gëtt och mat de Responsabele fir d'Sécherheet an de Grondschoulen Aktioune bei de Schoule selwer gestart, fir d'Kanner, mee virun allem awer och d'Elteren drop hinzeweisen, d'Kanner net mam Auto bis bei d'Schoul oder souguer bis bei de Klassesall ze bréngen, mee d'Kanner zu Fouss goen ze loossen, respektiv mat de Kanner zesummen zu Fouss ze goen.

Eis CityApp, déi gouf och um Volet Mobilitéit ausgebaut. Dat hutt Der vläicht gesinn. Zousätzlech sollen elo och nach d'Horodateuren alleguerten dropkommen.

Dumping Station. Do hu mer elo eng Online-Umeldung agefouert, wou ee sech muss enregistréieren, fir do maximum 48 Stonnen däerfen ze stoen, souwéi et am Reglement steet. An zënterdeem hu mer och elo keng Reklamatioune méi kritt. Mir behalen dat natierlech am A, soubal d'Saison erëm ugeet.

Voirie. Bon, mir hunn natierlech och fir d'nächst Joer déi néideg Montanten am Budget stoe fir Stroossen, net nëmmen ënnerierdesch, mee och dat wat d'Leit gesinn, nämlech d'Strooss selwer ze erneieren an och eng Partie Raclagen hu mer wéi all Joers virgesinn. D'Ponts et Chaussées mécht endlech d'Buetschebuerger Strooss frësch, d'Rue de l'Indépendance, d'Rue des Écoles ass fäerdeg ginn. Och de Projet Conduite de refoulement geet weider. An och do hate mer eréischt am September hei am Gemengerot rieds a gestëmmt an dofir ginn ech och elo weider net méi an d'Detailer. 2026 sinn och eng Partie Raclagen erëm geplangt. Ech sot et schonn. An och d'Post schafft weider um Ausbau vum Glasfaser.

Eriwwer zum SICEC, dat ass de Syndicat vum Crematoire. Do ass et esou, datt d'Cotisatioun vun de Gemengen no bal 20 Joer vun 0,12 Euro op 0,20 Euro pro Awunner gehuewe gëtt. Dat mécht fir eis ronn 4300 Euro aus. Ech mengen dat wäerte mer nach packen.

D'Musekschoul, bon, do ginn ech elo wierklech net an den Detail an, well mer herno nach zwee Projete vun der Musekschoul um Ordre du jour hunn. Virun allem déi zweet Deliberatioun, dat heescht definitiv Schoulorganisatioun huet dat fréier geheescht, déi wäerte mer stëmmen. An eisen Direkter wäert da wéi ëmmer och fir all Detailer a Froen hei sinn. Just eng Bemierkung, Dir wësst, wa mer méi Schüler hunn a wa mer méi Instrumenter ze geréieren hunn, da mussen natierlech och d'Budgeten an deem Sënn steigen. An och d'administratiivt Personal muss méi grouss ginn. An dofir musse mer och e Reamenagement vum Sekretariat fir d'nächst Joer maachen. Dat hu mer am Budget virgesinn. A fir de Rescht wäerte mer jo herno nach op dee Projet agoen an och op d'Musekschoul en tant que telle.

Zum Tourismus. Bon, mir organiséiere weider natierlech eis Visites guidéeën, déi d'Leit kënne buchen. Mir schaffen natierlech och weider am Verbund mat eisem Partner, dem ORT Süden, zesummen. Ech denken am Detail wäert de President, deen och e Representant ass am Kommitee vum ORT Süden, sécher nach op d'Detailer hei agoen.

Jumelage. Och do, mengen ech, wäert de Kommissiounspresident nach eppes dozou soen. Dofir halen ech mech kuerz. Mir wënschen eis natierlech, wéi all Joers, datt eis Clibb an Associatioune mat eise Partnergemengen zesummekommen, deen een oder anere Projet gemeinsam ausschaffen. An d'Gemeng, an och déi zoustänneg Kommissioun, déi seet sécherlech net Neen, dat ze ënnerstëtzen.
Dëst Joer war de Schäfferot iwwregens zu Arganil a Portugal op Besuch. Déi sollen dann d'nächst Joer och heihinner kommen. Et ware Jonker vu Leborg am Jugendhaus an am Lycée op Besuch, rezent. An och Bérane war rezent jo och bei eiser Konferenz iwwert d'Demokratie participative dobäi.

Vum Jumelage ass et net wäit zur Integratioun. Mir hunn d'Chance hei zu Diddeleng iwwer 100 d'Nationalitéiten ze hunn. Eis Integratiounskommissioun huet och dëst Joer erëm hir Fête des Cultures organiséiert. Déi wäert och 2026 erëm stattfannen. Zum Volet Integratioun gehéieren natierlech dann awer och eis Sproochecoursen, wou mer rezent jo och hei driwwer geschwat hunn. A mir bidden natierlech och weider via de Service Ensemble eise Café des langues un. De Service Ensemble bitt jo och eng ganz Rei aner Aktivitéiten un. Ech mengen Dir kennt se alleguerten. Dat geet iwwer Sportscoursen, Permanence sociale, Infoversammlungen an Ateliers créatifs. An natierlech maachen déi dat och weider.

Dann hu mer dëst Joer jo och aktiv un eisem Gemengepakt vum interkulturellem Zesummeliewe geschafft. Dann hate mer eisen éischten Atelier organiséiert. Mir wäerten natierlech d'nächst Joer weider um Theema Benevolat a Rencontre interculturelle schaffen. De komplette Rapport vum Atelier, deen ass op der Plattform vum Dossier Ge-

mengepakt disponibel. Voilà. Meng Stëmm léisst sou lues no. Dat heescht, datt ech sollt zum Schluss kommen. Dës Majoritéit presentéiert och dëst Joer e Budget, deen de Prinzippien, fir deen d'Sozialisten, d'LSAP asteet, gerecht gëtt an déi eis och wichteg sinn. Nämlech Fräiheet, Solidaritéit, Gerechtegkeet a Sécherheet. An domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia. Mir wären zum Schluss vun der Presentatioun vum Budget 2026 ukomm. D'Oppositioun hat d'lescht Joer de Wonsch geäussert, dass mer als Schäfferot méi kuerz an der Presentatioun vum Budget sollte sinn. Mir hunn eis dat zu Häerz geholl an och dat deementspriechend gemaach. Dofir maacht eis d'nächst Woch dann net an Äre Presentatiounen, an Ären Diskussioun de Virworf, dass mer net prezis genuch waren. Well effektiv, wann een sech méi kuerz hält, da kann een natierlech net in extenso op verschidde Punkten agoen, wéi wann een sech méi laang hält. Dëst gesot, ech mengen Dir hutt dee Wonsch geäussert. A mir hunn dat probéiert ze maachen. An effektiv an annerhallwer Stonn ware mer duerch. Ech mengen, dass dat ganz akzeptabel ass. A wéi gesot, den nächste Freide fuere mer da wieder mat de Stellungname vun de Gemengerotsmembere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun.

### 2.2. Approbatioun vun der Konventioun mat den Damme Patricia Terreri, Marie-Rose Frantz-Terreri a Christiane Stutz-Terreri iwwer Naturschutzprojeten

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Soudass mer elo kënnen op den normalen Ordre du jour iwwergoen. An do hu mer eng Konventioun virleie mat den Dammen Terreri. An do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Jo, Dir gesitt an Ärem Dossier, dass mer vun der Famill Terreri kontaktéiert gi sinn. Si sinn interesséiert gewiescht, op hiren dräi Parzellen e Bongert vum Sicona kënnen uleeën ze loossen. Dowéinst fannt Der an Ärem Dossier dann déi Konventioun tëschent deenen dräi Proprietären, dem Sicona an der Stad Diddeleng fest, fir d'Detailer festzehalen. D'Proprietäre stellen der Gemeng den Terrain dann zur Verfügung, ob deen de Sicona fir Diddeleng dann e Bongert uleet. Et sinn am Fong elo zwielef Beem an eng Clôture huet virgesinn. An d'Käschte leie bei ongeféier 4800 Euro. An 90 % gi vum Fonds pour la protection de l'environnement co-finanzéiert, soudass dat hei fir béid Säiten eng Win-win-Situatioun ass. Ech wier frou wa mer kéinten dat esou unhuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem René Manderscheid. Si Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen?
***Dat ass unanime.*** Villmools merci.

### 2.3. Approbatioun vum 1. Avenant zum Contrat de louage mam Corps grand-ducal d'incendie et de secours CGDIS fir d'Mise à disposition vu Biens immeuble un de Centre d'Incendie et de Secours vun Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass d'Approbatioun vun engem éischten Avenant mam CGDIS. Dir wësst, dass de Moment fir d'Lokalitéite vum CGDIS an der Lëtzebuerger Strooss de CGDIS Locataire ass. D'Stad Diddeleng ass Proprietär vun der Gebailechkeeten. Do hate mer 2020 eeben am Kader vun der Reform en éischte Contrat de bail oder Contrat de mise à disposition, wou mer och e Loyer vum CGDIS kréien. An de CGDIS wäert och do an deenen doten Infrastrukture bleiwen, wou mir Proprietär sinn, sou laang bis effektiv och den neien Zenter Kategorie 4 steet, wou de CGDIS jo dann deementspriechend Bauhär och ganz kloer ass an dee Projet jo op de Schinnen ass. Mee en attendant, wéi gesot, notzen se dat Gebai, wou mer hinnen d'Mise à disposition ginn. An do sinn e puer Changementer, déi effektiv hei stattfannen an déi natierlech och dozou féieren, dass mer méi Loyer kréien.

Ech mengen am initiale Budget vu 2026, do hu mer jo 112.217,16 Euro Loyer, déi se eis bezuelen, wou se virdrun 99.488 Euro bezuelt hunn. An dat huet och mat dësem Avenant deels ze dinn. Engersäits ass et esou, dass de CGDIS hei an der Gemeng d'Buanderie genotzt huet. Dat gouf mat facturéiert. Déi Buanderie en tant que tel brauchen se hei am Gemengenhaus net. Mee déi fält also hei aus dem Kontrakt eraus. Dofir och e Bestanddeel vum Avenant.
Dat anert ass Emplacementer an der Gemengegarage, déi se gebraucht hunn. Och dat fält eraus.

Wat awer dobäi kënnt, et ass eng nei Kichen installéiert ginn. Bon, well effektiv och de Bestand vum Personal wiisst. Souwuel vun de Professionelle wéi awer och vun de Benevollen. Dat heescht, mir als Proprietär hunn d'Kichen dohigestallt, mir hunn déi bezuelt. An dat huet natierlech dann eng Repercussioun um Loyer. Voilà. Ech mengen dat ass dann d'Erklärung, déi hei dobäikënnt. An dofir hu mer och dësen Avenant gemaach. An dësen Avenant bréngt natierlech och mat sech, dass mer méi Loyer vum CGDIS kréien. Voilà. Dat als Erklärung zu dëser Mise à disposition oder zu dësem Avenant. Voilà. Remarken? Froen dozou? Madamm Kayser, jo.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hat mer och nach eng Kéier déi al Deliberatioun ugekuckt gehat an nogelies. Wéi gesot, mir begréissen dat, dass effektiv mir och als Gemeng d'Gebailechkeete vum Centre d'Incendie et de Secours behalen. Dat ass jo och ganz wichteg. Dat ass jo op enger strategesch wichteger Plaz, hu mer och gesot, fir d'Entwécklung vun der Stad Diddeleng, fir do an Zukunft eppes ze plangen. Do waren zwou Saachen ugeduecht, dass mer herno, wann den CGDIS an déi nei Raimlechkeete geet beim Husky, dass dann eventuell sollen déi Gebailechkeeten ëmfonctionéiert ginn an e Gebrauch sief et fir eis Atelieren oder als Wunnprojet. Ass do schonn eng, dat ass eng éischt Fro, ass do schonn eng weider konkret Iddi vum Schäfferot, déi een hei vläicht ka schonn erwänen?

Dat hänkt natierlech och zesumme mat der Zäitschinn. Dir hat virdrun an Ärer Presentatioun vum Budget gesot gehat, do ware schonn Entretiene mat deene verschiddene Parteien, och fir ze kucke wéi et weidergeet mat deem neie Site op Husky. Vläicht do och interessant eng Kéier ze wësse wéi déi Zäitschinn ass. Well, wa mer elo hei deen Avenant kucken, et mécht mer e bëssen Angscht, wann ech kucken hei, dass mer awer schonn e Planning hei gi bis 2031 an dann souguer doriwwer eraus. Also ech hoffe jo, dass mer net esou laang mussen eis Pompjeeën an deem Gebai halen. Well, wéi gesot, do komme warscheinlech dann nach aner Fraisen och vu Mise en conformité vu Gebailechkeeten dann op eis duer.

Ech hunn awer och nach vläicht eng Remark. D'Fro ass, déi Buanderie an déi Kichen, déi do nei agesat gëtt, wien iwwerhëlt do d'Fraise vun där Installatioun? An dann, ech denken, mer kënnen awer och frou sinn, dass d'Regierung och e Revirement gemaach huet an der ganzer Finanzéierung vun de CGDISen. Ech mengen dat kann een awer och eng Kéier hei erwänen. Well wann ee kuckt, nach 2024 hate mer 1,2 Milliounen Depensen an eisem Budget stoen. An duerch verschidden Ännerunge vun der Politik vun der Finanzéierung vum CGDIS, hu mer awer nettement méi eng avantagéis Situatioun fir elo, den Här Buergermeeschter huet et gesot, vun de Fraisen, vun de Gemenge bei der Participatioun um CGDIS.

Also wéi gesot, mer haten 2024 nach 1,2 Milliounen Depensen. An elo hu mer op 2025 342.000 Euro. An 2026 si souguer 416.000 Euro ageschriwwen. Voilà. Also wéi gesot, virun allem d'Zäitschinn interesséiert eis an och ze wëssen, wéi d'Finanzéierung ass vun där Buanderie an där Kichen.
An, eng aner Fro ass natierlech och, mir haten ëmmer Ween vum CGDIS, déi bei eis an den Ateliere geparkt sinn. Wou ginn déi dann elo hin? Dat ass vläicht och nach eng interessant Fro.

A mir haten och am éischten Avenant, dat war och ganz interessant, den Tuerm hei vum ale Pompjeesgebai, dat ass jo benotzt ginn och fir d'Schläich ze dréchnen, an do huet nach geheescht, ech mengen de Roby wäert herno schonn drop agoen, dass dat jo elo net méi gebraucht gëtt. Wéi geet dat elo weider? Ginn déi elo um grousse Siège gedréchent oder wou ass dat virgesinn? Voilà. Mir begréissen op jidde Fall awer, dass mer weider op dëser Schinn bleiwen. Wéi gesot, mir si Proprietär, mir verlounen et un de CGDIS. A mir soen hinnen och villmools Merci, fir den alldeeglechen Asaz, souwuel am Incendie, mee wéi virun allem och am Soin. A wéi gesot, ech sinn da gespaant op déi puer Äntwerten. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Jo, ech kann effektiv op e puer Froe schonn äntweren. Ech wëll awer hei bemierken, dass d'CSV elo frou ass fir de Site vun der Husky, deen se awer beim Ëmklasséiere vun der Zon als BEP-Zon, net matgestëmmt huet. Dat ass awer och eng Kéier erwänenswäert. Well ech mengen hei geet et, bon, et geet ëm de CGDIS, mee et geet et awer och ëm déi vill fräiwëlleg Pompjeeë vun der Gemeng Diddeleng, déi mer do ënnerbréngen, mat deene vu Beetebuerg natierlech zesummen.

Dir hat Froen, Buanderie a Kichen, jo, d'Kichen, u sech gehéiert dat, dat ass och esou festgehalen an engem Règlement grand-ducal gehéiert dat zum Bau, wou d'Gemeng dee Moment muss investéieren. A wéi gesot, do ass eng ganz komplex Rechnung gemaach ginn, en Tableau opgestallt ginn, wéi dat verrechent gëtt. An doduerch, dass déi Kichen elo neigemaach ginn ass, kritt déi en anere Punktwäert, well et eeben eng nei Kichen ass. An doduerch ginn d'Fraisen och dee Moment an d'Luucht.

Da kann ech awer och scho soen, jo, mir falen an deen ënneschte Secteur vum Facteur de dépréciation 2031. Ma mir haten elo de Kick-off, wéi den Här Buergermeeschter dat jo och schonn ugekënnegt hat, mat deenen zwou Gemengen, mat sämtlechen Acteuren, och CGDIS. An do ass och schonn e Projet virgestallt ginn, also keen definitive Projet, mee a wéi eng Richtung et geet. An do ass de Service Bâtiment vum CGDIS, déi hunn do eng Zäitschinn ginn, dass mer do Mëtt 2032 kéinten eranzéien. Dat heescht, dat kéint eng Punktlandung dee Moment ginn. Dat ass aktuell emol virgesinn.

Der hat och gefrot den Tuerm. Jo, den Tuerm, bon, do ginn et elo ganz aner Techniken. Do ginn et Schlauchdréchenanlagen, déi mir dann och am Süden hei op dräi verschidde Sitten hunn, wäerten exploitéieren. Dat sinn déi grouss Sitte vun der Kategorie 4, wéi Diddeleng, Beetebuerg, Esch an Déifferdeng. Bon, do wäert am neie Site och esou eng Schlauchwäsch dobäikommen. An aktuell gi mer mat deenen anere Schlauchwäschen, géife mer dann dee Moment eens ginn.

Wéi gesot, dee ganze Projet, do waren nach d'Käschte vun der Buanderie. Dat ass elo e Projet, deen de CGDIS iwwerholl huet. Dat heescht, de CGDIS huet déi ganz Ëmbauaarbechten, alles wat Otemschutzatelieren ass a Buanderie gemaach, fir dass mer och do kënne fonctionéieren. Well et war och net méi zäitgeméiss fir déi knaschteg kontaminéiert Kleeder hin an hir ze féieren an hei an der Gemeng wäschen ze loossen. Dofir ass dee Projet och vum CGDIS iwwerholl ginn. Ech mengen, Dir gesitt, wann Der eng Kéier op de Site fuert, do stinn zwee Containeren. Do sinn e bëssen Ëmbauaarbechte gemaach ginn. Mee dat sinn awer alles Ëmbauaarbechten, déi de CGDIS dee Moment iwwerholl huet. A wéi gesot, do huet d'Gemeng elo kee Frang bräichten ze investéieren. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Goergen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net ze Fall. Deem brauch ech dann och an deem Sënn näischt méi bäizefügen zu deem, wat den Här Goergen vun Erklärunge ginn huet. Just nach vläicht bleift fir mech dann eng Fro iwwereg. Dat ass d'Fro, wéi gesot, vun der Madamm Kayser, wat mam Gebai en tant que tel geschitt, wou mir Proprietär sinn, wann deen neien Zenter Kategorie 4 bei der Husky steet. An ech si frou, dass den Här Goergen dat och nach eng Kéier betount huet. Dass d'CSV effektiv elo sech zwar positiv hei dozou äussert, mee zu deem Standuert Iech méi wéi eng Kéier géint dee Standuert ausgeschwat huet. Dat muss een awer och dann hei erwänen, wann een och op där anerer Säit dann déi Punkten erwäänt, wou d'Regierung dozou bäigedroen huet, dass mer da

manner abezuelen. Voilà, et soll een alles an d'Woschuel geheien.

Par rapport zum Gebai, ech hat virdrun an der Presentatioun vum Budget gesot, dass mer eis e Masterplang jo wëlle ginn, par rapport zum Gestion et maintien du patrimoine, an déi beinhalt och ze kucken, wat mer mat deem dote Gebai maachen. Well an den Iwwerleeungen déi mol ustounge war, dass op där doter Säit mëttel- a längerfristeg an deem Masterplang sech kënnen d'Gemengeservicer usidelen. An op där anerer Säit, wou elo d'Gemengeservicer sinn, dass een do Wunnengsbau ka maachen, dat eeben an der Lignée vun der ganzer Entwécklung vum Ribbeschpont. Esou wäit si mer nach net. Mee dofir gi mer eis dee Masterplang, fir ze kucke wéi mer dat kënne mëttel- a längerfristeg eeben deementspriechend steieren. Dat hei ass jo 2031, mir sinn elo, wéi gesot, Enn 2025, dat heescht déi genau Affektatioun vun deem dote Gebai, wësse mer elo net, mee de Masterplang déngt, fir dann effektiv dat ze analyséieren. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Ech muss dat awer och elo nach eng Kéier, historesch gesinn, nach eng Kéier erklären. Jo, mir waren net begeeschtert vum neie Site, well mer fonnt hunn, dass do misst vill gemaach ginn, fir dass dee viabel wär. Do ass eng Baach, déi derduerchleeft. Do si verschidde Contrainten, ökologesch Contrainten. A Beetebuerg hat deemools eng Propos gemaach. Also d'Zesummeschaffe Beetebuerg-Diddeleng war jo ni a Fro gestallt. An déi haten eng Propos gemaach fir op der Lëtzebuerger Strooss tëschent Beetebuerg an Diddeleng, also hannert dem, wéi soll ech soen, virum Cactus, fir do eventuell, do wär eng Méiglechkeet gewiescht, fir do e Site opzebauen. Ech géif zwar bal mengen, da bräichte mer net bis 2032 waarde fir an deen neie Site ze kommen. Mee bon, wéi gesot, dat ass tempi passati. Wann dat elo, dee Kick-off da lo voller Euphorie da gestart ginn ass, dann si mer ganz frou, wa mer dann 2032 eng adequat, flott Plaz hunn, déi fir eis zwee Corpsen dann zur Zefriddenheet ausgebaut gëtt. An dann, wéi gesot, dann hu mer eng flott Disponibilitéit fir eise Site. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Ech géif awer do dann och nach eng Kéier wëlle reagéieren. Ech mengen, dee Site do, jo, et ass richteg, et ware vill Sitten och op der Lëtzebuerger Strooss op d'Diddelenger Säit, wou gekuckt gi sinn. Et muss een awer bedenken, de CGDIS ass jo elo net nëmme méi d'Gemeng Diddeleng oder d'Gemeng Beetebuerg. Dat ass e Gesamt. An ech mengen do ass strateegesch gekuckt ginn, wou dee Site am beschte wär. An do ass natierlech och an enger Analys, déi gemaach ginn ass, erauskomm, dass dee Site do, dass dat dee Beschte wär, well esou ee grousse Site och dann a Richtung Südoste ka weider fonctionéieren, well deen nächsten, deen do wär, wär Réimech, wat awer relativ wäit ass. An an déi aner Richtung huet een Esch, déi och grouss sinn, déi relativ no sinn.

An ech hu mer ganz vill Gedanken ëmmer an deenen Diskussioune gemaach. A stellt Iech eng Kéier vir, et si jo scho Leit, déi dat gemaach hunn, stellt Iech emol eng Kéier op d'Lëtzebuerger Strooss op déi dote Streck an da kuckt Der wéi vill Verkéier moies a mëttes do ass. Do kommen d'Leit net an dee Site bäi. En plus sinn déi Stroosse relativ kleng, dat heescht och déi grouss Asazgefierer, wann déi mussen erausfueren, déi hätten immens Problemer do gehat. Dat ass och ee vun den Déngen. An do si mer awer am Site Accès Autobunn, do si mer awer relativ gutt op deem Site, wou mer elo sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Goergen, wann dat net e Clin d'oeil ass. Villmools merci, fir déi dote Prezisiounen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Mise à disposition averstan, mam Avenant? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.4. Acquisitioun vun enger Emprise – Approbatioun vun engem Acte de vente notarié mat de Consorts Reuter fir eng Terrainsparzell an der Rue Tattebierg**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer weiderfueren. Et ass d'Acquisition vun enger Emprise mat de Consorts Reuter. Do ass et esou, dass mer an der Tattebuerger Strooss, wéi gesot, hei Emprisen am Kader vun der Utilité publique, déi Parzelle kommen an d'Voirie publique. Et ass, wéi gesot, den Här an d'Madamm Reuter. Et ass fir de Präis vu 602 Euro. Et sinn 2 Parzellen, 0,01 Ar an 0,85 Ar. Wéi gesot, mir bezuele jo ëmmer 700 Euro den Ar. Wéi gesot, e kënnt an d'Voirie publique. A just als Info, am Ganze waren do 32 Cessioune vun Emprisen. 23 hu mer der scho gemaach. An et bleiwen der nach 9 déi ze maache sinn, fir dass dann och déi ganz Strooss a Gemengeproprietéit iwwergeet.

Ass de Gemengerot sou averstanen da mat deem Akt? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.5. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Chaudière am Restaurant Parc Le'h**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kommen op den nächste Punkt iwwer. Dat ass de Remplacement vun der Chaudière am Park Le'h. Mir haten eng Chaudière, déi aktuell, déi do ass, déi gouf 2002 do installéiert. Bon, déi fonctionéiert och net méi richteg. Do hat een och rezent mol méi kleng Pannen am Regulatiounssystem. An effektiv och de Ballon mam waarme Waasser, dee gëtt och de Geescht op. Soudass mer am Fong hei mussen eng nei Chaudière installéieren. Et ass och esou, dass de Restaurant selwer och mat Gas kacht. Soudass mer dann hei eng nei Gaschaudière an hei en Devis dann och virleien hu vu 40.000 Euro, fir dat och deementspriechend kënnen ze maachen. Voilà. Dat, d'Erklärungen zu deem Remplacement.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech wollt just froen, ob do eng Wärmepompel eventuell och ugeduecht ginn ass, fir dee Remplacement do ze maachen? Ech weess, dass si mat Gas kachen, dass dat alles do läit. Mee ech wollt einfach froen, ob dat gepréift gi war?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass, wéi gesot, gepréift ginn. An et ass keng Wärmepompel virgesinn, well wann een effektiv eng Wärmepompel

dohinner géif maachen, da wësst Der, da misst een d'Haus och energeetesch renovéieren. Dat bréngt natierlech aner Invester och deementspriechend mat sech. Hei, mengen ech, geet et drëms den daily Business vum Restaurant, mir si Proprietär vun de Gebailechkeeten, och den daily Business vum Restaurant kënnen ze assuréieren, andeems keng Panne méi sinn. An dofir si mer elo mol hei higaangen an installéieren erëm eng Gaschaudière fir dass si hir Aktivitéite kënnen och gewärleeschten par rapport zu den Aarbechten, déi si am Fong am Alldag mussen da maachen. Nach Froen dozou? Dat ass net de Fall.

Kënne mer driwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.6. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Renouvellement vun de Plaffongen an d'Installatioun vun enger Entlüftung an der Maison relais Strutzbierg**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op d'Maison relais Strutzbierg eriwwer an da ginn ech dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, villmools merci. Ech mengen Dir hutt hei en Devis virleie fir d'Renovatioun vum Plaffong um Strutzbierg mat Installatioun vun enger Entlüftung. Ech wëll awer do erklären, firwat mer dat musse maachen. Dir wësst, 2009 hu mer d'Maison relais Strutzbierg geplangt. Dat war en éischte Stack. Do war e Sall virgesinn, wou an der Mëtt eigentlech d'Iessen zerwéiert ginn ass. Do hu mer deen zweete Stack drop gesat. Do hu mer eigentlech déi ganz Organisatioun vun deem Gebai jo ëmgeännert. Do ass och op eemol uewenop giess ginn. Bon, en plus war et esou, datt mer déi Zäit net mat Bain-marieë geschafft hunn. Dat maache mer awer elo. An ech mengen, et ass elo ganz dréngend noutwendeg, déi Renovatioun do ze maachen an och déi Entlüftung ze installéieren. Voilà.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir haten effektiv eis e puer Froe gestallt, well et steet am Text, dat huet sech elo bemierkbar gemaach. Ass do Schimmel entstanen oder wat ass do geschitt, fir datt ee gesäit, datt esou vill Fiichtegkeet do bliwwen ass? A jo, also mir hoffen natierlech, datt do keen Impakt war natierlech mam Kachen. Ech ginn dovunner aus. Dat Anert ass, wat geschitt elo wärend den Aarbechte? Funktionéiert déi Kichen awer trotzdeem weiderhin? Oder gëtt se do en pause gesat an et gëtt geliwwert? Dat hu mer eis eeben och gefrot. An herno, wann alles fäerdeg ass, mir wëssen, wann eng Installatioun gemaach gëtt vun enger mechanescher Beléftung oder enger Hott, natierlech muss do e gewëssenen Entretien matbetruecht ginn. Wie mécht den Entretien? Sinn dat d'Servicer vun der Gemeng? Oder hutt Der esou e reegelméissegen Accord mat engem, deen den Entretien do mécht? Well dat geet net duer just, datt mer eng Hott maachen. Et muss natierlech och reegelméisseg duerno gekuckt ginn. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà. Vläicht zu där éischter Fro. Wéi ass dat elo entstanen? Ass elo do Schimmel do? NeeN, et ass kee Schimmel do. Mee et gesäit een d'Waasser trotzdeem. Also d'Flecke gesäit ee scho, well jo einfach den Donst ëmmer an d'Lucht geet. Schimmel ass et net. Mee ech mengen trotzdeem, datt et awer elo extreem wichteg ass, do eppes ze maachen. Ech menge soss géif awer do trotzdeem dat entstoen. Gëtt do weider giess? Neen, mir wäerten dann d'Iessen an deem Sall niewendru wärend kuerzer Zäit, mir hu jo méi Säll, zerwéieren, bis dat dote renovéiert ass. Entretien, dat muss ech ganz éierlech soen, do muss ech awer schonn an eise Servicer nofroen. Ech géif déi Äntwert noliwweren, well ech wierklech elo net weess, ob mir dat selwer maachen. Mee normalerweis deen, wou den Apparat zur Verfügung stellt, dee mécht och den Entretien. Dofir, ech froen et awer no, gell.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay. Merci. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert deen dote Devis ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci.

**2.7. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Compartimentage vun den Trapenhaiser an der Schoul Deich**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer an den Deich.
JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Voilà, da kéime mer zum Deich. Ech mengen do maache mer e Compartimentage. Dir hutt och all d'Erklärungen do derbäi. Dir hutt och de Plang derbäi, wou dat soll gemaach ginn. Dat ass eppes, wat mer onbedéngt musse maachen. Ech mengen duerch d'Sécherheet, fir dee Compartimentage ze maachen. Wann eppes géif geschéien, musse mer jo do kënnen zoumaachen. An duerfir et ass am Fong eng Sécherheetsmesure, déi onbedéngt muss gemaach ginn. An et kënnt aus dem Keller raus. Also Dir gesitt uewen, do muss de Compartimentage gemaach ginn. Deen aneren ass schonn do. Mee, wéi gesot, vun de Kellertrapen erop, musse mer onbedéngt maachen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, ech hätt effektiv eng kuerz Fro, well do an der Note explicative steet, dass d'Mise en sécurité générale vum Gebai reportéiert ginn ass. Do wollt ech froen, war dat doten elo wierklech dat Eenzegt, wat elo wierklech urgent huet misse gemaach ginn? A wat menge mer mat Mise en sécurité générale? Mir wësse jo, dass d'Gebai wäert reamenagéiert ginn. Mee mir sinn awer elo konform zu alle Sécherheetsmesuren. Ech mengen, mir sinn hei an enger Schoul, just fir do eng Kéier sécherzegoen. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà. Effektiv, Mise en sécurité générale. Ech menge mir mussen, just déi doten, dat ass en Amenagement, wat elo muss gemaach ginn. Fir de Rescht si mer konform. Mee mir wëssen awer alleguerten, datt mer d'Mise en conformité mussen insgesamt vun eise Gebaier maachen. Dat hei ass elo wierklech dringend noutwendeg, fir do konform ze sinn an der Saach vun der Sécherheet.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Da géife mer driwwer ofstëmmen. Wien ass mat deem doten Devis averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.8. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Pose vu Sécherheetsglas beim Guichet d'accueil vun der Gemeng**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt. Dat ass e Sécherheetsglas am Accueil vun der Gemeng. Ech war an der Presentatioun vum Budget kuerz drop agaangen. Dat ass, wéi gesot, e Sécherheetsglas wat d'Sécherheet erhéicht fir eis Mataarbechter. Ech mengen Dir wësst, d'Receptioun ass den zentrale Punkt, wou natierlech vill Public higeet. Dofir wollte mer hei emol dann dee Vitrage an der Héicht vun 12.000 Euro installéieren. Dat schützt natierlech eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter viru mol awer aggressivem Verhalen an och onkontrolléierte Situatiounen.

Et gëtt awer mol Situatiounen, déi effektiv an déi Richtung ginn. Ech wëll net soen, dass et permanent ass. Mee et sinn awer Situatiounen, wou et dann och géllt, eist Personal ze schützen. Bon, reduzéiert also och, wéi gesot, de Risiko. Gëtt awer och, mengen ech, e Volet vu Vertraulechkeet an och vum Dateschutz, well awer och do Saache gehandhaabt ginn. An et ass jo e Front office, wou mer jo och aner Dokumenter erausginn. Also, wéi gesot, och de Schutz vun Dokumenter an och vu Wäertgéigestänn. Och dat ass wichteg. An och nieft der Hygiène, déi och da gewäerleescht ass. An dat heiten ass och eppes fir d'Aarbechtsbedéngungen an d'Aarbechts-, och Konditioune vun eise concernéierte Mataarbechter, fir deem och deementspriechend Rechnung ze droen. Dat zu den Erklärungen zu deem Vitrage de sécurité. Remarken, Froen dozou?

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Ech hunn e bësse misse schmunzelen, wou ech den Devis gesinn hat, well ech op enger anerer Plaz war dës Woch, wou och esou eng Vitrinn installéiert gouf. An effektiv, ech mengen d'Tendenz kënnt awer e bësselchen erëm, dass ee sech e bësse méi muss schützen, par rapport zum aggressive Verhale vu verschiddene Leit, awer och zu Hygiènesmoossnamen. Wann een do schafft de ganzen Dag a vill Leit laanscht kommen, ass dat eng kleng Barrière awer fir sech net mat all Bazill unzestieche vun de Leit, déi wou laanscht kommen.

Ech hu mech just gefrot, déi Vitrinn, déi awer do gemaach gëtt, déi ass awer net ganz héich. An ech hu mech e bësse gefrot, also wéi ech dat elo erausgesinn hunn, wat bréngt dat doten eigentlech nach mat vun Hygiènemoossnamen a vu Sécherheet? Well, jo, esou vill Ënnerscheed ass et awer elo net, par rapport zu deem, wat elo do ass. An déi Mesuren, déi ech op aner Plazen dës Woch gesinn hat, déi zoufälleg och installéiert goufen, dat war also vill méi, vill méi kompakt. An dat war wierklech eng richteg grouss Oeuvre déi gemaach gouf, wéi fréier am Fong, wat mer fréier ewechgeholl hunn, virun enger Zäit, fir nees méi no bei de Leit ze sinn, dat brénge mer elo nees zu engem Deel zeréck op verschiddene Plazen. Wat bréngt dat doten, fir déi puer Zentimeter do? Ass do eng Studie gemaach ginn dozou? Ass do iergendee Retour dozou ze ginn?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Also mir fannen dës Iddi natierlech ganz gutt. A mir fannen och déi Léisung, datt et net ganz zou ass, och natierlech ganz gutt. Well dat ass awer wichteg trotzdeem fir en Accueil chaleureux, datt een net hannert engem Bunker géif sëtzen. Dofir wann dat doten déi richteg Héicht ass vum Glas, ass dat perfekt. Par contre hate mir eng weider Fro. Vu datt Der vun Aggressioune geschwat hutt, wier dat net eng Iddi, vläicht maacht Dir dat och schonn, datt déi Leit, déi do sëtzen an eng Formatioun geschéckt ginn? Well et weess een awer trotzdeem, datt ee psychologesch heiansdo, wann een esou ugegraff gëtt, och wann et just verbal ass, a vläicht huet een der dann een oder zwee de selwechten Dag an dann erëm zwee Méint näischt, ass et awer heiansdo net einfach, fir domadder eens ze ginn. An dat wier vläicht eng Iddi fir déi Leit an eng Formatioun an deem Sënn ze schécken. Dat war just eng Iddi vun eis.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, wou mer den Ordre du jour gelies hunn a gesinn hunn „Vitrage de sécurité", do ware mer e bëssen erschreckt, well mer effektiv och fir d'éischt geduecht hunn, dat gëtt elo komplett zougemaach. A wou mer elo do d'Fotoe gesinn hunn, fanne mer dat awer éischter positiv. Sou wéi mir dat verstanen hunn, ass virun allem einfach de Problem, dass d'Leit eriwwergräifen a sech vläicht, jo, do net visibel Barriären iwwerschreiden, déi se net sollten iwwerschreiden. Dat ass natierlech wierklech problematesch. Dat mierkt een ëmmer méi, dass d'Leit verschidde Grenzen net méi respektéieren. Mee dat dote fanne mer dann awer wierklech och e flotte Kompromiss, dass et elo, wéi och scho gesot ginn ass, net ganz zou ass a mer eis verbarrikadéieren. Dowéinst hoffe mer, dass dat doten dann zur Sécherheet a virun allem och dozou féiert, dass d'Leit, déi do schaffen an do sëtzen sech wuel spieren op hirer Aarbecht. Da kënne mer dat doten nëmmen ënnerstëtzen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, ech menge mir als Fraktioun schléissen eis och deem un. Also ech fannen dat do ass e gudde Kompromëss fir ze fannen, well ech menge mir fannen ëmmer méi eraus d'Aggressioune vis-à-vis an dat respektloost Verhale vis-à-vis de Leit vun eisem Personal, respektiv se huele guer keng Rücksicht méi mol net méi virun der Police oder virun de Rettungsdéngschter. An dofir fannen ech dat doten och eng gutt Saach. An et wär och net gutt, wa mer se elo géifen erëm an e Käfeg setzen. Dat wär och net gutt fir eist Personal. Dofir, déi Mesure fanne mer do ganz gutt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. Ech hu just eng finanziell Fro. Ech hunn dat elo gekuckt, déi puer Devisen, déi mer elo hei haten. A wann s de da bei der Opläschtung vun de Präisser kucks, do ass ëmmer Divers et pour arrondi, eng gewëssen Zomm. An ech hunn do mol eng Kéier gekuckt gehat, wéi vill Prozent sinn dat? Zum Beispill bei der Le'h, bei der Chaudière si 6,4 % an da si bei dem Plafonnage Strutzbierg 10 % an da beim Deich, beim Compartimentage 7,6 % an elo 7,3 %. Op wat baséiert sech do dee Prozentsätz ëmmer, deen Divers et pour arrondi? Et ass e bëssen net ganz kohärent. Ma neen, et ass eeben net dee Pourcentage vum Montant. Et si jo verschidde Pourcentagen. Jo, de Jemp Gangler huet mer net nogelauschtert.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci. Nach weider Stellungnamen? Gutt, da géif ech op déi verschidde Froen äntwerten, wann Der erlaabt. Ech mengen, ech fänke vläicht mat där leschter un. An eisen Devisen hu mer ëmmer en Divers an den Arrondi, seet et jo, pour arrondir. Da kënns de op e Montant eraus, deen effektiv dann 12.000 ass. An dat ass jo och ëmmer, wann en Imprevu ass, eng kleng Reserv ze loossen, baséiert also net op TVA, well déi ass jo separat dann deementspriechend opgeläscht. Mee et ass pour arrondi an eebe fir eis eng gewësse Reserv ze loosse falls en Imprevu wär. Mee et ass jo, wéi gesot, en Devis, dee mer stëmmen. A dat wëll net heeschen, dass onbedéngt dat déi effektiv Ausgab ass. Et ka jo och da manner sinn. Dat ass emol dozou.

Generell ass et jo, wann een als Biergerin, als Bierger an den Accueil an an d'Receptioun kënnt, de gesonde Mënscheverstand seet engem jo, dass een eng gewëssen Distanz an eng gewësse Limitt an der Interaktioun hält, par rapport zu enger Demande, déi een huet, par rapport zu enger Déngschtleeschtung, déi ee freet, par rapport zu enger Informatioun, déi ee brauch. An do ginn et natierlech Biergerinnen a Bierger, déi halen ouni Problem déi Distanz an déi Limitten an. An et ginn anerer, déi schloen do iwwert d'Sträng, sief dat verbal, bon, méi verbal wéi physesch. A wann dat ass, mengen ech hu mer jo och nach aner Moyenen, fir dann och d'Police kënnen ze ruffen. Soudass mer hei dat wat mer hei stëmmen och mam concernéierte Service zesumme beschwat hunn och vun der Héicht.

Ech wëll hei och ganz kloer soen, mir setzen zwar hei dann eng physesch Barrière par rapport zu der Aarbecht, déi se maachen, mee et bleift nach ëmmer eng Receptioun an en Accueil, Här Martini, et ass also net Fort Knox, wou een hei deementspriechend huet, wann een an den Accueil kënnt. Mee et geet also drëm, e gewëssene Schutz an och eng gewëssen Hygiène an och eng gewëssen Distanz kënnen ze garantéieren. An ech mengen, dass mer dat och deementspriechend hei maachen. A wann natierlech esou Situatiounen sech zoudroe vun enger méi physescher Aggressioun oder respektiv verbaler Aggressioun am Ëmgang, eis Leit, déi si geschoult. A mir hu jo och en Aarbechtspsycholog, deen ass jo och do, wann een dat wëll nach eng Kéier mat him duerchgoen, beschwätzen. Deen ass och do fir kënnen den néidege Backup ze ginn. Voilà, dat och nach zu den Äntwerten, par rapport zu Äre Froen.

An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Devis vun 12.000 Euro averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.9. Approbatioun vum Devis remanié fir de Raclage an d'Erneierung vu verschidde Stroossen**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kommen op den nächste Punkt iwwer. Dat ass de Raclage vu verschidde Stroossen. An do ginn ech dann dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Voilà. Dat ass eigentlech den Devis remanié. Fir déi Leit, wou sech nach kënnen drun erënneren, hu mer den 11. Dezember 2020, laang, laang ass et hir, hei en Devis gestëmmt vu 600.000 Euro TTC fir eeben de Raclage an d'Flécke vu verschiddene Stroossen. An der Soumissioun deemools koum awer schonn e Präis vu 771.000 Euro eraus, als bëllegsten Offer natierlech. An Dir kënnt Iech erënneren, datt d'Präisser duerch Covid deemools reegelrecht explodéiert sinn. Am Ganze gouf fir 655.000 Euro TTC Aarbechte gemaach. Dat heescht, ronn 85 % vum Marché si verbraucht. Da kommen nach 80.000 Euro TTC dobäi. Dat ass eng Estimatioun vun der Präisentwécklung zanter eeben datt d'Soumissioun opgemaach gouf. Dat heescht, iwwert d'Joren 2021 bis 2025. A wa mer also gesinn, wat vun Aarbechte realiséiert gouf an dann nach d'Präisentwécklung dobäirechnen, komme mer eeben op deen en Devis remanié vu 735.000 Euro TTC, dee mer elo eebe musse votéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Claudia fir déi doten Erklärungen. Si Remarken, Froen dozou ? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.10. Approbatioun vum Devis remanié fir d'Demolitioun an de Bau vum Déierenasyl 45, Rue de la Forêt**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Sou, da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass den Devise remanié par rapport zu eisem regionalen Déierenasyl op 45, Rue de la Forêt. Ech begréissen hei ganz häerzlech an eiser Ronn den Architektebüro FG, deen eis hei begleet, d'Madamm Friederici an d'Madamm Glock, dann awer och d'Vertrieder vun eise Gemengeservicer, déi och deementspriechend hei sinn. D'Madamm Mambourg, an den Här Toca, an den Här Peiffer. Mir wäerten Iech herno hei e bëssen den Devise remanié virstellen. Ech wollt awer just nach eng Kéier hei de Kader setzen, well de Projet schonn eng länger Zäitchen amgaangen ass.

Mir haten hei am Gemengerot am Juli 2021, wou mer den Devis gestëmmt och hunn. Hei geet et jo fir e regionaalt Déierenasyl ze bauen, respektiv ëmzebauen an d'Capacitéiten ze erhéije vun 20 op 60 Hënn a vu 60 op 100 Kazen. En Déierenasyl, dat vu Benevollen an och vu Professionelle bedriwwe gëtt. An et staamt jo aus dem Joer 1980 a gouf 1987, 1995 an 2006 effektiv och dru geschafft, punkto Extensiounen. Bon, de Chantier ass säit November 2023 amgaangen. A Fin Chantier soll ëm Abrëll, Mee 2026 sinn. Ech war jo och virdrun an der Budgetspresentatioun kuerz och drop agaangen. Wéi gesot, dat heite fënnt jo och an enger Zon statt, wou och Noperen niewendrun, Natur an Ëmwelt, jo amgaange sinn, d'Fleegestatioun fir Wëlldéieren auszebauen, respektiv niewendrun d'Société agricole ass, wou mer jo och am PAG déi ganz Zon do ëmklasséiert haten, fir effektiv do eng Zon ze schafen, wou dem Déierewuel an dem Déiereschutz och deementspriechend gerecht gëtt.

Ech kann och hei soen, dass mer, wéi mer de Projet hei gestëmmt hunn, eng éischt Soumissioun gemaach hunn, ufanks 2023, also am Laf vun 2022 hu mer missen och annuléieren, well eng Rei Offeren net konform waren. An dofir hu mer och eng zweet Soumissioun deementspriechend lancéiert, wou mer hei am Fong amgaange sinn, dat

auszeschaffen. Virop kann een hei scho mol soen, an den Architektebüro wäert méi am Detail drop agoen, dass deen Devis remanié, dee mer hei hunn, dass ronn 89 % vun der Hausse, déi mer hei hunn, duerch de Bauindex entstanen ass. Do huet ee wéineg Afloss drop als Gemeng, dat ass mengen ech en Index, wéi och déi aner Indexen, déi dann effektiv automatesch zu gewëssene Momenter deementspriechend spillen. An Dir gesitt et och, mir wäerten am Detail drop agoen, dass eng Rei Moins-valuë waren an dem Projet, respektiv och eng Rei Elementer bäikomm sinn. Mee am Fong duerch déi Moins-valuen, déi Punkten, déi bäikomm sinn, datt mer awer do am Positive sinn a respektiv éischter do gespuert hunn, wéi dass mer méi ausginn hunn. Soudass am Fong dës Hausse virun allem duerch de Bauindex entstanen ass, an net am Kader vun der eigentlecher Planung vum Projet selwer. Voilà, dat a bësse méi als generell Introduktioun zum Projet, wat dësen Neibau- an Ausbau vum regionalen Déierenasyl ugeet.

Wéi gesot, och eng Planung, déi mer hei maachen, ganz enk mat de Veräinsresponsabele vum Déierenasyl selwer. A vir elo och e bëssen an den Detail anzetauche ginn ech der Madamm Friederici an der Madamm Glock d'Wuert, fir duerch d'Presentatioun ze goen, déi och de Gemengerot jo kritt hat. Merci.

NADINE GLOCK, FG ARCHITECTES: Merci, Här Buergermeeschter. Gudde Moien alleguerten. Bal wéilte mir Iech elo déi Haaptpunkte presentéieren, wat budgetär elo d'Variatioune sinn. Also mir hunn déi Kéier de Projet votéiert, dat war 2021, mat 5.123.931,62 Euro. Dunn, vun 2021 bis, also dat doten ass dee ganz groussen Tableau, dee mer dran hunn. Do sinn alleguerten d'Facturen, do sinn alleguerten d'Positiounen dran. Dat ass wierklech, wann ee ganz, ganz an den Detail wëll goen. Dann hu mer awer ugefaangen, dass mer dat alles e bëssen opgeschlësselt hunn, fir dass et méi verständlech ass wéi elo dee ganz komplexen Tableau. Dat heescht, do waren dann d'Indicë vun 2021, säitdeem votéiert ginn ass, bis 2023. Dat si schonn aleng 1.713.678,35 Euro. Sou dass mer dann 2023, a firwat 2023? Well mer wollten niewendru stelle mat der Soumissioun, déi dunn och deementspriechend dann opgemaach ginn, dass mer do kënne vergläichen.

Dat heescht, do ware mer de Montant vum Budget voté, plus d'Indicen, déi dobäikomm sinn, plus nach e Changement vu que dass mer, éier mer ausgeschriwwen hunn, de Lift geännert hunn, ware mer do bei 6.873.778,50. Wou Der dann op där anerer Säit gesitt zu deem Moment, wou mer dann d'Soumissioun, an zwar déi zweet Soumissioun, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, opgemaach hunn. Déi éischt war 2022. Dunn ass se direkt nach eng Kéier lancéiert ginn. Do war se da Juni 2023, hu mer se opgemaach. Do gesi mer d'Resultat vun der Soumissioun, also d'ganz Aarbechten, vun der Technik plus d'Honorairen, si mer bei 7.075.335,71 Euro. Dunn hu mer erausgerechent, bis den éischte Semester 2025, alles wat elo scho facturéiert ginn ass bis dohinner, well mer jo schonn de Gros-oeuvre quasi fäerdeg hunn, aner Corps-de-metiere fäerdeg hunn, eleng op dat wat facturéiert ginn ass, nach eng Kéier da vun 2023 Indicen dobäi komm bis op 2025, déi maachen dann 189.530,13 Euro aus. Soudass mer dann e Resultat vun de Soumissiounen plus Hausse de prix vu 7.264.865,84 hunn.

Duerno kommen nach Travaux supplémentaires plus och verschidden Adaptatiounen, déi mer hunn nach misse maache wéinst der Nouvelle règlementation Accessibilité pour tous. Do si mer da bei 294.100,37 Euro. D'Moins-valuë sinn och deementspriechend opgefouert an där Phas, vu que dass déi och scho connues waren, sinn 315.234,17 Euro. Sou dass mer dann en Total vun der Soumissioun, d'Hausse de prixen plus Travaux supplémentairen, also minus d'Moins-valuë si mer op 7.243.721,04 Euro. Wat dann d'Honorairë par rapport zu der Basis ugeet vu sämtleche Bureaux d'Etüden, dat mécht dann 194.828,20 Euro aus. D'Honorairë vu Mission complementairen, dat sinn dann och verschidden Zwëschendecisiounen, déi geholl ginn ass fir de Projet, do ginn ech nach eng Kéier drop an, dat sinn 33.710,33 Euro. An och nach Assurancen, déi dotëschent decidéiert gi sinn, mat dem Maître d'ouvrage, mat Iech zesummen, dat sinn nach eng Kéier 50.071,79 Euro, soudass mer de Budget previsionnel elo festgeluecht hu mat 7.522.331,36 Euro.

Fir e bësse méi am Detail drop anzegoen, hu mer elo dann déi nächst Detailer, wou mer elo als éischt, mat de Moins-valuen ufänken, déi jo 315.245,17 Euro sinn. Do hu mer vun Ufank u konnten e bësse, well als Entreprise générale ausgeschriwwe ginn ass, Positiounen, déi estiméiert waren, plus minus 26.029 Euro aspueren. Mir hunn e bësse beim Echafaudage konnten aspueren, 3.100 Euro. D'Adaptatioune mam Gros-oeuvre non portant, déi mer elo konnte feststellen, par rapport zu der Soumissioun, ass eng Moins-value vu 14.829 Euro. Mir hunn och nach Prémuren a Prédallen einfach duerch d'Quantitéiten erëm nach eng Kéier déi 12.365 Euro gespuert. Mir hunn e bëssen, et ass zwar net vill, et sinn nëmmen 1.265 Euro, hunn awer probéiert, iwwerall e bëssen eppes sichen ze goen. Dat war wou mer d'Konstruktioun, d'Sous-Konstruktioun vun der Fassad ugefaangen hunn ëmzemodelen a mir hunn an der Serrurerie 108.422 Euro gespuert, well mer do eng jett Saache konnten ewechloossen, well mer eis aneschters organiséiert hunn an och verschidde Besoinen net méi do waren.

Mir hunn och nach dann, bei esou Saachen, wéi de Plättercher sief et un de Mauere gekuckt, dass mer do konnte spueren, andeems mer einfach e bësse manner gemaach hunn, awer elo net negativ fir de Projet, dat ware 24.962 Euro. Mir hunn och nach am Divers et Imprevus, hu mer och insgesamt fir verschidden Aarbechten, déi mer e bëssen aneschters realiséiert hunn, och 102.491 Euro gespuert. Den Nettoyage final hu mer nach e bëssen optimiséiert an hunn och do 4.430 Euro gespuert. Mir hunn eng Moins-value, well mer jo nëmmen eemol ausgeschriwwe sinn, a mir haten se awer eenzel déi Kéier, par Corps de métier, jo am Vott enumeréiert, dat si 6.492 Euro. A mir hunn och nach eng Deductioun insgesamt duerch d'Indicë vun 9.957 Euro, dat déi 315.000 Euro Moins-valuen ausmécht.

Mir hunn am gesamte 5.450 Euro duerch d'Adaptatioun vun deem neien Accessibilitéitsgesetz. Wat war dat? De Lift, do waren elo ganz aner Reglementatiounen an anere Besoinen. Do hu mer musse verschidde Bouton poussoiren et cetera, méi maachen, well dat eeben einfach elo

am Gesetz esou gefuerdert ass. A mir hu missen nach eng Kéier zwee aner Spigelen abauen, dass ee mam Rollstull, laut dem Gesetz, wat gefuerdert ass, dann och eng besser Siicht huet. Mir hunn och de Revêtement sol och duerch dat Gesetz bausse missen e bëssen upassen, well mer jo dann déi ganz Podotaktillen elo ganz bewosst wossten, wat fir eng wouhinner musse kommen. Do waren der zwar schonn e puer dran, mee do huet et nach missen nogebessert ginn, soudass mer dann do nach eng Kéier 1.200 a 400 Euro, soudass mer déi 5.450 Euro hunn.

Da waren beim Terrassement nach Changementer, well verschidde Saache konnte mer natierlech am Ufank, well einfach nach d'Gebaier do stoungen, net richteg oder net bis an dee leschten Detail estiméieren, soudass mer beim Terrassement eng Reprise sous œuvre an alles hu musse maachen, wou mer e Supplement vun 11.963 Euro hunn. Mir haten och e bëssen e Radier, deen aneschters ausgeschriwwe war, deen hu mer dunn ugepasst no Äre Besoinen, déi gefrot gi waren, vu 7.645 Euro. A mir hunn och nach verschidden Isolatiounen, déi waren aneschters geplangt, déi sinn awer nach eng Kéier e bëssen ëmgeschafft ginn, déi waren doduerch an der Soumissioun esou net dran, dat sinn nach eng Kéier 57.930 Euro, sou dass mer do dann déi 77.540 Euro hunn.

Da kommen d'Travaux d'aménagement extérieuren, déi sech e bëssen aneschters gestallt hunn duerch och aner Detailer, déi mer hu missen ofrappen oder stoe loossen. Do ware ganz am Ufank zwee Portillonen net dran, déi waren an der Soumissioun net dran, déi maache 24.000 Euro aus. Mir hunn e Portillon supplémentaire, deen elo d'Utilisateure gefrot hu fir hanne ganz aneschters ofzespäre vu 6.000 Euro. Mir hunn och dann nach verschidden Adaptatioune gemaach, fir da besser dohinner ze kommen, laut den Utilisateuren hiren Demanden, soudass mer zweemol 3.750 Euro dobäi hu musse leeën, déi de Supplement dann do maache vu 37.518,70 Euro.

Dann d'Menuserie extérieure, do hu mer elo verschidden Adaptatioune gehat wéinst de Chatièrë vun den Hënn, well do ganz konkreet Besoine vun den Utilisateuren do waren, déi herno nach eng Kéier ëmgesat goufen, mat méi einfachen a méi moderne Motoren elo, fir dass dat méi laang up-to-date ass, soen ech emol, wou mer elo do déi 17.988,48 Euro als Supplement hunn. Dann hate mer nach aner Elementer, wéi zum Beispill alles wat d'Chappen ugeet, do hate mer e bëssen Ëmännerunge gemaach, fir den Entretien weesentlech méi einfach ze kréien. Do hu mer eng Kéier 5.661 an eng Kéier d'Peinture, well mer do awer dann op där anerer Säit och erëm bësse Plättercher ewechgeholl hu vu 35.815 Euro, wat dann an dem Revêtement vum Buedem dann 41.842,90 Euro ugeet. Da kommen nach, wat an der Technik dobäikomm ass, well dat zum Schluss elo de Besoin gewisen huet, déi mer gebraucht hunn, dat war eng Kéier eng Plus-value fir nach Comptagen, Tableau de Comptagë vu 6.744 Euro. Intrusioun, déi mer e bëssen ausgeschafft hunn un Dieren, 2.173 Euro an Offeren nach fir verschidden aner Ventilatiounsaccessoirë vun 1.567 Euro.

Beim Divers et imprévus ass haaptsächlech mat deene 36.168 Plus-value par rapport zum Budget, de Lift, dee mer duerch d'Demande vun den Utilisateuren, well déi, wéinst der ganzer Literie, déi se mussen erophuelen, hu mer dunn e méi grousse Lift agebaut, deen do déi Changementer ofréngt. Mir haten nach fir d'Faune sauvage Demanden duerno kritt, wéi mer richteg am Chantier amgaange waren. Do hu mer zum Beispill eng Clôture en bois nach bäigesat gehat fir d'Déieren ze schützen, vu 7.475 Euro. Mir hunn nach do och hir Reseauen e bëssen ugepasst fir 3.546 Euro. Den Elektresch insgesamt si 17.287 Euro. D'Isolatiounen 9.000 Euro. Nach den Auvent, dee mer hu missen éischter ofrappen, well se soss mat der Camionnette net méi hätte kéinte bäifueren, an de Blower-door-Test fir 34.285 Euro.
Nach e bëssen insgesamt och d'Installatioun vum Chantier, déi mer méi laang hu missen duerchzéien, well nach Imprevue waren, an dat vun 28.000 Euro. Sou dass mer do bei 103.190,64 Euro sinn.

Da komme mer just nach och bei alles wat d'Bürosetüde sinn, wou mer och elo nach kuerz drop aginn. Dat sinn insgesamt 278.610, wou den Architekt der 82.638, den Ingenieur civil wat d'Statik ugeet, 46.685. Den Ingenieur technique ass eng Hausse vu 67.133 Euro. An d'Coordination sécurité chantier, well méi Rendez-vouse si vun 1.030 Euro bis elo. An och nach verschidden Integratiounen, d'Receptioune sinn elo manner ginn, vu dass den Ingenieur den Entreprise générale et am Bordereau hat.

Dann hu mer nach alles wat duerno, déi 33.710, wou ech jo virdru gesot hunn, déi dobäi komm sinn, dat ass einfach eng Kéier 18.996 Euro well d'Decisioun duerno gefall ass, dass eng Assurance décennale-bienalle geholl gëtt. Dat heescht, fir déi kënnen ze maache brauch een e Bureau de contrôle technique, deem seng Honorairë sinn 18.996 Euro. Et war nach eng Moins-value, well mer de Geometer net méi eng zousätzlech Kéier gebraucht hu vun 8.500. Da maache mir nach eng Kéier als Architekt déi Missioun, déi mer elo brauche fir d'Accessibilitéit duerchzekréien, well do Certificate mussen ugefrot gi fir d'Konformitéite vu 5.460 Euro. Mir si gefrot gi fir och nach de Plan d'évacuation ze maache vun 1.575 Euro.

De Bureau de contrôle war eng Kéier mat eis op der Plaz, wéinst der Accessibilitéit, 4.500 Euro. Bureau de contrôle nach eng Kéier, fir den Amiante sécher duerzestellen, well eppes opgetaucht war, awer net sécher war, 2.013 Euro. Etude de sol vu 4.300 Euro. An do war nach och elo eng Kamera do uewen opgestallt gi fir de Chantier déi ganzen Zäit ze iwwerwaachen, vun 9.360 Euro. Dann nach de Biennal a sech selwer sinn d'Assurancen Tout risque chantier, déi dobäikomm ass, fir 16.704 Euro an d'Décénnale-biennale fir 33.000 Euro. Dat sinn déi ganz Erklärunge mat de Montanten, wou dat alles hierkënnt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà. Villmools merci, fir déi doten Erklärungen, déi effektiv néideg sinn, wann ee kuckt de Montant, wou mer effektiv am Gemengerot gestëmmt hunn an den zousätzlechen Devis, den Devis remanié, dee mer virleien hunn. Dofir mengen ech war et eis och wichteg, fir Iech alleguerten d'Informatiounen hei am Gemengerot kënnen ze ginn, fir dass

Der och kënnt hei als Gemengerot och novollzéien, firwat ass déi Hausse deementspriechend stattfonnt huet. An elo ass natierlech d'Diskussioun op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Mir haten d'leschte Kéier dee Projet 2021 net matgestëmmt, well do éischtens emol verschidden Inconnuen nach waren, wat zum Beispill d'Participatioun vun de Utilisateuren ubelaangt vum Veräin. Awer virun allem och, well mer och deemools schonn déi Zomm vu 5,9 Milliounen, also 6 Millioune fir 60 Muppen an 100 Kazen immens héich fonnt hunn. Elo hu mer hei e Projet, eis ass bal de Mond opstoe bliwwen, dat heescht, et war wierklech, jiddwereen huet sech geduecht, et ka jo net sinn, mir bezuele lo 8.810.000 Euro fir en Déierenasyl fir 60 Muppen, 100 Kazen. Wann een dann elo e bësse krass wëll sinn, da kascht all Déier eis 55.000,62 Euro.

Dat ass einfach demesuréiert an dat ass virun allem och, mir bezuelen do fir d'Irresponsablitéit vu ville Leit, déi sech en Déier huelen an dat dann iergendwou aussetzen oder net méi eens ginn, well de Fall vun der eelerer Madamm, déi net méi ka mam Hond spadséiere goen, déi den Hond muss an d'Déierenasyl ginn, deen ass extreem rar. Mee déi Déieren, déi do sinn, ech mengen dat wësse mer alleguerten, déi si jo och deelweis onvermëttelbar, well et einfach och Déiere sinn, déi am Fong ni hätten däerfe bei een an de Stot kommen an dann, wann d'Leit net eens ginn, da ginn se den Hond fort oder d'Kaz, well se einfach immens vill Kaze kréien, eng Kaz kritt dann ze vill Jonker an da ginn se net méi eens an da gi se se of. Also, wéi gesot, mir fannen dat heiten absolut horrend, demesuréiert a mir sinn entsat. Dat ass den éischte Punkt. Mee dann, virun allem ass et och esou, wa mer elo hei dee genauen Detail hei alles nokucken. Mir haten dee Montant, also 6 Millioune ronn am Juli 2021 votéiert an do hate mer vum Architektebüro och schonn en Devis virgeluecht kritt, e Montant estimatif avec Hausse des prix vun 2021 op 2022. Dat war jo och ganz verstänneg, well se geduecht hunn, ma do gëtt alles e bësse méi deier. An dat war awer just eng Hausse vun 2 %. Mir schwätzen awer elo hei insgesamt vun enger Hausse vu 47 % vu 6 Milliounen, wéi gesot, op 8.810.000 Euro.

Dann, wat eis immens rose mécht, dat ass, dass mer elo hei liesen, dass déi éischt Soumissioun am November 2022, do war eng Offer vun zwou Entreprisen, déi hu missen ecartéiert ginn, well se net conforme waren. Huet kee Mënsch eis gesot. D'Resultat vun der zweeter Soumissioun, do war schonn eng immens Hausse, dat war 2023, do schreiwe mer hei vun enger Zomm scho vu 7 Milliounen. Dat ass schonn eng Hausse vun 1,1 Milliou zu deem éischten initial votéierte Budget. Dat si +18 %. Dat huet keen heibannen eis gesot. Och an de PPFen, an de Plans pluriannuellen, steet nach ëmmer de Montant dra vu 5.995.000, respektiv 6 Milliounen. An dat ass dat, wat eis immens rose mécht. Mir ginn elo hei virun e Fait accompli gesat. D'Konstruktioun ass voll amgaangen, ass praktesch scho fäerdeg. An elo kréie mer dann hei Explikatioune ginn. Bon, ech kommen herno nach op Detailfroen zréck, wou eis och verschidde Saachen net ganz kloer sinn. Mee et ass virun allem eppes, wat absolutt net geet, dass mir dat heiten elo einfach dohinner geplättelt kréien, eng Hausse vu 47 %, eng Hausse vu bal 3 Millioune fir en Déierenasyl, wat dann eis herno, ech soen et nach eng Kéier, 8,8 Milliounen Euro kascht fir 100 Kazen, 60 Muppen, 55.062 Euro pro Déier. Voilà.

A virun allem déi Intransparenz. An dat ass dat, wat mir ëmmer erëm soen. Dat do hätt missen eng Kéier an enger Finanzkommissioun presentéiert ginn. Spéitstens bei der PPF-Presentatioun hätt et missen heeschen. Uh, dat do gesäit net gutt aus. Do kënnt eng immens Hausse op eis duer. Wéi gesot, déi Aart a Weis, wéi mir dat hei elo erëm heihi geplättelt kréien, domadder si mer absolutt net d'accord.
Ech kommen dann op d'Detailer. D'Moins-value vun den Travauxen, dat ass jo respektabel, wann ee kuckt, dass een awer kann dann iergendwéi, wann ee vläicht nach eng Kéier méi genau kuckt, emol Saachen aspueren, do si mer gutt. Mee wa mer da kucken, déi 315.000 Euro, dat ass jo dann dat, wat mer musse méi ausginn, well mer eise Site dann elo PMR-konform musse maachen, well dat sinn 294.000 Euro. Dat heescht domadder fänke mer dat op. Dat ass jo alles ganz löblech.

Mee et sinn awer verschidde Saachen, wou ech mech froen, firwat ass da méiglech, dass do e Supplement kënnt? Wann ech da kucken och virun allem d'Terrassementsaarbechten. Ech erënneren un d'Diskussioun 2021. Do huet et scho geheescht: Ma jo, wéi ass dat dann, well dat ass jo och ugebaut un de Klengdéierenziichter hiert Gebai, a wéi geet dat mat dem Buedem? An du ass gesot ginn : Es wurde geprüft, bevor mit dem kompletten Bau angefangen wird, werden das Gebäude vom Tierschutzverein, a sou weider, also auch das bestehende Gebäude unter Fänge gemacht. Sie werden stückweise freigelegt, es wird verstärkt, es kommt eine Stützwand darunter. Es sollte keine Probleme geben, wat och de Präis ubelaangt. Dat heescht, déi Baugrunduntersuchung, déi war scho mat dran. An elo musse mer do awer och nach e Supplement bezuelen. Et seet een ëmmer pour arrondir et Imprévus. Mee bon, dat heiten ass awer, do schwätze mer awer elo hei vun Zommen, déi awer domadder net méi kënnen opgefaange gi mat deem Sproch.

Dann d'Fro ass och mam Lift. Do hutt Dir elo gesot gehat, d'Utilisateuren hätte gäre méi e staarke Lift an déi hunn aner Besoinen. D'Utilisateuren hätten och gären aner Klappe fir d'Déieren. Bon, dann ass natierlech och d'Fro, wéi participéieren dann d'Utilisateuren och un deene Frais supplementairen? Well wann ech kucken, Ouverture automatique des chatières des chiens, dat kascht 17.000, also ronn 18.000 Euro. An dann de Lift, bon, dat ass jo wierklech en zolitte Plus. Dat kascht eis 36.000 Euro méi, well mer deen op 1000 Kilo Charge mussen eropsetzen. An do ass meng Fro och, wéi gesot, kann een do net einfach och eng Kéier soen: Hei neen, stopp, dat do geet elo duer, wat Der kritt. An dann ass et da gutt dann. Dann hunn ech och nach eng aner Fro zu där Clôture vis-à-vis vun der Faune sauvage, also vun der Wëlldéierestatioun. Droe mir déi eleng, déi Clôture als Gemeng? Oder ass do och de Staat mat dran? Well déi Wëlldéierestatioun, dat ass jo staatlech.

Dann, wichteg ass awer och nach nozefroen. Dir wësst och firwat mer och ënner anerem dee Projet vum Déierenasyl net matgedroen hunn. Well do koume jo och nach aner

supplementaire Aarbechten an der Lé'h op eis duer. Dat ware jo och nach eng Kéier 2,7 Milliounen. Jo, dat war och fir d'Waldschoul, fir d'Wélldéierestatioun, Travaux d'aménagement vun der Lé'h, 2,7 Milliounen. Do däerf dann och d'Fro vläicht awer elo mol erlaabt sinn. Wéi gesäit et dann do aus mam Präis? Op wéi eng Hausse musse mer eis dann do moralesch virbereeden? Well Dir wësst genau, do war jo och nach déi ganz Diskussioun, deen neien Traffo, deen d'CREOS sollt maachen. Do huet et ëmmer geheescht, oh, dat kascht esou plus minus eng Millioun. Pi mol Handgelenk war deemools de Sproch. Sou gouf dee Budget vun der CREOS festgesat. Dofir däerf vläicht och elo mol hei awer schonn eng Fro gestallt ginn. Wéi vill Hausse musse mer eis dann do och erwaarden?

Dann awer och e Punkt, deen och ganz wichteg ass. Mir kréien e Subsid. Jo, mee et kritt een e Subsid op den Avant-projet definitif. An dee war deemools agereecht ginn. Dat waren 30 %. Dat wären 1,8 Milliounen. An normalerweis ass et och do esou, dass wann e Subsid op en Avant-projet festgesat gëtt, do kënnt keng Hausse. Dat heescht, déi 2,8 Milliounen, déi mer elo méi bezuelen, déi ginn net vum Staat subsidéiert, ass dat richteg? Voilà.
Wéi gesot, mir fannen dat heiten alles horrend, demesuréiert. A wéi gesot virun allem, och wa mer e regionaalt Déierenasyl hei bauen, mir fannen dat doten ass eppes, dat kanns de an dësen haitegen Zäiten, wou vill Misär op der Welt ass, wou mer schwätzen hei vun Allocatioune fir Kanner, déi sech keng Sportsveräiner méi kënne leeschten. Mir baue vill an de Logement social. Mir investéieren an eis Schoulen. Do si mer 3.000 % derhannert. Mee dat heiten, do hätt awer iergendwann eng Kéier ee misse soen: Hei stop! Dat do ass ze vill. Dat packe mer net. Et ass jo och net, wéi wa mer am Geld géife schwammen. Mer musse Prêten ophuelen, fir och ënner anerem esou Saachen ze bezuelen.

Dir sot ëmmer, mir maache keen Nice to have. Fir eis ass dat hei en Nice to have. Dat hei, dat hätt misse gestoppt gi vill éischter. Et hätt ee misse mat offene Kaarte spillen, de Gemengerot, d'Finanzkommissioun informéieren, a wéi eng Richtung et geet. An dann hätte mer zesumme sécher eng aner Léisung fonnt. Mir haten eng Propos gemaach, wéi eng aner Léisung, dass ee vläicht kënnt erwänen. Ech soen et just nach eng Kéier. De Claude Martini hat eng Iddi, déi et och schonn am Ausland gëtt, dass een amplaz en Déierenasyl, wou ee wéi gesot net gewollten Déieren ofgi ginn a wou mir dann, wou d'Allgemengheet da muss déi Déiere versuergen, dass een zum Beispill eng Déierepensioun opmécht, wou d'Leit kënnen hir Déieren an de Vakanzen ofginn. A wéi gesot, do hätt een och Aarbechtsplaze kënne schafen. Dat ass just eng Parenthèse. Ech weess, dat steet hei net zur Debatt. Dat ass en anere Projet. Do hätte mer net dee selwechte Subsid kritt. Et ass just awer nach eng Kéier an de Raum geworf ginn, dass ee muss sech e bëssen iwwerleeën a wéi eng Richtung, dass mer awer ginn. A wéi gesot, dat hei kënne mer op kee Fall matdroen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Dann ass dat alt gemaach. Merci. Ech wollt ufänke mat engem grousse Merci fir déi detailléiert Opschlësselung. Well ech mengen, wa mer esou en Devis remanié hu mat esou Zommen, dann ass et wierklech wichteg, dass mer transparent schaffen, zumindest dann elo um Schluss transparent schaffen, an dass mer do den Zuelebësch hunn, deen aus lauter Zuelebeem besteet. Also ech war e puer Stonnen amgaangen, fir do e bëssen nozekommen an ze verstoen, wat da lo gerechent ginn ass. Ech sinn awer effektiv zum Schluss komm, dass, och wann et wéi deet, de Bauindex läit bei 38 % an de Gros vun där Hausse ass effektiv op dee Bauindex do zréckzeféieren. Et ass einfach extreem, wéi d'Präisser tëschent 2021 an 2023/2024 explodéiert sinn. Duerno hu mer nach en Depassement vu 6,5 %. Dat ass net näischt, mee dat ass dann och bei wäitem net méi esou vill.

Ech hätt awer e puer Froen trotzdeem nach. Wat mech e bëssen iwwerrascht huet, dass esou Saache wéi Assurancen an Etude de sol elo supplementär dobäi waren. Also et ass net fir d'éischte Kéier, wou ech froen, firwat mer nom APD eréischt eng Etude de sol hunn. Dat hate mer schonn e puer Mol. Fir mech ass déi schonn am APD normalerweis dran, soss weess ech net wéi een den APD kann ausschaffen. An Assurancen, firwat sinn déi elo dobäi komm am Nachhinein? Bon, dat sinn, dat si souwisou Käschten, mee et wonnert mech awer, dass déi elo eréischt dobäikommen. An da steet am Devis, elo hunn ech mer dat net erausgesicht, mee do steet eng Nota bene um Schluss, dass "Prix supplémentaire non validé" an dass och "Plus-value non connue" nach net dra wieren. Dat hei ass jo elo och net den definitiven Dekont. Dat heiten ass, mir si jo nach net fäerdeg, mir hunn nach net all d'Facturatiounen. Si mer sécher, dass mer elo bei den 8,8 Millioune bleiwen? Oder wäerte mer herno nach eng Kéier mussen doriwwer erausgoen? Dat ass nach eng Fro, déi sech stellt.

An dann hat ech mer effektiv déi selwecht Fro gestallt wéi d'Madamm Kayser, mat de Subsiden, well deemools gesot ginn ass, mir rechne lo scho mol 2 % Bauindex eran, well d'Subside ginn op den APD voté gerechent. Sti mir elo wierklech eleng do mat där ganzer Entwécklung vum Bauindex a kréie mir do net weider Subsiden ugerechent? Dat sinn elo mol d'Froen zum Devis remanié. Duerno ass et fir mech relativ einfach, well mir hunn als déi Lénk deemools als Eenzeg géint den Devis initial gestëmmt. Well mer deemools scho gesot hunn, dass e vill ze deier war. Mäi Virgänger hätt, do huet d'Madamm Kayser sech drop baséiert, huet deemools scho virgerechent, dass mer do da 37.500 Euro pro Déier géife bezuelen. Op deen doten Devis komme jo dann nach d'Aarbechte fir d'Viabilisatioun vum Terrain, déi net eleng fir d'Déierenasyl waren, mee trotzdeem. Dat heescht, alles an alles zesummen, wäerte mer herno Pi mol Handgelenk bei iwwer 10 Millioune leie fir dat Déierenasyl. Dat ass och an eisen Aen dann awer ze deier. Mir hunn den Devis initial net matgestëmmt. An dowéinst wäerte mer selbstverständlech dat heiten och net matstëmmen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Vun eiser Säits aus natierlech och e grousse Merci fir dës komplett Explikatioun an och déi Ënnerlagen, déi mer kruten. Et war wierklech immens detailléiert. Et konnt een alles novollzéien an alles noliesen, wou een iwwerhaapt Froen hat. Eng Kéier kuerz erënneren, deemools Juli 2021,

hate mir dëse Projet matgedroen. An deemools war et och, wéi d'Carole och scho gesot huet, et war kee Konsens wat de Budget ugeet am Gemengerot. Mee fir eis war et awer wichteg, trotz deem stolze Präis awer vu bal sechs Milliounen, datt dëse Projet trotzdeem gebaut gëtt. Engersäits fir de gudden Zweck natierlech. An anersäits ass et eis awer wichteg, datt déi ëffentlech Hand investéiert an duerch déi Invester awer de faméise Bausecteur weider ënnerstëtzt, deen an der leschter Zäit awer trotzdeem e bëssen an enger Kris ass.

Jo, 38 % vun der Hausse erkläert sech duerch de Bauindex. Dat ass och schonn e puermol gesot ginn. Dat brauch ech net ze widderhuelen. Dat ass einfach e Fait accompli. Do kënne mer net vill maachen. Ech hat mer Froen opgeschriwwen. Dir hutt wierklech e groussen Deel dovunner beäntwert. Et gesäit een, dat fanne mer och wichteg an interessant, et gesäit een datt Dir awer trotzdeem probéiert hutt do anzespueren, wou et méiglech war, datt Der och an de Materialie gekuckt hutt. An dat ass wierklech ze begréissen. Ech hat mer och opgeschriwwen, ob de Programm en attendant och geännert hätt. Mee dorop hat Dir och eng Äntwert gi mat dem Accessibilitéitsgesetz, dat erauskomm war. An do kann een och näischt dogéint soen, well wichteg ass et ëmmer erëm trotzdeem immens accessibel ze bleiwen an och barrièrefräi kënnen ze schaffen.

Natierlech ass et schued, wa verschidde Saachen, verschidden Elementer net direkt vu vir era matgerechent ginn, matbetruecht ginn. Mir haten och eis déi Fro gestallt mat der Participatioun vun de Collaborateuren, also déi Leit, déi wierklech um Terrain sinn, inwifern waren se do mat abezunn? Bestëmmt zu engem Deel. Mee ech ka mer virstellen, wann een hinnen e Projet presentéiert, datt een och dee Moment net direkt um Plang all déi Detailer gesäit. An datt à fur et à mesure déi Saachen dann ugepasst ginn. Well et muss een trotzdeem soen, e Projet brauch nun emol e puer Joer fir datt et gebaut gëtt. An e Projet bleift eppes Lieweges. Dat heescht, et passt ee sech ëmmer erëm Saachen un, et kommen neier, anerer falen ewech. Dat ass net eppes, wat viru 5 Joer figéiert gouf an da bleift et einfach bis zum Schluss sou. Dat wier jo schéi gewiescht, mee et ass eeben net de Fall.

Eng aner Fro ass: Hat Dir vläicht aner Retarden um Bau, déi vläicht och en Impakt haten, datt dat sech verzunn huet? An natierlech de Bauindex doduercher och ëmmer méi geklommen ass. Ausser déi normal Problemer, déi een eeben op enger Baustell kennt. Dat anert, wou mer erstaunt waren, effektiv, wou mer dat gelies hunn, dat ass elo schonn e puer Mol ugeklongen, datt verschidde Garantien, Assurancen a verschidden Etüden net vu virera virgesi waren. Jo, dat konnte mer eis effektiv net erklären. Déi aner Fro mat de Subventiounen. Ass do schonn och mam Ministère gekläert ginn? Well mir haten en initiale Budget an elo ass en natierlech ëm esou vill Prozent eropgaangen. Ass dat, schonn ofgekläert ginn? Oder waarde mer éischter of, datt de ganze Projet finaliséiert gëtt an dann eréischt maache mer de Schrëtt, fir dat ze kucken?

An dann zum Schluss, wierklech eng wichteg Kritik, an dat ass och schonn e puermol ugeklongen, kéinte mir, wannechgelift, bei esou Saachen, wou mer gesinn, datt et méi laang schleeft, datt hei Problemer, do Problemer, datt Saachen sech à fur et à mesure, wéi gesot, änneren, entweeder an enger Bautekommissioun en Zwëschebilan presentéiert kréien oder an engem ganz klengen informelle Gemengerot, wéi mer dat elo schonn haten, wat de Logement ugeet. Dat war immens interessant an immens pertinent dee Moment. Ob mer dat kéinten och allgemeng fir Projete maachen, déi an der ëffentlecher Hand leien? Fir eeben eng Transparenz natierlech, dat muss Stéchwuert sinn, mee datt mir och dat Ganzt kënnen novollzéien an iergendwéi och Matstëmmrecht hunn, dee Moment, wou et geschitt. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. An och vu menger Säit e Merci fir nach eng Kéier déi Explikatiounen. Jo, Bauindex upasse well et duerch d'Gesetzer virgesinn ass, dat kléngt alles gutt. Mee et ass genau wéi d'Madamm Kayser gesot huet. Mir hunn hei eng enorm Hausse, an dëst trotz Moins-value bei verschiddenen Aarbechten, wou dann awer erausfonnt ginn ass, dass verschidde Saachen net esou méiglech sinn. De Lift ass och ugeschwat ginn, dee méi deier gëtt. An do stellt sech dann effektiv erëm d'Fro: Wat ass de reelle Besoin a wat ass alles den Nice to have? Och wéi scho meng Virriedner gesot hunn, well ech weess net, ob dat soss nach engem opgefall ass, mee mir hunn eng Kamera fir de Chantier ze iwwerwaache vun 9.360 Euro. Ma d'Dron, déi eise Service ëm de Fierschter huet, déi aus Honnerte vu Meteren esou wäit eru ka zoomen, dass een d'Hoer gesäit wackelen, déi huet manner kascht wéi dat doten. An hei ass et jo just eng Chantierskamera.

Also da stellt sech awer d'Fro, ob dann net nach op weidere Plazen hätt kéinten hei e bëssen agespuert ginn, fir dass de Montant vun där ganzer Envergure do awer dann e bësse méi kleng bliwwe wär. A mir schwätze jo dann och hei vum regionalen Déierenasyl. A wa mer eng Hausse hu vu wäit iwwer 40 %, da kéinte mer eng Kéier an der Regioun bei de Kolleegen aus den Nopeschgemenge vläicht eventuell eng Kéier uschellen, ob déi net wëlles hunn och nach deen een oder aneren Euro hei bäizeleeën. Well schliisslech si jo och Déieren aus hire Gemengen, déi dann hei zu Diddeleng eng Plaz fannen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen och villmools Merci fir déi Transparenz, fir deen detailléierte Bericht, d'Presentatioun, déi Der eis hei gemaach hutt. Zesumme mat der Diddelenger Déieren-ASBL, wat eng Partnerstruktur vun der Natur- an Ëmwelt-ASBL ass, ware mer eis eens, datt d'Déierenasyl 1995, also viru 25 Joer, offiziell a Betrib gaangen ass a Capacitéiten huet. Ech menge mir hunn dat deemools gestëmmt, well mer et fir wichteg fonnt hunn, dass esou eppes och hei an der Regioun néideg wär. Dat war awer net nëmmen zu Diddeleng, mee och national esou, dass Capacitéite gefeelt hunn. An do sinn och Opriff gemaach ginn, landeswäit, fir eeben ze kucken, fir d'Déieren ënnerzekréien. Jo, vun der Kamera, do wëll ech awer och eng Kéier kuerz drop agoen. D'Déierenasyl ass awer an engem Bësch wou net vill Passage ass, nuets virun allem. An ech ka mer awer och virstellen, do kann

och vill Schued gemaach ginn, wat warscheinlech méi deier gëtt, wéi déi 9.800 Euro vun der Kamera, deemno wien do e bësse wullt oder Saache klaue geet oder Saache feelen. Bon, ass elo meng Meenung do dozou.

Dëse Projet huet e regionale Charakter an hei ginn d'Capacitéite fir d'Kazen an Hënn ausgebaut. Zu Diddeleng setze mir eis als LSAP-Fraktiounen a fir d'Wuel vun den Déieren a fir den Déiereschutz. An ech mengen, mir schwätzen hei net vu Material, vu Stécker, mir schwätzen awer vun Déieren, wat awer och Liewewiese sinn. An ech mengen do kann een awer och emol Suen investéieren. Hei investéiere mir an eng modern an adaptéiert regional Struktur zum Wuel vun deenen Déieren, déi jo dann och vum Staat nach subventionéiert gëtt. Bon, mat de Subsiden ass eng gutt Fro, déi muss awer dann och nach gekläert ginn. 2021 huet de Gemengerot jo en Devis vu 5,12 Millioune gestëmmt, an deem och d'Upassungen un de Bauindex mat ageplangt waren. Also et ass schonn opgepasst ginn, fir de Bauindex mat anzeplangen.

Deemools war awer net virauszegesinn, datt de Bauindex tëschent 2021 an 2025 ëm 38 % géif klammen. Bon, an elo bäisse mer an de saueren Apel. An där Zäit kascht de Projet eis eleng 7.264.865,84 Euro hors TVA, wat eng Differenz vun 2.140.934,22 Euro hors TVA ausmécht an déi reng Käschte vum Bauindex sinn. Dobäi kommen dann nach 294.100,37 Euro, déi fir technesch Adaptatiounen néideg ware fir d'Qualitéit an déi haiteg Norme vum Projet ze garantéieren. Wa mer dann d'Moins-valuen dobäihuelen, gläichen déi Ausgaben sech aus a mir stëmmen haut den Devis remanié, deen sech reng op d'Erhéijung vum Bauindex bezitt. Bon, mam Ajustement d'Honoraires, Assurance komme mer dann awer nach op e Präis vu 7.529.914,53 Euro hors TVA. Deemno kann een hei och net vun enger Feelplanung schwätzen, mee vun externe wirtschaftleche Faktoren, op déi d'Gemeng keen Afloss huet. A mir als LSAP-Fraktioun wäerten dee Projet do, wéi och schonn deemools, matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Goergen, fir Är Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass den Architektebüro respektiv eis Servicer op e puer Punkten aginn. An da wäert ech och nach op eng Rei Punkten agoen an der René Manderscheid och. Merci.

NADINE GLOCK, FG ARCHITECTES: Ech probéieren einfach emol verschiddene Punkten erauszegräifen, wou elo e bësse méi grouss Montante sinn, respektiv och wou elo Froe komm sinn, firwat ass dat vläicht am Ufank net duerchdiskutéiert ginn? Oder eng Etude de sol, natierlech waren déi am Ufank dran. Wéi mir awer dunn do uewen ugefaangen hunn a mir hu beim Déierenasyl ofgerappt zu där Säit, dunn huet sech einfach festgestallt, dass do ganz aner Situatioune sinn, wéi déi Kéier ugeholl. Fir dass mer do sécher konnte plangen an och fir elo dat, wat mer dann herno jo maachen, mir rappe jo dat ganzt Gebai of, fir do kënnen awer dann déi ganz Parkplazen etc. do richteg kënnen ze konzipéiere war et du néideg, do punktuell nach eng Kéier eng Etude de sol ze maachen, fir dat kënnen opzefänken a richteg kënnen och duerno weiderzemaachen.

Déi berechtegt Fro ass jo, firwat ass de Chantier elo am Fong eréischt richteg amgaangen? Dat huet awer och, do duerch déi ganz Indextranchen, déi mer do supplémentaire kritt hunn, dat ass wéi mir 2021 de Budget votéiert hunn, du war de Budget fäerdeg. Du ware mer awer nach mat där ganzer Parzell do uewen an der Zone verte. Dat heescht, mir hunn do deementspriechend den APD jo dann den 2.7.2021, d'Presentatioun hate mer bei Iech de 7.7.2021. Mir konnten doropshin awer eréischt den 2.2. eng Autorisatioun ofginn, well mer do plus minus den Datum haten, wéini dat da kéint iwwert d'Bün gaange sinn, dass mer do uewen dann hätte kéinte bauen.

Dunn, well dat eréischt am Juli 2022 jo ëmklasséiert gouf, hu mer dunn den Accord vun der Gemeng den 29.9.2022 kritt. Do ass schonn eng jett Zäit einfach verluer gaang, well mer doropper hu misse waarden. Dunn hu mer natierlech direkt schonn November, nodeems mer dann am September, hu mer direkt déi preparéiert Soumissioun lancéiert. Déi ass, do hate mer der just zwee, déi eis Präisser ofginn haten, do waren och vill Saachen, déi net novollzéibar, vill Präisser, déi einfach net reell waren, och aner Saachen, déi net richteg ofgi gi sinn, duerfir hu mer se missen nach eng Kéier annuléieren.

Dunn hu mer déi nei Soumissioun, den 1.6. also nach eng Kéier dann och den Depot vun der Soumissioun an alles, 2023, gemaach. Dat heescht, och schonn aleng doduerch hu mer ganz vill Zäit verluer. Ëmklassifizéierung plus nach eng Kéier eng nei Soumissioun lancéieren, well einfach éischtens net ganz vill Leit zu där Zäit enormément drun interesséiert waren, Entreprisen, an awer och mir net wollten einfach eppes duerchgoen, wou herno nach méi onerwaarte Supplementen doduerch ginn, well dat hätte mer guer net kéinte clôturéieren. Nach zu där Fro, och Viabilisatioun, do hu mer e gudde Montant Rescht. Ech war elo amgaangen entretemps ze kommunizéiere mam Büro, do hunn ech nach net alles. Ech hoffen, dass ech elo vläicht nach wärenddeems déi Zomm,  mee mir hunn eng Moinsvalue, also do si mer gutt mam Budget, well mer och do probéiert hunn, Saachen, déi aneschters konnte geplangt ginn, well do uewen einfach op eemol da Phase konnte méi zesummegeluecht ginn, well eeben d'Entreprise, déi herno d'Soumissioun kritt hunn, eng aner Capacitéit hunn. Dat hu mer probéiert ze notzen, fir dass mer do awer och Moinsvaluen deementspriechend konnten och do verbuchen, déi ech elo leider net dobäi hunn. Mee dat kann een awer och nach noreechen. Well och do hu mer opgepasst, well mer jo och déi zwee Projeten do e bësse parallel begleet hunn, fir dass do net alles insgesamt och ausend an och wierklech just gemaach gëtt, wat wierklech néideg ass.

Op dee Punkt zréckzekommen, déi ganz Assurancen, dat war eng Kéier virdrun ugeschwat ginn. A well dat einfach net esou geleefeg war, dass déi gemaach ginn, waren se du fir de Vott beim Budget ewechgelooss ginn. Dono, wéi dunn iergendwann och, se ass méi spéit och komm, mir ware scho bal amgaangen, well du kriddeleg Saachen, Situatioune beim Ofrappen direkt niewent der Faune sauvage etc. op eis duerkomm sinn. Du war einfach gesot ginn, et géif sech rentéieren, wann do eppes passéiert, dass een do couvert ass an dass Dir och insgesamt mat där Situati-

oun do uewen, wou och aner, soen ech emol, Argumenter matspillen, dass der méi couvert wäert, wann eppes géif passéieren. Doduercher sinn déi mat dobäikomm. An den Tour risque chantier, deen och nach eng Kéier déi 16.000 Euro ausmécht, ass och dunn eréischt decidéiert ginn, well mer awer déi éischt Méint gesinn hunn, dass do uewen eng jett Leit einfach och probéieren, trotz deene ganze Clôturagen etc., an och doduercher d'Kamera, ëmmer erëm probéiert hunn, op dee Chantier ze kommen. An dat war net nëmmen, dass et geféierlech ass, mee dat ass och duerch d'Dégâten, déi mer wollten evitéieren, dunn decidéiert ginn, well och eng Tout risque chantier, wann eppes passéiert, dann iwwerhëlt eng Assurance, anstatt dass déi einfach nëmmen do nach einfach nach dobäi komm wäre bei de Budget elo supplémentaire.

Jo, de Lift, fir op de Lift ze kommen. De Projet ass méi wéi eng Kéier mat den Utilisateuren duerchgeschwat ginn, wéi mer awer dunn nach eng Kéier kuerz, wéi dann, soen ech mol, de Projet méi definitiv clôturéiert war an och wou si, muss ech soen, och an der ganzer Zäit net ganz vill gefrot hunn, also definitiv net, war awer iergendwann, wéi mer eng Kéier, wéi mer d'Déierenasyl kucke waren op Schëffleng, dunn ass hinnen einfach och op eemol opgefall, dass dee Lift, vu que dass se en plus zu där Zäit ëmmer manner Benevollen haten, hu se gefrot op de Lift kéint goen, dee méi grouss ze maachen, dass se mat enger ganzer Pallett kéinten erafueren. Dat géif hinnen de ganzen Alldag och erliichteren, well se ëmmer manner Leit hunn an ëmmer méi mussen och fir d'Déiere Material erbäischafen. An du war säitens vun der Gemeng och gesot ginn, dee Wonsch, vu que dass se bei villen anere Saache ganz einfach sinn, du bewëllegt ginn ass. D'Chatièren ass haaptsächlech, jo, si wollten et kënnen och duerch dee Manque geréieren. Dat war awer initial dran. An dunn ass awer elo, well sech einfach d'Technik déi Joren an där ganzer Steierung geännert hu fir d'Chatièren dat bäigeholl ginn an doduercher och do de Supplement accordéiert ginn, fir dass se da besser Chatièren, déi och Iech dann herno manner am Entretien kaschten an och d'Durée de vie ass och weesentlech méi laang wéi déi, déi initial dunn um Marché waren.

Alles wat mer och elo haten, jo, dat op déi Fro anzegoen, ass dat elo dat wat honnertprozenteg sécher ass? Neen, mir si jo nach net ganz fäerdeg. Mir hunn nach eng Partie virun eis. Dat heescht, et soll geplënnert ginn, vläicht d'nächst Joer géint Abrëll. A wa mer elo plënneren, da kënnt natierlech dat grousst Ofrappe vun dem jëtzegen Asyl. Dat ass alles am Budget mat dran. Wann do natierlech elo Imprevue sinn, déi kann haut guer kee Mënsch nach matdeelen. Ass do iergendeppes nach am Buedem? Sinn do nach aner Saachen? Et ass probéiert gi vun eiser Säit an ingenieurtechnesch alles iergendwéi ze clôturéieren. Souwéi bei deenen anere Sous-oeuvren och. Etude de sollen och. Wann do awer eppes kënnt, do kann elo fir de Moment keen dra gesinn. Dat ass einfach nëmmen, do steet eppes. Do weess kee wat drënner ass, zum Beispill. Mee et ass awer och do schonn alles dran, wat fir en normalen Ofrappen, fir en normaalt Terrassement fir eis néideg ass a fir den Ingenieur.

Ech wollt vläicht just dat zu de Subsiden dann derbäi setzen. Mir hate jo zwee Ministeren, déi eis besiche komm sinn. An natierlech war dat ëmmer ee Punkt, dee mer direkt mat hinnen ugeschwat hunn. A mir kruten do ëmmer, also mëndlech verséchert, dass mer net bei deem Montant bleiwen, deen si elo eis ënnerstëtzen, dee votéiert ginn ass. Mee dass si eis do, also Iech, mat ënnerstëtzen. Wéi ee Montant dat elo ass, kënne mer natierlech net soen, mee mir hunn do net Rou gehalen, fir do och ëmmer dann nozefroen an och ze erklären. Ech menge mir hu jo hei eng ganz richteg Erklärung, dass net einfach esou dee Montant gestiigen ass. A voilà, déi mëndlech Zouso krute mer. An och, par rapport zu de Subsiden an der Accessibilitéit à tous, dat war e Projet existant sur papier. Dat heescht, mir kënnen och do Subsiden ufroen, déi sech am Beräich vu 24.000 Euro beweegen. An dat wäerte mer natierlech och, deen Dossier, well mir jo och domadder befaasst sinn, fir déi Certificaten auszestellen, déi wäerte mir natierlech och ufroen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci. Wëll nach ee vun eise Gemengeservicer? Wëll nach den Här Peiffer op e puer Punkten agoen oder huet Der den Tour gemaach? Soss géife mer iwwerhuelen. Okay, gutt. Da villmools merci, fir déi doten Erklärungen. Ech wéilt op e puer Punkten agoen an da géif och de Manderscheids Ren op e puer Punkten agoen. Sécherlech deen Devis, dee mer hei virleien hunn, deen deet wéi. A mir si sécherlech net frou, dass mer iwwer 2 Millioune méi mussen hei ausginn. An awer mengen ech ass et wichteg, dass d'ëffentlech Hand an den Déiereschutz an d'Déierewuel och weider investéiert. A wann een hei virféiert, déi Responsabilitéit vu ville Leit, dass d'ëffentlech Hand dofir muss hierginn, wéi d'Madamm Kayser gesot, ma da kann ee ganz vill Projeten a Fro stellen, déi d'ëffentlech Hand mécht, wann ee fousst op déi Responsabilitéit vun eise Leit an der Gesellschaft.

Ech loossen net gëllen, dass mer hei intransparent gehandelt hunn, well mer hei an engem Prozess waren, an ech mengen Dir hutt jo eraushéieren aus den Erklärungen, dass mer permanent an Diskussioun waren, och mam Betrib, fir ze kucke wat et vun Moins-valuen och gëtt a wéi een do kann deementspriechend effektiv dat Ganzt erofdrécken. Well par rapport zum Bauindex hu mer absolutt guer keng Méiglechkeet dranzefuschen. An d'Madamm Ahmedova sot, kann een net den Tëschebilan maachen? Et kann ee ganz gären och an engem informelle Gemengerot en Tëschebilan maachen, mee Dir musst awer wëssen, wéi gesot, dass een ni bis zum Schluss. Ech mengen dat wat mir Iech hei presentéieren an all Detail ass, well mer alles konnten oplëschten. An dofir si mer hei grad transparent an eeben net intransparent. Mir sinn hei transparent, well

Dir hutt hei schwaarz op wäiss, hei grad an dësem Gremium, dem Gemengerot, schwaarz op wäiss virleien, wou d'Rees deementspriechend higeet. An et ass esou an net aneschters wéi ech mer et virstellen, dass de Gemengerot alleguerten d'Donnéeën zur Verfügung huet, fir kënnen nozevollzéien, mat den néidegen Erklärungen, firwat ass déi Präishausse stattfonnt huet. Also ass dat transparent an net intransparent, esou wéi d'CSV et seet, well souwi-

sou d'CSV leet d'Transparenz effektiv dann duer, esou wéi et si ëmmer deementspriechend arrangéiert an ass och a ganz ville Punkten intransparent. An ech wäert natierlech drop higoen, et ass e bëssen esou à Geometrie variable bei der CSV. Hei muss natierlech elo jidderee kucken, déi eng méi kohärent, déi aner manner kohärent, wéi eng Responsabilitéiten e huele wëll als Vertrieder vun der Stad Diddeleng, als gewielte Vertrieder vun der Stad Diddeleng, punkto Déiereschutz an Déierewuel, well mer hei, mengen ech, ganz kloer Leit ënnerstëtzen, déi am Alldag, benevole an och professionell, sech fir den Déiereschutz an den Déierewuel hierginn. An et mengen ech och d'Aufgab ass vun der Gemeng, se deementspriechend ze ënnerstëtzen.

Par rapport zum Subsid si mer, ass d'Madamm Friederici drop agaangen, mir haten elo kierzlech nach d'Visitt vun der neier Agrikulturministesch an effektiv hu mer do dat nach eng Kéier virgedroen an elo nom Vott hei vum Gemengerot ass et un eis, wéi gesot, nach eng Kéier den Devis ranzeschécke fir dann och ze kucken, méi Subsid ze kréien. D'Dier ass op alle Fall deementspriechend do op.
Wat d'Fro war par rapport zu den Installatiounen, wat iwwert zwou Millioune jo ass, wou mer och hei gestëmmt haten, do leie mer de Moment am Budget. Och dat war jo eng Fro vun der Madamm Kayser. Wéi gesot, dat och nach deementspriechend dozou.

Ech mengen net, dass dat heiten en Nice to have ass. Et ass vläicht der CSV hir Meenung. Et ass net d'Meenung vun dëser Majoritéit. Ech weess net wéi déi aner sech positionéiert hunn. Déi eng méi kloer, déi aner e bësse méi nuancéiert. Mee Diddeleng ass e Centre d'attraction régional. Mir hunn eng regional Aufgab, mir sinn eng CDA-Gemeng. An do gehéiert natierlech och zum Aufgabeberäich Strukturen ze hunn, déi regionale Charakter hunn. Esou wéi et och am Aménagement du territoire virgesinn ass. An et ass sécherlech net d'Aufgab vun enger Gemeng, sou wéi d'CSV et effektiv erabruecht huet, well d'Madamm Kayser sot zwar, et ass hei net d'Diskussioun, mee ech bréngen et awer hei zur Diskussioun, eng Déierepensioun hei ze hunn, déi e kommerziellen Zweck huet. Dat heiten huet effektiv d'Aufgab vun der ëffentlecher Hand, an eng Déierepensioun huet e kommerziellen Zweck, dat ass net d'Aufgab vun der Gemeng, dat deementspriechend och hei ze maachen.

Ech sinn e bëssen awer och verwonnert, Här Meyer, Dir sidd dach am Fong Fanatiker vun de Kameraen als DP, wann een Iech nolauschtert landeswäit. An hei reegt Der Iech op, dass mer 9.000 Euro ausgi fir Kameraen. Mee ech mengen, dass och d'Madame Friederici an d'Madamm Glock Iech och déi néideg Erklärunge ginn hunn, firwat dass déi Kameraen do sinn. Si sinn deementspriechend als Schutz. Also wéi gesot, mir si ganz gäre bereet, mol an engem Gemengerot en Tëschebilan ze maachen, mee et muss ee wëssen, dass et dann en Tëschebilan ass, dass et net complementaire, fir datt haut dee genaue Montant wäert virleien an och alleguerten déi Detailer wäerte virleien, déi mer effektiv Iech hei deementspriechend och presentéiert hunn. Wéi gesot, dat war et zu den Ausféierungen, déi ech gären hei nach wollt ginn. Also hei bleiwen nach e puer Hausaufgaben ze maachen en vue vun der Ouverture am Fréijoer. Och nach ze kucken, fir déi néideg Subsiden ze kréien. An ech mengen do kann och nach de René Manderscheid e puer Informatiounen ginn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech wëll just iwwert d'ASBL mol e bësse schwätzen. Hei ginn e puer Saache vermëscht. Effektiv, hei gëtt deen Devis, wou mer elo hunn, dee remanié, 8,8 Millounen, och dee freet mech net, mécht mech net glécklech, dat ass ganz kloer. Mee hei gëtt och d'Fro an de Raum gestallt, wat d'ASBL dann zu deem Finanzement bäidréit. Ech wëll mol soen, déi ASBL, dat ass eng Ekipp vu Benevollen. Déi maachen dat an hirer Fräizäit. Déi afferen hir Fräizäit. An déi ginn alleguerten nach eng gereegelter Aarbecht no déi meescht. E puer Pensionäre sinn dobäi. An ech ka mer net virstellen, dass déi aus hirer eegener Täsch hei ganz vill kënne bäisteieren. Eng ASBL, déi lieft vun Donen a si liewe vun de Subside vun de responsabele Ministèren och hei an deem Projet. D'Ministèrë leeën dozou bäi. Awer d'ASBL selwer, déi muss kucken, dass se eens ginn. Dat heescht, si liewe vun den Donen. An heiansdo kréien se och effektiv déi eng oder déi aner Ierfschaft.

Ganz au départ, wéi mer hei driwwer geschwat hunn, dat hei, deen Neibau, do war eng Ierfschaft am Raum, déi huet sech awer zu deem Zäitpunkt zerschloen, dat ass näischt ginn. Ech hunn awer net méi spéit wéi gëschter mat dem President geschwat gehat, fir ze kucke wéi d'aktuell Situatioun ass. A si als ASBL, si hunn ënner anerem och véier Leit am CDI, déi do schaffen hunn. A si hunn der dräi am TUC a si hunn een CAE. Dat heescht, déi Leit musse kucken, dass si a) Leit agestallt kréien, déi hinnen hëllefe beim Administrativen an och bei där alldeeglecher Aarbecht um Terrain. An da, wéi gesot, mussen se kucke mat deene wéinegen Donen, wou se hunn, deenen déi Pai och nach ze bezuelen. Well de Ministère deckt net alles of. Och mat hiren Donen, mat hiren aner Saachen, déi se esou rakréien, mussen se och nach déi Paie bezuele vun deene véier CDIen, d'TUCen, dat ass jo eng aner Geschicht, an den CAE och. Mee, wéi gesot, se mussen da Paie geréieren.

A wann ee gesäit, dass si réischt 2020 als Utilité publique unerkannt gi sinn, ech ka mech erënnere wéi ech 2004 Schäffe gesinn, do war nach d'Famill Misteri, war déi nach President a Sekretär, déi hu laang, laang misse kämpfen, dass iwwerhaapt déi ASBL unerkannt ginn ass, dass déi Leit, déi hinnen och en Don maachen, oder dass déi dat och kënne vun de Steieren erofsetzen opgrond vun där Utilité publique sinn effektiv och erëm e bësse méi Done komm. An och haut ginn d'Donen, spruddelen d'Donen net, dat muss een och ganz kloer soen, soudass d'Fro, wat d'ASBL finanziell hei ka bäileeën, wa se dat da wëlle kënne maachen, bescheiden ass.

Si kënnen natierlech och soen, wa mir hinne soen, hei Dir muss eppes bäileeën, sou vill, da kënnen déi soen, okay, da maache mer de Buttek hei zou, dann hutt Der net nëmmen e Gebai hei vun 8,8 Millounen, mee da musse mer och nach eng Ekipp bezuelen, astellen, déi d'Gerance mécht vun esou engem Déierenasyl. Dat musse mer och bedenken. Duerfir, d'ASBL huet och elo eng Entrevue bei eis uge-

frot am Schäfferot. Ech hunn de Bréif hei leien, deen ass net méi spéit wéi gëscht erakomm, wou se effektiv froen, fir déi Konventioun, déi mer mat hinne jo hunn, fir déi mol erëm an d'Joer 2025 ze bréngen, also ze aktualiséieren. A se froen och da ganz kloer dran, wéi déi zukünfteg Aarbecht soll, d'Zesummenaarbecht soll ausgesinn. Sief dat finanziell, logistesch, awer och administrativ.

Dat wéi gesot, ass eng ASBL vu Benevollen, an déi stoussen ëmmer méi un hir Grenzen, a) well ëmmer d'Aarbecht méi grouss gëtt a b) well ëmmer manner Benevolle bereet sinn, sech ze engagéieren. Duerfir musse mer hei oppasse wéi mer mat deene Jongen a Meedercher ëmginn, dass mer se net iwwerfuerderen, virun allem finanziell, sondern dass mer do als ëffentlech Hand hei eis Verantwortung iwwerhuelen. A mir wäerten dat als Diddelenger Gemeng och ganz kloer maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, René. Ech wollt do nach bäifügen. Jo, d'Déierenasyl ass jo, an dat hu mer eraushéieren, eng kleng Ekipp vu Benevollen. A si hu jo vu sech aus elo hei eis och matgedeelt, dass se en Apport wëlle maachen.
An ech wëll hei d'Fro stellen, léif CSV, hutt Der jee bei Sportinfrastrukturen, déi mer Diddelenger Sportsveräiner zur Verfügung stellen, Iech geäussert, dass déi sech musse finanziell dru bedeelegen? Ech hunn Iech ni héieren. Vläicht, well effektiv d'Déierenasyl net esou e grousse Lobby och deementspriechend huet. Dat wär eng kohärent Positioun gewiescht vun der CSV. Mee hei gesäit een, dass déi Kleng ausgespillt gi vis-à-vis vun anere Veräiner. An dat fannen ech, muss ech soen, ganz, ganz schued, dass esou en Discours och vun Iech aus hei gefouert gëtt. Voilà. Dat wollt ech nach effektiv dozou soen.
Jo. Wëllt Dir nach eng Stellungnam.

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Däerf ech? Also ech hunn elo hu missen d'Wuert ergräifen, well ech muss soen, dass ech schockéiert sinn iwwert d'verschidden Aussoen, déi ech haut hei héieren hunn. Well ech wëll just drop hiweisen, datt mir als Gesellschaft och eng kloer Verantwortung hu fir de Schutz a fir d'Wuelbefanne vun den Déieren ze suergen an deen och ze garantéieren. Déieren si lieweg Wiesen a keng Géigestänn. An déi kënnen net fir sech selwer schwätzen. Dofir ass et un eis, fir Entscheedungen ze treffen, déi hir Gesondheet an hiert Recht op en déieregerecht a würdegt Liewe respektéieren. D'Déiere kënnen net fir d'Verantwortungslosegkeet vun de Mënschen.

Wann Déieren ausgesat oder vernoléissegt ginn, da si déi Schwächst, déi d'Konsequenzen droen an net déi Leit, déi sech hirer Verantwortung entzunn hunn. A genee do huet eng Gemeng, eng ethesch a sozial Flicht ze agéieren. Wat solle mir soss mat hinne maachen? Se aschléiferen? Also ech weess net, wat d'Alternativ ass. Eng Déierepensioun? Wat mécht eng Déierepensioun? Also ech verstinn déi ganz Diskussioun net. Et ass mir, also wéi gesot, ech si schockéiert. A ganz éierlech, Verantwortung kascht nun eemol. An et dierf net sinn, dass mir eiser Verantwortung, dass mir eis där aus Käschtegrënn entzéien. Also, éierlech gesot, ech muss soen, dass Déiereschutz, hat ech mer zwar bei verschidde Parteien op méi enger héijerer Plaz virgestallt. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. Ech hunn nach zwou Tëschefroen. Och nach eng Kéier Merci un den Architektebüro, éischtens emol fir déi Explikatioun. Ech hat dat virdru ganz vergiess, och an eisem Numm. Ganz frou sinn ech och ze héieren, dass Der kuckt bei der Viabilisatioun vum Terrain och do e bëssen d'Präisser ze kompriméieren. Dat begréisse mer natierlech. Ech hu just eng, zwou konkreet Froen nach eng Kéier. Éischtens emol, ech hat gefrot mat där Clôture zur Wëlldéierendéngen, ob do och eng Participatioun ass vum Staat? Well d'Wëlldéierestatioun ënnersteet jo vum Staat. Dann zweetens, déi Kamerageschicht, do ass jo natierlech och d'Fro, hu mir do eng Ufro gemaach, dass mir, well déi Kamera ass jo, wann ech dat elo héieren, ass déi immens wichteg, dass mer dee Chantier do iwwerwaachen, dass net iergend e Béisen do eppes klaut? Ass do och ugefrot ginn, dass mer déi kënnen auswäerten? Well ech mengen dat ass jo och eng Demarche, déi dann awer och muss gemaach ginn, well soss sinn déi Biller, déi mer do vun där Kamera kréien, och just nice to have.

Ech wollt awer och nach eng Kéier soen, wann Der elo sot, mir géifen ni monéieren, dass d'Sportsveräiner missten iergenden Apport bréngen. Ech wëll just soen, Scouten, déi maachen dat. D'Scoute mussen en Apport bréngen. Déi hunn Invester an déi kréie 50 % Subsid vum Staat, 25 % vun der Gemeng. An de Rescht mussen d'Scouten an hiren Homen selwer opkomme fir dat, wann se do eng Renovatioun hunn. Dat wollt ech just soen. An da wollt ech awer och nach soen, Merci och fir déi exzellent Explikatioun, firwat et zu deenen Delaie komm ass. Dir hat dat och schonn 2021 gesot. Dofir hat Der jo och schonn de Montant estimatif mat 2022 uginn, well Der gesot hutt, well den Terrain nach net, also well déi Zon nach net bebaubar war dee Moment.

Dat heescht, do musse mir eis och als Gemeng bei der Nues huelen, well mir hunn déi Zon jo eréischt ëmgewidmet, Dir hutt et gesot, am Juli 2022. Dir konnt guer net éischter ufänken. Dat muss een och emol eng Kéier, hei soen. Ma firwat renne mer dann esou virun de Won an hätte mer do net kënne soen, oh do kënnt awer nach eppes op eis duer? An dann, ech si frou, dass den Här Buergermeeschter gesot huet, hie géif eis en Tëschebilan maachen. Ma ech denken 2023 wär de Moment gewiescht, fir en Tëschebilan ze maachen, fir ze soen, hei mir konnten net 2021/2022 ufänken. Dat ass dat, wat mir och gären hätten. An ech mengen do sinn ech net deen Eenzege vun den Oppositiounsparteien, déi dat ëmmer freet. Kommt bei eis, schwätzt mat eis, sot hei esou an esou, dofir konnten se net éischter ufänken, dofir ass et méi deier ginn. Wéi gesot, déi Transparenz, déi begréisse mer natierlech. Oder déi Ouverture begréisse mer ausdrécklech. A voilà. Wéi gesot, et waren nach déi zwou Froen, déi ech wollt stellen. Merci.

NADINE GLOCK, FG ARCHITECTES: Also mir waren déi Kéier gefrot ginn, wéi de Chantier ugefaangen huet, déi Clôture do an d'Luucht ze zéien. Déi war eng, dat waren e puer Meteren, déi do hu missen hikommen. Déi waren och deementspriechend méi einfach, wou mer proposéiert hunn. Dunn ass awer och vun hirer Säit gefrot ginn, dass dat muss Holz sinn, dat muss esou héich sinn, et cetera.

Wat do awer elo, dat ka vläicht do de Jeff vläicht beäntweren, ob e si do eppes mat do bäileeën. Dat wësse mir net. Mir si just gefrot ginn a mir hu just, soen ech emol, eppes virgeschriwwe kritt, wat mer sollen dohinnersetzen. Dat hu mer och gemaach. An och deementspriechend just nach eng Kéier zur Viabilisatioun. Ech hunn elo entretemps e ganz klengen Zwëschebilan, dass mer do ëm déi 44.000 Euro hors TVA awer och nach eng Kéier iwwereg behalen, déi dann deementspriechend vun deem Budget dann och iwwereg bleiwen. Dat ass dat, wat ech elo ka soen. Dat anert, do weesst Du vläicht Bescheed, ob do eppes nach zréckkënnt oder net?

JEFF PEIFFER, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES : Jo, also wat déi Clôture ugeet, do weess ech net, ob déi eppes do wëlles hu bäizeleeën. Si hunn déi Clôture gefrot gehat, fir eeben hir Déieren ze schützen. Well et ass eise Chantier a mir mussen eise Chantier géint hir Déiere schützen. A mir hunn dat absolutt noutwendeg fonnt, well déi hunn dat zimmlech, déi hu ganz vill Wäert dodrobber geluecht.
Ech wollt awer och eppes zu der Kamera soen. Déi Kamera, do war d'Propos gemaach gi fir de Chantier am Zäitraffer kënnen ze filmen, fir dass een herno eng schéin Opnam huet. An esou wéi mer dat beim Hall polyvalent gemaach hunn. An am Nachhinein hu mer och geduecht, jo, dat arrangéiert eis och wéinst dem Vandalismus oder wann iergendwéi do agebrach gëtt oder esou, da kënne mer dat och nach kucken. Et huet awer keen dru geduecht, fir dat unzefroen. Dat muss ech och soen, dat ass net gutt. Awer esou eng Kamera, déi kascht och am Entretien, well do musse permanent déi SIM-Kaarten, also déi Datekaarten, déi mussen echangéiert ginn. An d'Kamera ass am Bësch, déi verknascht a esou weider, musse propper gemaach ginn. Also do ass och en Entretien, deen elo wärend zwee Joer oder zweeanenhalleft Joer gemaach muss ginn. An dofir dat erkläert dann de Präis. Do ass awer alles mat dran. Plus d'Datenauswäertung an déi ganz Main d'oeuvre, déi dozou gehéiert. Voilà, dozou.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay, merci nach eng Kéier och fir déi doten Erklärungen. Ech wollt just, par rapport zu der Remarque vun der Madamm Kayser, dass mer virun de Won gespronge sinn. Eebe grad net! Et muss ee jo wëssen, dass, wou mer de Budget hei gestëmmt hunn am Juli 2021 an och dee ganze Volet ronderëm d'Installatiounsaarbechten, connexe war jo och dee ganze Projet vun den Installatiounsaarbechten zesummen och mat Natur an Ëmwelt, déi jo Bauhär si bei hire Präisser effektiv um ganze Site. An d'Iddi jo och kloer war, dass, wann een hei de Projet stëmmt, d'Ausschreiwung, d'Aarbechten ufänken, dass effektiv och den Timing ofgestëmmt war par rapport zu der Mise en vigueur vum PAG 2022, wou mer jo och déi Ännerungen och gemaach hunn.

Dat heescht, et war schonn eng Zäitschinn, déi mer eis ginn hunn. Bon, elo si mer effektiv mam PAG och e bësse méi a Verzuch geroden. Ech mengen dat wësst Der, hein? Deen hutt Der och hei jo matgestëmmt respektiv net matgestëmmt. Ech mengen dofir war och an der Planung, hu mer eis jo e gewëssen Timing ginn. An dat war jo och gekuckt, mam Architektebüro, mat eisem Service Architecture et Domaines, fir dass mer dat effektiv an deem Zäitraffer do deementspriechend kënne maachen. Ech wëll elo d'Diskussioun net nach eng Kéier opmaachen. Ech muss eng Kéier zum Vott iwwergoen,

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma d'Äntwerten op der Madamm Ahmedova hir Froen, déi se virdrun opgeworf hat, déi si jo all komm, och dat mat de Subsiden, an dass dat nach eng Kéier nogefrot gëtt, dat war eis och immens wichteg. Effektiv hat d'Madamm Ahmedova virdrun de Volet vun der Transparenz ugeschwat an et op d'Bautekommissioun deklinéiert. Et wier effektiv interessant gewiescht an der Finanzkommissioun driwwer ze schwätzen. Mir hunn do ganz oft déi Tableauen an do stoung effektiv elo ni eppes dran. Ech mengen et hätt net schlecht gedoen, awer iwwert déi Joren eng Kéier drop anzegoen, wéi vill dat dote méi deier gëtt. Ech mengen och do zu deem Zäitpunkt, wou dat do gestëmmt ginn ass, war ech perséinlech nach net am Gemengerot. Dat heescht, ech perséinlech wosst elo net, dass dat esou vill méi deier géif ginn. D'Madamm Ahmedova huet virdrun erkläert, dass déi 38 % vun dem Bauindex, dass dat eeben dat ass. Mir stinn och hannert engem Déierenasyl, well et dat definitiv brauch.

An dee vun Iech heibanne schonn eng Kéier an deem aktuellen Déierenasyl war, fir eng Kaz oder en Hond sichen ze goen, dee weess, wéi dat dobannen ausgesäit a wéi vill Leit do amgaange sinn an ënner wat fir enge Konditiounen, dass déi do aktiv sinn. An dass et wierklech dréngend noutwendeg ass, dass déi eppes Neits dohinner gestallt kréien. Wien A seet, muss och B soen. Mir hunn dat deemools matgestëmmt. Dat heescht, mir stëmmen et och haut mat. Natierlech mat vill Bauchwéi, well et effektiv méi deier ginn ass, mee mat den Erklärungen, déi mer ginn hunn a mat deenen, déi mer kritt hunn. A mir hoffe wierklech, dass sech do eppes un de Subsiden deet a wiere frou driwwer um Lafende gehalen ze ginn, wou déi Saachen do dru sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Steffen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. ***Wien ass mam Devis remanié averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, LSAP, DP an den ADR. Wien ass dergéint? Dat ass déi Lénk an d'CSV.*** Okay, villmools merci. An och villmools merci fir Är Presenz an Är Erklärungen.

**2.11. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Reamenagement vun zwee Lokaler vun der regionaler Musekschoul am Centre culturel regional**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. An dat ass d'regional Musekschoul. Do hu mer och en Devis virleien. Do ginn ech dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Ech begréissen eisen Direkter vun der regionaler Musekschoul, de Bob Morhard. Voilà, hei geet et ëm den Devis estimatif fir de Reamenagement vun zwee Lokaler an eeben eiser regionaler Musekschoul. 2007 war d'Ouverture vum Gebai an do gouf et zwee Büroe fir d'Administratioun, ee fir d'Sekretariat fir eng Persoun an eng Direktioun fir eng Persoun. 2025 elo awer si se am Ganzen zu sechs an et fänkt wierklech u relativ enk ze gi mat der Plaz. Mir wëllen awer kee Klassesall verléieren, mee just e Switch maache vu Surfacen. An dat gëtt also dann do proposéiert och an deem Devis, dee mer elo solle stëmmen an deen Iech virläit vun 80.000 Euro. Mir hunn op der enger Säit eng Salle de repos fir d'Enseignanten, respektiv eng Salle de réunion vu 50 m2, déi eigentlech wéineg benotzt gëtt. An dofir gouf proposéiert, d'Administratioun deelweis dohinner als Büro am Open Space ze plënneren.

An där Konstellatioun, do wär da Plaz fir eng Direktioun an eng Administratioun vu siwe bis aacht Leit. Soudatt mer och fir d'Zukunft besser opgestallt wären. Ee vun den aktuelle Büroe gëtt dann ouni gréisseren Opwand als Salle de repos Enseignant respektiv eeben als déi Salle de réunion transferéiert. Wat sinn elo hei d'Avantagen? Bon, mir hu wéi gesot kee Verloscht u Surfacë fir eisen Enseignement musical. Mir hunn e Regroupement och vun der Administratioun op enger eenzeger Plaz. A Plaz dann och fir eng weider Persoun, sollt dat an Zukunft iergendwann dann néideg sinn. Mir haten natierlech dann och Reunioune mam Büro Carvalho, déi 2007 mam Paul-Bretz Gebai konzipéiert hunn. An do huet sech da Follgendes erausgestallt. Et handelt et sech eigentlech bei den Aarbechte just ëm Menuiserie, Peinture, Informatikreseauen natierlech a Mobilier a keng Interventiounen um Gebai en tant que tel. Et mussen och prinzipiell keng weider Mesuren a puncto Brandschutz geholl ginn. Dir wësst, dat gëtt ëmmer deier.
Den Ëmbau, deen huet och keen Impakt op de Fonctionnement vun der Musekschoul. An d'Aarbechten, déi hunn och keen Impakt op de Fonctionnement vum CNA, vum Centre culturel oder och der Brasserie. Voilà. Dat wär et fir mäin Deel. A wéi gesot, eisen Direkter ass och hei, fir weider Explikatiounen ze gi respektiv op Är Froe kënnen ze äntwerten, wann do nach Froe sinn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Also mir verstinn de Besoin vun dëser Saach, effektiv. Mir gesinn, d'Musekschoul wiisst ëmmer, och d'Administratioun wiisst. An dass deen anere Büro do ze kleng war, fir nach weider Leit dranzesetzen, ech mengen dat gesäit een och an. Mir hunn eis just gefrot, dee Sall do virdrun, dat war effektiv awer esou e Réckzuchsraum fir d'Enseignanten, wa se mol Pausen haten, wou se och Casieren haten, wou se och eng Kopiesmaschinn stoen haten, wou se och einfach mol, wou se och eng Kaffismaschinn stoen haten. Well mir gesinn, dass elo do eng Salle de réunion gemaach gëtt. Ech weess net wéi oft dee Reuniounssall dann en tant que tel benotzt gëtt, mee dann hätte se am Fong guer keen Espace méi.

Soss funktionéiert et vläicht. Mee ech hu gesinn, et ass och elo keng Kopiesmaschinn do. Dat heescht, et misst een awer och verhënneren, dass d'Personal dann ëmmer do laanscht dee Guichet, do bei d'administratiivt Personal seng Kopië maache goe geet. Also ass dat ofgeschwat? Funktionéiert dat mam Personal? Dat war esou e bëssen dat Eenzegt, wou mer eis gefrot hunn. An dat heescht, d'Leit ginn dann an dee Guichet d'accueil an do virdrun ass déi Bibliothéik, also deen Openthaltsraum fir d'Elteren. Dat heescht, dat ännert net. Dat wären e bëssen eis Froe gewiescht. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Jo, mir si jo och natierlech froen, wann d'Personal ënner gudden a korrekte Konditioune ka schaffen. Ech hu just eng Fro. Mir hu jo mol virdrun héieren, wann s de eppes adaptéiers a Besoin d'accessibilité PMR kritt een de Subsid. Do ass meng Fro just ob dat heiten dann och do drënner fält? Dass een do kann ee Subsid ufroen? Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Bon, ech mengen ech wëll och hei als LSAP-Fraktioun soen, dass mer dat Ganzt begréissen. Ech mengen et ass eis och ëmmer wichteg, dass eist Personal ënner optimale Konditioune ka schaffen. An hei si mer jo ëm eng kleng Ëmstrukturéierung vun deene besteeënde Gebaier. A jo, wéi et dann och ëmmer sou ass, ech sinn och frou, dass et de Brandschutz net betrëfft. Well effektiv, wéi d'Claudia gesot huet, ass dee leider ëmmer deier. Merci.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSCHOUL): Déi éischt Fro, et ass einfach e Switch vun de Funktiounen. Dat heescht, de Sall wou am Moment d'Enseignante sinn, ass aktuell scho Reuniounsraum an Openthalt. Mir tauschen dat just, dee gëtt effektiv ganz wéineg benotzt, well mer entre-temps effektiv och esou vill Enseignanten hunn, wa mer Reuniounen hunn, dass mer do net méi rapassen. Dat heescht, do gi mer souwisou an d'Atelieren ënnenof. Dat heescht, do ass eng Kaffismaschinn virgesinn, do ass och eng Spullmaschinn virgesinn, och Computere fir d'Enseignante sinn am neien Openthaltsraum virgesinn. Do gëtt et just e Switch.
Ech weess, dass de Büro, fir op déi zweet Fro ze äntweren. Ech weess, dass onsen neien Accueil soll PMR-gerecht ginn. Ech sinn elo net den Expert, ob do Subsiden ugefrot ginn, do musst Der vläicht den Här Freitas froen. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech hunn eigentlech u sech näischt méi dozou ze soen. Also wa mer Subsiden zegutt hunn, da freet den Här Freitas dat souwisou automatesch un. Mee vu datt et bis elo näischt am Dossier läit, ginn ech ganz staark dovunner aus, datt mer hei iwwerhaapt näischt zegutt hunn. Mee wéi gesot, mir kënnen awer nach eng Kéier nohaken. A wann, wär de Montant warscheinlech och elo net ganz héich. Mir huelen, wat mer kréien. Genau.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay. Merci och fir déi doten Erklärungen. Kënne mer doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat dësem Devis estimatif averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.12. Allocatioun vu Subsides extraordinaires**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer eriwwer an och dem Bob Mohard Merci. Mee bleift nach e bëssen hei, well den iwwernächste Punkt ass säin. Da géif ech eriwwergoen op Subsides extraordinaires. Do hu mer zwee Subsiden, also zwou Demandes de subside virleien. Den éischte Subside, d'Demande de subside ass vun de Peaux-rouges, de grénge Scouten, déi eng Rei Kandelabere vun hiren Diere musse fréschmaachen, respektiv och dat do erneieren. An do gi mer hinnen hei ee Subsid vun 2692,64 Euro. Et ass jo esou, Dir wësst de Klassiker bei esou Demanden, dass mir 50 % gi vun deem, wat den Educatiounsministère gëtt. Dat ass am Fong deementspriechend och dee Montant. An Dir hutt jo och dann d'Facture jo och hei virleien. An dann och d'Engagement hei vum Educatiounsministère. Dat ass deen ee Volet.

An dann deen anere Volet, dat ass d'Amicale des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme Dudelange. Also am Fong d'Enrôlés de Force, d'ASBL, déi sech iwwert déi lescht, jo, kann een awer soen dräi Joer aneschters opgestallt huet, ganz aktiv a gutt zesummeschafft. Och notamment mam Lycée Nic-Biever, well och do en dediéierten Historiker, Proff sech där Saach unhält mat de Schülerinnen a Schüler. Si maachen do wierklech eng remarkabel Aarbecht och mat deene Jonken. Och am Kader vun der Commemoratioun vun den Zwangsrekrutéierten, awer och am Kader vun der Commemoration nationale insgesamt ass de Lycée Nic-Biever ganz aktiv. Mee hei geet et ëm d'Enrôlés de force, déi eng Rei Aktivitéite wëllen oprechterhalen. Engersäits d'Ouverture vum Musée souwuel, wéi gesot, an der Woch wéi och deementspriechend de Weekend. Och si wëllen, dat gesitt och hei raus, vermeert och mam Lycée Nic-Biever zesummeschaffen. Och am Kader vun der Kommunikatioun. Wat jo och ganz gutt ass.

A wéi gesot, fir dass och dann de Musée des Enrôlés de force ka fonctionéieren, ass et och esou, dass mer dann, et si jo Leit, déi am Fong do d'Ouverture assuréieren, dass mer hinnen effektiv hei, wéi se hei froen, déi Ouverture vum Musée 16 Mol d'Joer samschdes mat zwee Studenten a 4 Mol de Mount mëttwochs a freides. Do sinn effektiv da Persounen, wat net Studente sinn, déi déi Ouverture assuréieren, dass mer se do awer ënnerstëtzen, fir dass se do hirer Missioun kënnen nokommen. Ech mengen, grad wann ee mierkt déi Aarbecht, déi se déi lescht dräi Joer maachen, mengen ech, ass dat heiten e ganz klenge Montant fir eis, fir awer eng remarkabel Aarbecht, déi se maachen. Voilà.

Ass de Gemengerot mat deenen zwee Subsiden averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.



# 3. MUSEKSCHOUL

**Approbatioun vun der Schoulorganisatioun vun der Musekschoul fir d'Schouljoer 2025-2026 – 2. Deliberatioun.**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer eriwwer op déi definitiv Schoulorganisatioun vun der Musekschoul. Da ginn ech dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Oder wéi dat hautdesdaags heescht, déi zweet Deliberatioun. D'Diddelenger Musekschoul, déi setzt och dann dëst Joer an d'nächst Joer weiderhin op Konstanz, Qualitéit, Vernetzung an natierlech och Innovatioun. De leschte 7. Juni, do hate mer eis Journée Porte ouverte an do ginn dann och traditionell ëmmer déi éischt nei Inscriptioune fir d'nächst Schouljoer gemaach. D'Rentrée war och dëst Joer eng ganz gutt mat enger Gesamtschülerinnen- a Schülerunzuel vu 1567. Dat ass op de 14. November, de Bob wäert dat herno soen, dat ass dee Moment, wou op de Knäppche gedréckt gëtt. An domadder si mer och weiderhin, ech hat et kuerz virdru beim Budget scho gesot, déi gréisste regional Musekschoul am Land.

Mir hunn awer ëmmer nach méi weiblech Schülerinne wéi männlech, nämlech 465 Meedercher méi wéi Jongen. Mir ginn dovunner aus, datt do eisen Danzdepartement net onschëlleg drun ass. Mee mir hunn dëst Joer ëmmerhin awer och 5 Jongen, déi sech beim Danzen ageschriwwen hunn. An Dir kënnt jo nach vläicht e bësse Pub dobausse maachen. Jo, bei Verschiddener ass et ze spéit. Bei mir och.

Aktuell hu mer 58 regulär Enseignanten a 7 Remplaçanten, wat haaptsächlech doduerch bedéngt ass, datt mer aktuell e puer Congés de maternité respektiv och Congés parentauxen ze ersetzen hunn, wéi dat dacks de Fall bei eis ass. Vläicht awer nach e puer Remarken och zu der Presentatioun, déi Der an Ärem Dossier leien hat. An de Verglach mat der éischter Deliberatioun, also wéi dat fréier geheescht huet, der provisorescher Schoulorganisatioun, déi mer jo am Juni hei um Ordre du jour vum Gemengerot haten.

D'Form vun där Schoulorganisatioun, dat wësst Der, dat ass zënter deem neie Gesetz eng ganz nei, eng ganz aner. Nieft dem Resümmee vun de Chifferen hänkt och elo dee ganzen Detail mat hannendrun. Bei der éischter Deliberatioun, also bei der provisorescher Schoulorganisatioun, do handelt et sech eigentlech just ëm eng Estimatioun, baséierend eeben op den Inscriptioune vum Joer virdrun. D'Donnéeë vun der zweeter Deliberatioun, vun der defini-

tiver Schoulorganisatioun, also déi mer dann haut wäerte stëmmen, déi baséieren dann op de reellen Aschreiwungen. D'gesamt Minuttenunzuel vun eise Coursen ass méi niddreg wéi bei der éischter Deliberatioun, wat haaptsächlech doduerch ze erklären ass, dass d'Gruppecoursen net alleguerten op e Maximum gefëllt sinn, wat awer eng ganz normal Situatioun ass. Ech mengen de Bob kann och dorop gären agoen, wann do nach Erklärungen néideg sinn.

Déi éischt Deliberatioun, déi provisoresch Schoulorganisatioun also, déi definéiert just eng Enveloppe budgétaire beim Staat, déi eebe bei der zweeter Deliberatioun natierlech dann net soll iwwerschratt ginn. Ech mengen domadder hätt ech elo alles gesot, wat wichteg ass, ouni elo an all eenzelnen Detail anzegoen. Dir gesitt, mir si mat eiser Musekschoul weiderhin um richtege Wee. Mir haten och eng Musekschouls-, eng Iwwerwaachungskommissioun, wou dat doten alles erkläert gouf, d'lescht Woch. A wéi gesot, eisen Direkter, de Bob Morhard ass natierlech do, fir op all d'Froen kënnen ze äntweren, respektiv wann nach e Complement un Informatioune gefrot ass, da wäert hien dat sécher nach besser kënne maache wéi ech

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also dofir fannen ech eis Musekschoul awer ze wichteg, dass elo hei keen eppes dozou seet. Ech hale mech dann awer och kuerz. Ech war nämlech dës Kéier och an der Kommissioun. Dat heescht, déi meeschte Froe sinn einfach scho gekläert dës Kéier. Jo neen, mee ech wollt awer drop opmierksam maachen, dass eis Musekschoul vill Succès huet, dass mer 8 % nees méi Aschreiwungen hunn. Dat weist jo awer, dass et kloer an d'Luucht geet. Dat freet eis och. Mir froen eis just wéi all Joer, Okay, wa mer all Joer ëm 8 % wuessen, dann iergendwann eng Kéier gëtt et e bësse knapp. Mer hu jo elo schonn am Gebai e bësse reamenagéiert. Mol kucke wéi et da weidergeet. Mee bon, dee gréisste Succès, deen huet jo de Moment d'Danzdepartement. Do hoffe mer dann, dass do nach e bësse Plaz ass. An dat wäert jo och souwisou an den nächste Jore vläicht nach eng Kéier plënneren oder nei amenagéiert ginn.

An duerch dat Danzdepartement kënnt och e ganz neie Public. Dat ass och wierklech flott, well dat si Schüler, déi virdru guer net am Fong am Kontakt mat der Musekseducation waren. A mir hoffen dann och, dass se nodeems se dann elo déi initial puer Joren iwwerstanen hunn, dass se och dobäi bleiwen, wann et vläicht e bësse méi seriö gëtt.
Mir waren och frou an der Kommissioun ze héieren, dass och mëttlerweil Schüler aus anere Schoulen, déi eeben am Anzuchsgebitt vun eiser Musekschoul wunnen, dass déi och elo heihinner kommen. Dat heescht, dass mer awer dann och e gewëssene Ruff hunn als Musekschoul, als Danzdepartement, dass déi elo eis vertrauen an och dohinner kommen.

Wat eis och freet ass, dass d'Liste d'attente gréisstendeels ofgeschafft ass. Also dass zumindest all déi Kanner, déi wëllen, dass déi kënnen en Instrument léieren, och wann déi, déi vläicht en zweet wëlle léieren oder d'Adulten da vläicht nach op der Liste d'attente sinn. Mee dat ass ganz positiv.
Mir hunn eis gefrot, vu dass jo elo d'Prozedur adaptéiert gouf a méi laang Zäit ass, fir d'Liste d'attente ofzeschaffen. Mir hate lo net ganz vill vun deem Delai, einfach well mer elo schonn de Gemengerot hunn. Mir hunn eis gefrot, ob ee vläicht dann elo dëst Joer kéint notzen, fir ze kucken, ob elo bis Mëtt Januar oder Ufank Januar nach vill ännert, an ob et da géif Sënn ergi fir vläicht d'nächst Joer Ufank Januar e Gemengerot eréischt just spezifesch fir dëse Punkt virzegesinn, wann dat néideg wier aus finanzielle Grënn. Wann net, dann tant mieux. Also ech streide mech och net drëm, fir Ufank Januar eng Kéier heihinner ze kommen.

An da just awer e leschte Punkt, well dat ass awer eppes, jo, ech froen dat all Joer. Ech hunn et och an der Kommissioun gefrot. Mir haten d'lescht Joer gestëmmt, dass eng Rei Leit vum Personal géifen Employé ginn. Da krute mer gesot, dass dat säit iwwert engem Joer beim Innenministère läit. Do wollte mer awer dat elo hei och nach eng Kéier soen, well dat ass awer problematesch fir déi Leit. Dat mécht awer jee nodeem en Ënnerscheed. Virun allem wann een an d'Pensioun geet, mécht et awer en Ënnerscheed, ob een als Salarié an d'Pensioun geet oder als Employé. Dass dat esou laang schleeft beim Ministère, dat fanne mer wierklech net glécklech. A mir hunn eis gefrot, ob een net och eng Kéier kéint bei eis intern iwwerleeën, ob een déi Konditioune vläicht e bësse méi large mécht, dass e bësse méi Leit dovunner profitéiere kënnen. Well mir wëssen, virun allem, wann een an d'Pensioun geet, dat mécht wierklech en Ënnerscheed fir déi Leit, virun allem fir déi, déi natierlech scho säit e bësse méi laangem schaffen, säit virun 1999, mécht dat en Ënnerscheed. Mee voilà. Also mir wäre frou, wann do de Ministère da géif vläicht och e bëssen urappen, dass déi Leit dat awer deemnächst zougerechent kréien, wat mir virun iwwert engem Joer ofgestëmmt hunn. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Jo, och vun eiser Säit natierlech Felicitatiounen un d'Musekschoul, och un d'Direktioun, well, wéi gesot, dat ass, déi halen dat Ganzt zesummen, dat ass jo och ganz wichteg. Ech denke wat och interessant ass, dat ass jo dëst Joer, wat en neie Moment ass, dass de Ministère dee Circulaire rausginn huet, dass et dann net méi musst op de 15.11. eng definitiv Schoulorganisatioun, entre guillemets, ofginn. Well d'lescht Joer war do de Problem, dass mer awer e puer Abandonen och nach duerno hunn. An elo ass dat jo awer verlängert ginn op den 31.12. Ech mengen do huet de Ministère sech e bëssen un d'Doleancë vum Terrain ugehalen. Ech wollt just awer allgemeng froen: Hutt Dir och elo scho rëm wéi déi lescht Joren och e puer Abandone gehat? Oder wéi vill? Kann een dat quantifizéieren? An dann hu mer jo duerch d'Waardeléschten denken ech och ëmmer erëm Leit, déi da kënnen deen Abandon opfänken.

An et war jo och gesot ginn, dat ass och e bëssen doduerjer, well d'Musekschoul jo och elo gratis ass. Dat ass jo eng Offer, déi gratis ass. An dass dann d'Leit einfach e bësse méi ondisziplinéiert vläit einfach hir Kanner mol umellen. An dann och vläicht awer net schécken, wéi ass do Är Approche? Hutt Der d'Gefill, dass dat sech awer e bëssen agependelt huet? Oder ass dat nach ëmmer e Problem? An ech wollt och nach eng Kéier felicitéiere fir déi exzellent Presentatioun. Dat muss een och nach eng Kéier soen,

beim Trounwiessel, do hat eis Musekschoul eng immens Presenz. An do war och ee vun deene puer Bouwen, déi an der Danzgrupp sinn, de Max, deen huet eng exzellent Performance gemaach. A wéi gesot, mir hoffen, dass dat och vläicht e Boost ass, dass och vläicht méi Jonge sech dann och vläicht melle fir am Danzdepartement. Also nach eng Kéier Felicitatioun och vun eiser Säit, fir déi ganz Organisatioun an och Felicitatioun un alleguerten d'Enseignanten. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen und Kolleegen, ech wëll mech emol als éischt direkt der Madamm Thoma hirem leschte Punkt uschléissen. Ech mengen och mir sinn dofir, dass do eppes eventuell muss geschéien. Also do si mir sécher als LSAP-Fraktioun och dofir. Mir schwätzen hei awer net nëmmen iwwert eng Schoul, mee mir schwätzen iwwert ee kulturelle Pilier, deen e Raum schaaft fir Talenter, Kreativitéit an Zesummenhalt, eis regional Musekschoul. D'Zuele schwätze fir sech. Sechs Prozent méi Schüler, aacht Prozent méi Aschreiwungen an iwwer 1634 Schüler, wou der sech nach 120 awer op der Waardeléscht befannen. Dat weist wéi grouss dës Demande ass. Hannert dësen Zuele stinn awer och 63 Enseignanten, déi duerch hiert Engagement an hir Passioun Dag fir Dag dofir suergen, hir Schüler a Schülerinne weiderzebréngen. D'Zuel vun den ageschriwwene Schüler ass dëst Joer ëm sechs Prozent an d'Aschreiwunge sinn ëm aacht Prozent geklommen. Wéi gesot, dat weist schonn ewéi et virugeet an der Musekschoul.

Wéi scho gesot, si 1634 Schüler definitiv ageschriwwen, dovunner 598 Jongen an 1036 Meedercher. 1267 Schüler si Residenten, 367 Net-Residenten, dovunner 56, déi aus der Grenzregioun kommen. Wat awer och schonn net schlecht ass. Insgesamt 3120 Coursë ginn ugebueden, dovunner 1705 kollektiv an 1415 individuell Coursen. Mir kréien ëmmer méi Demande vu Schüler aus net konventionéierte Gemengen, wéi jo hei och schonn ugeklongen ass, an esouguer, wéi ech virdru gesot hunn, iwwert d'Grenzen eraus. Dat ass eng Auszeechnung fir d'Qualitéit vun der Musekschoul.

D'lescht Joer hat ech d'Éier beim Prix du Jeune Talent an enger voller Kierch dierfen dobäi ze sinn, wou zwee jonk Talenter zesumme mam OCL hiert Kënnen ënner Beweis gestallt hunn. Dat huet mech awer scho beandrockt. Mee niewent deene ville Coursen, hëlt eis Musekschoul och u Concerten a Manifestatiounen deen, dat heescht um soziale Liewe vun enger Stad. Beim Erfolleg vun de Festivitéite beim Trounwiessel huet eis Musekschoul och e grousse Deel bäigedroen, wéi d'Madamm Kayser et scho gesot huet. Hei konnt een och gesinn, datt d'Inklusioun an eiser Musekschoul, an eiser regionaler Musekschoul thematiséiert gëtt. Ech soen och am Numm vun der LSAP-Fraktioun, der Direktioun an allen Enseignanten e grousse Merci fir déi Aarbecht, déi si Dag fir Dag leeschten. Loosst eis zesummen dofir suergen, dass dës Schoul net nëmmen eng Institutioun bleift, mee eng Inspiratioun fir d'Generatiounen. Ech soen Iech Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, eis regional Musekschoul hëlt natierlech eng wichteg Plaz an eiser Gesellschaft an. Si ass e Raum, an deem sech Sensibilitéit, Kreativitéit, Selbstvertrauen a virun allem Freed u Kultur kënnen entwéckelen. Eise Kanner, eise Jonken, mee och Erwuessenen Zougang zu Musek a Danzen ubitt. Dat bedeit natierlech a méi eng räich a méi zesummenhalteg Zukunft ze investéieren. Mir wollten och op dëser Plaz froen, ob et vläicht net interessant wier, fir den Éveil musical, deen elo scho wierklech net deier kascht, 50 Euro pro Trimester, net solle ganz gratis maachen? Well et wichteg ass u sech Dieren opzemaachen, jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn eranzekommen an dann déi richteg Konditiounen ze setzen, fir datt een och Loscht huet do ze bleiwen.

Schwätze mir och kuerz vun der Danzschoul. Mir gesinn effektiv all Joers, datt d'Klassen zu engem grousse Deel oder zur grousser Majoritéit vu Meedercher besicht ginn. An dat ass e bëssi schued, well Danzen eng komplett an usprochsvoll Disziplin ass, déi Koordinatioun, Kraaft, Haltung, Ausdrocksbereetschaft erméiglecht. A Virdeeler, déi genee esou fir Jonge wéi fir Meedercher gëllen. An dann hu mer eis déi Fro gestallt eeben, wéi kann een dës Tendenz kippen? Vläicht soll een einfach e gesellschaftleche Modell verbesseren, andeems ee méi männlech Inspiratiounen an d'Vitrinn stellt oder vläicht ganz einfach méi Atelieren ubidden, also Atelieren ubidden, déi déi zwee, zwee Geschlechter soen ech lo mol, unzitt, mee éischter fir e gemëschten an e grousse Public opzemaachen, fir esou e Schnuppercours, fir datt Jongen a Meedercher kënnen einfach kucke kommen. A virun allem, andeems mir drun erënneren, datt Danzen eng kënschtleresch, sportlech a sozial Praxis ass, déi kee Geschlecht kennt.

Ech géif och nach gären op e ganz konkrete Punkt am Alldag vum Gebai zréckkommen. D'lescht Joer hate mir och gefrot, datt Installatiouns-, also Signalisatiounspanneauen installéiert ginn, fir déi verschidde Funktiounen am Gebai banne besser auszeschëlderen. Leider ass dës Ufro nach ëmmer ouni Suite bliwwen. Eng kloer a kohärent Signalisatioun ass awer keen Detail. Si vereinfacht d'Orientatioun, verbessert d'Begréissung a stäerkt dat professionellt Bild vum ganze Site. Mir hoffen, éierlech gesot, datt dëst wäert dann endlech geschéien.

En anere wichtege Punkt ass de Plazmangel. Et gesäit een, wann een am Gebai ass, datt ganz ënnen am -1 stinn awer oft Instrumenter baussen am Gank. Mir hunn eis gefrot, wie kéint een de Problem léisen? Well et ass bësse schued, wa se do einfach ronderëm stinn. Bon, si sinn zwar protegéiert an esou, mee et ass schued awer trotzdeem, et gesäit een, datt hir Plaz net do ass. A mir hunn eis gefrot, ginn et vläicht d'Méiglechkeeten, fir mam Centre Culturel ze kucken, fir do eventuell nach Plaz mat hinnen ze tauschen oder? Jo, an dat géif vläicht an engems och eng besser Zesummenaarbecht zwëschent deenen zwee Institutioune bréngen. Mir wollten och gäre wëssen, ob schonn iwwer elektronesch oder digital Medien nogeduecht ginn ass? Well iergendwéini eng Kéier komme mer net méi dolaanscht. An an deem selwechten Otemzuch vläicht froen, ob och iwwer Remote Coaching, also à Distance-Seancen driwwer nogeduecht ginn ass?

Zum Ofschloss wollt ech natierlech soen, datt eis regional Musekschoul ze stäerken e wichtege Bäitrëtt ass, ze ënnerstëtzen a bedeit d'Kultur ze stäerken, d'Kreativitéit ze stäerken an natierlech d'mënschlecht Entfalen zu der Vitalitéit vun eiser Regioun wäert bäidroen. Merci.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSCHOUL): Ma villmools merci. Ganz vill Froen. Also eng Fro vum Danzdepartement, do komme mer effektiv elo scho rëm leider un ons Limitten. Danzen ass immens chronophage. D'Kanner kommen, déi sinn dee Moment present. Do muss ee wëssen, am Museksunterrecht kënnt een eng hallef Stonn pro Woch an de Rescht mécht een doheem. Am Danzen ass et esou, dass den Apprentissage am Cours stattfënnt, e bësse wéi beim Theater. Dat heescht, do brauch een immens vill Stonnen. Mir hunn d'nächst Woch erëm eng Reunioun mam Centre Hartmann, fir eventuell fir d'nächst Joer erëm e bësse Stonnen do rëm outzesourcen, well mer am Fong net méi eens ginn. Dat heescht, dat ass ee Sujet, deen ons e bësse bedréckt, wou mer musse kucken, Léisungen ze fannen. Et ginn awer Léisunge mat Regroupement de classes, wou ee kann och mat deenen existente Strukturen eens ginn.

Déi Fro wéi vill Schüler vun der Liste d'attente mer elo, wa mer e potenzielle Gemengerot géife ganz Ufank Januar maachen. Dëst Joer kann ech et net soen, mee ech hunn awer meng Hausaufgabe gemaach an ech hunn et fir d'lescht Joer nokontrolléiert. Dat sinn ongeféier 20 Schüler. Ech schwätze vun 0,3% vum Gesamtbudget. D'Fro vun de Carrièrë vun onsen Enseignanten, also den Interieur ass ganz schnell, mir krute jo scho vill Bréiwer ob ons Enseignanten en règle sinn, déi mer am September agestallt hunn. Mir kruten awer nach keng Äntwert op ons Demande vum leschte Joer. Ech wäert awer do mat onser RH eng Kéier nokucken, dass mer vläicht nach eng Kéier nofroen. An dann hoffe mer do eng schnell Reaktivitéit ze kréien.
Zur Fro vun de Waardelëschten. Also mir effektiv nach 120 Schüler op der Waardelëscht. Dat sinn awer, wéi ech an der Kommissioun gesot hat, de Gros sinn dat elo deuxième Instrument oder Adulten. Dat heescht, de Gros vun de Schüler, déi wierklech elo sech zurzäit ugemellt hunn a wollten een Instrument, den Accès zur Musek kréien, dat hu mer kënnen ofdecken.

Dann ass d'Fro opkomm vun der Populatioun tëschent Jongen a Meedercher. Déi Fro war jo och opkomm. Do hunn ech och meng Hausaufgabe gemaach. Déi lescht 15 Joer ass de Prozentsaz op 2 % stabel bliwwen. Mir haten nach ëmmer vill méi Meedercher wéi Jongen. Mir hunn elo déi lescht zwee Joer 2 % bäikrut. Mee dat ass wierklech ganz kloer duerch d'Danzdepartement. Mee fir de Rescht, déi lescht 15 Joer si mer am Fong ëmmer bei deem selwechte Ratio bliwwen, dee konstant bliwwen ass. Den Eveil musical ass gratis. Dir schwätzt vun dem Museksgaart, Musekskichen a Musekstuff. Genau, ons Offer fir Petite Enfance. Doriwwer kann ee gären nodenken. Mir kënnen ons nach eng Kéier zesummesetzen. Ech hat och ausgerechent, dat wär eng Perte de Minerval vun 2.500 Euro. Dat, mengen ech, ass och, par rapport zum Gesamtbudget, vu bal fënnef Millioune, do kann een driwwer nodenken.

D'Signalisatioun, dat ass sécher e Sujet. Mir sinn an engem Gebai mat dräi Partner, woubäi d'Kollaboratioun gutt ass. Haaptsächlech mam CCRD OpderSchmelz funktionéiert dat super. Mee wann ech bei de John Rech froe ginn, fir méi Stockage ze kréien, da kréie mer wierklech Sträit, well dat ass wierklech de Sujet, wou mer alleguer am Haus schlecht dru sinn. Mir hunn e Cours, deen heescht Informatique musicale. Dat ass eng éischt Approche zur Museksproduktioun digital. Do hu mer eng Offer, déi ass awer fir eng gewësse Schülerschaft, déi scho bëssen eng gewëssen Erfarung huet. A Remote Coaching hu mer net driwwer nogeduecht. Ech muss awer soen, dass mer mam Covid do keng super Erfarung gemaach hunn. Also all déi, déi am Enseignement waren, wann Der probéiert hutt iwwer Zoom z'enseignéieren, dat war net einfach. Musek ass do mengen ech nach méi schwéier. An haaptsächlech och d'Latenz, also den Delai, deen en huet, bis d'Signal ukënnt, dat mengen ech ass am Moment nach keng Optioun. Wann ech eppes vergiess hunn, kënnt Der gär nach eng Kéier ufroen. Mee dat war de Gros, deen ech elo opgeschriwwen hat. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech wollt just nach vläicht eng Kéier drop agoen, well ëmmer, wann iwwert dat neit Gesetz geschwat gëtt, an dat ass all Kéiers de Fall an der Kommissioun, respektiv och hei am Gemengerot, wa mer iwwert d'Musekschoul schwätzen, da sinn ëmmer esou Ängschten opkomm, wat déi Gratuitéit elo géif mat deene Musekschoule maachen. A rezent hat de President vum Verband vun de Lëtzebuerger Musekschoulen, de Romain Asselborn, deen ass och Direkter, mir si jo net déi eenzeg Musekschoul am Land, deen ass Direkter och vun der Musekschoul vu Gréiwemaacher, deen hat e ganz flotten Interview am 100,7. A wou en dann och seet, datt d'Aschreiwungszuelen effektiv an d'Luucht gaange sinn, mee en hält awer op domadder, datt d'Ängschten, déi vu virun dräi Joer do waren, datt déi net agetruede sinn.

D'Gratuitéit seet en hei, an ech zitéieren aus dem Interview, d'Gratuitéit wär also ënnert dem Stréch eng gutt Saach a wär allgemeng positiv vun de Musekschoulen opgeholl ginn, jo voilà, dat seet de President eebe vum Verband vun de Lëtzebuerger Musekschoulen. D'Administratioune vun de verschiddene Schoulen, déi wären och net iwwerflut ginn, wéi dat gefaart gi wier. An e wär och net vun auslännesche Schülerinnen a Schüler iwwerrannt ginn. Ech mengen dat soll een am Hannerkapp halen. D'Gesetz ass elo dräi Joer praktesch a Kraaft. Mir hunn elo déi éischt Erfarungswäerter. An ech mengen, datt dat dee richtege Wee war. Den RH, dee freet reegelméisseg beim Ministère no. Net nëmme bei esou Saachen, well mir hu vill Fäll, wou mer net, net ëmmer direkt eng Äntwert kréien. An dat huet och mat anere Saachen ze dinn. Ech vun Iech virdru beim Budget iwwert d'Ponts et Chaussées geschwat. Dir wësst, datt die Mühlen des Staates mahlen langsam.

Dann zu der d'Madamm Ahmedova. Jo, déi Signalisatioun, also an deem Gebai, si jo awer eng ganz Partie Uspriechpartner. Mir hu praktesch eng Receptioun do sëtzen. Et ass eis och elo net bekannt, datt do jee eng Kéier ee verluer gaange soll sinn. Oder datt mer en ënnen am Keller beim CNA erëmfonnt hunn. Natierlech kann ee mat deene Part-

ner, mir sinn eeben net aleng do Här a Meeschter, an den Här Steffen kann Iech, kann Iech e Liddchen zielen, wéi laang et gedauert huet, bis mer en Accord haten, fir iwwerhaapt kënnen en iwwerdeckte Vëlo-Iwwerdaach dohinner ze stellen. Esou, datt ech hoffen, datt dat dote méi schnell geet. Mee mir sinn do drun. Nichtsdestotrotz, mir hunn, wéi gesot, nach ni e Skelett ënnen am Keller erëmfonnt.

Dann awer wat, wat mech awer e bëssen opgereegt huet, dat ass, wann Der sot, mir missten eigentlech d'Kooperatioun zwëschent dem Centre culturel an der Musekschoul verbesseren. Also déi Kooperatioun, déi war zënter Joer an Dag exzellent, och zwëschent deenen zwee Direkteren, dem Bob an dem John. Dofir weess ech net, firwat Dir sot, op wat Der dat baséiert, datt mer dat sollte verbesseren. Ech mengen Dir hutt dat net zulescht wärend dem Trounwiessel gesinn. An ech wëll wierklech dat betounen, datt déi Leit exzellent zesummeschaffen an datt et do momentan sécherlech iwwerhaapt näischt ze verbessere gëtt. Voilà. Dat war et, mengen ech, fir mäin Deel. An iwwert de Minerval, mengen ech, do kann de Bob eis eng Propositioun maachen. An da wäerte mer eis sécherlech do eens ginn. Well mer ginn do net dru faillite.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech wëll just eppes richtegstellen. Ech hunn d'Kooperatioun am Sënn vu Raum schafe gemengt. Well, wéi gesot, déi Instrumenter, déi stinn do am Gank an ech fannen dat ëmmer immens gutt. Ech hunn absolutt zu kengem Moment wollte soen, datt déi Kooperatioun, wat d'Aarbecht ugeet, schlecht wier. Ech hu wierklech vu Raimlechkeete geschwat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay. Villmools merci och fir déi dote Prezisioun dann. Gutt, da wäre mer zum Schluss ukomm. Da géif ech proposéieren, dass mer driwwer ofstëmmen.

Wien ass mat der definitiver hei Organisatioun vun der regionaler Musekschoul averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.



# 4. OFFICE SOCIAL

**Presentatioun vum Rapport d'activité vum Exercice 2024 an Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2025 a vum Budget initial fir den Exercice 2026**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif proposéieren, dass mer weiderfueren no eiser Mëttegpaus. Den nächste Punkt, deen um Ordre du jour ass, dee geet iwwert den Office social. Dat ass d'Presentatioun vum Rapport d'activité vum Joer 2024 an awer och de rektifizéierte Budget vum Joer 2025 an och den Initial vum Joer 2026. Dofir begréissen ech hei an der Ronn de President vum Verwaltungsrot, de Romain Zuang, den Direkter vum Office social, den Tom Oswald, an och en Charge vun de Finanzen, d'Carole Wagner. Häerzlech wëllkomm haut hei de Mëtten an éier et lassgeet, neen, ech brauch d'Wuert net un eise Sozialschäffen ze ginn. Da ginn ech direkt d'Wuert weider un den Office social, fir dass si am Fong d'Presentatioun vun hirem Rapport maache kënnen. Merci.

ROMAIN ZUANG, OFFICE SOCIAL: Merci, Här Buergermeeschter, schéine gudde Mëtteg léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Si sëtzen haut e bëssen an enger neier Constellatioun hei wéi soss, soss ware ëmmer de Jacques Hansen nach hei bäi, deen ass allerdéngs jo elo, dat huet Der jo matkritt amgaangen ofzedanken, dat heescht en hält op de leschten Dezember elo. An dofir sinn ech awer haut ëm méi frou, dass endlech, dass mer en Direkter huet säit 2025, an Dir kennt e jo och schonn alleguerten, mee trotzdeem iwwerhëlt hien dann och de Rôle fir de Rapport d'activité an de Budget ze presentéieren. Ech géif dofir him direkt d'Wuert ginn. Merci.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Jo, Moien alleguerten, an och Merci. Ech si säit dem 25. Januar mat an der Ekipp. Ech hunn awer d'Éier de Rapport vun 2024 da kënne virzestellen. Ech hat dat gesot, ech soen och eng Kéier dem Här Hansen, deen awer d'Zuelen zesummegedroen huet, villmools Merci. Bon, wat vläicht och awer wichteg ass, ier mer ufänken, datt den Office social en Etablissement public ass, wat mam Gesetz vum 18. Dezember 2009 gegrënnt ginn ass. Wat e bëssen exzeptionell do ass, wann et ëm d'Aide sociale geet, dat ass, datt et e Recht ass, dat heescht jiddwereen huet e Recht op d'Aide sociale, dat heescht dee Moment mussen och d'Decisioune vum Conseil richteg motivéiert ginn an d'Leit kënne Recourse maache géint déi Decisioune vum Conseil. A si mussen innerhalb vu 25 Deeg eng Äntwert kréien op hir Demande, wat awer zimmlech

eenzegaarteg ass, och zu Lëtzebuerg, wann een déi aner Aide sociallen esou kuckt, déi et ginn, do sinn déi Delaien net esou strikt, an datt mat deene 25 Deeg dat geet awer.
En anere Punkt, wat oft vergiess gëtt, wat awer wichteg ass, an et steet awer am Artikel 2 dra vum Office social Gesetz, den Office social ass eigentlech eng Aide subsidiaire. Dat gesäit een herno och, wa mer d'Demandë kucken. Dat heescht, den Office social soll eigentlech asprangen, dee Moment, wann déi aner Aiden net méi hëllefen, dat ass wann d'Leit tëschent de Filet falen, datt do nach en Opfangnetz ass, datt eigentlech keen aus dem Sozialsystem erausfält.

Bon, wa mer elo kucken, mir hate vun de Prestations non-financières 4.661 Stéck. Bon, mir haten am Joer 2023 3.722 Prestations non-financières, wat natierlech eng Augmentatioun awer ass vun 939 Dossieren. Do sinn natierlech Demarche administrativen dobäi, déi mer Demanden ausfëllen. Virun allem, et ass awer och e ganze Volet Conseil an Informatioun, wou d'Leit bei eis kommen als éischt Ulafstell och par rapport zu der Aide sociale a wou se froe fir Aide matérielle. Dat sinn dee Moment net finanziell, mee dat ass zum Beispill e Bong fir an d'Kleederstuff, e Bong fir an de Cent-Buttek, wou mer hinnen dann do weiderhëllefen.
Wann een elo d'Prestation financièrë kuckt, dat sinn der 380 Stéck. Dat sinn der manner wéi dat Joer virdrun. Majo, an do hu mer 74 % wou mer accordéieren a 26 % wou e Refus kënnt.

Do gesi mer och, datt et do eigentlech manner Accorde ginn, prozentual och, wéi dat Joer virdrun. Dat heescht, d'Joer virdrun, 2023, do hate mer 85 % Accorden a 15 % Refusen. Do kann ee sech, mir hunn eis och e bësse Gedanke gemaach, wou dat hierkënnt, firwat dat esou ass. Ech mengen de Conseil, deen analyséiert ëmmer d'Demande, dee kuckt, wéi ass d'Situatioun vun der Persoun, wéi ass d'finanziell Situatioun? Et kann awer och domat dobäi leien, datt d'Prime d'energie, d'Allocation de vie chère dobäi kommen an och d'Subvention loyer, datt déi méi konsequent gefrot sinn. Natierlech wann aner Hëllefen asprangen, da musse mir manner hëllefen. Et gesäit een awer och, datt keng Recourse gemaach gi géint déi Decisiounen. Ech hu jo gesot, et kann ee Recourse géint déi Decisioune maachen. Dat heescht, d'Leit, déi maachen awer keng Recourse géint déi Decisioun. A mir hunn, ech menge mir haten ee Recours, dee mer och da gewonne sinn. Dat heescht, datt een do gesäit, datt déi Decisiounen awer, bon, fir eis ass et eng Explikatioun, datt et vläicht un aneren Aidë ka sinn an un Orientatiounen, datt vläicht dee Montant erofgaangen ass.

Wann een elo kuckt wéi eng Prestation financière ginn accordéiert. Wat do interessant ass bei de Jore virdrun, d'Santé, déi steet un éischter Stell. Dat heescht, soss war ëmmer de Logement un éischter Stell vu Prestation financière, elo hu mer awer hei d'Santé. An dann, bon, hu mer duerno nach d'Besoins quotidiens, wou doranner falen. Bon, dat mierkt een awer, wann een elo seet, dofir vläicht och ganz interessant, datt de Plan local Santé zu Diddeleng elo existéiert an et kann ee sech Froe stellen, wann d'Konventioun mat AMMD a CNS gekënnegt ass, wéi eng, wéi en Impakt huet dat do op eis, op den Office social an d'Frais de santé vläicht d'nächst Joer. Wa mer elo kucke wat gëtt accordéiert bei de Frais de santé, et ass virun allem Tiers payant social, awer och d'Part patient. Dann dat wat vill Leit net mengen, mir hunn eng ganz Rei vun eise Leit, déi net affiliéiert sinn am Centre commun, déi keng Assurance hunn, dee Moment do iwwerhuele mer natierlech Rechnunge komplett, wann et muss sinn, a mir iwwerhuelen d'Affiliatioun, mee do ass och da Stagëperiod wat nach dobäi kënnt.

Bon, dann Apdikteschkäschten iwwerhuele mer, da sinn autres Honoraires, dat ass och zum Beispill wa Kiné sinn oder Saachen, déi net rembourséiert ginn, dann, bon, Klinickerechnungen a wann emol en Transport an der Ambulanz ass, wou vläicht net de Zertifikat dobäi war vum Transport couché, wou mer dann och iwwerhuelen.
Beim Logement, do ass de Loyer un éischter Stell, dat heescht mir hëllefe vill Loyeren ze iwwerhuelen, dann awer och Energiekäschten, d'Kautioun iwwerhuele mer. An do gesi mer och, hu mer heiansdo Diskussiounen, well och wann d'Gesetz virgesäit, datt d'Garantie locative, neen, datt d'Garantie zwee Méint ass. Neen, d'Frais d'agencen zwee Méint sinn, da gesi mer awer, datt dat net ëmmer esou respektéiert gëtt, well da kommen herno nach aner Fraisen dobäi, déi dann net chiffréiert sinn. An dat hu mer heiansdo Diskussiounen a mir sinn awer oft an der Situatioun, wou mer soen, okay, mir musse bezuelen, soss hunn d'Leit keen Dag iwwert dem Kapp. Voilà, dann hu mer nach Hotel. Hotel ass virun allem, wann en Déguerpissement ass oder war, wou mer da virun allem Familfen hunn, wou mer net wëssen, voilà, déi sëtzen dann op der Strooss an da musse mer se an en Hotel logéieren, bis mer eeben eng Léisung fonnt hunn.

Maisons retraites, dat ass och heiansdo de Fall, wa Leit zum Beispill kee Recht hunn op en Accueil gérontologique aus Grënn dass se viru Joren eng Ierfschaft gemaach hunn, de Fonds national de Solidaritéit zéng Joer zréck, wann do déi Suen awer fort sinn aus iergendengem Grond, da sinn d'Leit awer n ader Situatioun, datt se vläicht näischt méi hunn, wou mer da musse bäileeën.

Dann hu mer d'Besoins quotidiens, dat ass wou mer verschidde Leit Argent de poche ginn. Dat ass eigentlech, mir gi Bonge fir zum Beispill an de Supermarché, mir ginn awer och heiansdo Argent de poche, dat ass fir d'Leit ze responsabiliséieren. Wou mer soen, okay, Dir hutt Suen, domadder gitt Der akafen an net se ze infantiliséieren, Dir kritt eppes, Dir gitt dat sichen. Dat heescht, wou mer verschidde Leit soen, okay, et geet net duer, mee Dir kritt Suen. An da kucke mer, ob se mat deene Suen, déi se iwwerwise kréien, da kënnen eens ginn.

Dann hu mer d'Garde d'enfants, aner Aide financière an Alimentatioun eeben nach dobäi. Mir gesi beim TPS, datt do definitiv awer d'Frae méi TPS sinn. Do kann ee soen, okay, ass dat gesondheetlech? Mussen d'Frae méi oft bei eis kommen? Dat anert kann een och d'Fro stellen, kucken d'Männer vläicht manner gutt no hirer Gesondheet, datt se dofir net kommen? Dat wësse mer net. Mir gesinn awer schonn, datt d'Fraen definitiv méi den TPS accordéiert kréien, wéi Männer respektiv froen.

Dann hu mer d'Gestion financière. Dat sinn eng 60 Gestion financièren. An do gesi mer schonn, datt do 1.837.052 Euro kommen. An dann hu mer 1.759.607 Euro Depensen. Dat hänkt och drun, d'Leit, déi spueren och zum Deel. Zemools déi Leit soen, déi an der GLS bei eis sinn, déi leeën och Suen op d'Säit. Dat heescht, dofir ass dat och net 1 zu 1. Mee dat ass eeben dee Montant awer, dee mir u Gestion financièren hunn. An dat ass, soen ech och ëmmer, dat ass déi Reaktivitéit, wéi vum Personal an och awer vum Carole, wat d'Paiementer mécht, wann d'Leit d'Sue brauchen. Well et sinn awer ëmmer d'Sue vun de Leit. An et ass volontaire.

Hei hu mer och dee Slide, ech mengen dee war déi Jore virdrun net dobäi, hu mer awer gemaach vun der Allocation compensatoire. Do gesäit een awer, wéi déi an d'Luucht geet. Et waren am Joer 2024 950 Dossieren. A wéi mir déi awer och um Office social eigentlech, soe mer, den Dossier opstellen an dee weider op d'Gemeng ginn, da gesäit een awer och, wat et eng Charge ass, also fir den Office social, deen déi awer gär mécht. Mee wéi vill Demanden dobäi kommen. An et sinn da sécher fir 2025 méi. Well och elo deen Automatismus do leeft. Dat heescht, all Mënsch, deen e Revis kritt, kritt d'office d'Allocation de vie chère an d'Prime d'énergie. An dat heescht, mir kréien do de Listing an da ginn déi automatesch bezuelt. Datt warscheinlech fir 2025, well dann do d'Demande da sécher nach an d'Luucht gaangen ass. Dann hu mer hei och d'ARISen. Dat sinn déi Leit, déi de Revis kréien, déi vun der ADEM op den ONIS orientéiert gi sinn. Dat heescht déi Leit, wou d'ADEM seet, déi sinn net prett fir den éischten Aarbechtsmarché. Déi sinn nach net prett fir ze schaffen. Déi komme jo da bei eis ARISen. Déi hunn e ganz noe Suivi. Mir hunn dräi ARISen, déi eng 80 Dossiere pro Persoun hunn. An da gesäit een do, datt d'Leit an enger Beschäftegungsmesure, an enger TUC sinn. Datt dat awer 131 Leit sinn.

An dann hu mer „sans activité", deen Terme ass vläicht net ganz richteg. Dat sinn 106 Stéck. Mee dat sinn der awer och vläicht, déi a Formatioun sinn, a Sproochecoursen. Dat kënnen der awer och sinn, déi keng Garde fir d'Kanner hunn. An déi, déi keng Garde fir d'Kanner hunn, da kënne se net schaffen. Da muss dat gereegelt sinn. Respektiv déi aus medezinesche Grënn eng gewëssen Zäit net kënne schaffe goen. An déi kommen dann natierlech net an eng TUC. An dann hat een néng Leit, déi dispenséiert waren. Dat si Leit, déi einfach, déi kënnen net méi an eng Aktivitéit goen. Si si gesondheetlech, esou schlecht, datt se keng Aktivitéit méi kënne maachen. Duerfir hunn déi eng Dispens. Bon, dann hu mer d'GLS, eis Gestion locative sociale. Dat ass och eppes, dat mécht net all Office social. Den Office social Diddeleng mécht déi Gestion locative sociale. Do hu mer annerhallef Assistante sociale an och administrativ en hallwe Posten, deen dorobber schafft. Do gesi mer och, datt do méi Frae sinn. Dat heiten ass awer den Demandeur principal, deen d'Demande mécht. Dat kéint awer och elo eng Koppel si wéi Männer, déi an der GLS eng Demande maachen. Déi meescht Leit gesi mer och do, déi eng Demande maachen, déi sinn awer an enger Beschäftegung.

Ech soen, wa mer e CDI kucken a beim CIGL sinn, Aprentissage adulte, CDDen. Dat heescht, do huet ee vill Leit, déi awer an enger Aarbechtssituatioun sinn. De Problem, oder d'Approche vun der GLS ass jo, se sinn eng limitéiert Zäit an de Wunnengen. Dat heescht, d'Iddi  ass jo schonn, datt se zu engem Punkt X erakommen an dann idealerweis hir Situatioun sech verbessert, datt se duerno eng Wunneng um Privatmarché fannen, respektiv an de Logement abordabel, wou mer et awer och ëmmer hunn, déi dann do eng Wunneng fannen. D'Idee soll awer, hei soen ech nach ëmmer, net sinn, datt mer eng Salle d'attente fir de Logement abordabel sinn. Et ass schonn, datt d'Iddi ass, datt se e Projet hunn. A mat deem Projet komme se zu enger besserer Situatioun, datt se duerno kënnen um normale Wunnengsmaart eng Wunneng fannen. Et ass vläicht heiansdo e bëssen utopesch, wa mer d'Situatioun kucken, mee et ass awer wou mer hischaffen. Déi meescht sinn dann och Famillje mat Kanner.

Hei gesi mer och d'Evolutioun eng Kéier vun eise Wunnengen an der GLS. Do ware mer dann op 59 Wunnengen, wann ech richteg gesinn. Nee, 57 Wunnengen am Joer 2024. Mir maachen do ëmmer Opriff, och fir Leit ze kréien an d'GLS. Et sinn, et existéieren ëmmer nach awer Virurteeler. An ech fannen, mir ginn heiansdo méi jugéiert wéi e Privaten. Wann e Privaten e Locataire huet, dee vläicht Kaméidi mécht oder dann ass et net schlëmm, mee wa mir e Locataire hunn, dee Kaméidi mécht, da geet da vläicht den Telefon, da schwätzt sech dat ronderëm. Mir hunn awer och iwwerluecht, ob mer net d'nächst Joer méi cibléiert, wéi mer kënnen dorunner kommen, datt mer Proprietäre vun eidele Wunnengen zu Diddeleng uspriechen. Well et si jo Leit, déi vläicht en Appartement zu Diddeleng hunn, si wunnen awer net zu Diddeleng. A mir erreechen eng ganz Rei Leit iwwer, ech soen, déi lokal Publicitéit, déi mer maachen. Oder wa mer en Opruff maache fir Wunnengen, do mellen sech ëmmer Leit. Mee, et ass och vläicht een, deen net zu Diddeleng wunnt, deen awer hei en Appartement huet, wat ee gär an d'GLS géif ginn an dee kritt deen Opruff eeben net, well en dann net hei um Terrain vun der Gemeng ass. Do musse mer vläicht kucke wéi mer cibléiert déi Proprietäre kënnen erreechen. Voilà. Bon, eise Resümmee. Ech mengen Dir hutt dee ganze Rapport och eng Kéier kritt, wann Der nach Froen hutt kënnt Der déi gäre stellen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci. Sinn elo nach Saache vun Ärer Säit aus als Office social bäizefügen? Soss géif ech d'Ronn opmaachen? Oder wëllt Der gären direkt, an engems och de Budget, an engems och de Budget? Dat ass gutt. Da maache mer alles zesummen an da maache mer eng Gesamtdiskussioun.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Bon, de Budget, dann hu mer de Budget rectifié vun 2025 hu mer d'Konvention 0. Dat heescht, mir hunn eigentlech do verschidde Konventiounen. D'Konventioun 0 ass eigentlech d'Konventioun Aide sociale, wou 50 % vun der Gemeng a 50 % vum Ministère en charge geholl ginn. An do hu mer eng Recette vun 1.351.454. D'Depensen dann op dem selwechte Montant. Dann hu mer d'Konventioun 1, dat ass déi Konventioun, déi 100 % vun der Gemeng iwwerholl gëtt. Do hu mer Recetten an Héicht vun 1.528.800. An Depensë vun 1.338.702,19. Dat heescht, do hu mer en Excedent vun 190.097,81 Euro.

Bei den Avances remboursables an de Gestiounen, dat heescht, mir gi verschidden Avances remboursables, verschidde Leit strecke mer ech soe mol Sue vir an da rembourséiere se eis. Do hu mer 2.175.000 an de Recetten. An 2.175.000 an den Depensen.

D'Konventioun 3, dat ass eigentlech eng nei, déi am Ufank vum Joer komm ass. Do hu mer 33.529,39 Euro an de Recetten an an den Depensen. Do geet et fir e Posten am Logement, deen de Ministère zu 100 % finanzéiert. An deen ass nei de sougenannte PISL, Plan d'intégration sociale par le logement. An dann hu mer d'Konventioun 4, dat ass jo d'UNIS, also den ARIS, an eis Leit, déi mat deene Leit, déi am Revis sinn, schaffen. Do hu mer 435.156.000 Euro Recetten an och Depensen. An dann den Tiers payant social, deen iwwert de Ministère de la Santé leeft, dee gëtt och 100 % vum Ministère de la Santé iwwerholl. Do hu mer 25.000 Euro Recetten an Depensen. Esou, datt mer bei de Recetten op en Total vu 5.548.939,39 kommen a bei den Depensen op 5.358.841,85, wat dann e positiivt Resultat vun 190.097,81 Euro gëtt. Zesumme mam Boni vun 2024 komme mer da fir Enn 2025 op e Boni vun 341.024,56 Euro. Beim Service extraordinaire do hu mer Recettë vu 630 Euro an Depensë vu 715.630 Euro. Dat heescht, mir hunn en negatiivt Resultat vu 715.000. Duerch wat ass dat ze erklären? Dat heescht, zum enge Volet hu mer eng Kéier der Gemeng 700.000 Euro gi fir e Projet am Logement ze realiséieren, am Logement abordabel.

An dat anert, wou ech d'leschte Kéier hei war, do hu mer iwwert d'Provisioun CET op d'Remarke vum Interieur geschwat. A mir hunn eng Persoun, déi, voilà, déi eis verlooss huet, déi op d'Gemeng komm ass. Do hu mer dee CET, deen do eigentlech dann ewechfält. Dat sinn nach eng Kéier 15.000, déi Provisioun, dat sinn da 15.000 Euro. Soudatt mer e presuméierte Boni um Enn vun 2025 vu 484.760,80 Euro hunn. Dann de Budget 2026. Do mam Service ordinaire rëm op der Konventioun 0 1.467.538 Euro. Op der Konventioun 1 vun der Gemeng hu mer Recettë vun 1.576.299,54 Euro an Depensë vun 1.455.200 Euro, mat engem klengen Excedent da vun 121.099,54 Euro. Op der Konventioun 2, wat d'Avance remboursabel sinn an d'Gestiounen, hu mer Recettë vun 2.280.000 an Depensë vun 2.280.000. Op der Konventioun 3 MIFA hu mer 129.500 Euro Recetten an 129.500 Euro Depensen. Op dem ONIS hu mer 478.250 Recetten a 478.250 Depensen.

A beim TPS hu mer eigentlech dat selwecht aginn. Nach eng Kéier 25.000 Euro op der Recette- an Depensesäit. Sou datt mer do en Total hu vun Recettë vu 5.956.587,54 an Depensë vu 5.835.488, wat e positiivt Resultat da géif gi vun 121.099,54. An de Boni présumé Enn 2026 vu 462.124,10 Euro. Wat de Service extraordinaire ugeet, do hu mer d'Konventioun 1, wou 100 % vun der Gemeng iwwerholl gëtt, do hu mer da Recettë vu 16.120 an Depensë vun 1.120, wat e Resultat vu 15.000 ass. An dat sinn erëm och virun allem duerch d'Provisiounen, CET, déi mer jo net haten, a wou de MIFA och gesot huet, datt en déi, déi mer musse maache vum Interieur an de MIFA gesot huet, se géifen déi net en charge huelen.

Beim Budget rectifié vun 2025, do hu mer eng Participatioun da vun der Stad Diddeleng vu 663.227 an d'Participatioun vum Ministère de la Famille vu 663.227, dat ass d'Konventioun 0, déi da 50-50% opgedeelt ginn. An dann hu mer do eng Participatioun pro Habitant vun 30,08 Euro. Op de Budget 2026 hu mer e Gesamtmontant vun 1.467.538 Euro, wou dann erëm d'Hallschent vun der Stad Diddeleng an d'Hallschent op de MIFA geet. An dann hu mer eng Participatioun pro Habitant do vun 32,48 Euro. Bon, dann hu mer op der Konventioun 0, do sinn natierlech och nach d'Organe politicken dobäi, d'Koordinatioun an d'Administratioun, d'Personalkäschten a Frais de fonctionnement. Datt mer do 2025 ware mer op 1.351.454 an 2026 op 1.467.538.

Wa mer elo d'Aide au nécessiteux kucken. Do hu mer d'Frais de fonctionnement, déi 2025 bei 135.618 waren an 2026 elo bei 130.718. Dann hu mer eng Kéier Personal dat iwwert den Office social leeft, an dann hu mer Personal, déi komplett vun der Gemeng iwwerholl ginn, respektiv vun der Gemeng un eis geet. Dat ass notamment och an der GLS de Fall. Do hu mer iwwert den Office social 430.416 Euro fir 2025 a 488.000 fir 2026 virgesinn. Frais facturés op d'Gemeng hu mer 150.000 2025 an 162.000 fir 2026. An d'Aide aux personnes dans le besoin, do hate fir 2025 210.000 Euro. A fir 2026 gesi mer 197.000 Euro vir. Voilà. An dann hu mer d'Konventioun 1. Do hu mer op den Aide aux nécessiteux 2025 202.100 Euro an 2026 357.700 Euro. Dat ass och notamment Personalkäschten. Dann hu mer d'Logements à prix réduit, dat wat iwwert d'GLS geet. Do hu mer 1.136.200 Euro fir 2025 an 1.097.500 2026.Dat ass virun allem d'GLS, déi och do sinn. Do ass och ee ganze Volet, do kréie mer Loyer eran. A mir bezuelen och Loyer. An et ass awer och eng ganz Rei Reparaturen, déi da mat deene Suen, déi mer vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte kréien, bezuelt ginn. An dann hu mer nach d'Participatioun vun der Stad Diddeleng dobäi. dat si 425.000 Euro fir 2025 a fir 2026 rechne mer mat 436.299,54 Euro. An dann de Rescht iwwerhuele mer dann eebe mat eisem Kapital, dee mer och iwwert d'Oeuvre bäigesteiert kréien.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Majo, da fänken ech un. Jo. Merci fir déi exzellent Presentatioun a virun allem Merci och un Äre ganze Service fir Är ganz gutt Aarbecht. Dass e Besoin do ass, de Moien ass et schonn ugeklongen, dass mer fir d'alleréischt iwwer 10 % si vun de Stéit, déi eng Demande maachen. Mir hunn eis ëmmer gewonnert e bëssen, dass mer eis esou laang ënner 10 % gehalen hunn. Och virun allem, wann s de d'Statistike kucks vun der Zounam vun der vun der Aarmut. An, wéi gesot, et ass elo och hei bei eis a Chifferen och ukomm. Wat awer och ëmmer erstaunlech ass, dass effektiv d'Prestations non-financières awer och e grousse Volet maache vun Ärer Aarbecht, dass d'Leit awer och Hëllef brauchen an administrativen Demarchen, Aide sociallen an esou weider. A vill Rot, ëm Rot froen. An dat ass ëmmer dat, wat ech och ënnersträichen, dass dir esou accessibel sidd, dat ass immens flott. Et ass éischtens emol d'Lokalitéit, déi ass matten an Diddeleng. Et ass keng Hemmschwell do, wann ech emol Leit och schécken, och aus mengem Job aus, bei Iech, si ass ëmmer en offent Ouer, an et ass ëmmer e flotten Dialog do. An ech hu just, pour la petite histoire, eng Famill mat

engem schwéierstbehënnerte Kand aus engem anere Secteur. An do gëtt deenen Eltere wierklech immensen Drock gemaach. Si brauch vill Zäit, fir mat hirem Kand bei déi verschidden Intervenanten ze goen, d'Mamm. A si misst dach awer schaffe goen. An hei an do. A wierklech, do feelt dat Mënschlecht. An dat wollt ech awer och nach eng Kéier hei eraussträichen. Ech hunn hei nach ni, nach ni héiere vun iergendengem, dee bei Iech uklappt, deen net wierklech ganz chaleureux empfaange ginn ass, mat vill Versteesdemech. An dofir och e grousse Merci dofir.

Wat e bëssen erschreckend ass, oder en neie Moment fir mech ass, dat ass, dass déi Ü60-Demanden, dass do méi Demandeure kommen. An och déi Geschicht mat de Maison de retraiten. Wann ee weess, wéi deier déi gi mëttlerweil, egal wou eng eeler Persoun nofreet fir ënnerdaach ze kommen, dat ass extreem deier. An ech denken, mir wëssen elo d'Iwweralterung vun eiser Populatioun. Et ass net jiddwereen, deen eng déck Pensioun huet. An do, ech huelen un, dass do déi Aarbecht nach weider wäert op eis duerkommen an dass mer do musse kucke wéi mer deem géigesteieren. Wat ëmmer e bësse schued ass, dat ass, dass Der vun der Gestion financière, entre guillemets, „just" 21 Menagen hutt. Dat ass ëmmer e bësse schued. Well ech denken, dass dat awer och vläicht eng zousätzlech Hëllef ka sinn, fir dass d'Leit besser iwwert d'Ronne kommen, wa se sech begleede loossen. Ech mengen dat ass, Dir proposéiert dat ëmmer. Mee jiddwereen ass schliisslech ëmmer selwer seines Glückes Schmied, wéi och ëmmer, wéi een dat ka soen. Mee wéi gesot, do, ech weess, dass Dir alles maacht, fir dass d'Leit och d'Gestioun mat Iech zesummen uginn, mee dass dat net esou einfach ass.

Situation Logement, bon, et ass wéi all Joer. Ech menge mir sinn och do keng Insel. De Problem ass och vun de Working Poor. Dir hutt nach gesot gehat, do sinn der vill dobäi, déi an enger prekärer Aarbechtssituatioun sinn, e Contrat à durée déterminée hunn. Da kriss de och néierens e Logement. An ech denken, mir hunn och eng Multikulti-Populatioun hei. Dat däerf een och net vergiessen. An och do ass och eng gewëssen Diskriminatioun. Ech mengen och elo an de Medien ass dat och kloer erauskomm. An ech mierken dat och bei der Clientèle, déi mer oft deelweis zesummen hunn, dass jee nodeem, wien uklappt fir eng Wunneng ze kréien, dass dat och net ëmmer esou einfach ass. A wann dann och nach e Contrat à durée déterminée derbäi ass, dann ass dat net esou easy. An dofir si mer och frou, dass de Service GLS ass, dass mer deen hunn. Ech sinn och do ganz frou, ass Der, ech huelen un, mat enger gewësser Rigueur och dohannert sidd, dass déi Zäit an de GLSen och limitéiert ass. Well Dir hutt geschriwwen, et si fofzéng Entréesen a siwwenzéng Sortien. Bravo, ass net evident. Well ech weess, dass dat och net ëmmer esou einfach ass. An natierlech ass et awer och esou, Dir hutt och opgeläscht, dass mer awer och Familien, sechs Famille mat dräi Kanner, zwou Famille mat véier Kanner, fir déi en neie Logement ze fannen. Bonne chance. Dat ass wierklech net dat, wat um Marché ze fannen ass.

Ech hunn zwou Froen. Do ass geschriwwe ginn, hei bei der Analys des personnes ayant quitté le logement, dass do 7 Persounen an de Projet Jeunes eragaange sinn. Do ass meng Fro, do weess ech net genau, wat ech mer dorënner ka virstellen. An dann, wann ech d'Evolutioun vun de Logementer kucken, do si Logements communaux, do sinn der elo nach just zwou, déi Dir geréiert. Déi aner huelen ech un, sinn an dem Service Logement, den Här Manderscheid wäert do nach eng Kéier vläicht dorobber agoen, huelen ech jo wuel un. An do wollt ech just froen, wéi eng zwee Logementer sinn dat?

Dann zu dem Budget hunn ech vläicht nach eng Kéier eng Verständnisfro. Ech misst et wëssen. Ech weess et awer net méi, firwat déi 700.000 Euro Gemeng, déi d'Gemeng geléint kritt oder kritt huet fir e Projet Logement abordabel auszeféieren. Et feelt mer elo den Duerchbléck genau, wat dat ass? Vläicht kënnt Der mer do nach eng Kéier eng Explikatioun... ah, ass dat nach vun deemools? Ah, okay, gutt. Voilà, well déi elo hei nach drastinn. Ech hat gemengt dat wär schonn. Mee bon, dat kënnt Der eis vläicht herno nach eng Kéier erklären. An dann hunn ech dat net verstanen, mat deem 15.000 Euro CET-Posten. Vläicht kënnt Der mer do och Explikatioune ginn, wat dat ass. An Dir hat och elo nach gesot, Dir hätt och Sue vun den Oeuvres kritt. Kënnt Der eis do vläicht och emol eng Kéier e Chiffer soen? Dat ass vläicht och interessant ze wëssen, och dobaussen, dass d'Leit eng Kéier wëssen, dass se effektiv och do gutt ënnerstëtzt ginn. Also all Office social, net nëmmen Diddeleng. Dat ass vläicht och interessant ze wëssen.

Suma summarum, wéi gesot, bravo fir Är gutt Aarbecht. An ech denken eng Participatioun vun all Diddelenger Bierger vun 32,48 Euro respektiv 30,08 Euro fir déi Leit, déi eng Hëllef brauchen, ass absolut, absolut okay. An ech denken dat kann och all Mënsch ënnerschreiwen hei zu Diddeleng. Dat ass d'Saach vun der Solidaritéit. An dat ass och eppes, wat ganz wichteg ass. An ech menge mir als Gemengerot, mir mussen natierlech, oder mir wëllen dat doten och ënnerstëtzen. A mir si frou, dass mer sou en effikassen an e sympatheschen Office Social hunn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, natierlech als alleréischt wëlle mir gären dem Office Social e ganz häerzleche Merci soe fir säi wichtege Bäitrag am Déngscht vun eise Bierger. An dann hate mir och direkt e puer konkreet Froen. Haut gesi mer, et ass schonn e puermol ugeklongen, datt de Seuil vun deenen 10% Demandeuren iwwerschratt gouf. Dat féiert zu enger zentraler Fro. Hu mir genuch Personal, fir dann op dës wuessend Demande kënnen ze reagéieren? Well mir gesinn och, datt déi finanziell Prestatioune virun allem bei den Hëllefen an Hëllef brauchen, fir déi administrativ Demarchen an Demanden auszefëllen. Dat heescht, do brauch ee Personal u sech. Eng weider Zuel, déi eis Suerge mécht, ass eeben den Taux vun de Refusen, och bei de Prestatioun financièren. Deen ass vu 15 % op 26 % eropgaangen. Dat ass eng markant Erhéijung. Mir probéieren och ze verstoe firwat.

An do stellen ech Iech elo awer déi Fro, ass dat d'Komplexitéit vläicht vun den Demarchen? Oder ass et éischter eng Saach vun der eventuell schwiereger Zesummenaarbecht mat de Leit? Well si komme vläicht bei Iech an da gi se kee Retour. Et ass eeben dat, wat mer géife gären e bësse besser verstoen, fir datt mer och kënnen deementspriechend

vläicht och aner Léisungen ubidden. Dir hat, ech mengen Dir hat gesot, et ass eng Demande redresséiert ginn. Oder hutt Der méi Demanden, déi dann e Refus krut hunn, déi vläicht awer redresséiert goufen? Hutt Der do?

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Mir haten et schonn. Ech war jo dunn nach net do. Mir hate mengen ech ee Recours do an dee Recours war, also mir hu Recht kritt, dat heescht, dat war justifiéiert.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, d'lescht Joer hate mir gefrot, ob et méiglech wier, fir vläicht verschidde Prozeduren ze automatiséieren, zum Beispill bei der Allocation de vie chère. Ech mengen dat ass och geschitt. An elo déi Fro: Huet et eppes gehollef? Well leider gesi mer, datt nach ëmmer trotzdeem Leit kéinten Aidë kréien, déi awer de Schratt net maachen a se dann net ufroen. A wier et vläicht eng Léisung, fir automatesch Leit unzeschreiwen, fir hinnen ze soen, datt si Recht op Aiden hätten? Ech géif och gären eng Fro stellen zu de Coursen am Lëtzebuergeschen. Hu mir do Leit, wësst dir, ob Leit, déi vläicht net onbedéngt ganz gutt oder iwwerhaapt net d'Sproch maîtriséieren, ob do Leit an d'Coursë ginn? Well dat ass och vläicht eng Barrière, datt een d'Kommunikatioun net versteet. Dat een eebe Recht huet op Aiden. Hutt dir do Zuelen einfach? Mir gesinn och, datt d'Zuele vun de Beneficiairë vum Fréisenger Kleederschaf och erofgaange si vun 20 op 14 Leit. Hutt dir dozou eng Erklärung? Läit et vläicht un den Ouvertureszäiten? Well déi sinn net onbedéngt ganz pragmatesch fir jiddereen. Ginn et vläicht aner Alternativen, wou d'Leit kënnen dohinner geschéckt ginn? Ass et vläicht e Service, deen net genuch ubitt? Keng Anung. De Bouche à oreille mécht dann, datt d'Leit manner dohinner ginn. Vläicht kréie mer Erklärungen dozou.

De Logement bleift, wéi Dir et och scho gesot hutt, eng grouss Erausfuerderung. Déi meescht Logementer an der Gestion locative sociale si privat, mat enger limitéierter Zäit. Dat féiert awer dozou, datt mer vläicht keng Kontinuitéit an deem d'Ganzen hunn. Well mir wëssen, d'Leit mussen erausgoen an abordabel Wunnengen um ëffentleche Marché, déi sinn net ëmmer do. An ech soen dat, well mir haten en Temoignage matkritt, wou eng Madamm eeben erausgeplënnert ass. An dann ass se an engem, déi sougenannt privat Guesthouse gaangen, wou se da 1480 Euro am Mount misst bezuelen. Dat muss een och eng Kéier iwwerleeën. Also dat ass wierklech en Abus gedriwwen op vulnerabel Leit. An, bon, et muss een och soen, datt et heiansdo souguer méi bëlleg ass, fir an engem Hotel schlofen ze goen, well si ginn dann e pauschale Präis iwwert de Mount vu siwen, aachthonnert Euro. A vläicht eng aner Fro wier et net méiglech, vu que datt als Gemeng trotzdeem Logementer geschafe ginn, datt mer vläicht net nëmmen u Logementer, mee vläicht och un esou Kummeren, wéi am Steel Guesthouse, mee vun der ëffentlecher Hand gebaut kéinte ginn.

Dir hat gesot virdrun, Frais d'Agencë sinn zwee Méint. Eng Verständnisfro: zwee Méint, mee si loune jo, déi Leit lounen iwwert Iech, firwat schwätze mer vum Frais d'Agencen? An dann hat Dir nach gesot, et kommen nach weider Fraisen dobäi. Wéi eng aner Fraise wieren dat? An dann hat Dir och nach gesot, ech hu ganz gutt opgepasst alles, wat Der gezielt hutt, Dir hat och nach gesot, Dir géift reegelméisseg Appelle maachen. Dir géift ganz reegelméisseg Appelle maachen, fir eebe Logementer ze kréien. Iwwer wéi eng Kanäl maacht Dir dat? Okay, en Diddelenger ass hei, dee kritt dat mat. Dat ass ze verstoen. Mee ass dat iwwer Facebook oder vläicht iwwer d'Blietchen? Vläicht kënnt Der eis e puer Infoen dozou ginn.

Konkreet zu der Participatioun pro Awunner, déi ass fir d'nächst Joer vun 30 op 32 Euro eropgesat ginn. Dat begréisse mir ausféierlech, well de Besoin ass eeben do. A mir freeën eis och iwwert déi Aféierung vun der neier Rubrik. Dat ass Hëllef fir déi Leit, déi an en Altersheem solle goen. Dat ass och virdru schonn ugeschwat ginn. Datt dat awer nach ëmmer eppes ass, wat zimmlech deier kascht. A wann een Office social seet, dann denkt een éischter Monoparentallen oder vläicht éischter jonk Familljen. Mee eeler Leit ginn och vum Schicksal getraff a Liewensincidente geschéien. An et huet een déi leider net ëmmer um Radar. Dofir ass dat wierklech eppes ganz Flottes. Zu de Budgetslinne begréisse mir déi 104.000 Euro, déi virgesi sinn, fir de sozial sportleche Projet. Dat ass an eisen Aen immens wichteg, fir d'Integratioun, fir alles. Also an all Hisiicht. Ech wäert elo net drop agoen, wéi wichteg Sport ass.

Déi 14.000 Euro Sozialkäschten am Kader vum Patrimoine conventionné, do hate mir nach eng Fro dozou. Dat si jo Suen, déi mer vum Ministère kréien. An do hu mer eis gefrot, wéi gesäit dat aus? Ass dat eng Ressource humaine, déi dann hëlleft am Kader vun de Logementer, fir d'Gestioun vun de Loyeren? Sinn dat esou Stonnen? Well 14.000 Euro, dat ass jo net eng ganz Pai. Wat ass déi Prestatioun, déi do hannendru stécht? An dann zum Schluss wëll ech soen, datt de Fonctionnement vun eisem Office social sech wierklech stänneg verbessert. An dat ass immens flott. A mir ënnerstëtzen dat natierlech. An ech wëll Iech an eisem Numm hei nach eng Kéier e ganz, ganz grousse Merci soe fir déi nobel Aarbecht, déi Der maacht an natierlech fir dat perséinlecht Engagement, wat Der all Dag maacht.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeescher, fir d'Wuert. Vun eiser Säit och e grousse Merci fir déi ganz gutt Presentatioun an och dem ganze Service fir hir gutt Aarbecht. Mir als ADR sinn als sozial engagéiert Partei absolut dofir, datt d'Leit an d'Familljen, déi a finanziell Schwieregkeeten sech befannen, iwwert den Office social gehollef kréien. Dat ass en Akt vun Inclusion sociale, fir datt d'Leit an hirer Situatioun net eleng gelooss ginn. Dat ass och e Bäitrag fir de soziale Fridden hei bei eis zu Diddeleng. Merci.

MARC MEYER (DP): Jo Här Buergermeeschter, villmools Merci, fir d'Wuert. Och vu menger Säit als éischt emol e grousse Merci fir d'Presentatioun an d'Virdroen hei vum Budget. Jo, et ass elo déi drëtte Kéier, dass mer dat doten, op alle Fall dass ech dat doten elo hei am Gemengerot hat. An eng Kéier sinn e puer Leit méi, eng Kéier sinn e puer Leit manner, déi Hëllef froen, fir Logement oder fir en Daach iwwert de Kapp ze kréien. An dat spillt eigentlech keng Roll, vu que dass een traureg ass, dass iwwerhaapt een do ass, deen Hëllef brauch fir en Daach iwwert de Kapp ze kréien.

Wat ech awer ka soen ass, ech selwer war och e puermol bei Iech wéinst engem Dossier, wou et och ëm Hëllef gaange war fir eng Wunneng ze fannen. An net nëmmen, dass ech verständnisvoll nogelauschtert krut, mee et ass och direkt reagéiert ginn. An dofir wëll ech dann och profitéiere fir Ärer ganzer Ekipp, alle Mataarbechter, mol eng Kéier wierklech Merci ze soe fir dat Verständnis, déi se de Leit entgéintbréngen, déi op hir Hëllef ugewise sinn. A ganz richteg, wéi scho meng Virriedner gesot hunn, kuerz iwwer 30 Euro, 32,48 Euro genau Participatioun pro Bierger, dat ass eigentlech guer näischt. An do brauch wierklech kee sech dann ze beschwéieren, well déi Leit, déi bei Iech kommen, déi brauchen Hëllef a se sollen och gehollef kréien. Villmools merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Ech mengen dat hei ass am Fong eng vun deene wichtegsten Diskussiounen, déi mer am Joer hei op dëser Plaz hunn, well et weist déi sozial Entwécklung vun Diddeleng opgrond vun deem ëmmer ganz iwwersiichtlechen a ganz gudde Rapport d'activité, dee mer vum Office social kréien. An effektiv ass et esou, dass d'Unzuel vun de Leit, déi sech beim Office social mellen all Joer steeteg klëmmt, ëm 10 % plus ou moins. Effektiv ware mer dës Kéier déi éischte Kéier, wou iwwer 10 % vun de Menagë beim Office social waren. Bon, wann ech elo géing op deem selwechten Niveau kommunizéieren, wéi d'LSAP, da géing ech soen, ënner dëser Majoritéit ginn d'Leit zu Diddeleng ëmmer méi aarm.

Mee, dat maache mer dann net, well dat wier och net ganz richteg. Well ech mengen dass de Fait, dass ëmmer méi Leit bei den Office social ginn, virun allem dorunner läit, dass d'Leit do eng ganz gutt Aarbecht maachen, dass d'Leit Vertrauen hunn an den Office social, dass se gären dohinner ginn, an ech mengen dat ass schonn emol ganz wichteg. An et ass och net per se dramatesch, well déi meescht Demandë jo och fir Prestations non-financières sinn. Do gesäit een, dass et virun allem och eeler Leit sinn, déi vläicht Froen hunn, mee ech mengen, dass déi Froen, wéi mer jo och elo vum Här Meyer héieren hunn, duerch d'ganz Gesellschaft kënne goen, dass een do Hëllef brauch.

Wat eis opgefall ass, bei deene Prestations non-financières, dass virun allem d'Aide sociale explodéiert sinn, also déi Demanden. An do hu mer net esou ganz verstanen, also d'Demarches administratives, dat hu mer verstanen, Aide matérielle, Cent-Buttek, dat hu mer och verstanen. Dat anert sinn dat da Gestiounen, Finanzgestiounen oder wat kënne mer genau ënnert deenen Demandë verstoen? Da gesi mer effektiv, dass, jo, d'Santé ëmmer méi wichteg gëtt, virun allem d'Part du patient, dat heescht wierklech deen Deel, deen d'CNS normalerweis net iwwerhëlt, dee kënnen d'Leit sech net méi leeschten. Dat gëtt ëmmer méi e grousse Problem, wa mer hei d'Zuele gesinn. An, jo, mir kënnen eis vläicht virstelle wat geschitt wann d'Fantasië vu verschiddenen Acteuren hei zu Lëtzebuerg géife Realitéit ginn. Da géif déi Zuel do nämlech explodéieren.

An dann ass awer natierlech de Logement de grousse Problem, och hei zu Diddeleng. An do hu mir als Gemeng och eis Responsabilitéit ze droen. An do gesäit et och wierklech nach net esou gutt aus. Wa mer kucke wéi vill Charges Loyer den Office Social iwwerhëlt, mir hu 70 % méi Demandë bei der GLS. An dat sinn net déi typesch Virurteeler, déi ee vläicht esou huet. Mee dat trëfft effektiv och jiddereen, duerch d'ganz Gesellschaft. Et si 66 % Salariéen, 40 % hunn en CDI. Dat gëllt eigentlech als net prekäert Aarbechtsverhältnis. An trotzdeem froen déi Leit sech Hëllef bei der GLS. Et si Leit mat Kanner. Et si vill Monoparentauxen. Et sinn neierdéngs, ech mengen et ass déi éischte Kéier, dass ech dat gesinn, zwee SDFen dobäi. Dat hat, zumindest am Rapport d'activité vun deene leschte Joren, war dat net dobäi. Dat heescht, dat symboliséiert awer och, dass d'Situatioun ëmmer méi kritesch gëtt a sech ëmmer méi verschlëmmert. A virun allem och d'Unzuel un Déguerpissements, déi jo wierklech explodéiert. Ech mengen och dat ass eppes, wat mer wierklech mussen am A behalen.

Mir haten an deem Kader zwou Froen. Dat eent ass, do stoung, ee vun de Grënn fir d'Refusen, ass "pas d'urgence". An do wollt ech wëssen, pas d'urgence, ass dat relativ? Ass dat einfach, déi si manner urgent wéi déi aner? Oder sinn dat effektiv Fäll, déi, jo, déi wierklech net esou problematesch sinn, déi einfach emol froe kommen? Dat hu mer eis gefrot. Wat, wéi relativ ass dat, wann ee seet, et ass keng Urgence do? Well ech menge bei deene meeschten ass et warscheinlech eigentlech eng Urgence. An déi zweet Fro, déi hat d'Madamm Kayser scho gestallt, mat deem Projet Jeunes. Do wosste mer och elo net esou direkt, wat dat wier.

Ech wollt awer da mat zwee positive Punkten ophalen. Dat eent dat ass, dass an der Majoritéit vun de Fäll d'Waardezäit manner wéi sechs Méint ass bei der GLS. Dat ass effektiv, dat begréisse mer. Well, wéi gesot, ech mengen dat ass wichteg, wann d'Leit sech dohinner melle kommen, da brauche se Hëllef. A wann dann esou eng kuerz Waardezäit ass, dat ass ganz positiv. An et ass d'Unzuel u private Logementen. Dir hutt virdrun esou geschwat, jo, et wär natierlech flott, wann een der méi hätt. Mee mir gesinn awer, dass déi Unzuel och andauernd klëmmt. An ech mengen och dat ass awer e gutt Zeechen. Dat weist awer, dass d'Leit, d'Proprietäre bereet sinn, do matzeschaffen. An eeben och de Choix maachen, net horrend Loyeren ze froen, wéi se et och kéinte maachen. Well mer einfach keen anstännegt Loyersgesetz hunn, dat dat wierklech géif verbidden. Dowéinst wollte mer dann deene Proprietären, déi awer schonn hir Logementen der GLS zur Verfügung stelle Merci soen.

An da wollt ech ophale mat engem grousse Merci wierklech un d'Ekipp vum Office social, souwuel dem Personal wéi och dem Verwaltungsrot, well sou wéi et och scho gesot ginn ass, et gëtt ni eppes Negatives ze héieren. Ech mengen Dir maacht wierklech eng gutt an eng wichteg Aarbecht. An dofir e grousse Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Villmools merci fir déi Presentatioun an déi vill Informatiounen. Ech hu mer alles erausgeprint an ech hunn och alles am Detail gelies a gekuckt.
De Joresrapport vum Office social Diddeleng mécht ganz däitlech, wéi wichteg eng staark, zougänglech an nohalteg Sozialpolitik fir eis Gemeng ass. D'Zuele weise vill Familljen, Eenzelpersounen an och ëmmer méi jonk an eeler Leit sinn

haut mat Liewenssituatioune confrontéiert, déi se eleng net packen. Héich Liewenskäschten, Wunnengsnout a Prekaritéit, déi duerch national, international a wirtschaftlech Krisen nach verstäerkt ginn, droen derzou bäi, datt d'Nofro fir sozial Ënnerstëtzung weider klëmmt. Mir gesinn un deene ganzen Tabellen, wéi dramatesch et ass an et net besser gëtt. Mir hunn am ganzen 8.886 Menagen an Diddeleng. 947 hunn eng Demande gemaach. Dat sinn 10,6 %. Mir sinn zu 19 hei am Gemengerot. Dat heescht, dass bal all zweete vun eis betraff wier. Et ass eng Hausse an do ass nach eng grouss Grozon vun all deenen, wou just iwwert dem Seuil leien a keng Hëllef kréien. Ech mengen, dass dat e grousse Pourcentage ass.

Ech huelen e puer Zuele raus, e puer Zuelen aus dësem Dossier raus. Zum Beispill hu mer 57 % vun de Leit, déi sinn am Revis. 84% Prozent vun de Leit si Locatairen. Dat heescht awer och, dass 16% Prozent vun de Leit hiert eegent Haus hunn. D'Celibatairë sinn déi gréissten, virun de Familljen an Elengerzéienden. Vun 947 Dossieren, sinn der 178 iwwer 60 Joer. Dat si bal 20 %, bal all fënneften Dossieren. Dat mécht mir Angscht. Ech kréien der lo 57. Mir gesinn am Rapport eng weider Zounam vun Dossieren net finanzieller Natur, an zwar ëm bal dausend Stéck vun all deene verschiddenen Demanden, déi se dann dee Moment maachen. Als LSAP ënnersträiche mer kloer, keen dierf hannendru bleiwen. D'sozial Gerechtegkeet, d'Chancëgläichheet, d'Solidaritéit sinn net nëmmen idealistesch Konzepter, se sinn d'Basis fir eng demokratesch, sécher an zesummenhalend Gemeng.

De Rapport weist, dass e gutt ekipéierte professionellen an engagéierten Office social dat éischt Schutznetz ass a vill Mënsche virun engem Ofstierze bewaart. De Rapport weist awer och, dass sozial Ofsécherung eng Investitioun an d'Zukunft ass an dass all Euro haut eng sozial Stabilitéit a Chancëgläichheet bréngt a verhënnert muer vill méi deier Folgeproblemer, vu Prekaritéit bis Exklusioun. Eng gerecht Gemeng ass keng Selbstverständlechkeet. Dofir wëlle mir déi aussergewéinlech Aarbecht vun der Equipe vum Office social ausdrécklech luewen, trotz héijen Ufuerderungen an ëmmer méi schwierege Situatiounen an d'Komplexitéit vun den Dossieren, déi vun A bis Z ginn, bleift d'Equipe professionell, empathesch a flexibel. Hiert Engagement ass net nëmmen en administrativen Déngscht, mee et ass eng konkret Solidaritéit am Alldag, eng Hëllef, déi d'Liewe stabiliséiert an eeben dacks nei Perspektiven opmécht. Dofir merci.

ROMAIN ZUANG, OFFICE SOCIAL: Jo, merci villmools fir d'Wuert nach eng Kéier. Ech wéilt och alleguerten den Acteuren, déi elo hei e Statement ofginn hunn en décke Merci soen, och fir déi Mercien, déi si eis gesot hunn. Mir huelen déi natierlech ganz gäre mat. Effektiv, Dir hutt Recht, et gëtt effektiv vill geschafft do uewen an eisem Office Social, d'Zuele beleeën et. Ech mengen déi Passagen do sinn dofir d'Erklärung. Dir hutt alleguerten d'Situatioun erkannt. Dir hutt och e puer Froe gestallt. Ech mengen, mir géifen elo e bëssen hei probéieren, mir dräi, op eenzel Froen anzegoen, wann dann nach eppes feelt herno, da kënne mer natierlech nach eng Kéier nofroen. Voilà.

D'Madamm Kayser hat och nach, grad wéi nach d'Madamm Semedo hat Schwieregkeete mat der Problematik vun deem Projet Jeunes. Nee, dat ass awer näischt aneschters wéi de Logement Jeunes. D'Madamm Ahmedova, pardon. Dat ass eise Logement Jeunes, Dir wësst dat war dee Projet, dee mer jo deemools als Office social ugeduecht haten an där Wunneng, also déi hannert dem Office social ass. A leider Gottes ass dat jo dann awer duerch de Logement abordable ass dat jo dann zréckgefall un d'Gemeng. Dat heescht also, dat si Jonker, déi dann dohinner kënne kommen, amplaz dass se dann eng Wunneng vun engem privat, aus der GLS, also vun engem Privatmann occupéieren, kënne se dann an déi heite Struktur komme wa Plaz ass. Si ass ganz gutt besicht, gutt ugeholl. Et kann ee sech melle bis 26 Joer, also dat heescht, dat gëtt deene Jonken awer schonn, just, dat wësst Der vläicht nach, wéi mer deemools de Projet virgestallt haten, et muss een en Akommes hunn. Voilà. Dat war emol dat. Zu de Wunnengen.

Jo, dann, wann ech bei de Wunnenge bleiwen, et ass och e bëssen ëmmer mäin Dadda gewiescht an et bleift en och ëmmer. Et ass esou, dass mer do trotzdeem probéieren ëmmer nach méi Wunnengen ze kréien. Et ass net esou einfach. Eis Demarche, domadder ass och eng Fro, déi ech och wëll vun der Madamm Amedova dann och nach beäntwerten, ass haaptsächlech ëmmer gelaf, dass mer all Joers eng Kéier, ganz am Ufank mol eng Kéier zweemol, en Appell gemaach hunn an d'Blietchen. Eng ganz Säit. Mee wéi eisen Tom Oswald gesot huet, eisen Direkter gesot huet, dass mer do am Fong geholl och elo gemierkt hunn, dass et an Diddeleng e ganz héije Leerstand gëtt. An dass mer vläicht da probéiere mat der Gemeng zesummen dann elo déi Leit unzeschreiwen, méi prezis, dat geet, dat musse mer eng Kéier duerchdiskutéieren.

Et sinn och ganz vill Leit, déi effektiv net hei zu Diddeleng wunnen, déi awer eng Wunneng hei zu Diddeleng hunn, fir déi eeben dann ze sensibiliséieren, ob een do kéint déi Wunneng da fir d'GLS kréien. Voilà, wa mer dann och elo nach eng, wa mer elo nach déi nei Kraaft, dee PISL do astellen, dat ass jo eng ganz gutt Saach, vum Här Hahn, fir dat effektiv och emol um Logement ze participéieren, dann hu mer jo och dann e bësse méi Ressourcen, fir dann nach méi Dossiere kënnen unzehuelen. Voilà. Dann ass d'Fro beäntwert zum Logement. Ass dat okay? Voilà. Dann eng aner Fro, déi gestallt gouf, dat war d'Provisioun vum CET.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also beim Budget war d'Fro éischtens emol jo effektiv déi 15.000 Euro CET. Dat ass d'Variatioun vun, also mir hu fir 2024 hu mer eng Provisioun gemaach vun 157.000 Euro fir den CET vum Personal vum Office social, am Fall wou eng Demissioun wär oder ee géif den CET ausbezuelt kréien. An elo kënnt ëmmer nëmmen d'Variatioun vun engem Joer op dat anert vun deem CET. Dat heescht, op 2025 hu mer 15.000 Euro manner, well eng Mataarbechterin ass gewiesselt op d'Gemeng. Dat heescht, deen CET hu mer aus der Provisioun erausgeholl. An elo fir 2026 hu mer erëm eng Provisioun gemaach fir 15.000 Euro, fir déi Stonnen, wou eeben erëm méi gemaach ginn, soudass d'Provisioun ëmmer gehéicht gëtt. Voilà. Dat ass fir de Punkt vun der Provisioun.

Da war och nach ugeschwat ginn déi 700.000 Euro, wou mer der Gemeng ginn hunn. Dat ass elo effektiv eng zweete Kéier. Dat war elo ausserhalb vum 37, Rue du Commerce. Dat heescht, dat hate mer effektiv fir 2025 budgetiséiert. Firwat? Well mer esou e grousse Boni hunn, effektiv iwwert déi Jore vun de Restanten, wou mer nach hu vun der Oeuvre, soudass mer et grad esou gär der Gemeng ginn, fir effektiv déi Suen an de Logement kënnen ze investéieren. Fir eis gëtt dat extreem schwéier, fir dat och nach ze iwwerhuelen, dass mer elo géife soen, mir géifen en Appartement oder en Haus kafen. Dat géife mer net packen. Dat heescht, dat war nach eng Kéier supplémentaire 700.000 Euro. Merci.

ROMAIN ZUANG, OFFICE SOCIAL: Do kéint een an engems dann och enchaînéieren, well d'Madamm Kayser hat och nach gefrot gehat, wat d'Oeuvre esou gëtt pro Joer. Dat vun dësem Joer weess ech auswenneg, dat ass eréischt virgëschter ukomm.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Jo, d'Oeuvre, effektiv fir 2024 hate mer 472.000 Euro kritt. An dëst Joer hu mer 541.000 Euro kritt. Wat effektiv ëmmer méi héich geet. Also all déi Joren, wou ech elo dobäi sinn, ass et effektiv ëmmer an d'Luucht gaangen. Mir louchen ëmmer ëm déi 200.000 Euro. An dat steigert sech effektiv all Joer, wat och eng gutt Saach ass. Voilà. Bon, merci.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Just wéi stellt ech dee Subsid vun der Oeuvre zesummen? Et sinn zwee Facteuren, wou si kucken hei, si kucken zwee Drëttel d'Aiden, déi ausbezuelt gi beim Office Social an een Drëttel de Wuesstem vun der Populatioun. An da bei der Oeuvre, deen, wou d'Madamm Ahmedova gesot huet, de Projet Sport, do hu mer och eng Demande de subside bei der Oeuvre eraginn. Mir mussen nach eng Äntwert kréien. Bon, et kann een ëmmer Projeten eraginn. Da musse mer kucken, ob déi elo positiv oder negativ gëtt, déi Äntwert.

ROMAIN ZUANG, OFFICE SOCIAL: Bon, wat si jo och erklären, also d'Oeuvre, dat ass, dass d'Spill, d'Lotterie an alles erëm vill méi ugezunn huet. Dat heescht, mir sinn iwwert den Niveau eraus vun 2020 erëm. Dat heescht, dofir ass dee Montant elo op eng Kéier, wéi elo gesot, virgëschter ass e komm, 541.000. Dat ass natierlech onheemlech. Iwwert déi ganz Officen, hu se geschriwwen, sinn et 6,5 Milliounen, déi esou ausgeschott ginn. Da war nach eng Fro iwwert d'Refusen, ne? D'Refusen. D'Madamm Ahmedova hat déi gestallt, jo.. Firwat dass mer esou vill Refusen dëst Joer haten? Voilà, well et dës Kéier op eng Kéier esou opgefall ass. Ech mengen dat ass jiddwerengem direkt opgefall, souguer eis am Conseil herno, wéi mer et also als Chiffer gesinn hunn. Mee mir hunn eis awer och déi Fro nach eng Kéier am Conseil effektiv gestallt. An Dir hutt jo och eng Vertriederin, ech mengen, déi se och do gestallt huet. Voilà, do hu mer effektiv driwwer geschwat. A mir hunn eis effektiv gesot, jo, dat ass jo dann awer schonn ee Joer hier, mee mir huelen eis Decisiounen ëmmer en bonne âme et conscience, gell.

Also eng Demande ass wéi déi aner, dat heescht, mir hunn eis elo net en neien Déngen operluecht, fir ze soe mir musse méi streng ginn an hei an do. Mir haten dat do schonn eng Kéier, ech mengen, mir haten déi Diskussioun schonn nach eng Kéier, dass mer e bësse méi Refusen haten. Mee, effektiv, d'Erklärung ass, et gëtt keng Erklärung, dass mer eis en Zil gesat hätte fir méi streng ze ginn an esou. Neen, effektiv, et ass dass et ëmmer dossiersbedéngt en Accord oder e Refus gëtt. An dee gëtt jo dann, wéi gesot, am Conseil nach eng Kéier duerchgeholl, mat all senge Facetten, dat war jo ëmmer d'Assistante sociallen, déi dann och dobäi sëtzen an hir Dossiere virdroen an esou. Also, wéi gesot, eng Erklärung gëtt et dofir net. Et ass kee Joer wéi dat anert. Et ass keen Dossier wéi deen aneren. Also et kann een net ëmmer soen, et ass e Schema an esou, an deen huet net dra gepasst.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Bon, ech war dunn net dobäi am Conseil. Mee ech mengen awer, also dat eent ass jo fir déi Leit opzefänken, déi net vun enger anerer Aide kënne profitéieren. Dat heescht, wa mer méi Leit hunn, et ka jo och sinn, dass den non-recours, do ginn och, also et sinn Hypotheesen, dat heescht et komme méi Leit bei eis an dat ass och zum Deel vläicht eng Orientatioun dohinner. An dann, et ass e Recht, an all Mënsch däerf eng Demande maachen. Mir hunn och schonn Demandë gemaach vu Leit, déi 10.000 Euro haten. Voilà. Déi kommen awer vläicht net hi mat hirem Akommes. Mee dass dann, voilà, do sinn heiansdo, et geet vu bis, well et waren zwar zwee Stéck, et war e Menage. Mee awer, et geet vu bis an da muss een eebe kucken, si mir déi Ulafstell, déi hei richteg ass, also ass et vläicht och e Fall fir de Surendettement, wou mer dann hunn, déi awer aner Demarchë maache kënnen, déi mir net kënne maachen. Dat heescht, ech mengen awer, datt de Conseil ëmmer probéiert, dat also ze kucken, wéi ass d'Familljesituatioun, wéi ass déi finanziell Situatioun, op Base vun enger Enquête déi ee mécht. Et sinn och vläicht Hëllefe komm, wou se kënnen hin orientéiert ginn, wou dann d'Demande net méi néideg mécht.

Ech soen e Beispill, zum Beispill et huet ee seng Demande Revis gemaach, dee kënnt awer elo an de Conseil fir d'Krankekeess bezuelt ze kréien. Mee vu datt en de Revis wäert kréien, retroaktiv zum Beispill, well do d'Chancë bei 99,99 % sinn, da gi mir e Refus op d'Sécurité sociale, well soss musse mer se duerno rëm siche goen, dee kritt se dann. An do sinn heiansdo esou Saachen, wou Saache parallel lafen, et war och virdrun esou. Mee dat si vläicht Erklärungen, wou et dann e Refus gëtt, wëll eng Léisung scho parallel ausgeschafft ginn ass oder nodeem d'Demande gemaach ginn ass, awer nach weider war der mat der Persoun geschafft gëtt an da vläicht eng Léisung komm ass. Dat kann erklären, awer net alles. Mee ech mengen, mir mussen eis verschidden Hypotheese ginn. Et ass elo schwéier, do eng Erklärung, also eng 100 % Erklärung ze ginn.

ROMAIN ZUANG, OFFICE SOCIAL: Jo, da war d'Fro: Genuch Personal? Jo, mir hänken do um Schlëssel vum Ministère. Normalerweis war et jo 6000 Awunner pro Assistante. Du hat awer e gewëssene Moment an der Regierung virdrun den Här Bettel dat annoncéiert, dass effektiv eng, annerhallwe Poste bäikomm ass bei all Office social, also eng Assistante ass bäikomm an et ass eng hallef Tâche administrative bäikomm.

Voilà. Also mir hunn elo fënnef Assistanten an der Aide. Voilà. Do gesi mer och kee Besoin elo, fir do ze soen, mir bräichten nach eng an nach eng. Bon.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Also et ass 1,5 Sozialaarbechter an 0,75 Administrativen op 6000 Awunner. Dobäi kënnt awer och nach eng Rei Posten, an do muss ech soen, notamment och mäin, awer och déi Leit, déi an der GLS schaffen, datt déi 100 % iwwert d'Gemeng bezuelt ginn. An dann erwaarde mer do kee Subsid fir dat, also fir déi, déi bis elo haten. An dann och vläicht do d'GLS, déi hat d'Fro gestallt vun deene 14.000 Euro, well mer do bei dem Personal, awer deelweis dat nach iwwerhuelen. Déi 14.000 Euro, dat sinn, d'Carole hat dat nogekuckt, dat sinn d'Charges patronales vun deem PISL-Posten, deen elo bäikënnt. Dat ass awer 129.500 Euro wou do virgesi gi wou dann de Ministère eeben ee plein temps am Logement. An da fir do, wéi dat virgestallt ass, mir hu jo elo 1,5 Posten, déi am Logement schaffen. Bon, do ass eng Konventioun mam Ministère ënnerschriwwen, do si verschidde Krittären och virgesinn, wou mer vläicht e bësse mussen eis Aarbechter an der GLS, si musse mesurabel Krittären hunn an déi planifiabel sinn.

Bon, planifiéieren ass ëmmer schéi geduecht an der Theorie, praktesch kommen awer vill Imprevue vir. An do kënne mer eeben dann dee Posten eigentlech elo bäi, datt dee Moment an der GLS och entweeder kann dann déi Persoun, déi elo vun der Gemeng bei eis ass, hallef detachéiert, kann déi an de Service Logement vläicht goen, well do kommen och Wunnenge bäi. An dann hu mer awer nach ëmmer, hätte mer dann dee Moment en hallwe Poste méi wéi elo an der GLS, wat eeben och ganz wichteg ass, wa mer méi Wunnenge wëlle kréien. Wat awer oft hannendru vergiess gëtt, et ass och ganz vill administrativ Aarbecht an technesch Aarbecht. Ech mengen an der GLS geet et dorëmmer, datt d'Proprietären esou mann wéi méiglech Plaintë kréien. Dat heescht och, wann Usträichen ass, wann eppes futti ass, wann e Schäffche verbrannt ass a Saachen an eng Waasserfuite, wou vläicht awer, dat, voilà, do muss alles en Techniker op d'Plaz kommen. Et muss kucken, e gëtt administrativ hannendru geschafft. An dat gëtt oft vergiess, datt mer och en administratiivt Personal hunn an en technescht Personal brauchen, fir datt och d'Assistante sociallen hir Aarbecht esou kënne maachen, wéi et sech gehéiert.

ROMAIN ZUANG, OFFICE SOCIAL: Frais d'Agencen zwee Méint? Jo, dat ass awer just nëmmen, dat ass just nëmme bei Wunnengen, wou mir, wann eng Persoun also um Privatmarché eng Wunneng fënnt a si kënnt froen, fir d'Frais d'Agencen ze bezuelen. An der GLS gëtt et dat net. Dat huet guer näischt mat der GLS ze dinn.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Dat war beim Tableau Logement, ech hat mech do och net kloer, mengen ech, ausgedréckt. Wat mam Gesetz jo geännert huet, dat heescht, datt d'Garantie op zwee Méint ass, wou ee Mount fir de Proprietär an ee Mount fir de Locataire ass. An d'Frais d'Agence, ech mengen, den Här Biancalana hat do nach eng Question parlementaire gestallt. An den Här Krig huet och do en Artikel geschriwwen, datt déi eigentlech net limitéiert sinn. Dat heescht, et huet ee verschidden Agencen, déi awer relativ héich Frais d'Agencen hunn, mee déi soen, mir hunn awer esou vill Visitte gemaach, déi da Saache verrechnen, État des lieuxen an déi Saachen da verrechnen. An dat ass net am aktuelle Gesetz virgeschriwwe wéi déi Frais d'Agencë sinn. Dat heescht, d'Garantie ass op ee Mount, ee Mount. Mee d'Frais d'Agence sinn heiansdo ganz héich.

ROMAIN ZUANG, OFFICE SOCIAL: Leider. Dat war där gudder Gewunnecht, wou fréier ëmmer nëmmen een ee Mount war als Frais d'Agence. Elo sinn op eng Kéier Zommen draus ginn, dat ass net méi ze beschreiwen. Bon, dann de Kleederschaf. Jo, Kleederschaf, mir maachen eis Leit opmierksam. De Kleederschaf läit zu Fréiseng. D'Accessibilitéit ass natierlech vläicht fir en Diddelenger net esou ganz bequeem, fir ëmmer dohinner ze fueren. Mir waren och dohinner kucken. Also d'Ekipp nach eng Kéier, mee du kanns keen zwéngen. Du kanns engem e Bong ginn. Du kanns soen: Gitt dohinner, do ass eppes. Mee et gi mëttlerweil och ganz vill aner Antennen, déi Kleeder vermëttelen. Also ob dat elo vun der Croix-Rouge ass oder esou. Hu mer nach eppes vergiess? Well et eng Urgence bei der GLS ass.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Mir hunn zum Deel Leit, déi hunn eng Wunneng. Wou mer soen, okay, dat ass vläicht een, deen elo eraus muss goen. Oder mir hunn eng Wunneng, déi adaptéiert ass op de Menage. An eppes anescht hu mer och gesinn, datt verschiddener um Privatmarché heiansdo besser ewechkommen duerch d'Subvention de loyer, déi et an der GLS net gëtt. An der GLS kritt een d'Subvention de loyer net. Wa mer dann heiansdo soen, okay, deen doten, dat ass net elo déi Urgence, oder en huet eng adaptéiert Wunneng, déi ëm vläicht net grouss genuch ass, wou e seet, jo, mee d'Zëmmere sinn awer kleng. Wou mer da soen, okay, finanziell geet et. Da soe mer, okay, do hu mer aner Prioritéiten drop, datt mer déi dann net als Urgence ugesinn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Ech brauch bal näischt méi ze soen, eis Leit vum Office Social hunn alles beäntwerten. Ech wollt just nach eng Kéier zréckkommen op déi Geschicht mat de Refusen. Ech wëll emol virausschécken, dass, an Dir hutt et jo gesinn am Bilan, dass eisen Office social praktesch ni, bis bal ni, e Refus gëtt. Et gëtt ëmmer gekuckt, iergendwéi awer trotzdeem ze hëllefen, egal op wat fir enger Aart a Weis. Déi Fro hei mam Refus, an dat ass jo, wat mech immens opreegt, déi ass am CA gestallt gi vun engem Member vum CA. Dat muss een sech op der Zong zergoe loossen. Dee Member ass Member vum CA an dee stellt dem CA d'Fro: Si mir méi streng ginn? An da gëtt hei ongefiltert déi Fro vun där Kolleegin vun der Fraktioun iwwerholl, ouni sech do ze ëmfroen oder e bëssen am Hannergrond ze froen. Einfach cru gëtt gefrot: Firwat ginn d'Refusen esou an d'Luucht? Domat sinn ech net d'accord. A wéi gesot, ech hunn déi Persoun am CA schonn op aner Plazen an op aner Punkten op d'Plaz gesat. Hei ass erëm eng Kéier e Beweis, dass déi Persoun do am CA, fir mech, net déi richteg ass, soss géif se déi Fro net esou stellen. Gutt, Klammer zou.

Ech wëll awer nach eng Kéier op de Kleederschaf zréckkommen. Effektiv, deen ass wéi de Rom seet, deen ass zu Fréiseng, en ass net super accessibel mat dem ëffentlechen Transport oder mam Privatauto. Mee ech muss awer och soen, dass dat eng ASBL ass vu Benevollen, déi och dat benevole maachen. An déi hunn en Horaire, deen ass net esou wéi e Commerce dobausse vun aacht bis zwielef, vun zwou bis sechs. Deen ass meeschtens just Samschdes mueres op. Et kënnt drop hunn, wéi déi d'Leit Zäit hunn. Duerfir ass dat och vläicht e bësse méi onbequeem, fir do Kleeder sichen ze goen. Et muss een awer och soen, dass d'Demande vu Kleeder, traditiounsgeméiss, net déi gréissten ass. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, also ech wëll meng Fro erklären, well ech fille mech iergendwéi perséinlech ugeschwat. Also d'Zil vun där Fro ass ze verstoen, u wat et happert. Déi Fro ass natierlech gestallt ginn am CA. An ech hu mat där Persoun och laang a breet driwwer diskutéiert. An iergendwéi hu mer kee Konsens fonnt fir eng Léisung ze fannen, fir datt manner Refusen. Ech muss soen, et ass och schwéier, déi ganz Aarbecht, well et ass Cas par cas natierlech. Et ass schwéier ze verstoen. Et kann een net eng global Léisung ubidden. Dat ass kloer. Mee et kann ee sech awer trotzdeem e Bild kënne maachen, u wat et läit. Dofir sot ech, sinn d'Demarchë vläicht ze kompliziéiert? Ass vläicht d'Kooperatioun vun de Leit selwer, wou eppes nogefrot gëtt a si reechen dat net an? Dat war dat eenzegt.
A fir de Rescht soen ech och nach eng Kéier Merci wierklech fir déi ganz explizitt Äntwerten, déi mer kruten.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Ech maachen Iech kee Virworf. Ech stelle just fest, dass e Member vum CA, den CA freet. Dat ass den Hick bei der Saach.

TOM OSWALD, OFFICE SOCIAL: Ech wëll just, ob Demanden net komplett sinn. Dat kënnt selten, ganz selte vir. Ech soen, elo ass muer ass de CA an d'Assistante sociale seet: Hei bréngt mer dat doten nach muer de Moien eran. Ech ginn d'Demande schonn eran. Normalerweis gëtt eng Demande eréischt opgeholl, wa se komplett ass. Dat heescht, wou all d'Dokumenter do sinn, datt ee se kann analyséieren. Wéi gesot, heiansdo ass et ee sou, wou ee seet hei, mir wëllen dat doten elo nach muer oder iwwermuer mathuelen. A wann een dann natierlech der Persoun seet: Bréng mer dat nach eran. An dat geet net oder et feelt nach eppes, dann ass se onkomplett. An da gëtt duerfir och e Refus ausgeschwat. Ech mengen dat ass awer selten de Fall, well soss géife mer ni, kéinte mer ni den Delai richteg anhalen. Dat heescht, den Delai leeft ab deem Moment, wou d'Demande ënnerschriwwen ass, vun der Persoun a komplett ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà. Villmools merci. Ech géif elo hei d'Diskussioun zoumaachen. An ech géif nach eng Kéier Merci soen, fir déi verschidde Stellungnamen hei vun deene verschiddene Parteien, déi am Gemengerot sinn, awer och vun de Vertrieder vum Office Social. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.




Wien ass mam Budget rectifié an och mam Initial vum Office Social, sou wéi en hei virgestallt gouf, averstanen ? ***Dat ass unanime.*** An da soen ech Iech villmools Merci. An och Iech Merci fir Är Presenz haut hei de Mëtten. An och fir dee wichtege pädagogeschen Exercice.

## 5. ATOMENERGIE AN ERNEIERBAR ENERGIEN

**Resolutioun iwwert d'Sortie aus dem Nucléaire an den Developpement vun erneierbaren Energien**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass eng Resolutioun, déi mer als Schäfferot abruecht hunn, eng Resolutioun fir effektiv aus dem Nucléaire erauszegoen a fir méi, vermeert op alternativ Energien, renouvellabel Energien ze setzen. Dat heiten, déi Resolutioun, déi Der virleien hutt, ass eng Resolutiontype. Well Dir wësst, mir hate jo schonn eng Kéier eng Fro hei am Gemengerot, an et ware jo och schonn Artikelen an der Press, Dir wësst, et ass eng ganz Rei, an et sinn der ëm déi 50 de Moment, lëtzebuergesch Gemengen, déi sech nei forméiere géint Atomenergie. An dat heiten ass am Fong eng Resolution-type, déi ausgeschafft gouf och mat enger Rei Acteuren an effektiv och aus der Zivilgesellschaft, respektiv och eng ganz Rei ONGen, déi an deem Beräich täteg sinn.

Et betrëfft am Fong d'Allianz vun de Gemenge géint Atomkraaft. Bon, Dir wësst, fir kuerz de Kader ze skizzéieren. Et gouf no 2011, no där Explosioun vum Atomkraaftwierk zu Fukushima, gouf och déi Allianz an d'Liewe geruff. Dat war, fiederféierend war dat deemools de Buergermeeschter vu Réimech, den Henri Kox. Bon, déi Allianz si war aktiv, duerno ass se ageschlof an elo ass erëm reaktivéiert gi vum Réiser Buergermeeschter, vum Tom Jungen. Mir waren deemools als Stad Diddeleng dobäi, 2011, a mer sinn och elo mat dobäi. Wéi gesot, am Moment sinn et ronn 50 Gemengen. An dat Ganzt leeft jo ronderëm d'Diskussioun am Moment a Frankräich, also d'Verlängerung vun de Meiler vu Cattenom iwwert hir ursprénglech Liewensdauer iwwert 2026 eraus. An, voilà, d'Allianz vun deene Gemengen ass am Fong e Resultat dovunner. An ech mengen als Allianz, als Gemengen, wëlle mer eis hei staark maache fir déi energeetesch Transitioun an och doran investéieren an och kloer eis Oppositioun zur Atomenergie ënnersträichen. A maachen natierlech och e staarken Appell un d'Regierung, dass se och de konsequenten Ausbau vun der energeete-

scher Transitioun dofir och deemno manner Atom och ganz kloer mat ënnerstëtzt, mee awer och mir als Gemengen eis Verantwortung natierlech huele mussen.

Et muss ee ganz kloer soen, mir sinn net wäit ewech vu Cattenom als Stad Diddeleng, a Cattenom, ass a bleift eng Gefor fir Lëtzebuerg generell a fir Diddeleng ganz spezifesch. Dat ass, wéi gesot, virun der Hausdier a fir eis als Allianz an och als Stad Diddeleng huet d'Atomenergie keng Zukunft. Mir wëssen awer och, dass Cattenom net esou bal wäert vum Netz goen, och wann 2027 d'Verlängerung vun engem vun deene véier Meiler virun der Dier steet an och do déi ganz Prozedure jo och lafe vun der Autorité de sûreté nucléaire et de radioprotection vis-à-vis och vun EDF. EDF, déi jo de Bedreiwer sinn, ënner anerem och vu Cattenom, mengen ech ass et kloer, hei eis Oppositioun ze weisen. An et weess ee jo och, Atomtechnologie ass net zu 100 % kontrolléierbar an huet natierlech och Schued fir Mënsch an Ëmwelt. Et ass a bleift eng geféierlech Energie, déi wéineg nohalteg ass. An hei ass et och wichteg, iwwert déi heite Resolutioun och den Drock héich ze halen, och vis-à-vis vun den Intentiounen, déi a Frankräich sinn, awer och den Drock héich ze halen, op engem positiv Sënn, vis-à-vis vun der Lëtzebuerger Regierung.

Ech mengen och als Allianz si mer och zesumme mat der Plattform, Lëtzebuerger Plattform Anti-Atom an och mat Greenpeace sinn och amgaangen ze kucken an där Allianz, déi sech do zesummegesat huet, dass een och grenziwwerschreidend Allianze fënnt mam Saarland, mam Rheinland-Pfalz. An awer och kuckt, voilà, offiziell an der Prozedur, déi wäert lancéiert gi ronderëm och déi Consultation publique, déi wäert stattfannen op franséischer Säit ronderëm d'Verlängerung vun deem éischte Meiler vu Cattenom, dass mer eis do mat abréngen, dass mer do en Avis och ofginn an och domat effektiv u Bord sinn. An, voilà, och do probéiere wëllen déi Prozedur ze bremsen. An, voilà, worst Case, mee esou wäit si mer nach net, viru Geriicht ze zéien, wéi mer dat och schonn deemools gemaach hunn als Stad Diddeleng, wéi effektiv jo och schonn 1979 hei den Diddelenger Gemengerot an Unanimitéit d'Decisioun geholl huet, fir hei viru Geriicht ze zéien. Och do op Stroossbuerg gaangen ass, e Recours gemaach huet virum Verwaltungsgeriicht zu Stroossbuerg géint den Arrêt préfectoral vum Joer 1979. Bon, verluer. Mir sinn och do an Appell gaangen.

Wéi gesot, mir hunn alleguerten déi juristesch Registere gezunn, déi ee kann zéien. Si hunn zwar net dat bruecht, wat mer eis erhofft hunn, mee mir sinn awer och bereet dee selwechte Wee hei ze goen am Kader vun der Prozedur, déi virun der Dier och steet. Et muss een et sech e bëssen op der Zong zergoe loossen. De leschten Informatiounen no ass et de Moment a Frankräich virgesinn, ëm déi 250 Milliarden Euro an Atomenergie z'investéieren. Wann ee sech virstellt, et géif een déi selwecht Zomm an erneierbar Energien investéieren. Ech soen einfach mol, Photovoltaik, Wandmillen, dann hätte mer sécherlech eng ganz cocasse Situatioun. Dann hätte mer eng vill besser Situatioun. A wat eng ganz cocasse Situatioun ass, ass, dass jo am Fong an der Europäescher Unioun, um Niveau vun der Taxonomie jo och Atomstroum als propper Energie consideréiert gëtt. Dir wësst jo och, dass Éisträich a Lëtzebuerg huet sech jo do associéiert virun den Europäesche Geriichtshaff gaangen ass, hei um Kierchbierg. A mir hunn natierlech do déi Klo verluer.

D'Lëtzebuerger Regierung huet jo decidéiert, aus verschidde Considératiounen eraus kee Recours ze maachen. Ech fannen dass et net déi richteg Decisioun ass. Mee bon, d'Regierung huet déi Decisioun awer geholl. Ech menge wat eis Missioun op all Fall elo hei ass, och als Allianz an iwwert déi heite Resolutioun, och nieft der Resistenz, déi mer hei weisen, Oppositioun par rapport zu der Verlängerung, awer och zu der Opklärung bäizedroe vun de Biergerinnen a Bierger vun der Zivilgesellschaft. Voilà nieft dem Fait, dass mer och als Gemengen hei dann och Eegeverantwortung iwwerhuelen. A mir hunn och de Moment, dat wëll ech awer och hei soen, e bëssen e provisoresche Groupe de coordination agesat an där Allianz vu Gemengen. Deen ass awer och parteiiwwergräifend. Ech wëll Iech awer och einfach déi Nimm mol soen, déi do dobäi sinn. Wéi gesot, d'Initiativ ass elo neierdéngs ausgaange vum Buergermeeschter vu Réiser, dem Tom Jungen.Vun der Stad Esch ass de Schäffe Meris Sehovic dobäi. Vun Nidderaanwen ass de Buergermeeschter Fred Ternes. Vu Wolz ass d'Madamm Chantal Kaufmann dobäi. Vu Bartreng ass de Buergermeeschter de Youri de Smet dobäi. An ech selwer fir d'Stad Diddeleng, dat ass de provisoresche Comité de coordination, deen sech effektiv hei zesummegesat huet.

Wéi gesot, ëm déi 50 Gemengen, déi elo der Allianz bäigetruede sinn. A mir hoffen natierlech, et si schonn eng Rei Gemengen, déi dës Resolutioun am Gemengerot haten. Anerer wäerte sécherlech nozéien. Mee wat mer zu méi Gemenge sinn, déi engersäits, ech menge mir hunn 100 Gemengen, dëser Allianz bäitrieden, wat mer och zu méi Gemenge sinn, déi och dës Resolutioun an hire Gemengerot huelen an och deen néidege politesche Support kréien, parteiiwwergräifend, wat méi, wat besser, muss ech soen, grad an dëser Fro ronderëm d'Atomenergie, an erneierbar Energien, well et och eng Prinzippiendiskussioun ass vun der Nohaltegkeet a vun Invest an erneierbar Energien. Wann een och kuckt mat deem ganze Krich an Ofhängegkeetsprinzip, dee mer hu vis-à-vis och vun Energiezoufuer an och mam Krich an der Ukrain a mat Russland, mee och mat Cattenom, ass et wichteg, dass mer hei e kloert Zeechen zesummen deementspriechend och setzen. An duerfir, voilà, och d'Resolutioun, dass mer eis nach eng Kéier hei ganz kloer engagéieren, dass mer eis Oppositioun hu vis-à-vis vun der Atomenergie, dass, voilà, dass mer hei wierklech géint d'Prolongatioun vu Cattenom sinn, dass dat fir eis d'Atomenergie keng Optioun ass.

Dass mer natierlech och vun der Regierung verlaangen, dass se sech méi och resolut géint Atomenergie ausschwätzt, och wa se et mécht, an awer op där anerer Säit seet, mir mëschen eis net a wat d'Energiepolitik vun deenen anere Länner ass. Mee effektiv do méi eng couragéis Haltung géife mer eis awer wënschen. An ech mengen d'Allianz kéint och dozou bäidroen, mee och wa mer de Prinzip festhalen, dass awer de Moment de Statement ass, dass se géint Atomenergie och deementspriechend ass, wat jo och an deem Sënn och gutt ass. Dass mer eis aktiv

och asetze fir erneierbar Energien. An, jo, voilà, dass mer och grad eeben an däser Cause och Synergië siche mat den Nopeschlänner, mat den Nopeschregiounen. A wéi gesot, dass mer och eis Populatioun, eis Biergerinnen a Bierger och weider informéieren a sensibiliséieren.

Dat heescht och, Dir wësst, ech hat et och deemools scho gesot bei der Fro, dass mer de Plan Cattenom als Stad Diddeleng aktualiséiert hunn an dass een och do wieder um Ball bleift an dass een, nieft de Sireenen, déi eemol de Mount méindes ëm zwielef Auer schellen, dass een déi awer och déi Informatioun, wéi gesot, weider oprechterhält an och eis Zivilgesellschaft respektiv eis Biergerinnen a Bierger och weider informéiert, wat d'Risike vun der Atomenergie sinn. Dat e bëssen zu den Ausféierunge vun däser Resolutioun, hir Originnen an och d'Ausriichtung, déi se huet. Voilà, lo ass d'Diskussioun op. Här Steffen, an dann d'Madamm Kemp.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Et wäert Iech elo e wéineg verwonneren, dass ganz villes vun deem, wat Där elo gesot hutt, och hei op mengen Notizen erëmzefannen ass. Mir ware frou driwwer, deen heite Punkt um Ordre du jour ze fannen. Mir suivéiere vun Ufank un erëm déi Renaissance vun där Allianz vun de Gemenge géint d'Atomkraaft mat engem groussen Interessi. Ech hat hei och meng Nimm opgeschriwwen Henri Kox, deen et an d'Liewe geruff huet an den Tom Jungen, deen dat Ganzt erëm opliewe gelooss huet. Dass mer och frou driwwer waren, wou mer am Fréijoer gesinn hunn, dass Diddeleng sech do schonn direkt drugehaangen hat un déi Allianz an dass dat eis och eng Motioun deemools erspuert hat am Gemengerot, well mer déi Iddi selbstverständlech super fonnt hunn! Ech mengen, Dir kennt eis elo gutt genuch fir ze wëssen, dass mer dat doten och gemaach gehat hätten. D'Tendenzen, den Nucléaire als nohalteg Energie op europäeschem Niveau ze greenwashen an déi domat verbonne Lafzäiten ze verlängere bei eise belschen a franséischen Noperen, déi maachen eis tatsächlech Angscht. Doel an Tiange an der Belsch si mëttlerweil confirméiert. Cattenom, do kënnt déi definitiv Decisioun eréischt 2026. Dat heescht do ass nach Zäit, fir eppes ze maachen, dass et net zu enger Lafzäitverlängerung kënnt.

Zu de Grénn. Do steet schonn alles an der Resolutioun. Déi hutt Dir och schonn opgezielt. Do ginn ech elo net an den Detail an. Mee et ass awer wichteg ze betounen, dass et weeder eng propper Energie ass, well dat vun der Endlagerung net gekläert ass, nach ass et eng sécher Energie mat Bléck op ëmmer méi Dronen, déi duerch Europa fléien, wou kee weess vu wou se hierkommen, de Fluchverkéier, deen zouhëlt an dann och all déi Tëschefäll, déi een ëmmer erëm an den Neiegkeete liest oder an der Zeitung da gesäit, wou dann iwwer Stufe geschwat gëtt, wou sech den normale Bierger einfach och freet, okay, wat ass elo genau geschitt. Déi grouss Katastrophen, déi sinn och net vergiess. An eppes an där Gréisstenuerdnung wier effektiv d'Bedroung fir d'Existenz vu ganz Lëtzebuerg. Onsécher ass et och am geopolitesche Kontext, andeems déi begrenzte Ressource Uran gebraucht gëtt an ee sech domat weider onnëtz ofhängeg mécht an och erpressbar bleift.

Dann ass et och net d'Energie, déi am Aklang mam Klimawandel ka funktionéieren, well et reegelméisseg Ausfäll ginn opgrond vun den Drëschenten. Dat gëllt fir d'Lafzäiterneierungen an och fir déi nei Projeten, déi am Raum stinn. Dobäi hu mir d'Alternative mat den erneierbaren Energien. Et gëtt keng Grënn un däser Technologie festzehalen. A virun allem, wann een dem Noper de Problem un d'Hausdier stellt, muss een all Regëster zéien, sech géint den Nucléaire auszeschwätzen. Dat heescht, jo, mir si voll a ganz mat däser Resolutioun averstanen a si virun allem gespaant op d'Ausféierung vun deem leschten Tiret, wou et drëms geet, de Buergermeeschter ze mandatéieren, d'Stad Diddeleng, mat eiser Meenung bei den nationalen Autoritéiten ze vertrieden. Well hei stelle mer fest, dass den Engagement an deene leschten zwee Joer net ëmmer esou proaktiv a vehement war, wéi mer eis dat vläicht gewënscht gehat hätten. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Ech war mer elo net méi sou sécher. Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Cattenom gouf 1986 un d'Netz geholl. D'Entscheedung vun der franséischer Autoritéit ASNR, d'Liewensdauer vun de Reakteren zu Cattenom iwwer 2026 eraus ze verlängeren, ass eng Decisioun, déi eis all betrëfft. Mir wunnen ëm déi 12 Kilometer vum Site ewech. D'Risiken, déi mat enger alternder Nuklearanlag zesummenhänken, si real. D'Fissuren duerch d'Korrosioun, déi nach ëmmer net technesch geléist sinn, da weider oder erschwéiert Kontrolle vun Infrastrukturen, d'Ofhängegkeet vum Waasser fir d'Ofkillung an esou weider.

Ënnert anerem wësse mer, dass d'Regierung gefrot huet, fir besonnesch opzepassen op d'Leeschtung vun de Filteren am Noutsystem, op den Afloss vu Klimaännerungen op d'Sécherheet vun den Zentralen, d'Resistenz géint extern Impakter, d'Upassung vum Sécherheetsniveau un dee vun deene modernste Kernreakteren. Des Weidere gouf op nationalem Niveau och de Fall vu Cattenom thematiséiert. Um nationalen Niveau gouf jo och am Fall vu Cattenom intervenéiert. An der Consultatioun fir d'Verlängerung drop gepocht, datt d'Sécherheet hei eng prioritär Roll muss spillen. En plus ass am PNEC virgesi bis 2030 ëm 39 % vum Stroum aus erneierbaren Energien ze huelen. Mir kënnen an där Situatioun net einfach nokucken. D'Accidenter vun Three Mile Island, Tschernobyl a Fukushima weisen eis däitlech, datt och d'Onmeiglecht ka geschéien. Dofir hu mir als Gemeng eng wichteg Roll. Dofir wäerte mir dës Resolutioun matdroen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. D'Positioun vu mir a vun der DP ass kloer. Mir sti fir erneierbar Energie an och fir hiren Ausbau a sinn absolutt géint Atomenergie a gesinn och keng Zukunft an der Saach. A wann ech héieren, dass d'Iddi um Dësch läit, fir Cattenom auszebauen an eis eventuell och nach e fënneften an e sechsten Tuerm virun d'Nues ze setzen, da gëtt et mir schlecht. Här Buergermeeschter, ech sinn absolutt hei bei Iech a bei deem, wat Der gesot hutt a stinn och ganz hannert däser Resolutioun. Villmools merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, wéi et Iech wéineg wäert iwwerraschen, rennt dës Resolutioun natierlech och bei eis bei déi Lénk oppen Dieren an. Mir sinn och säit eiser Grënnung Member vum Aktiounscomité géint Atomenergie. A mir gesinn dat ganz positiv, dass och d'Allianz vun de Gemengen nees erwächt gouf. Ech hunn och mat ganz vill Interessi déi Resolutioun hei gelies, déi e laangen Historique vu Momenter weist, wou dëse Gemengerot sech eeben net just op dat konzentréiert huet, wat um Diddelenger Territoire passéiert ass. An awer si mer keng Chamber bis ginn. Also dat hunn ech emol festgehalen. Mee ech mengen, wat awer wichteg ass, well elo an der Diskussioun hunn ech d'Gefill, dass mer eis e bëssen doranner verléieren. Mir sollten awer net just géint d'Cattenom sinn, well Cattenom virun eiser Dier steet. Well da si mer am Nimby-Effekt. Not in my backyard. Do fanne mir eis elo manner erëm.

Mir sollten einfach géint Atomenergie sinn am grousse Ganzen. Atomenergie ass geféierlech. Se ass net nohalteg. Se ass entgéint deene Falschinformatiounen, déi mer oft héieren, net bëlleg, well se ass einfach staark subsidéiert. An de Problem vun Endlager, dat steet och alles an däser Resolutioun. Dat wëll ech just soen. De Problem vun Endlager ass nach ëmmer net geléist. An dat misste mir hei zu Lëtzebuerg och wëssen, well mir hunn och zu Lëtzebuerg radioaktiven Offall, dee mer jorelaang virun allem an den 90er einfach emol op Schlakendeponië geklaakt hunn. Also och mir sinn do net esou ganz propper als Lëtzebuerg. Wa mer awer géint Atomenergie sinn, da misste mer awer och esou éierlech sinn an net iwwert eise Pensiounsfong all Joer Milliounen a Milliounen an EDF an an aner Atomindustrie investéieren. Do wëll awer och iergendwéi keng vun deenen anere grousse Parteien eppes drun änneren. Mee och dat ass awer dann e Problem. An wa mer dann elo just géint Cattenom sinn, well dat virun der Dier ass, da misste mer awer och dat anert eng Kéier ugoen an do eise Pensiounsfong a seng Investitiounsstrategie op de Leescht huelen.

Diddeleng, laut dësem Historique vun der Resolutioun, geet säit 1979 op d'Barrikade vu Cattenom. Dat ass och gutt esou. Dat huet mech interesséiert ze liesen. Ech hunn et allerdéngs e bësse witzeg fonnt, dass dann e Punkt dran ass, dass 2011 de Gemengerot eng Resolutioun gestëmmt hat « où le conseil communal s'est engagé pour l'abandon de la consommation d'énergie nucléaire au niveau communal ». Bon, do leien 32 Joer dertëschent. Déi éischte Kéier, wou mer op d'Barrikade gaange sinn an dee Moment, wou mer geduecht hunn, vläicht misste mir dann ophalen, d'Nuklearenergie ze notzen op lokalem Niveau. Jo, dat ass da vläicht och net esou ganz éierlech. An da stellt sech d'Fro: Si mer da lo propper? Well Lëtzebuerg ass nach net propper. Mir hunn nach ëmmer groe Stroum an eisem Lëtzebuerger Stroummix, dat wësse mer. Dat géif mech interesséieren, wéi et hei zu Diddeleng ass. Ech ginn dovun aus, dass mer do dann och nach ëmmer net propper sinn. Wann dat sou ass, da géif ech et gutt fannen, wa mer dat nach eng Kéier géifen an eis Decisiounen och als leschte Punkt ophuelen. Well wa mer esou éierlech sinn a wa mer déi Resolutioun stëmmen, da sollte mer eis och selwer an d'Responsabilitéit huelen.

Allgemeng mat der Resolutioun, et wäert Iech net iwwerraschen, dass mer se selbstverständlech matstëmmen, och wann e puer Formulatiounen dra sinn, déi mir e bëssen anescht gemaach hätten. Mir mengen net, dass Atomenergie eleng duerch erneierbar Energië wäert kënnen ersat ginn. Mir hu virun allem de Problem vum Stockage. Mir mussen och einfach eise Verbrauch vun Energie am A behalen a reduzéieren, soss wäerte mer dat net einfach esou eent zu eent ersat kréien. Mir verweisen och an der Resolutioun op de PNEC 2030. Ech weess net, ob deen dat weist, wat mer wëllen, dass e weist, well laut dem PNEC si mer 2030 bei 39 % erneierbarem Stroum. Do feelt nach e bëssen eppes. Zum Schluss, de Punkt fënnef vun eisen Decisiounen, wou mer soen, mir decidéieren « de soutenir activement le développement des énergies renouvelables », selbstverständlech. Den zweeten Deel vum Saz ware mer e bëssen iwwerrascht. Jo, « demander la suppression des obstacles administratifs ». Dat ass ëmmer sou e bësse geschenkt. Also ech weess net, ass dat wierklech elo dee grousse Problem bei den erneierbaren Energien? D'Obstakelen administrativ, hu mer eis gefrot. Mee bon, mir wësse jo, dass d'Kommunikatioun heiansdo geschenkt an e bësse bëlleg ass.

Mee wat maache mer hei zu Diddeleng? Also op d'Initiativ vun déi Lénk maache mer jo schonn emol Photovoltaik op all Daach vun all de Gemengegebaier. Do si mer wierklech frou. Do huet de Jos Thill laang a laang dofir gestridden, dass mer dat maachen. Mir hunn eis gefrot, ob mer net awer och zum Beispill kéinten eng Campagne mam Geschäftsverband maachen, fir mat deenen ze kucken, fir d'Beliichtung vläicht ze reduzéieren owes. Well ech mengen, dass do wierklech nach Aspuerpotenzial wier. Mir hätten och nach zwee Punkten an der Resolutioun vermësst. Ech wollt ee Moment Amendementer proposéieren. Ech hunn et awer elo si gelooss an der Hoffnung, dass mer dat heiten einfach unanime kënne stëmmen. Mir hätten et gutt fonnt, wa mer och nach eng national Sensibiliséierungscampagne gefuerdert hätten. Net nëmmen, dass mir eis Diddelenger Bierger informéieren, mee et misst am Fong och wierklech eng national Sensibiliséierungscampagne ginn, fir iwwert d'Gefore vun der Atomenergie opzeklären.

Well ech hunn d'Gefill mat deene ganze Fake News, déi do virun allem vu riets ronderëm schwirren, dass virun allem déi jonk Generatiounen, déi gutt Intentiounen hunn, fir eeben CO2-neutral ze ginn, dass déi net méi ganz am Hannerkapp hunn, wat wierklech d'Nodeeler vun der Atomenergie sinn, ouni déi ganz Panikmaacherei. Also ech hunn als Kand Bicher ze liese kritt, déi hu mech bis haut nach traumatiséiert, mee ech mengen awer, dass een do misst eng propper Sensibiliséierungscampagne maachen. An et wier och gutt, wann ee géif fuerderen d'Task Force ze reaktivéieren, fir grad d'Gemengenallianz, déi politesch an déi zivil Acteuren zesummenzebréngen. Soit. Mir hunn elo näischt hei virformuléiert. Ech mengen, dass dat och elo net onbedéngt wichteg ass. Ech wollt et awer eng Kéier hei an der Diskussioun gesot hunn, dass dat heite wierklech e groussen an e wichtege Sujet ass. A mir stëmmen dat heiten da selbstverständlech och mat. Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, et géif ee mengen, dass esou eng Resolutioun wéi déi hei haut, an no all deenen Accidenter, déi lo geschitt sinn, se si genannt ginn, Three Mile Island, Tschernobyl a Fukushima, längst iwwerflësseg wier. An awer gesi mir, dass grad elo, an Zäite vun Desinformatioun an enger heiansdo ganz ignoranter Technologieoppenheet, wéi wichteg et ass, dass mir als Gemengerot eng kloer an net verwässert Positioun zum Thema Nucléaire huelen. Mir schwätzen net iwwert eng abstrakt Gefor, mee iwwert eng konkreet Zentral, awer och net nëmmen, jo, och iwwert d'Atomenergie am grousse Ganzen. Déi Fro vun der Sécherheet, déi eeben net theoreetesch ass. Sief et zu Cattenom oder eeben och allgemeng an Europa, wa mer vum Nucléaire schwätzen. E Punkt, deen och net ze negligéieren ass, ass eemol den Alter vun der Zentral, awer och déi Ofhängegkeet vun de massive Waasserreserven, déi och an Zäite vu Klimakris maachen, dass dës Technologie en onberechenbare Risiko fir eis Bierger, fir eis Ëmwelt a Wirtschaft ass.

Dës Resolutioun baut op eng laang Traditioun op vun eiser Stad. Och dat ass gesot ginn. Säit de 70er Joren huet de Gemengerot ëmmer erëm e Schrëtt probéiert ze ënnerhuelen. Dat huet de Buergermeeschter jo och gesot. Bis hin zu 2011, wou och eng kloer Fermeture dann och gefuerdert ginn ass. Dat ass deemno keen neie Reflex, mee eng kloer Linn, de Schutz vun der Bevëlkerung an d'Verantwortung géigeniwwer de kommende Generatiounen. Als LSAP ënnerstëtze mer dës Resolutioun aus voller Iwwerzeegung, well se genau dat ofspigelt, wourunner mir als sozial Partei eis Energiepolitik moossen, an zwar Sécherheet, Nohaltegkeet a Gerechtegkeet. D'Nuklearenergie am Ganzen ass weeder erneierbar nach nohalteg vum Offall, dee joerdausendelaang eng Gefor duerstellt a wou mer nach ëmmer keng definitiv Léisung fir de Stockage hunn an och déi Risiken, déi, wa se sech da realiséieren, net beherrschbar sinn. A se bënnt immens vill Kapital a Ressourcen, déi eigentlech fir d'Energiewend gebraucht ginn, fir da Photovoltaik, Wand, Geothermie an eng modern, intelligent Netz- a Späicherinfrastruktur misst goen.

Jo, d'LSAP huet och um nationale Plang mat senger zéng Propositioune fir eng verantwortlech a sozial Energiepolitik ganz kloer gewisen, wou d'Rees eigentlech misst higoen.
D'Präisser stabil a sozial gerecht halen, massiv an d'Netzer an d'erneierbar Energie investéieren, de Bierger mat op dës Rees huelen an de Klimaschutz net géint, mee mat de Mënschen organiséieren. An dëst geet nëmme konsequent, wann ee sech och traut, Neen ze soen zu deene falschen Technologien a Weeër. An dozou gehéiert d'Atomkraaft dozou. An do wëlle mer och ganz kloer e politesche Kontrast zeechnen. De Premier huet sech um europäesche Plang als ouvert à la technologie am Zesummenhang mam Nucléaire positionéiert. Op den éischte Bléck vläit eng modern a pragmatesch Léisung. A Wierklechkeet ass et awer eng Form vu Feigheet. E wëll sech keng Dier zoumaachen. Och net déi, déi aus Sicht vum Klima, vun der Sécherheet an aus sozialer Siicht déi falsch ass.

Technologieoppenheet däerf keen Ersatz fir de politesche Courage sinn. Mir brauchen net nach méi technologesch Ambiguitéit. Mir brauche kloer Prioritéiten an eng Energiezukunft, déi sech op zentraliséiert héich risikoräich Technologië mat onléisbaren Offallproblemer verléisst ass keng realistesch, sozial a gerecht Léisung. A scho guer net fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat d'Risikoe muss droen, ouni iergendeng Kontroll iwwert dës Anlag selwer ze hunn. A genau do setzt dës Resolutioun un. Si ënnersträicht d'Notzung vun der europäescher Zesummenaarbecht am Beräich vun den erneierbaren Energien. Beispillsweis bei Offshore-Wandstroum. An d'Roll vun de Gemengen als Motor vun där lokaler Transitioun, Solar op de Gemengebauten, Wärmenetzer, Luedestrukturen an Informatiounsaarbecht, déi d'Leit mathëlt an net ofschreckt. Fir eis ass dës Resolutioun d'Prinzip vun der Virsiicht a vun der intergenerationeller Gerechtegkeet. Mir huelen net nëmme Verantwortung fir haut, mee och fir déi, déi no eis kommen.

Et kann net sinn, dass mir haut aus Bequeemlechkeet oder Angscht viru kloren Decisiounen technesch Léisunge wielen, déi potenziell e Risiko vu Katastrophen iwwer Joerdausenden op d'Schëllere vun eise Kanner a Kandskanner verleet. An dofir si mer ganz kloer am Numm vun der LSAP-Fraktioun hei am Gemengerot, dass mir dës Resolutioun natierlech iwwerzeegt matstëmmen, dass mer eis op d'Säit vun de Biergerinnen an de Bierger stellen, déi eng sécher, nohalteg a sozial Energiepolitik erwaarden. A mir distanzéieren eis ausdrécklech vun all Versuch, Atomkraaft am Allgemengen als akzeptabel Optiounen a Villen ze verkafen, egal ob dat elo Technologieoppenheet heescht oder anescht. Diddeleng huet eng staark antinuklear Traditioun. A mat dëser Resolutioun weise mir, dass déi Traditioun haut net manner wichteg wéi viru véierzeg Joer ass. Si ass Deel vun eisem Selbstverständnis als nohalteg, sozial a responsabel Stad. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da soen ech all de Parteie Merci, déi sech hei kloer positionéiert hu géint d'Atomenergie, fir hir Stellungnam. Mir sinn eis mengen ech alleguerten eens, dass et wichteg ass an effektiv Atomenergie eng Gefor ass. An, voilà, dass mer do eis Oppositioun weisen an och resolut fir  erneierbar Energien, wéi gesot, asetzen. Natierlech kann ee sech elo hei äusseren iwwert den Inhalt vum PNEC, iwwert den Inhalt vum Pensiounsfong, wat do dran ass. Ech mengen et soll een dat op aner Plaze maache wéi elo hei am Gemengerot. Mee sécherlech, et ass eng ganz Diskussioun, wéi och d'Diskussioune ronderëm wéi mer den Energieverbrauch insgesamt maachen als Biergerinnen a Bierger. Mee bon, do hu mer jo am Kader vum Klimapakt eng Rei Uleedunge gemaach, Sensibilisatiounscampagnen, wéi ee generell säi Verbrauch soll andämmen.

Natierlech wësse mer wien de Fournisseur vum Elektresch hei am Land ass an dass een och seng Choixe ka maache fir e Mix oder net e Mix. Mee et ass deelweis e Mix dran. Ech mengen dat géif och e bëssen de Kader hei, dat si wichteg Diskussioun, an do sinn ech absolutt bei Iech, mee et si sécher Diskussiounen, déi awer iwwert de Kader hei erausginn. An ech hat och net fir näischt gesot, datt heiten ass et sécherlech net den Not in my backyard, dat hei geet jo och ëm eng prinzipiell Haltung, déi mer hunn. Dat hat ech zum Schluss gesot vu mengen Ausféierungen, dass mer géint



Atomenergie sinn an eis eege Verantwortung huele vis-à-vis vun den erneierbaren Energien. An dass och do jo eng Rei Projeten hei zu Diddeleng  an der Maach sinn.

Ech hunn och héieren, dass ee Moment d'Iwwerleeung war, dass ee verschidde Punkten nach hei géif ergänzen, par rapport zu enger nationaler Sensibiliséierungscampagne, par rapport zu de Gefore vun der Atomenergie respektiv wat d'Task Force ugeet. Bon, et ass jo esou, dat hat ech virdru vergiess ze soen. Et gouf jo och eng Entrevue vun dësem provisoresche Groupe de coordination mat der Regierung. An do war och d'Ouverture gemaach ginn, wat ganz, ganz positiv ass, wann et da sou wäit ass, dass do esou e sougenannte Comité interministériel agesat gëtt. An do kënnen och Vertrieder vun der Allianz vun deene Gemengen do mat dobäi sinn. An ech mengen déi Ureegungen, déi d'Madamm Thoma och gemaach huet vun der nationaler Sensibiliséierungscampagne, déi kann ech ganz gären do mat eranhuelen. Well ech mengen och dat déi Plaz ass, wann eng national Sensibiliséierungscampagne soll kommen, da muss se jo och vun der Regierungssäit matgedroen an ënnerstëtzt ginn. An ech mengen, dass dat déi Plaz sécherlech ass, wou een dat effektiv als Gemenge sécherlech deementspriechend nach ka matbréngen. Dofir nach eng Kéier och Merci, voilà, fir déi dote Iwwerleeung, wéi gesot, mir huelen déi da mat och bei déi aner Kolleege vun de Gemengen, respektiv da mat an de Comité interministériel. Voilà, ech mengen ech hätt probéiert op déi verschidde Punkten anzegoen. An de René Manderscheid, dee wollt och nach dorop agoen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Ech wollt just ganz kuerz, ouni elo béis ze sinn, et ass warscheinlech ongewollt eriwwerkomm. Hei gëtt et esou duergestallt, dass dat mat de Photovoltaikanlagen op de gemengeneegene Gebaier vun deem Member vun déi Lénk initiéiert ginn ass. Ech wëll awer d'Geschicht da ganz erzielen. Et war den LSAP-Ëmweltschäffen, de Marc Zanussi, deen am Fong mol déi éischt Etüden an Optrag ginn huet, fir op Gemengegebaier déi PV-Anlage kënnen ze installéieren oder ze kucken ob dat méiglech ass. An natierlech huet de Conseil vun déi Lénk, deemools gouf et nach keng Lénk am Gemengerot, wéi awer déi Lénk am Gemengerot waren, wéi mer déi Projete geplangt hunn, waart Dir natierlech Matstreider fir dat ze realiséieren. Ech wëll awer d'Geschicht elo och e bëssen ergänzen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci nach eng Kéier fir dann déi dote Prezisioun. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass mat dëser Resolutioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** An do soen ech och hei dem Gemengerot Merci, fir mengen ech och dat kloert Zeechen, dat mer vun den Diddeleng aus ginn.

# 6. PERSONAL

**Schafe vun engem Vollzäit-Poste fir en Employé communal am Groupe d'Indemnité B1, Sous-groupe technique (Gestion et maintien du patrimoine – Travaux publics)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, da géif ech op den nächste Punkt iwwergoen, dat ass d'Schafe vun engem B1-Posten am Gestion et maintien du patrimoine, travaux publics. Hei geet et drëms, en zousätzleche Poste B1, also wéi gesot et ass en Redakter ze schafen, virun allem am Kader vun der Elaboratioun, Ausféierung vu PAPen, déi mer hunn. Sief dat NeiSchmelz, awer och virun allem bei der Ausféierung vun den Exekutiounsprojeten, also Infrastrukturprojeten an och fir do am Virfeld och déi néideg Preparatioune kënnen ze maachen, awer och déi néideg Entretienstâchen am Alldag, Et geet also hei drëms, de Service travaux publics ze verstäerken. Voilà, dat ass am Fong d'Argumentatioun firwat mer dësen zousätzleche Poste schafe wëllen. Froen dozou? Neen?

Ass de Gemengerot mat der Kreatioun vun deem Posten averstanen? ***Dat ass unanime.***  Da soen ech lech villmools Merci.

# 7. FROEN UN DE SCHÄFFEROT



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kommen ech zum nächste Punkt par rapport zu de Froen. Do hu mer eng ganz Rei Froen erakritt. Do ware bei deene Froe ganz, ganz vill Ënnerfroen. A voilà, mir géifen hei proposéieren Iech déi schrëftlech ze beäntwerten, well mer effektiv net dozou komm sinn, well mer de Budget preparéiert hunn, dass mer dat schrëftlech maachen an Iech dann och dann zoukomme loossen, dass Der déi dann och an den Delaien, sou wéi d'Gesetz et virgesäit, dann och hutt. An da mengen ech kucke mer, dass mer do mat de Servicer déi néideg Äntwerte par rapport zu de Froen an de Sous-Froen dann deementspriechend kënne ganz gäre ginn. Da si mer zum Schluss vun der Seance publique ukomm. An da géif ech proposéieren, dass mer an de Huis clos géifen iwwergoen.

### 1. AUSBAU VUN DER EISEBUNNSSTRECK BEETEBUERG-WUELMERENG

**Froë vun der Fraktioun „Déi Gréng Diddeleng" iwwert den Ausbau vun der Eisebunnsstreck Beetebuerg-Wuelmereng**

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen, Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froen zum Ausbau vun der Eisebunnsstreck Beetebuerg-Wuelmereng Stellung ze huelen. Op der Informatiounsversammlung zum Quartier NeiSchmelz de 17.11.2025 hunn sech vill Awunner besuergt iwwer d'Verkéiersopkommes gewisen, dat de neie Quartier riskéiert mat sech ze bréngen. Als eng vun den Haaptléisungen gouf den Zuch fir an d'Stad genannt, deen am Véirelstonnentakt fuere wäert an duerch méi grouss Quaien och méi grouss Capacitéiten u Leit soll kënnen an d'Stad bréngen.

Am Gemengerot vum Februar 2025, krute mär, op eis Froen hi, bestätegt, dass dës Véirelstonnentaktung net wéi geplangt fir 2027 realisabel wier, wéinst der Duebelgleisegkeet, déi et heivir ënnert anerem am Norde vun Diddeleng bräicht och stoungen ongekläerte Proprietéitsverhältnisser als Grënn am Raum.

An dem Sënn wollte mär vum Schäfferot wëssen:

1. Gëtt et en neie Moment zu: de Proprietéitsverhältnisser, déi am Februar 2025 nach net gekläert waren, déi d'Prämiss sinn, fir d'Duebelgleisegkeet kënnen z'erméiglechen? Dem Planning vun den Aarbechten (supressioun vun de passages à niveau, Ausbau vun de Garen, Aarbechten un de Gleiser)?

2. Hunn Entrevuë mat der CFL zu dësem Sujet dëst Joer statt fonnt? Fir wéini si Reunioune geplangt? Ween huet d'Initiativ geholl fir dës Reuniounen? De Schäfferot oder CFL? An der Negativitéit: wisou hu keng Reunioune statt fonnt? D'Livraisoun vun den éischte Logementer op NeiSchmelz ass fir 2028 geplangt Aarbechten u Gleiser, Garen an u Suppressioune vu passages à niveau suergen émmer fir Suppressiounen am Zuchverkéier an Ersatzbusser. Mär stellen deemno fest, dass de BiergerInnen hier Suergen (Infoversammlung zu Neischmelz den 17.11.25) zur Mobilitéitssituatioun, déi e.a. eng zouhuelend Aktivitéit op NeiSchmelz wäert schafen, kuerz- a mëttelfristeg net wäert kënne wéi ugekënnegt duerch d'Eisebunn kënnen opgefaange ginn. D'Mobilitéitssituatioun an Diddeleng riskéiert sech deemno Enn den 20er Jore bis iwwer d'Mëtt vun den 30er Joren a ganz Diddeleng ze verschlechteren.

3. Kann de Schäfferot dësen Szenario confirméieren?

4. Wat sinn dem Schäfferot seng Iwwerleeungen dëser Entwécklung virzegräifen?

5. Gesäit de Schäfferot, zesumme mat der CFL an dem Mobilitéitsministere eng Informatiounsversammlung vir, fir de Bierger d'Entwécklungen zu den Direktzich, der Véirelstonnentaktung an der Chantiersphase wäerten duer ze leeën an op hier Suergen anzegoen?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,
Semiray Ahmedova Yves Steffen
conseillère communale conseiller communal

***Äntwert vum Schäff*innerot***

Madame, Monsieur,
D'Fraktioun Déi Gréng Diddeleng huet de 1. Dezember 2025, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 5. Dezember 2025 a gemiess dem Gemengegesetz, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss zum Ausbau vun der Eisebunnsstreck Beetebuerg-Wuelmereng. Wéi an der Gemengerotssitzung vum Buergermeeschter ugekënnegt, huet eise Schäfferot decidéiert, am Aklang mam Gemengegesetz, schrëftlech op dës Ufroe Stellung ze huelen.

De Projet vum Ausbau vun der Eisebunnsstreck Beetebuerg–Wuelmereng, an déi domat verbonne Verbesserung vum ëffentlechen Transport souwéi vun der Connexioun tëscht Diddeleng an der Stad Lëtzebuerg respektiv a Richtung Norden, stellt e wichtegt Thema fir eis Stad duer. Nofollgend fannt Där d'Äntwerte vum Schäfferot op Är Froen.

*Fro 1.1 – Gëtt et en neie Moment zu: de Proprietéitsverhältnisser, déi am Februar 2025 nach net gekläert waren, déi d'Prämiss sinn, fir d'Duebelgleisegkeet kënnen z'erméiglechen?*

Am November 2025 huet d'Chamber, unanime, hir Zoustëmmung fir d'Etüden zum Projet vun der Suppressioun vum PN102d souwéi fir de Bau vum Kräizgleis zu Diddeleng-Bireng ginn. Dëse Projet gëtt ënnert der Leedung vun der CFL ausgeschafft, déi och fir d'Ausschaffe vun de detailléierte Pläng an d'Festleeë vun de geneeën Emprisen zoustänneg ass.

D'CFL, a Kooperatioun mat CFL-Immo, assuréiert zudeem d'Leedung bei der Klärung vun de Propriétéitsverhältnisser, woubäi d'Stad Diddeleng dës Demarchen aktiv ënnerstëtzt. Aktuell leien eis keng weider Informatiounen zum Avancement vun de Verhandlungen zu de Propriétéitsverhältnisser vir.

*Fro 1.2. – Gëtt et en neie Moment zu dem Planning vun den Aarbechten (supressioun vun de passages à niveau, Ausbau vun de Garen, Aarbechten un de Gleiser)?*

Am Joer 2023 ass am Kader vun de Biergerversammlunge mat de Ministere François Bausch, Henri Kox a Sam Tanson de follgende Plang offiziell vun der deemoleger Regierung kommunizéiert ginn:

2026-2028: Suppressioun vum Passage à niveau 103d Diddeleng-Ville a Bau vum Souterrain bei der Nuddelsfabrik-Parking CFL;

2026-2028: Reamenagement vun der Route de Thionville

2028: 30-Minuttentakt tëschent Wuelmereng-Diddeleng-Beetebuerg-Lëtzebuerg

2028-2030: Ëmbauaarbechten op der Beetebuerger Gare an Zuchbréck iwwert d'Stellwierk zu Beetebuerg

Dës Projete gi vun der aktueller Regierung integral weidergefouert. Soubal all Passage à niveau suppriméiert ass an d'Iwwerhuelgleis zu Bireng – woubäi et sech net ëm eng generell Duebelgleisegkeet handelt, mee ëm d'Schafe vun engem zweete Gleis op punktuelle Plazen – realiséiert ass, kënnen zwee weider Zich tëscht Diddeleng a Beetebuerg agesat ginn, fir e 15-Minutten-Takt ze erreechen. Zousätzlech ass och de Bau vun enger Express-Vëlospist tëscht Lëtzebuerg, Beetebuerg an Diddeleng virgesinn. Den exakten Timing vun dëse Mesuren ass der Stad Diddeleng bis ewell nach net matgedeelt ginn.

*Fro 2.1. – Hunn Entrevuë mat der CFL zu dësem Sujet dëst Joer statt fonnt? Fir wéini si Reunioune geplangt?*

An dësem Zesummenhang ass ze berücksichtegen, datt d'Aarbechten um Zuchreseau net isoléiert kënne betruecht ginn, mee am enke Kontext mat der Entwécklung vum Projet NeiSchmelz stinn an dofir eng wesentlech Roll am Gesamtusaz vum Site spillen. Déi zoustänneg technesch Servicer vun der Stad stinn an engem reegelméissegen Austausch mam Fonds du Logement am Kader vun der Entwécklung vum Site NeiSchmelz. Op techneschem Niveau fannen all zwou Wochen Aarbechtsreuniounen statt. Zousätzlech gëtt et all sechs Wochen eng Koordinatioun op politeschem Niveau tëscht dem Schäfferot, dem Fonds du Logement an dem Ministère du Logement.

Weiderhi ginn trimesteriell technesch Reunioune mat der Administration des Ponts et Chaussées an der CFL organiséiert, fir déi ugrenzend Projeten am Ëmfeld vum Site NeiSchmelz ofzestëmmen. Iwwerdeems fannen och reegelméisseg iwwergeuerdent Koordinatiounsréunioune mat alle betraffenen Acteure statt, fir eng kohärent an ofgestëmmten Entwécklung vum Projet ze garantéieren.

*Fro 2.2. – Ween huet d'Initiativ geholl fir dës Reuniounen? De Schäfferot oder CFL?*

Et handelt sech dobäi ëm Reuniounen, déi no engem béidsäiteg ofgestëmmten a festgeluechten Zäitplang organiséiert ginn.

*Fro 2.3. – An der Negativitéit: wisou hu keng Reunioune statt fonnt?*
Reegelméisseg Reuniounen hu stattfonnt. Déi verschidde staatlech Projete ginn no an no ausgeschafft an ëmgesat. Aktuell läit op staatlecher Säit d'Prioritéit bei de Projeten "Réaménagement route de Thionville", "Suppressioun PN103a" an "Souterrain pour piétons/cyclistes PN104a", wou aktuell säitens der Administration des Ponts et Chaussées (route de Thionville a PN103a) an der CFL (PN104a) geschafft gëtt an e reegelméissegen Austausch stattfënnt. An Bezuch zum Projet vun der Suppressioun vum PN102d an dem Schafe vun engem Kräizgleis zu Diddeleng-Bireng hunn dëst Joer keng Entrevue stattfonnt.

An dësem Kontext huet de Schäfferot eng Entrevue fir d'Joer 2026 bei der zoustänneger Ministesch Yuriko Backes, souwéi bei den Direktere vun de Ponts et Chaussées an der CFL ugefrot, fir weider Informatiounen zum Zäitplang vun all de staatleche Projeten ze kréien an d'Wichtegkeet vun dësen Dossiere fir Diddeleng ze ënnersträichen. Ëmmerhi mécht d'Stad Diddeleng grouss Efforte vir d'Ëmsetzung vum staatleche Projet NeiSchmelz fir d'Schafe vun abordabelem Wunnraum aktiv ze ënnerstëtzen an zielt dobäi och op d'Ënnerstëtzung an d'Engagementer vum Staat vir d'Mobilitéitsoffer vir Diddeleng konsequent auszebauen an ze verbesseren.

*Fro 3 – Kann de Schäfferot dësen Szenario confirméieren?*
*Fro 4 – Wat sinn dem Schäfferot seng Iwwerleeungen dëser Entwécklung virzegräifen?*

Am Kader vun der progressiver Ëmsetzung vun de geplangte Mesurë kann et punktuell a phaseweis zu Erausfuerderunge kommen, déi eng enk Ofstëmmung tëscht allen Acteure souwéi e gewësse Mooss u Verständnis erfuerderen. All déi am Projet NeiSchmelz concernéiert Acteure setzen sech engagéiert dofir an, pragmatesch an nohalteg Léisungen auszeschaffen, fir déi méiglech Auswierkungen op de Verkéier an op den Alldag vun de Bierger esou wäit wéi méiglech ze limitéieren an eng sou fléissend wéi méiglech Verkéierssituatioun ze garantéieren.

An dësem Zesummenhang ass och op déi geplangten Ausweidung vum ëffentlechen Transport duerch entspriechend Busservicer am Quartier selwer hinzeweisen, sou-

wéi op déi gutt Vernetzung vun der doucer Mobilitéit, souwuel bannent dem Quartier wéi och a Relatioun zu den ugeschlossene stätteschen Infrastrukturen. De Schäfferot hëlt d'Suergen an d'Ureegungen, déi vun de Bierger bei der Informatiounsversammlung zu NeiSchmelz vum 17. November 2025 am Zesummenhang mat der Mobilitéitssituatioun zum Ausdrock bruecht goufen, ganz eescht a setzt sech weiderhi konsequent fir d'Stäerkung vun engem performanten ëffentlechen Transport souwéi fir eng kohärent a sécher Vernetzung vun der aktiver Mobilitéit an.

D'Entwécklung vum Gebitt NeiSchmelz setzt, am Beräich vum Urbanismus a vun der Mobilitéit, op dës modern an innovativ Prinzippie. Nieft engem performanten an attraktiven ëffentlechen Transport- a Verkéiersnetz fir déi aktiv Mobilitéit ass och den Ausbau vun zousätzlechen Infrastrukturen an ënnerschiddleche Funktiounen (Commercë, Verwaltungen, Kultur, Educatioun, asw.) virgesinn. Dëst entspriécht dem Prinzip vun der„15-Minutte-Stad", an där all wichteg Funktionalitéiten innerhalb vu 15 Minutte mat aktiver Mobilitéit erreechbar sinn an net muss op den Auto zeréckgegraff ginn. Zudeem ass de Site NeiSchmelz als „autoarme" Quartier konzipéiert, souwuel bei der Gestaltung vum ëffentleche Raum – wou déi aktiv Mobilitéit prioritär behandelt gëtt – wéi och am Bezuch op eng reduzéiert Stellplatzoffer a Kombinatioun mat Car-Sharing-Offeren.

Schliisslech ass och ze berécksiichtegen, datt sech d'Mobilitéitsverhale vun der Bevëlkerung an de kommende 10 bis 20 Joer weiderentwéckele wäert. Dozou huet d'Madame Ahmedova schonn am Joer 2022, zu déier Zäit Deputéiert, an der Chamber am Kader vun der Ofstëmmung iwwer d'Finanzéierungsgesetz n° 7927 betreffend déi staatlech finanziell Bedeelegung um Developpement vum Projet NeiSchmelz d'Mobilitéitskonzept vun dësem Projet ausdrécklech begréisst.

D'Madame Ahmedova huet deemools Follgendes festgehalen (Auszuch): "*Kuerz och nach zum Mobilitéitskonzept: Haaptzil vum Mobilitéitskonzept ass et, e Quartier ze schafen, wou mer am Fong de Gebrauch vum Auto oder souguer d'Presenz vum Auto an de Stroossen op e strikte Minimum reduzéieren. Fir dat Zil ze erreechen, hu mer hei natierlech eng gutt Ubannung un den ëffentlechen Transport. De Quartier läit och direkt un enger Zuchgare fir Richtung Beetebuerg a Stad Lëtzebuerg. Mir wäerten och e BHNS, de sougenannte „Bus à haut niveau de service", fir a Richtung Esch an Esch-Belval hunn an natierlech e gudde Reseau vu Vëlospisten, dat Ganzt gekoppelt un eng gutt Mëschung vu Fonctiounen a Servicer. Et ass och extra Wäert drop geluecht ginn, dem Foussgänger an dem Vëlosfuerer méi Sécherheet a méi Raum ze ginn. Mir hunn am Quartier en dicht Netz vu Foussgängerweeër, déi sech natierlech mat der Stad Diddeleng, awer och mat de Quartiere bis op Wuelmereng verknüpfen.*"

*Fro 5 – Gesäit de Schäfferot, zesumme mat der CFL an dem Mobilitéitsministere eng Informatiounsversammlung vir, fir de Bierger d'Entwécklungen zu den Direktzich, der Véirelstonnentaktung an der Chantiersphase wäerten duer ze leeën an op hier Suergen anzegoen?*

Zesumme mat de staatlechen Acteure verfollegt d'Staat Diddeleng ambitiéis Zieler déi allsäitegt Engagement erfuerderen an zu Verännerunge vun der Staat an dem Mobilitéitsverhale vun de Bierger féieren. Fir d'Ëmsetzung vun dësen Zieler mëttelst de verschiddene Projete wäerten – wéi schonn an de Joren 2023 an 2025 – reegelméisseg Informatiounsversammlunge mat de concernéierte staatleche Partner organiséiert ginn.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäff*innerot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch.

## 2. LOYERSKOMMISSIOUN

### Froë vun der Fraktioun „Déi Lénk" ronderëm d'Loyerskommissioun

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot,

De Logementsmarché zu Lëtzebuerg ass fir vill Familljen am Land déi gréisste finanziell Erausfuerderung. Virun allem d'Locataire gehéieren zu deene schwächsten um Marché. 30% vun de Locatairen am Land sinn dem Aarmutsrisiko ausgesat an dës Leit mussen an der Moyenne iwwer 35% vun hirem Revenu als Loyer bezuelen. Ville Leit ass net bewosst, dass et eng gesetzlech Limitte fir Loyer'e gëtt. Wann de Locataire mengt, säi Loyer wier ze héich, dann huet en d'Méiglechkeet, sech un d'Loyerskommissioun vun der Gemeng ze wenden. Dës Kommissioun kann tëschent dem Locataire an dem Proprietär conciliéieren an eng Propose fir e gerechtfäerdegte Loyer am Eenzelfall maachen.

An deem Kontext hu mer follgend Froen:

1. Wéi oft ass d'Loyerskommissioun säit de Gemengewalen am Juni 2023 saiséiert ginn?

2. Wéi eng Moyen'en ënnerhëlt de Schäfferot fir d'Awunner vun der Stad Diddeleng iwwer d'Méiglechkeet, d'Loyerskommissioun ze saiséieren, z'informéieren?

An Erwaardung op Är Äntwerte verbleiwen ech
mat beschte Gréiss,
Carole Thoma, Gemengeréitin déi Lénk

### *Äntwert vum Schäff*innerot*

Madame,
D'Fraktioun "déi Lénk" Diddeleng huet den 1. Dezember, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 5. Dezember 2025 a geméiss dem internen Uerdnungsreglement vum Gemengerot vun der Stad Diddeleng, dem Schäff*innerot Froen zoukomme gelooss zum Thema "Loyerskommissioun". Hei ënnendrënner fannt Dir d'Äntwerte vun eisem Schäff*innerot op Är Froen.

*Fro 1 – Wéi oft ass d'Loyerskommissioun säit de Gemengewahlen am Juni 2023 saiséiert ginn?*

Säit de leschte Gemengewalen, gouf d'Loyerskommissioun an zwee Fäll saiséiert. Dës 2 Dossierën konnten dann an 2 Kommissiounssitzunge, a Präsenz vu Proprietair a Locataire, zu engem positiven Ausgang bruecht ginn. Béid Parteien hunn, zesumme mat der Loyerskommissioun, sech all Kéiers op e Kompromëss gëeenegt, den och am Procès-verbal festgehale gouf. De Sekretär vun der Loyerskommissioun ass déi éischt Kontaktpersoun, souwuel fir de Proprietaire, wéi fir de Locataire.

De Sekretär vun der Kommissioun, gëtt, am éischte Kontakt mam Demandeur, duerch seng Expertise, déi néideg Explikatiounen a Rotschléi, a meeschtens kennt et duerno net zu enger offizieller Saisine vun der Kommissioun, well d'Affaire am Virfeld konnt gekläert ginn. Oft gëtt de Sekretär och just informell kontaktéiert, well de Proprietaire oder de Locataire déi eng oder aner Fro oder Onsécherheet huet. Säit 2023 gouf de Sekretär ongeféier 40 mol kontaktéiert. (Mail, Telefon oder perséinlech am Büro)

*Fro 2 – Wéi eng Moyen'en ënnerhëlt de Schäfferot fir d'Awunner vun der Stad Diddeleng iwwert d'Méiglechkeet, d'Loyerskommissioun ze saiséieren, z'informéieren?*

Eemol pro Joer publizéiert de Schäfferot eng Annonce am Bliedchen an um Internetsite. Des weideren sinn d'Gemengeservicer (Biergeramt, Office social, Service logement, Inter-Actions) doriwwer informéiert, dass Sie de Bierger bei d'Loyerscommissioun schécken, wann e Litige besteet.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäff*innerot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch

## 3. LANGUE UTILISÉE NOTAMMENT DANS LES RAPPORTS DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

### Questions du parti « Déi Lénk » relatives à la langue utilisée notamment dans les rapports des séances du conseil communal de la Ville de Dudelange

Monsieur le bourgmestre,
Madames et Messieurs les échevins,

Depuis 2023, tous les résidents majeurs d'une commune qui jouissent des droits civils et qui n'ont pas été déchus de leur droit de vote au Luxembourg ou dans leur pays d'origine, possèdent le droit de vote lors des élections communales, sans condition de résidence antérieure à l'inscription sur la liste électorale. La participation active ou passive aux élections communales nécessite une compréhension des enjeux politiques et des positions des différents partis se présentant lors de celles-ci. La langue véhiculaire lors des séances du conseil communal est le luxembourgeois. Or, un nombre important des citoyens dudelangeois n'a pas de connaissances approfondies dans la langue luxembourgeoise et a ainsi des difficultés à suivre des discussions compliquées dans cette langue. Le rapport du conseil communal qui est publié sur le site internet de la Ville, comprend toujours un rapport sommaire en français qui n'informe cependant pas sur les arguments et positions présentés par les différents partis politiques lors des délibérations.

Pour les résidents de notre ville qui aimeraient s'impliquer dans la vie politique, il existe e.a. la possibilité de participer aux commissions consultatives, en tant que représentant d'un parti politique ou en tant que membre-citoyen. Or, à part la commission du vivre ensemble interculturel, la langue véhiculaire dans toutes ces commissions est le luxembourgeois. Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes au collège des bourgmestre et échevins:
1. Le conseil des bourgmestre et échevins est-il conscient qu'une grande partie de la population de notre ville est exclue des discussions politiques menées au conseil communal à cause de leur nonmaîtrise de la langue luxembourgeoise?

2. Compte tenu des dernières évolutions en matière d'intelligence artificielle qui permet des traductions rapides et pas chères, le conseil des bourgmestre et échevins a-t-il considéré la possibilité de rendre plus accessibles les délibérations du conseil communal à l'aide d'une publication digitale d'une traduction du rapport analytique vers le français, voire un soutitrage des vidéos des séances communales en français?

3. Le conseil des bourgmestre et échevins estime-t-il acceptable que la maîtrise de la langue luxembourgeoise soit absolument nécessaire pour pouvoir participer en tant que membre aux commissions consultatives de la Ville de Dudelange, c'est-à-dire pour comprendre toutes les interventions et pouvoir également prendre part aux discussions?
Dans l'attente de votre réponse, veuillez agréer,
Monsieur le Bourgmestre, Mesdames et Messieurs les échevins, l'expression de notre parfaite considération.

Carole Thoma, Conseillère communale déi Lénk

***Réponse du collège des bourgmestre et échevin·es***

Madame,
Le parti « Déi Lénk » a remis le 1er décembre 2025 au collège des bourgmestre et échevin·es une série de questions relatives à la langue utilisée notamment dans les rapports des séances du conseil communal de la Ville de Dudelange. Vous trouverez ci-dessous les réponses du collège des bourgmestre et échevin·es à ces questions.

*Question 1 : Le conseil des bourgmestre et échevins est-il conscient qu'une grande partie de la population de notre ville est exclue des discussions politiques menées au conseil communal à cause de leur non-maîtrise de la langue luxembourgeoise ?*

Le collège des bourgmestre et échevin·es est conscient des défis liés à la diversité linguistique de la population de la Ville de Dudelange, laquelle se compose de résident·es issu·es de plus de cent nationalités. Cette diversité constitue la richesse de notre Ville, mais elle implique également des enjeux importants en matière d'accès à l'information et de

participation à la vie démocratique locale. Il convient d'emblée de préciser que la population de Dudelange se compose de 60 % de Luxembourgeois·es et de 40 % de non-Luxembourgeois·es. Il y a une partie de la population qui ne maîtrise pas, ou pas encore, la langue luxembourgeoise.

Il est toutefois constaté, notamment à travers l'intérêt soutenu pour les cours de langues proposés par la Ville, qu'une grande partie de la population souhaite activement acquérir les compétences linguistiques nécessaires dont luxembourgeoises afin de mieux comprendre et suivre la vie quotidienne, institutionnelle et sociale. Dans ce contexte, le collège des bourgmestre et échevin·es déploie des efforts continus et concrets en matière d'inclusion, tant par le soutien à l'apprentissage des langues et le café des langues, que par la mise à disposition d'informations communales sous des formes accessibles et adaptées.
À titre d'information, nous vous informons que, pour l'année 2025, la Ville a organisé 44 cours de langue luxembourgeoise, rassemblant 661 participant·es, ainsi que 13 Cafés des Langues, auxquels ont participé 445 personnes.

*Question 2 : Compte tenu des dernières évolutions en matière d'intelligence artificielle qui permet des traductions rapides et pas chères, le conseil des bourgmestre et échevins a-t-il considéré la possibilité de rendre plus accessibles les délibérations du conseil communal à l'aide d'une publication digitale d'une traduction du rapport analytique vers le français, voire un soutitrage des vidéos des séances communales en français ?*

Le collège des bourgmestre et échevin·es attache une grande importance à l'accessibilité et à la transparence des travaux du conseil communal. À cet égard, il convient de rappeler qu'un rapport succinct en langue française est déjà établi pour chaque séance du conseil communal et intégré à la publication de la retranscription des séances du conseil communal (Gemengeninfo). Ce document est également mis à disposition sur le site internet de la Ville ainsi que sur le portail de l'Administration transparente, dès qu'il est disponible. La possibilité d'élargir l'offre linguistique, notamment par la traduction du rapport succinct respectivement du rapport analytique vers d'autres langues, en recourant à l'intelligence artificielle, a été examinée. Toutefois, les traductions générées par ces outils nécessitent un contrôle approfondi, des adaptations et des corrections substantielles avant toute publication. Cette exigence est d'autant plus marquée lorsque la traduction est effectuée à partir du luxembourgeois, langue que récemment intégrée aux plateformes de traduction automatique et pour laquelle les modèles linguistiques restent limités et imparfaits.

En tant qu'autorité publique, la Ville de Dudelange est garante de la qualité, de l'exactitude et de la probité des informations communiquées à ses citoyen·nes. Dans ce contexte, le collège des bourgmestre et échevin·es estime qu'il n'est actuellement pas envisageable de publier des traductions, qu'il s'agisse de rapports écrits ou de sous-titrages de vidéos, directement issues de systèmes de traduction basés sur l'intelligence artificielle sans validation humaine approfondie. Le collège des bourgmestre et échevin·es continuera à suivre attentivement les évolutions technologiques dans ce domaine et à évaluer des solutions permettant d'améliorer l'accessibilité linguistique des travaux du conseil communal, dans le respect des exigences de qualité et de fiabilité de l'information publique.

*Question 3 : Le conseil des bourgmestre et échevins estime-t-il acceptable que la maîtrise de la langue luxembourgeoise soit absolument nécessaire pour pouvoir participer en tant que membre aux commissions consultatives de la Ville de Dudelange, c'est-à-dire pour comprendre toutes les interventions et pouvoir également prendre part aux discussions ?*

Le collège des bourgmestre et échevin·es est conscient de l'importance de l'inclusion et de la participation des citoyen·nes à la vie communale, notamment au sein des commissions consultatives de la Ville. Dans la pratique, le luxembourgeois constitue la langue de travail principale des commissions consultatives, au même titre que pour les séances du conseil communal. La maîtrise de la langue luxembourgeoise ne constitue toutefois pas une exigence en soi. Néanmoins, une connaissance essentielle de cette langue facilite la compréhension active des sujets abordés ainsi que la participation active aux échanges.

Aucun obstacle ne s'oppose à ce qu'un membre de la communauté ne parlant pas de manière fluide le luxembourgeois puisse siéger au sein d'une commission consultative. Il est par ailleurs veillé, au sein des différentes commissions, à ce que les sujets traités soient présentés de manière à être compris par l'ensemble des membres.

Le collège tient à souligner que ces considérations ne relèvent nullement d'une volonté d'exclusion, mais répondent à des impératifs pragmatiques liés au bon fonctionnement des commissions. L'organisation systématique de traductions orales directes ou d'interprétations en temps réel poserait, à l'heure actuelle, des contraintes importantes tant en termes de coûts que de ressources humaines que de garantie de qualité, en particulier lorsque les échanges se déroulent de manière spontanée et interactive.

Toutefois, comme déjà indiqué en ce qui concerne les traductions des rapports analytiques des délibérations du conseil communal, le collège des bourgmestre et échevin·es suit attentivement les évolutions techniques dans les domaines de la traduction simultanée automatisée et de l'intelligence artificielle, afin de pouvoir réagir en temps opportun et d'élargir, le cas échéant, les possibilités de participation et d'interaction des citoyen·nes ne parlant pas le luxembourgeois.

Veuillez agréer, Madame, l'expression de notre très haute considération.

Pour le collège des bourgmestre et échevin·es,
le bourgmestre, Dan Biancalana
le secrétaire communal, Patrick Bausch.

## 4. MARCHÉS PUBLICS

### Froë vun der Fraktioun „Déi Lénk“ ronderëm d'Marchés publics

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot,

An der Gemengerotssëtzung vum 24. November 2025 stoung ënner anerem de Punkt “Approbation du devis estimatif relatif à la construction de logements abordables situés 51, route de Luxembourg” um Ordre du jour. Laut dësem Devis sollen d’Honoraire fir den Architektebüro sech op 100.000€ belafen. Laut Gesetz zu de marchés publics an aktuellem Règlement grand-ducal kënnen ëffentlech marchés “de travaux, de fournitures et de services” bis zu engem Seuil vun 79.000€ duerch eng “procédure négociée” oder eng “procédure restreinte sans publication d’avis” ouni weider Konditioune vergi ginn. Wann d’Valeur vum Marché iwwer dësem Seuil läit, wéi am Fall vum betreffende Projet, da musse mindestens 3 Offeren ugefrot ginn. Op meng Nofro hin, huet de Buergermeeschter erkläert, de Schäfferot wier “de klassesche Wee” gaangen an hätt de Marché fräi un en Architektebüro verginn, ouni weider Offeren unzefroen.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen:

1. Kann de Schäfferot eis confirméieren, dass en d’Architektemissioun fir de Projet op 51, route de Luxembourg un e Büro verginn huet, ouni aner Offeren ze froen an obwuel den Devis iwwer dem legale Seuil loung, an domat géint d’Gesetz vun de Marchés publics verstouss huet?

2. Wann dëst Virgoen als “de klassesche Wee” bezeechent gëtt, kënne mer dovun ausgoen, dass dat scho méi oft virkomm ass, an net just bei dem uewe genannte Projet?

3. Bei follgende Projet’en loungen d’Honoraire laut Devis och iwwer dem uewe genannte seuil légal, deen iwwregens bis Juni 2024 bei nëmme 60.000€ loung. Kann de- Schäfferot konfirméieren, ob bei dëse Projet’en “de klassesche Wee” gaange gouf oder wéi d’Prozedur ofgelaf ass, fir dem Architekt / Bureau d’études de Projet ze verginn?

a. Crèche a Bëlleg: Devis APD 25.06.2025: “Honoraires bureau d’études: 217.100€

b. Rue du Commerce: Devis 27.06.2018: “Honoraires Architecte: 121.012€

4. Bei follgende Projet’e krut de Gemengerot keen détailléierten Devis, aus deem déi eenzel Honorairen ervirgaange wieren. Kann de Schäfferot eis fir dës Projet’en jeweils soen, wéi héich déi geschaten Honoraire fir den Haaptmandataire Architekt /Bureau d’études woaren, a wéi de Projet vergi gouf?

a. Tribunes Nosbaum: Devis 28.01.2025: “Honoraires bureaux d’études: 187.320€

b. Eecherdall: Devis présenté en Commission PAL: “Honorare Paket: 210.000€

c. Rue Nic Bodry: Devis 05.02.2021 + Devis remanié 24.01.2024 ouni Angab Honoraires

An Erwaardung op Är Äntwerte verbleiwen ech
mat beschte Gréiss,
Carole Thoma, Gemengeréitin déi Lénk

### *Äntwert vum Schäff*innerot*

Madame Thoma,

D’Fraktioun Déi Lénk Diddeleng huet de 1. Dezember 2025, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 5. Dezember 2025 dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss zum Thema “marchés publics”. Wéi an der Gemengerotssitzung vum Buergermeeschter ugekënnegt, huet eise Schäfferot decidéiert, am Aklang mam Gemengegesetz, schrëftlech op dës Ufroe Stellung ze huelen. D’Vergabepraxis ass e wichtegt Thema an dofir hält de Schäfferot och drop d’Fakten an de richtege Kontext ze setzen. Nofollgend fannt Där dann d’Äntwerte vun eisem Schäfferot op Är Froen.

*Fro 1 – Kann de Schäfferot eis confirméieren, dass en d’Architektemissioun fir de Projet op 51, route de Luxembourg un e Büro verginn huet, ouni aner Offeren ze froen an obwuel den Devis iwwer dem legale Seuil loung, an domat géint d’Gesetz vun de Marchés publics verstouss huet?*
De Schäfferot bestätegt, datt d’Architektemissioun fir de Projet direkt un de Büro vergi gouf, a verweist an dësem Zesummenhang op déi weider Erläuterungen, déi an dësem Bréif geliwwert ginn.

*Fro 2 – Wann dëst Virgoen als “de klassesche Wee” bezeechent gëtt, kënne mer dovun ausgoen, dass dat scho méi oft virkomm ass, an net just bei dem uewe genannte Projet?* Des Virgoensweis war effektiv net onüblech am Land an de Schäfferot verweist an dësem Zesummenhang op déi weider Erklärungen, déi an dësem Bréif geliwwert ginn.

*Fro 3 – Bei follgende Projet’en loungen d’Honoraire laut Devis och iwwer dem uewe genannte seuil légal, deen iwwregens bis Juni 2024 bei nëmme 60.000 € loung. Kann de Schäfferot konfirméieren, ob bei dëse Projet’en “de klassesche Wee” gaange gouf oder wéi d’Prozedur ofgelaf ass, fir dem Architekt / Bureau d’études de Projet ze verginn?*

a. Crèche a Bëlleg: Devis APD 25.06.2025: “Honoraires bureau d’études: 217.100€”
An dësem konkrete Fall gouf den Architekt ausgewielt, well dësen als Auteur vum PAP schonn all wichteg Virkenntnesser zum Projet an zum Programm hat an domat eng kompetent Approche an Ëmsetzung vum Programm vun der Stad garantéiere konnt.

b. Rue du Commerce: Devis 27.06.2018: “Honoraires Architecte: 121.012€”
Bei dësem Projet gouf den Architekt ausgewielt, opgrond vun Recommandatiounen vun INPA, vu datt et sech em en national geschützten Gebai handelt. Esou konnt eng fach-

lech fundéiert Approche an eng effiziente Realiséierung vun der Stad garantéiert ginn.

*Fro 4 – Bei follgende Projet'e krut de Gemengerot keen détailléierten Devis, aus deem déi eenzel Honorairen ervirgaange wieren. Kann de Schäfferot eis fir dës Projet'en jeeweils soen, wéi héich déi geschaten Honoraire fir den Haaptmandataire Architekt /Bureau d'études woaren, a wéi de Projet vergi gouf?*

a. Tribunes Nosbaum: Devis 28.01.2025: "Honoraires bureaux d'études: 187.320€"
Bei dëser Zomm handelt et sech ëm de Gesamtmontant vun den Honorairë vun allen involvéierte Planer. Nëmmen d'Honorairë vum Ingenieur Statik – Büro INCA leie liicht iwwer dem gesetzleche Seuil (ronn 120'000,- €). Den Ingenieur Haustechnik - Büro RMC an den Architektenbüro - OBLIK leien also jeeweils ënnert dem Seuil.

b. Eecherdall: Devis présenté en Commission PAL: "Honorare Paket: 210.000€"
D'Honorairë pro Missioun (Architektur, Haustechnik, Statik an Energieberodung) leie jeeweils ënnert dem gesetzleche Seuil. De betreffenden Devis ass nach net vum Gemengerot gestëmmt ginn. An dësem Kader wäerten déi jeeweileg Montanten dann nach emol eenzel a transparent opgefouert ginn.

c. Rue Nic Bodry: Devis 05.02.2021 + Devis remanié 24.01.2024 ouni Angab Honoraires
Heizou ass unzemierken, datt an dësem Fall net vun engem Iwwerschreiden vun de gesetzleche Seuilen auszegoen ass, well et sech ëm eng vente en état futur d'achèvement (VEFA) handelt, bei där d'Architektemissioun en integralen Deel vum VEFA-Vertrag ausmécht.

Generell Considératiounen: Virop ass ze bemierken, dass, fir Planerhonorairen, sief et Architekten- oder Ingenieurshonorairen, eng gängeg Praxis befollegt gouf, déi zënter Joren zu Lëtzebuerg applizéiert gëtt. Dës Praxis bezitt sech ausschliisslech op d'Honorairë vun den Architekten an den Ingenieuren. Fir all Aarbechten am Héich oder Déifbau, Fournituren oder Prestatioune gëtt systematesch en Appel à candidatures gemaach, esou wéi d'Legislatioun dëse virgesäit. Dës Marcheeën ënnerleien der Kontroll vum Innenminister, deen all Mount Prouwe vun deenen Dossiere viirhëllt. Wärend de leschte Joren huet d'Stad Diddeleng, wéi och vill aner Gemengen am Land, eng gängeg an etabléiert Praxis applizéiert fir d'Missioune fir Architekten a Bureaux d'études z'attribuéieren.

Dobäi huet d'Stad Diddeleng sech um OAI-Barème, als fachlecht Orientéierungsinstrument fir Honorairë vun Architekten an Ingenieuren, orientéiert. Et war déi allgemeng Approche, dass d'Zeréckgräifen op den OAI-Barème fir d'Honorairen ze bezuelen, d'Ausnam vum Artikel 20, j) vum Marchésgesetz géif justifiéieren. Dësen Artikel gesäit vir, dass e Pouvoir adjudicataire e Marché négocié kann ofschléissen am Fall wou et sech ëm Aarbechten, Fournituren oder Déngschter handelt, bei deenen d'Präisser net dem normale Konkurrenzspill ausgesat sinn, oder wann et Déngschter sinn, déi no engem offizielle Barème bezuelt ginn.

Den OAI-Barème huet also als relevant Referenz gedéngt fir d'Honorairen no professionellen an equitabele Standarde festzeleeën an ze garantéieren. Och gouf bis elo ëmmer op eng grouss Diversitéit vu Planerbureauë zeréckgegraff, fir Transparenz a Qualitéit ze bedreiwen. Dës Praxis war net aussergewéinlech, mee entsprécht deem, wat laang Zäit an de meeschte Gemengen als zoulässeg a pragmatesch ugesi gouf an et ass ze ënnersträichen, dass d'Stad mat kengem Architekten- oder Ingenieursbüro eng privilegéiert Relatioun ënnerhält. Dës Virgoensweis huet et och bis elo ëmmer erméiglecht fir zousätzlech Käschten an Delaien z'evitéieren, déi e Virschalte vun enger étude de faisabilite an enger Ausschreiwung bedeit hätten. Et goufen deemno Bureaue vu verschiddene Gréissten, mat ënnerschiddleche Referenzen a Spezialkompetenze beoptraagt.

Effektiv gesäit den Artikel 20 vum Marchésgesetz och nach eng ganz Partie vun Ausname vir, ënner wéi enge Conditioune op eng Procédure restreinte sans publication d'avis oder op eng Procédure négociée kann zeréckgegraff ginn. Ausname sinn do net nëmmen d'Envergure, also de Präis vun der Prestatioun, mee och technesch, artistesch, wëssenschaftlech oder exklusiv Grënn, déi bedéngen, dass nëmmen ee bestëmmten Operateur d'Aarbechte maache kann. Kee Büro ass ëfters fir e Projet ausgewielt ginn ausser da wann d'Kompetenze vum Bureau et technesch absolut justifizéiert hunn. Fir komplex Projete gouf esouguer déi komplizéiert Prozedur vum "Dialogue compétitif" applizéiert (z. B. Centre sportif René Hartmann, Schoul Lenkeschléi). Bei neie Projete wéi dem Déierenasyl, dem administrative Gebai fir de GMP, dem neie Schoulkomplex Baltzing, de logements abordables, an de Missiounen Nosbaum/ Deich goufen erëm aner Büroen agebonnen, passend zu deenen hire Spezialisatioune respektiv hirer Erfarung an änleche Projeten.

Dëst weist, dass d'Stad Diddeleng keng monopoliséiert Bezéiungen huet, mee op eng breet an differenzéiert Pallette vu Kompetenzen zeréckgräife kann. De Schäfferot huet desbezüglech d'Positioun vum Ordre des Architectes et Ingénieurs nogefrot a sech mat sengem Hausaffekot, dem Me Steve Helminger concertéiert. Well d'Reglementatioun haut méi strikt interpretéiert gëtt, engagéiert de Schäfferot sech fir eng proaktiv Evolutioun vu senger bis dato gängeger Praxis. Dat bedeit konkret dass fir all Projet, fir deen d'Planerhonorairen iwwert dem gesetzleche Seuil leien, des Prestatioune systematesch duerch en Appel d'offres attribuéiert gi fir esou eng Mise en concurrence ze garantéieren. Dëst bedeit awer och, dass et net méi zu enger systematescher Uwendung vum OAI-Barème wäert kommen, well d'Reegele vun der Konkurrenz dat verhënneren.

Et ass festzehalen, datt verschidde lafend Projeten – notamment d'Buvette an de Gymnase um Deich, d'Logements abordables an der rue de la Fontaine, ënnerteneen kohärent Infrastrukturprojeten asw. – sech schonn an engem wäit fortgeschrattene Stadium vun der Planung befannen. An dëse konkrete Fäll wier et zum aktuellen Zäitpunkt net opportun, eng nei Mise en concurrence anzeschalten, well dëst géif implizéieren d'Projeten op e fréiere Stadium zeréckzesetzen. Eng esou Virgoensweis géing bedeitend Verspéidungen, zousätzlech Käschten an eng erhéicht On-

sécherheet am weidere Projetverlaf mat sech bréngen.
Eng Appel à candidatures bedeit awer och dass am Virfeld zu der Attributioun vun de Planerleeschtungen schonns Viiranalyse musse gemaach gi vun engem externe Bureau, mat der Finalitéit eng Etude de faisabilité an e Cahier des charges z'erstelle, fir et de Planerbureauen ze erméiglechen ze kandidéieren. Et falen also zousätzlech Käschten an Delaien un. Och ass et duerno net einfach fir ze entscheeden op den Auteur vun der Etude de faisabilité och zoulässeg ass fir eng Offer ofzegi fir d'Planerleeschtungen z'iwwerhuelen.

D'Opstelle vun engem Appel à candidatures ass deemno schonns ugelaf fir déi zwee méi rezent gréisser Projeten: d'Maison relais Boudersberg an déi nei Schoul NeiSchmelz. Dat ass eng kloer a transparent Transitioun vun enger fréierer Praxis, déi am Gemengesecteur Usus war zu enger strikter Uwendung vun de Marchés publics Gesetzgebung. D'Stad huet ëmmer a gudder Absicht gehandelt, am gudden Glawen d'Gesetzer ze respektéieren, mat enger bewosster Diversitéit u Bureauen a ganz ouni Favoritismus. D'Praktiken hunn sech iwwer d'Joren entwéckelt, an d'Reglementatioun gëtt haut méi strikt interpretéiert. D'Stad Diddeleng ass aktiv am gaang seng Praxis unzepassen, fir a Géigewaart an an Zukunft d'Planerleeschtungen vun de Projete, déi net enger legaler Ausnam ënnerleien, a Konkurrenz ze setzen.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäff*innerot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch

## 5. CENTRE DES JEUNES SITE NEISCHMELZ

**Questions du parti LSAP relatives à l'implantation et l'avenir d'un Centre des Jeunes dans le cadre du projet NeiSchmelz.**

Monsieur le Bourgmestre, Mesdames et Messieurs les Échevins, Le 17 novembre dernier s'est tenue une séance d'information relative au développement du nouveau quartier NeiSchmelz. Lors de cette présentation, une implantation possible d'un centre des jeunes / maison des jeunes a été évoquée dans les plans prévisionnels. Ensemble avec les membres de la Commission consultative de la jeunesse, qui travaille en étroite collaboration avec la Maison des Jeunes actuelle, nous avons effectué une visite dans les locaux situés rue du Parc. Il ressort clairement de cette visite – ainsi que du rapport de la Commission du 24 juin 2025 – que l'infrastructure existante ne répond plus aux besoins actuels.

L'augmentation constante de la fréquentation place la Maison des Jeunes à la limite de ses capacités ; les espaces ne sont plus adaptés aux activités proposées ni aux exigences pédagogiques modernes. À cela s'ajoute le fait que plusieurs éléments du bâtiment ne correspondent plus aux normes de sécurité actuelles, comme confirmé par le personnel éducatif et encadrant. Dans ce contexte, et afin de pouvoir anticiper les besoins de la jeunesse dudelangeoise pour les années à venir, je me permets de poser les questions suivantes au Collège :

1. Un Centre des Jeunes est-il effectivement prévu dans le futur quartier NeiSchmelz et, le cas échéant, cette implantation est-elle confirmée dans la planification actuelle ?

2. Dispose-t-on d'un horizon temporel pour l'ouverture d'un tel centre ?

3. Quels types de services, d'activités ou d'accompagnements sont envisagés dans le cadre de ce futur centre ?

4. La Maison des Jeunes actuelle est-elle appelée à être maintenue en tant qu'antenne complémentaire après l'ouverture du Centre à NeiSchmelz, ou existe-t-il d'ores et déjà des projets de réaffectation ?

5. Étant donné que le futur centre ne sera vraisemblablement opérationnel que dans un délai estimé de cinq à dix ans, la Ville envisage-t-elle une solution intermédiaire permettant de répondre aux besoins actuels, par exemple à travers un déménagement vers des locaux plus adaptés, une extension de l'infrastructure existante ou la mise à disposition de nouveaux espaces provisoires ?

6. Si aucune solution transitoire n'est envisagée, est-il prévu de procéder à une mise en conformité du bâtiment actuel afin d'assurer un encadrement sécurisé et adéquat dans les prochaines années ?

Je remercie le Collège pour l'attention qu'il portera à ces questions et reste naturellement à disposition pour tout échange complémentaire, notamment dans le cadre des travaux de la Commission consultative de la jeunesse.

Je vous prie d'agréer, Monsieur le Bourgmestre, Mesdames et Messieurs les Échevins, l'expression de ma très haute considération.
Diogo Costa, conseiller communal

***Réponse du collège des bourgmestre et échevin·es***

Monsieur, le parti « LSAP » a remis le 26 novembre 2025 au collège des bourgmestre et échevins une série de questions concernant l'implantation et l'avenir d'un Centre des Jeunes dans le cadre du projet NeiSchmelz. Vous trouverez ci-dessous les réponses du collège des bourgmestre et échevins à ces questions.

*Question 1 – Un Centre des Jeunes est-il effectivement prévu dans le futur quartier NeiSchmelz et, le cas échéant, cette implantation est-elle confirmée dans la planification actuelle ?*

Un Centre des Jeunes est effectivement prévu dans le futur quartier NeiSchmelz. Cette implantation est confirmée dans la planification actuelle du projet et fait partie intégrante des équipements collectifs envisagés pour ce nouveau quartier.

*Question 2 – Dispose-t-on d'un horizon temporel pour l'ouverture d'un tel centre ?*

À l'heure actuelle, aucun horizon temporel précis ne peut encore être arrêté pour l'ouverture de ce Centre des Jeunes. Néanmoins, au vu de l'état d'avancement de la planification et du développement du quartier NeiSchmelz, il est estimé que ce centre pourrait ouvrir ses portes dans un délai indicatif de cinq à sept ans.

*Question 3 – Quels types de services, d'activités ou d'accompagnements sont envisagés dans le cadre de ce futur centre ?*

À ce stade, aucun concept global et définitif n'a encore été arrêté pour le futur Centre des Jeunes. Toutefois, plusieurs premières pistes de réflexion sont actuellement envisagées. Celles-ci envisagent notamment la création de plusieurs salles dédiées à des workshops et activités participatives, une salle multifonctionnelle, une bibliothèque ainsi que des logements destinés aux jeunes. Il est par ailleurs envisagé que le centre et/ou les logements pour jeunes puissent être intégrés soit dans un immeuble existant classé, soit dans une nouvelle construction, en fonction des choix retenus dans les prochaines phases de planification.

*Question 4 – La Maison des Jeunes actuelle est-elle appelée à être maintenue en tant qu'antenne complémentaire après l'ouverture du Centre à NeiSchmelz, ou existe-t-il d'ores et déjà des projets de réaffectation ?*

La Maison des Jeunes actuelle restera en place et continuera à jouer un rôle important dans le centre-ville, à proximité du Lycée Nic Biever. Il n'existe actuellement aucun projet de réaffectation du bâtiment.

*Question 5 – Étant donné que le futur centre ne sera vraisemblablement opérationnel que dans un délai estimé de cinq à dix ans, la Ville envisage-t-elle une solution intermédiaire permettant de répondre aux besoins actuels, par exemple à travers un déménagement vers des locaux plus adaptés, une extension de l'infrastructure existante ou la mise à disposition de nouveaux espaces provisoires ?*

Pour l'année 2026, une étude est prévue afin d'analyser une possible extension ainsi que la mise en conformité du bâtiment existant situé rue du Parc. Cette étude examinera en outre les besoins du futur centre destiné au quartier NeiSchmelz. À cet effet, l'article budgétaire 4/253/211000/260024 « Centres de rencontre pour jeunes – Frais d'études et frais de recherche et de développement – Maison des Jeunes : extension et mise en conformité – Études », inscrit au budget communal des dépenses extraordinaires pour l'exercice 2026, tel qu'approuvé par le conseil communal en date du 12 décembre 2025, prévoit un crédit de 75'000,- € pour la réalisation de cette étude.

*Question 6 – Si aucune solution transitoire n'est envisagée, est-il prévu de procéder à une mise en conformité du bâtiment actuel afin d'assurer un encadrement sécurisé et adéquat dans les prochaines années ?*

Comme indiqué en réponse à la question précédente, une mise en conformité du bâtiment actuel est bien prévue. Celle-ci sera examinée dans le cadre de l'étude programmée, laquelle portera donc également sur une éventuelle extension, afin de garantir un encadrement sécurisé et adéquat pour les prochaines années.

Veuillez agréer, Monsieur, l'expression de notre très haute considération.

Pour le collège des bourgmestre et échevin·es,
le bourgmestre, Dan Biancalana
le secrétaire communal, Patrick Bausch.

# hoplr

## Le réseau social de voisinage de la Ville de Dudelange

Das soziale Netzwerk der Stadt Düdelingen
für Ihre Nachbarschaft




**Inscription**
Anmeldung

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

Inter-Actions
Développement & Action Sociale